# INFO BLAT

09 20

Den analytesche Bericht vun der Stad Déifferdeng



GEMENGEROTSSËTZUNG
VUM 9. DEZEMBER 2020

Actualités Contactez-nous DIFFMAG Emploi Events Photos Reider Revue de presse Urbanisme Vidéos FR / EN / DE

Ville de Differdange

Differdange et vous Démarches Services communaux Vie politique

Maint. 14°

ATTENTION Coronavirus: Veuillez faire vos démarches administratives en ligne ou par téléphone. Déplacements à la commune UNIQUEMENT SUR RENDEZ-VOUS. Fermer ×

# Conseil communal du 28 avril 2021

ACCUEIL > VIE POLITIQUE > INFORMATIOUNSBLAT > CONSEIL COMMUNAL DU 28 AVRIL 2021

### Conseillers présents

| | | |
|---|---|---|
| Christiane Brassel-Rausch (bourgmestre, déi gréng) | Fred Bertinelli (LSAP) | Ali Ruckert (KPL) |
| Tom Ulveling (1er échevin, CSV) | Paulo De Sousa (déi gréng) | Christiane Saeul (DP) |
| Paulo Aguiar (échevin, déi gréng) | Jerry Hartung (CSV) | Fränz Schwachtgen (déi gréng) |
| Robert Mangen (échevin, CSV) | Pierre Hobscheit (LSAP) | Guy Tempels (CSV) |
| Laura Pregno (échevine, déi gréng) | Georges Liesch (déi gréng) | Eric Weirich (déi Lénk) |
| Guy Altmeisch (LSAP) | Fränz Meisch (DP) | Nicole Wohl (déi gréng) |
| | Erny Muller (LSAP) | |

**L'AUDIO DES SÉANCES DU CONSEIL COMMUNAL EST DISPONIBLE SUR WWW.DIFFERDANGE.LU.**

INFO BLAT 09.20


COMPTE-RENDU DU 9 DÉCEMBRE 2020

3-85

RÉPERTORIAGE ARBRES

86



**ÉDITEUR** Administration communale de la Ville de Differdange, B.P. 12, L-4501 Differdange
Tél.: 58 77 1-01 | F. 58 77 1-1210 | www.differdange.lu | mail@differdange.lu

**RÉALISATION** Service média et communication

**IMPRIMEUR** Imprimerie Heintz, Pétange

**TIRAGE** 10 200 exemplaires

**© PHOTOS** Couverture: Nathalie Flenghi

**INFOBLAT** imprimé sur du papier 100 % recyclé
**L'INFOBLAT** est distribué gratuitement à tous les ménages de la commune de Differdange.

**ÉDITION 09/2020,** ISSN: 1561-7262, titre clé: Informatiounsblat

**F** Ville de Differdange

# SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL DU MERCREDI 9 DÉCEMBRE 2020

## CONSEILLERS PRÉSENTS

Christiane Brassel-Rausch, bourgmestre (déi gréng)
Tom Ulveling, 1er échevin (CSV)
Paulo Aguiar, échevin (déi gréng)
Robert Mangen, échevin (CSV)
Laura Pregno, échevine (déi gréng),
Guy Altmeisch (LSAP)
Fred Bertinelli (LSAP)
Paulo De Sousa (déi gréng)
Gary Diderich (déi Lénk)
Jerry Hartung (CSV)
Pierre Hobscheit (LSAP)
Georges Liesch (déi gréng)
François Meisch (DP)
Erny Muller (LSAP)
Ali Ruckert (KPL)
Christiane Saeul (DP)
Guy Tempels (CSV)
Nicole Wohl (déi gréng)

**Absents/excusés:** Frenz Schwachtgen (déi gréng)

## ORDRE DU JOUR

### SÉANCE PUBLIQUE

1. **Communications du collège des bourgmestre et échevins.**
2. **Finances communales : budget rectifié 2020 et budget initial 2021 – prises de position des groupements politiques et des conseillers communaux – réponses du collège échevinal – vote.**
3. **Projets communaux – devis à l'appui du document budgétaire :**
   a. 1535° Creative Hub bâtiment A : travaux d'aménagement coworking et isolation de la toiture – devis, article budgétaire 4/493/221311/19052.
   b. Réaménagement de la cour, reprofilage et aménagement d'une aire de jeux à l'école Prince-Henri à Oberkorn – devis, article budgétaire 4/910/221311/20016.
4. **Actes et conventions :**
   a. Convention conclue entre l'Association Luxembourg Alzheimer ASBL et 25 communes luxembourgeoise ;
   b. Premier avenant à la convention entre les communes de Pétange et Differdange et l'ASBL Minett Park Fond-de Gras.
5. **Personnel communal :**
   a. Adaptations au niveau de l'organigramme ;
   b. Nouveau règlement interne relatif à l'horaire mobile, au compte épargne-temps et aux congés.
6. **Règlements communaux :**
   a. Règlement des taxes, tarifs et prix : adaptation au chapitre G-1 avec l'introduction d'une vignette pour étudiants ;
   b. Modification du règlement de circulation ;
   c. Nouveau règlement sur les terrasses installées sur la voie publique et charte de bonne conduite pour une telle exploitation ;
   d. Relevé des nuits blanches officielles pour l'année 2021 ;
   e. Règlements temporaires de circulation.
7. **Dénominations de rues et d'arrêts de bus.**
8. **Changements au sein des commissions consultatives.**

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *ouvre la séance et excuse monsieur Schwachtgen. Celui-ci a donné procuration à madame Wohl pour voter à sa place. Madame Wohl vient d'écrire qu'elle est en retard.*
*Monsieur Liesch participe à la séance par vidéoconférence.*
*Monsieur Diderich a introduit une question concernant le terrain de Saulnes. À la fin de la séance, le collège échevinal reviendra aussi sur les questions que monsieur Diderich a posées la dernière fois.*
*Après la séance, monsieur Diderich prendra la parole pour une déclaration.*
*Christiane Brassel-Rausch demande si le conseil communal est d'accord pour retirer le point 6a de l'ordre du jour. Il concerne l'introduction d'une vignette pour étudiants.*
*La bourgmestre annule le diner du conseil communal de ce soir.*
*Le collège échevinal a pris la décision de ne pas demander de loyer aux locataires de l'Horesca en décembre. Les conseillers communaux ont été informés des répercussions sur le budget.*
*Le nombre de cas isolés de coronavirus dans les classes scolaires sont passés à 9 au Fousbann, à 10 à Niederkorn, à 7 à Oberkorn, à 5 au Woiwer et à 13 à Differdange.*
*Pour ce qui est des classes avec deux cas, elles sont au nombre de six au Fousbann, de quatre à Niederkorn, de trois à Oberkorn, de trois au Woiwer et d'une à Differdange. En tout, les écoles de la commune comptent 78 cas au 7 décembre.*
*En ce qui concerne les maisons relais, huit adultes supplémentaires sont tombés malades au 6 décembre. Sept enfants ont également le coronavirus. Toutefois, les chiffres relatifs aux enfants malades dans les maisons relais sont moins précis, car le traçage est effectué par les écoles. Il peut donc arriver qu'un enfant soit comptabilisé deux fois.*

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Schéine gudde Moien, Dir Dammen an Dir Hären, fir eise Gemengerot vun haut vum 9. Dezember. Fir d'éischt wëll ech den Här Frenz Schwachtgen entschëllegen, deen net un dëser Seance deelhuele kann an deen der Madamm Nicole Wohl d'Procuratioun ginn huet. Si huet geschriwwen, dass se ënnerwee ass. Si muss all Moment ukommen.

Wéi Der gesitt ass den Här Georges Liesch iwwer Videokonferenz bäigeschalt. Et si Froen erakomm vum Här Gary Diderich betreffend eisen Terrain zu Zounen, déi mer dann um Schluss vun der Séance publique géife beäntwerten. Dee Moment géife mer dann och op déi Froen zréckkommen, déi den Här Diderich d'leschte Kéier am Gemengerot gestallt hat. Eng vun deene Froen hutt Der jo scho per Mail beäntwert kritt.

Ech wollt froen, ob elo nach Froe sinn. Dat ass net de Fall.

No der Froestellung um Schluss vun der Séance publique géif ech dem Här Diderich d'Wuert gi fir eng Matdeelung. An da wollt ech Iech froen, ob Der d'accord sidd, de Punkt 6a, d'Aféiere vun enger Vignette fir Studenten, vum Ordre du jour ze huelen. Wann ech ëm e Vott däerf bieden. Sidd Der averstanen?

Da soen ech Iech villmools Merci.

Leider muss ech eist gemeinsaamt Iesse fir den Owend ofsoen. Dat hätt ech dann elo domadder ganz offiziell gemaach. Mir kucken, wéini dass mer d'Geleeënheet kréien, et nozehuelen. Ech huele jo un, dass et keng Iwwerraschung fir Iech ass. Domadder hätt ech den Iwwergang zu der Horesca gemaach, wou ech Iech ka matdeelen, dass mer eise Locatairen, dräi Stéck un der Zuel, de Loyer elo mol fir den Dezember nogelooss hunn. Si brauchen den Dezember net ze bezuelen. Dat huet direkt Repercussiounen op eise Budget. D'Ännerungen hutt Der geschéckt kritt. An haut de Moien ass den Tableau récapitulatif définitif komm, wéi sech de Budget ännert, dee mer da wäerte beschwätzen.

Da kommen ech, wéi üblech, zu den Zenarien an de Schoulen. Dat geet bis de 7. Dezember. Am Zenario I, dat heescht een isoléierte Fall an der Klass, hate mer de leschte Gemengerot siwe Fäll. Déi sinn um Fousbann op néng eropgaangen. Zu Nidderkuer si se vun néng Fäll op zéng eropgaangen. Zu Uewerkuer vun zwee Fäll op siwen. Um Woiwer vu fënnef Fäll op zwielef. An am Zentrum vun dräi Fäll op 13. D'leschte Kéier waren et der am Ganze 26. Elo sinn et der 51 am Zenario I.

Am Zenario II, dat heescht wou zwee Fäll an der Klass sinn, ouni awer direkten ersiichtlechen Zesummenhang, hate mer, Stand leschte Conseil, véier um Fousbann. Déi sinn op sechs eropgaangen. Een zu Nidderkuer. Déi sinn op véier eropgaangen. Dräi zu Uewerkuer. Déi si bliwwen op dräi. Véier um Woiwer. Déi sinn op dräi erofgaangen. Zentrum hat keen an huet elo ee Fall. Dat heescht, do ass d'Zuel vun zwielef op 17 eropgaangen.

Déi lescht Zuelen, déi ech Iech matgedeelt hat, dat ware 25 Fäll am November. Dat war jo awer nach net dee ganze Mount. Do sinn der 14 derbäikomm. Dat heescht, am November waren et am Ganzen 39 Fäll. Am Dezember sinn et der bis elo aacht. Dat heescht, mir si vu 56 Fäll op 78 Fäll eropgaangen. Stéchdatum 7. Dezember.

Dat ass alles, wat ech Iech zu de Schoule soe kann.

Bei de Maison-relaisen, Stand 6.12., sinn aacht Fäll zu virdru bäikomm, wat erwuesse Leit ubelaangt. Dat si 16 Leit. Bei de Kanner sinn dräi dobäikomm. Dat ass en Total vu siwe Kanner, Stand 6.12. Mee bei de Kanner ass et ëmmer méi schwiereg, dat genau an der Maison relais ze soen, well den Haapttracing vun der Schoul gemaach gëtt. Dat heescht, dat kënnen déi nämmlecht Kanner sinn, déi och schonn an der Schoul matgezielt gi sinn.

An da bleift mer just nach ze erwänen, dass mer selwer iwwerrascht ware vun där iwwerwältegender positiver Reaktioun vun de Kanner a vun den Elteren, dass de Kleeschen dës Kéier d'Post beoptraagt hat, him ze hëllefen. Well e jo net konnt op d'Maartplaz komme fir déi Kleng bis dräi Joer. De Kleeschen hat d'Post gefrot, an déi sinn do

ukomm. An d'Freed an de Merci ware ganz grouss. Soudass mir eis mat de Kanner freeën.

Dat ass alles, wat ech vu Kommunikatioune matzedeelen hunn. Ech géif d'Wuert weiderginn un den Här Ulveling.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Eng ganz kuerz Kommunikatioun. Just fir Iech ze soen, vu dass mer jo d'leschte Kéier geschwat hate vun deene risege Megaprojeten, déi mer musse schélleren, vun 140 Milliounen. Dass mer amgaang sinn, déi Projeten alleguerten nach eng Kéier duerchzekucken, fir ze kucken, ob mer net vläicht dat eent oder dat anert kéinten aspueren. Fir déi Zomm vläicht dann in fine erofsetzen ze kënnen. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Gëtt et nach eng Kommunikatioun? Wann net, da komme mer direkt zum zweete Punkt: Finances communales. De Budget rectifié 2020 an initial 2021.

Ech hunn Iech gefrot – well mer jo alleguerten net esou gären hei sëtzen –, dass mer d'Zäiten anhalen, wann Der averstane sidd? Déi Leit, déi 30 Minutte schwätzen, an déi Leit, déi aacht Minutten ze schwätzen hunn, géif ech Iech opmierksam maachen. Dass der Iech kënnt mat Ärer Ried e bëssen andeelen. Dass Der net einfach esou musst ophalen. Ass dat okay fir Iech? Da géife mer ufänken.

Ech maachen Iech nach eng Kéier drop opmierksam: Maacht Iech, wannechgelift bemierkbar, wann Der eppes wëllt soen. Well de Sall ass wierklech grouss. Da géif ech einfach d'Wuert un den Här Liesch ginn.

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. E grousse schéine Bonjour un de Gemengerot. Et deet mer wierklech leed, dass ech fir dëse Budget net ka present sinn. Mee ech sinn an Autoquarantän, wéi een dat esou schéi seet. Ech wollt op jidde Fall net riskéieren, nach virun de Feierdeeg iergendeen unzestiechen.

Ech kommen dann elo direkt op de Budget. Ech géif ufänke mat engem klengen Iwwerbléck iwwert d'Finanzsituatioun. Dass dëse Budget keen normale Budget ass, wéi mer en an de leschte Jore gewinnt waren, denken ech, ass jiddwerengem heibanne bewosst. Wann ech e Bléck no hanne werfen, iwwert déi lescht 15 Joren, da gesinn ech aus mengen Zuelen, dass d'Schéier tëscht de Recettes ordinaires an den Dépenses ordinaires ëmmer weider ausernee gaangen ass. Vun dräi Milliounen am Joer 2005 op 36 Milliounen am Rectifié elo 2019. An et ass jo déi Differenz, déi et eis erlaabt, am Extraordinär ze investéieren. Insgesamt ass dat eng ganz positiv Entwécklung fir eis Gemeng.

Bei de Recettes ordinaires, déi sinn net sou staark geklommen, well mer als Gemeng an de leschte Jore vill Gebaier kaf hunn, déi mer dann och verlounen. Dozou zielen eng Rei Commercen, Wunnengen an natierlech dee ganze 1535°. Dat si mol déi Recetten, déi all Joer am Budget vun der Gemeng Déifferdeng wäerten ustoen.

Mir begréissen als Gréng ausdrécklech, dass d'Gemeng op eng Partie Loyere verzicht huet dëst Joer an dat, wéi d'Madamm Buergermeeschtesch elo grad nach ugekënnegt huet, och fir de Mount Dezember gemaach gëtt, fir esou eis Commercen ze ënnerstëtzen.

Doriwwer eraus bestinn eis Recettes ordinaires zum gréissten Deel aus den Dotatioune vum Staat. Wéi bei alle Gemengen. An domadder si mer eigentlech och scho bei engem vun de Kärproblemer. Do steet e Fragezeiche fir 2021 an och fir 2022.

Wa mer eis d'Emprunten ukucken, da gesäit een, dass déi zanter 2015 erofgaange sinn. Vu 84 Milliounen op haut 56,6 Milliounen. Wann een d'Emprunten, déi mer fir de Staat gemaach hunn, do erausrechent.

Bref, bis viru Covid-19 war d'finanziell Situatioun vun der Stad Déifferdeng ganz an der Rei.

„Haalt Är ordinär Depensen am Grëff an den Invest héich" – esou kann een

*Le collège échevinal a été surpris de l'enthousiasme engendré par le fait que saint Nicolas a demandé à la Poste de l'aider parce qu'il ne pouvait pas se rendre à la place du Marché.*

**TOM ULVELING (CSV)** *rappelle que la dernière fois, il avait été question de mégaprojets à hauteur de 140 millions d'euros. Le collège échevinal est en train de voir s'il peut faire des économies sur certains points.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *passe aux finances communales et plus précisément au budget rectifié 2020 et au budget initial 2021. Elle demande aux conseillers communaux de respecter le temps qui leur est imparti : soit 25 soit 8 minutes.*
*Elle leur demande également de se faire remarquer s'ils veulent prendre la parole parce que la salle est vraiment grande.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *regrette ne pas pouvoir être présent physiquement aux débats budgétaires, mais il s'est mis en autoquarantaine. Il ne voulait en aucun cas contaminer quelqu'un.*
*Le budget présenté n'est pas un budget normal ; c'est évident. Au cours des 15 dernières années, la fourchette entre les recettes ordinaires et les dépenses ordinaires s'est élargie pour passer de 3 millions d'euros en 2005 à 36 millions d'euros dans le rectifié 2019. C'est cette différence qui permet à la commune d'investir dans le budget extraordinaire.*
*Les recettes ordinaires n'ont pas grimpé énormément, car le collège échevinal a acheté des bâtisses que la commune met en location — notamment des commerces, des appartements et le 1535°. Ces biens engendreront des recettes tous les ans.*
*Les écologistes saluent l'annulation d'une partie des loyers cette année. Cela permet de soutenir les commerces.*
*Les recettes ordinaires se composent en grande partie de la dotation de l'État. Malheureusement, on ne sait pas à combien elle va se monter en 2021 et 2022.*

*Les emprunts ont baissé depuis 2015 pour passer de 84 millions d'euros à 56,6 millions d'euros. Avant la crise de la COVID-19, la situation financière de la commune était donc bonne.*
*Désormais, le ministère demande aux communes de maitriser les dépenses ordinaires et d'investir. Mais si toutes les communes se tiennent à ces recommandations, les prix de la construction vont augmenter. Aujourd'hui déjà, lors de soumissions, les offres sont rares et chères. Georges Liesch se demande s'il ne vaudrait pas mieux répartir les investissements sur plusieurs années après avoir élaboré un concept avec le Syvicol.*
*Pour maintenir les investissements élevés, il faut des gens pour les préparer et les réaliser. Or, avec plus de salaires, les dépenses ordinaires augmentent. L'idéal serait donc de doser les investissements pour pouvoir les réaliser avec le personnel déjà disponible.*
*Par ailleurs, les nouvelles bâtisses engendrent des frais d'entretien comme le nettoyage, les réparations, le chauffage… Cela aussi augmente les dépenses ordinaires. C'est pourquoi les écologistes demandent que les investissements soient planifiés de manière durable et intelligente. Les rénovations d'infrastructures existantes par exemple permettront de réduire les frais ordinaires tout en profitant à l'environnement. En outre, la numérisation doit être une priorité dans chaque nouveau bâtiment.*
*La circulaire du ministère signale aussi que les estimations sont incertaines, mais que la dotation va baisser. Or, quand on roule dans le brouillard, on freine. C'est ce que le collège échevinal fait avec ce budget même si les investissements restent importants.*
*Pour Georges Liesch, il faut communiquer le même message aux syndicats pour qu'ils n'entament pas de grands projets en même temps.*
*Pour maitriser les dépenses ordinaires, chaque poste doit être analysé minutieusement, mais Georges Liesch ne doute pas que c'est ce que font les fonctionnaires. Il rappelle qu'entre 2014 et 2016, les dépenses ordinaires avaient été gelées. Une*

d'Circulaire vum Inneministère resuméieren. Fir eis stelle sech do awer eng Rei Froen. Wann all d'Gemengen an d'Syndikater dat elo an deenen nächsten zwee bis dräi Jore maachen, da wäerten d'Baupräisser hei am Land nach méi héich ginn.

Elo scho kënne mer feststellen, dass bei de Soumissioune kaum nach Präisser erauskommen, déi am Devis leien. Wann een iwwerhaapt Offere kritt! De Bausecteur schéngt also gutt ze dréien. Wär et do net besser, d'Invester net all mateneen héichzehalen, mee dat ze doséieren iwwer e puer Joren an eventuell souguer, iwwert de Syvicol, landeswäit e Konzept auszeschaffen?

Wann een den Invest wëll héichhalen, da brauch een deementspriechend Leit, déi dës Projeten ausschaffen an ëmsetze kënnen. Leit heescht Salairen. Salairen heescht Dépenses ordinaires. Also wäerten déi och klammen. Och hei schéngt et also besser ze sinn, den Invest esou ze doséieren, dass een dat mam besteeënde Personal stemme kann.

Déi gréisst Invester si Gebaier a Stroossen. Anescht wéi bei de Stroossen, brénge nei Gebaier Follgekäschte mat sech: botzen, hëtzen, Reparaturen … An och déi drécken d'Dépenses ordinaires an de kommende Jore weider erop. Fir eis als Gréng steet fest, dass d'Invester intelligent an nohalteg geplangt musse ginn. Wéi zum Beispill a Renovatioune vu besteeënden Infrastrukturen. Wéi eis Bockschoul mat der Sportshal, de Centre sportif, eist Gemengenhaus oder eise CID mat sengen Atelieren. Dës Invester wäerten d'Energiekäschten zum Beispill däitlech erofdrécken, an domadder eis Dépenses ordinaires. A sinn doriwwer eraus och nach eng wichteg Mesure fir de Klimaschutz.

Wa mer esou Projeten och nach intelligent plangen, an domadder mengen ech dat am informatesche Sënn, da kënnen an Zukunft vill Follgekäschten erofgesat ginn. D'Digitaliséierung muss eng Prioritéit si bei all neiem Gebai a bei all Renovatioun.

Fir ze steieren, muss ee kënne moossen. Hunn ech a mengem Ingenieursstudium geléiert. A fir ze moossen, brauch een hautdesdaags informatesch Infrastrukturen.

D'Circulaire seet awer och, dass d'Prognose fir déi kommend zwee Jore mat Virsiicht ze genéisse sinn. Sécher ass, dass d'Dotatiounen un d'Gemenge wäerten erofgoen. Onsécher ass, ëm wéi vill. D'Madamm Buergermeeschtesch huet dat am leschte Gemengerot, mat deene verschiddenen Zenarien, ganz gutt erkläert.

Wann ee mam Auto an eng Niwwelbänk fiert, dann hëlt een de Fouss vum Gas. An dat gëtt och mat dësem Budget gemaach. Dat ass eng verstänneg a räsonabel Politik. Eis Invester am Extraordinäre sinn trotzdeem net kleng. Et gëtt net näischt gemaach. Dogéint kënne mer bei de Schoulen, de Maison-relaisen a bei der Sportshal op Subsiden zréckgräifen. A mam CID kréie mer eng considerabel Fläch an der Entrée en ville fräi, déi och valoriséiert ka ginn.

Eis als Gréng ass et wichteg, dëse Message un eis Syndikater weiderzeginn. Och hei mussen all d'Invester gutt duerchduecht ginn. An och hei wär et sënnvoll, dass net all Syndikat zäitgläich elo grouss Projete géif ulafe loossen.

Natierlech sollt een Efforte maachen, fir d'Dépenses ordinaires am Grëff ze behalen an all Poste seriö ze analyséieren. Mee do si mer iwwerzeegt, dass eis Leit a Fonctionnairen op der Gemeng dat minutiéis maachen.

Tëscht 2014 an 2016 hate mer zum Beispill dëse Budgetsdeel quasi agefruer. Esou en Exercice ass net einfach a kann och net oft a scho guer net laang gemaach ginn. Falls een awer nach eng Kéier misst op esou eng Mesure zréckgräifen, sollt dat onbedéngt an Zesummenaarbecht mat alle Chefs de service gemaach ginn.

Mir kommen nëmme lues aus där sanitärer Kris eraus. Déi Zuelen, déi d'Madamm Buergermeeschtesch elo de Moien aus de Schoule genannt huet, spigelen dat jo erëm. Se ginn net erof. Si ginn och net considerabel erop. Mir sinn op engem relativ héijen Niveau.

Nach ass net sécher gewosst, wéi gutt a schnell déi ugekënnegt Impfunge wäerten uschloen. Et muss awer mat alle

Mëttele verhënnert ginn, dass aus der sanitärer Kris eng ekonomesch Kris an dorunner direkt verbonnen eng Sozialkris entsteet. Dofir si mir als Gréng der Meenung, dass mer eis Invester mat deem Bléckwénkel musse maachen. Wa mer eise Betriber a Geschäfter hëllefen, dann hëllefe mer och de Salariéen, déi do schaffen. Ënnerstëtzunge mussen awer gekoppelt ginn u Bedéngungen, fir dass keen Abus ka gemaach ginn, an dass se en nohaltegen Effekt hunn.

Iwwer all dëse genannte Krise schwieft nach eng aner. Nämlech eng Klimakris. Vun dëser gëtt am Moment net méi vill geschwat, well si schéngt eis net esou eminent, wéi dat wat mer grad erliewen. Mee wa mer bei dësem Theema just an de Buedem kucken, da wäert dat der kommender Generatioun op de Kapp falen.

Schonn haut erliewe mer, wat eng Erwiermung vu knapp 1,2 °C vu Changementer mat sech bréngt. An et bleiwen, wann een den Experten nolauschtert, just nach zéng bis 15 Joer, fir dësen Hiewel an déi aner Richtung ze leeën. Schonn eleng dowéinst musse mer all eis Invester iwwerpréiwen, ob se dozou bäidroen, d'$CO_2$-Emissiounen erofzedrécken. An dat kascht och eppes. Dat kascht Suen, awer virun allem kascht et eng Ëmstellung vun eise Liewensgewunnechten. An dat an alle Beräicher an och konsequent.

Als Fraktioun hu mer de Budget op eis gréng Conseilleren opgedeelt. Ech géif dofir just op e puer Kapitele méi an den Detail goen. All déi aner wäerte meng Kolleegen a Kolleeginnen developpéieren.

Ech kommen zum Urbanismus. Nieft de lafende Projeten, wéi de PAG an eng Rei PAPen, stinn nach eng Rei nei Saachen an eisem Budget. Um Plateau Hauts-Fourneaux ass et absolutt ze begréissen, dass d'Méiglechkeet vun engem Lycée Technique Emile Metz soll entstoen. Eis Stad an eis Bierger wäerten e ganz positiven Impuls vun dësem Projet hunn. Nieft den zwou Universitéiten, Miami a LUNEX, der EIDE, wäert esou e Lycée d'pedagogesch Offer hei zu Déifferdeng completéieren. Dës bedeit fir vill Kanner, dass si weider an der Gemeng hir Schoulen no der Primärschoul kënne weidermaachen. Doriwwer eraus belieft näischt méi eng Stad wéi Studenten.

Komplett averstane si mer als Gréng mat den ugekënnegten Neibaute bezéiungsweis Renovéierungen, wéi eist Gemengenhaus, den neie CID, d'Bockschoul mat der Sportshal an dem Ausbau vun der Saint-Pierre-Schoul zu Nidderkuer. Dës si fir eis, wéi scho virdrun erwäänt, Projeten, déi nohalteg sinn.

Och de Gravity, deen dës Majoritéit op d'Schinne gesat huet, ass fir eis Gréng e wichtege Projet, wou mer als Gemeng nei Weeër ginn, andeems mer aktive Player am Logement ginn. Heirop wäert den Här De Sousa méi am Detail agoen. Dat ass fir eis dee richtege Wee. A mir hoffen, dass vill aner Gemenge sech un dësem Modell inspiréieren a mat op dëse Wee ginn.

De Logementsproblem ass net vun uewen erof ze léisen, mee nëmmen, wann all d'Acteure matschaffen, an dozou mussen d'Gemenge sech och zielen. Wat de Projet Gravity nach gëtt, ass de 1535° schonn haut. E Modell, wéi en Nischesecteur, nämlech dee vun der Kreativwirtschaft, sech kann zu engem Haaptmotor vun enger Stad entwéckelen. Wann de Bâtiment B, dee jo och am Budget steet, fäerdeg an a Betrib ass, wäerten hei eng 600 Leit schaffen an iwwer 80 Societéiten. Zum Verglach: ArcelorMittal beschäftegt zu Déifferdeng 800 Leit. Wann een dann de Flächeverbrauch an d'Nuisancë vu béiden Aktivitéite vergläicht, da gëtt jiddwerengem kloer, wat mer hei zu Déifferdeng mam 1535° geschafen hunn.

E weideren, richtegen Invest ass den Ausbau vun der Handelszon zu Nidderkuer. Dësen ass elo méiglech, well deen haitegen an dee leschte Schäfferot aktiv dorunner geschafft hunn, déi Terrainen opzekafen. Elo kënne sech hei Mëttel- a Klengbetriber néierloossen a weider Aarbechtsplaze kënne geschafe ginn.

À propos Aarbechtsplazen: Laut den Zuele vu Statec sinn zu Déifferdeng an de leschten zéng Joren 3.660 Aarbechtsplaze bäikomm. Wat eng Progressioun vu plus 43 % duerstellt. Vergläicht een dat zum Beispill mat Diddeleng, wou an där Zäit 1.484 an Esch 3.519 Aarbechtsplaze bäikomm

*telle mesure doit être prise en concertation avec les chefs de service.*
*La sortie de la crise sanitaire ne se fera que lentement. On ne connait pas encore l'efficacité des vaccins. Mais il faut éviter que la crise sanitaire ne devienne une crise économique. Lorsque la commune soutient les entreprises et les magasins, elle aide les salariés en même temps. Cependant, il faut s'assurer que les aides sont durables et qu'il n'y a pas d'abus.*
*Avec toutes ces crises, on risque d'oublier la crise climatique parce qu'elle semble moins imminente. Mais ce seront les générations futures à payer. Aujourd'hui déjà, on peut constater quels changements une augmentation de 1,2 °C provoque. D'après les experts, il ne reste plus que 10 à 15 ans pour inverser la tendance. Chaque investissement doit contribuer dans la mesure du possible à baisser les émissions de $CO_2$. Cela coute de l'argent et exige surtout aussi une adaptation des habitudes de vie.*
*Georges Liesch va traiter quelques chapitres du budget. Ses collègues écologistes se chargeront du reste.*
*En ce qui concerne l'urbanisme, il salue la possibilité d'aménager le lycée technique Émile-Metz. Il complètera l'offre de la Miami University, de LUNEX, de l'EIDE… Après le primaire, les enfants pourront poursuivre leur scolarité à Differdange.*
*Les écologistes soutiennent la construction ou la rénovation de l'hôtel de ville, du CID, de l'école du Bock, de l'école Saint-Pierre…*
*Gravity est un projet important. La commune devient un acteur dans le secteur du logement. Georges Liesch espère que d'autres communes s'en inspireront. Le problème du logement se résout ensemble. Gravity deviendra un modèle comme le 1535° avant lui.*
*Le 1535° est un moteur de l'industrie créative. Lorsque le bâtiment B sera achevé, le 1535° accueillera 80 sociétés et 600 employés. À titre de comparaison, ArcelorMittal occupe 800 personnes.*
*Pour ce qui est de la zone artisanale de Niederkorn, les deux derniers collèges échevinaux ont racheté des*

*terrains sur lesquels des PME se sont implantées.*
*D'après le Statec, 3660 emplois ont été créés à Differdange au cours des 10 dernières années — une progression de 43 %. À titre de comparaison, Dudelange a créé 1484 emplois et Esch 3519.*
*Georges Liesch soutient la décision de reporter les projets de la place Nelson-Mandela et du stade d'athlétisme jusqu'à ce que la situation financière soit plus claire. Pour ce qui est du stade en particulier, des alternatives semblent possibles.*
*Le commerce était déjà dans une situation difficile avant la crise du coronavirus à Differdange et dans les communes voisines. Il faut donc réaliser une étude pour trouver les causes. Car si c'était facile, on aurait déjà la solution. Il faut développer des idées. Celle de magasins éphémères mentionnée par madame Pregno semble intéressante. Les magasins doivent aussi faire leur entrée dans le monde numérisé. Il faut soutenir des plateformes comme Lëtzshop — y compris financièrement.*
*Quand Georges Liesch a parlé des habitudes qu'il fallait changer, il pensait particulièrement à la mobilité. L'administration doit favoriser le vélo et les transports en commun au lieu de privilégier les intérêts personnels.*
*Differdange compte 21 stations Vël'OK et 838 abonnés. Cette année, les locations ont été multipliées par trois. Par exemple 3500 locations en juillet et 1600 en novembre. La vente de vélos dans le pays a explosé. Le Vëlosbuttik de Differdange a pratiquement été pillé. Il est temps que les représentants politiques reconnaissent la tendance.*
*Georges Liesch soutient l'initiative du bus sur appel Dinola — une pièce de puzzle supplémentaire pour limiter l'utilisation de la voiture.*
*Differdange a besoin de places de stationnement. C'est pourquoi les écologistes soutiennent la construction d'un parking à l'entrée en ville, un site central où réunir les différents moyens de transport.*
*En ce qui concerne l'environnement, force est de constater que le recul de la biodiversité n'a pas été*

sinn, gesäit een, dass hei zu Déifferdeng trotz Plazmangel vill Betriber konnten iwwerzeegt ginn, fir hir Zelter hei opzeschloen. Och dat kënnt eis am Budget zegutt. Well d'Dotatioune vum Staat jo net zulescht och op den Aarbechtsplaze berechent ginn.

Déi Gréng deelen d'Usiicht vum Schäfferot, fir elo mol verschidde Projeten, wéi d'Place Mandela an den Athleetikstadion, no hannen ze réckelen, bis dass méi kloer ass, wou d'Rees finanziell higeet. Béid Projete sinn eis wichteg. Mee mir gesinn awer an, dass dës an der Prioritéitelëscht no hanne gestallt ginn. Besonnesch beim Athleetikstadion schénge sech nach Alternativen ze entwéckelen, wou et jiddefalls derwäert ass, dës Gespréicher ofzewaarden.

Ech kommen zum Commerce. De Commerce hat scho virun der Coronakris e schwéiere Stand. An dat net nëmmen zu Déifferdeng, wéi mer an eisen Nopeschgemenge kënne gesinn. Et schéngt dofir wichteg a richteg, fir an enger Etüd no den Ursaachen ze sichen. Wann et einfach Léisunge géif ginn, dann hätten déi sëllege Schäfferéit an deene ville Gemengen et bestëmmt schonn ëmgesat. Et schéngt deemno, wéi wa mer hei méi wäit aushuele mussen an nei Iddien entwéckelen. Iddie wéi e Multi-Pop-up-Store, deen d'Madamm Pregno am leschte Gemengerot genannt huet, schéngt eis hei en interessante Modell ze sinn.

Et ass immens wichteg, eis Geschäfter mat op de Wee ze huelen an eng digital Welt. Dat, wat grouss Konzerner kënnen, kënne mir zu Lëtzebuerg och. Andeem mer zum Beispill Plattforme wéi Letzshop ënnerstëtzen. Mee do mussen eis Geschäfter och matmaachen. A mir als Gemeng sollte se do och finanziell ënnerstëtzen. Dofir begréisse mer deen neie Budgetsposten, dee fir esou Saache jo geschafe gouf.

Ech ginn eriwwer bei d'Mobilitéit. Wann ech virdru vun Ännere vun eise Gewunnechte geschwat hunn, ass d'Mobilitéit wuel e Paradebeispill dofir, wéi schwéier et eis fält, aner Weeër ze goen. Jo, ze goen. Oder mam Vëlo ze fueren oder den ëffentlechen Transport ze notzen. D'Politik huet d'Aufgab, méi wäit ze kucken an ze plange wéi den Interêt vum Eenzelen.

Mir begréissen den Invest an de weideren Ausbau vun der Vël'OK-Infrastruktur. Vun 21 Statiounen hu mer am Moment 838 Abonnenten. Ab Abrëll dëst Joer sinn d'Zuele vun de Benotzungen explodéiert. Am Verglach mam leschte Joer ass dat e Facteur mol dräi, mat 3.500 Ausléinungen am Mount Juli. Mee och elo am November waren et nach 1.600 Leit, déi sech e Vëlo ausgeléint hunn. Am Verglach: D'lescht Joer waren dat am selwechte Mount 480 Leit. Wann een dann nach weess, dass et bal keng Vëloe méi ze kafe gouf am Land, an dass eise Vëlosbuttek zu Déifferdeng quasi geplëmmt gouf, da musse mir als politesch Vertrieder dës Zeechen erkennen an ënnerstëtzen. Vill Leit si bereet, hir Gewunnechten ze änneren. A fir déi musse mer investéieren.

Och deen neie Ruffbus mam flotten Numm Dinola ass absolutt ënnerstëtzenswäert. Domadder investéiere mer an e weidert Puzzelstéck, wat eis nach gefeelt huet, fir nach manner oft mussen oder wëllen den Auto ze benotzen.

Jo, mir brauchen och Parkméiglechkeeten. Schonn eleng aus deem Grond, dass ee säin Auto iergendwou ofstelle muss, wann ee weider ze Fouss goen oder mam Vëlo fuere wëll. Dofir si mer och bereet, als Gréng, dat Parkhaus an der Entrée en ville weider ze ënnerstëtzen. Fir eis gëtt dat eng zentral Plaz, wou all d'Mobilitéitsméiglechkeeten zesummekommen.

Fir ofzeschléissen, wëll ech e puer Wuert zum Volet Ëmwelt- an Naturschutz soen. Leider musse mer feststellen, dass, trotz allen Ustrengungen, déi landeswäit an de leschte Jore gemaach goufen, de Réckgang vun der Biodiversitéit net konnt gestoppt ginn. Ronn ee Véierel vun den Zuchvillercher gëllen als ausgestuerwen oder gefäerdet. Mir verbrauchen aktuell ëm déi 200 Hektar Land pro Joer, déi net méi fir Planzen an Déieren zur Verfügung stinn.

Och wann eis $CO_2$-Emissioune landeswäit an de leschten zéng Joren erofgaange sinn, sou muss ee feststellen, dass mer nach ëmmer absolutte Spëtzereider an Europa sinn, wat de Pro-Kap-Wäert ugeet. Jo, Lëtzebuerg ass kleng an huet an der Zomm nëmmen ee klengen Undeel um gesamten Tonnage vun $CO_2$, mee dat entbënnt eis net dovunner, hei drastesch Efforten ze maachen.

Dass mer eise Patrimoine u Beem duerch eng speziell Bamflüsterer-Ekipp – ech fannen deen Numm jo ganz léif – fleegen a schützen, ass ee wichtege Schrëtt. Dass mer an eise Maison-relaisen op regional a biologesch Produkter setzen an den Undeel u Fleesch a Fësch erofsetzen och. Beim Offall gëtt et nach vill Potenzial. Dofir begréisse mer de Projet, fir all d'Dreckskëschten ze chippen, fir iwwer dës Donnéeë méi geziilt op besteeënd Problemer anzegoen a mat eise Bierger zesummen, Léisungen ze fannen. Well och hei gesi mer, dass mer an Europa, mat engem Pro-Kapp-Wäert vu 610 kg pro Joer, d'Tabell uféieren.

Och si mer ënnert den Top 3 an Europa, wat zum Beispill d'Quantitéit vum Plastik pro Kapp ugeet. Eis Politik zu Déifferdeng, fir de Plastikverbrauch erofzesetzen, geet an déi richteg Richtung. Mir kéinten eis hei interessant Projete mat eise Commercë virstellen. D'Verpackunge stellen dee gréissten Undeel vum Offall duer.

Hei kéinte mer als Staat eng weider Kéier eng Virreiderroll anhuelen. A mir verweisen hei op deen neie Budgetsposten, deen am Budget steet, fir dem Commerce ze hëllefen. A scho si mer erëm bei de Gewunnechten, déi mer all kënnen änneren, wa mer wëllen a wa mir als Politik d'Méiglechkeet bidden, eis Bierger a Biergerinnen dobäi ze ënnerstëtzen.

Ganz frou si mer iwwert d'Ausso vun der Ëmweltschäffen, dass mer weider um Pacte Climat 2.0 wäerte schaffen an och schonn drop waarden, fir dem Pacte Nature bäizetrieden. Dës national Incentivë si wichteg a richteg, mee d'Gemenge brauchen d'Bierger an d'Biergerinnen, fir se an d'Praxis ëmzesetzen. Villes vun deem, wat mir als Gemenge kënne maachen, fënnt sech net mat groussen Zuelen an engem Budget erëm, mee éischter an der Ëmsetzung an d'Praxis a wéi een d'Bierger mat op de Wee kritt. Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Här Liesch. Här Muller, wannechgelift.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen an Häre vum Schäfferot, Kolleeginnen a Kolleege vum Gemengerot, Vertrieder vun der Press, Dir Dammen an Dir Hären, ech huelen am Numm vun der LSAP zum Budget rectifié 2020 an dem Budget initial 2021 Stellung.

Wéi all Joer fänken ech mat der Analys vum Budget rectifié 2020 un, éischtens dem Service ordinaire. Mir hate Recetten opzeweisen am leschte Joer am Exercice vum Ordinär. De Budget 2020 schléisse mer mat 11,6 Millioune manner of wéi virgesinn. De Verursaacher heifir ass ganz kloer d'Coronapandemie. De Fonds de dotation globale des communes, FDGC, vum Staat ass nämlech vu virgesinnen 92,8 Milliounen op 79,4 Milliounen erofgaangen. Eng Mindereinnahm vu ronn 13 Millioune respektiv 12,8 % manner fir dëse Posten. Wat ëmmerhi ronn 70 % vun eise Recetten ausmécht.

Den Impôt commercial communal, ICC, deen net esou staark an d'Gewiicht fält, ass och méi niddreg ausgefall, nämlech ëm 481.319 Euro oder 16,5 %. Déi zwee zesumme maachen am Budget rectifié eng Mindereinnahm vun am Ganzen 13,3 Milliounen aus. Dat mécht ongeféier, oder e bësse manner, wéi de Chiffer aus, deen no der Finanzreform duerch d'LSAP am Inneministère der Gemeng Déifferdeng u Mehreinnahme pro Geschäftsjoer ab dem Budget 2018 zougefloss ass. Ouni dës Reform, bei där de Verdeelungsschlëssel anescht definéiert an d'Awunnerzuel méi staark bewäert gouf, géife mer sécherlech vill méi schlecht do stoen.

Op der Depensësäit: D'Depensë sinn, par contre, praktesch konstant bliwwe mat 92,5 Milliounen.

Am Service extraordinaire am Budget rectifié 2020 fanne mer u Recetten, virgesinn, 82,4 Milliounen. Definitiv Recetten: 57,2. Eng Differenz vu minus 25,2 Milliounen. Also d'Differenz zwëschent Recetten an Depensen, en Delta vu 25,2 Milliounen.

D'Haaptposten, déi fir dës Differenz verantwortlech sinn, de Préfinancement vun der – ech wollt mech rectifiéieren:

*stoppé. Un quart des oiseaux migrateurs sont en voie de disparition. Et même si les émissions de $CO_2$ ont baissé depuis dix ans, le Luxembourg est en tête en Europe pour ce qui est des émissions par tête d'habitant.*
*Il est important qu'une équipe dédiée prenne soin des arbres.*
*Georges Liesch salue le fait que la commune recoure aux produits biologiques dans les maisons relais. Pour ce qui est des déchets, le potentiel est considérable. Implanter des puces dans les poubelles pour réagir aux problèmes de manière ciblée est une bonne idée. Car le Luxembourg est ici aussi dans le peloton de tête en Europe avec 610 kg de déchets par an et par tête d'habitant. Le pays est aussi dans le top 3 de la consommation de plastique. Il faut prévoir des projets avec le commerce et jouer un rôle de pionnier. Georges Liesch répète que ce sont les habitudes qu'il faut changer et que cela est possible si les responsables politiques soutiennent les citoyens.*
*Il salue les propos de madame Pregno concernant le pacte climat 2.0. Mais les communes ont besoin des citoyens pour mettre en pratique les mesures. Ces mesures ne figurent pas nécessairement dans le budget.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *commencera par une analyse du budget rectifié de 2020. Il se clôture avec 11,6 millions d'euros de moins que prévu à cause de la pandémie de coronavirus. Le fonds de dotation global des communes est en effet passé de 92,8 millions d'euros à 79,4 millions d'euros — une baisse de 12,8 %. Le fonds de dotation représente 70 % des recettes communales.*
*L'impôt commercial a baissé de 481 319 €, c'est-à-dire 16,5 %. En tout, la moins-value se chiffre à 13,3 millions d'euros. Cela représente à peu près la somme supplémentaire que la Ville de Differdange a reçue après la réforme des finances par le ministre de l'Intérieur socialiste. Sans cette réforme, la situation de la commune serait bien pire.*
*Les dépenses sont restées constantes et se montent à 92,5 millions d'euros.*

*En ce qui concerne le budget extraordinaire, les recettes s'élèvent à 57,2 millions d'euros au lieu des 82,4 millions d'euros — une différence de 25,2 millions d'euros. Cette différence s'explique par exemple par le préfinancement de l'EIDE, car ce projet n'a pas avancé aussi vite que prévu. La même remarque vaut pour le commissariat. La commune n'a pas non plus reçu le subside de 6 millions d'euros pour le LIHPS, mais elle en recevra 15,5 en 2021. Erny Muller mentionne enfin le campus du Bock.*
*Pour ce qui est du lycée de l'EIDE, la commune a reçu 18 790 000 € au lieu de 20 millions d'euros. Est-ce le décompte définitif ?*
*Les dépenses extraordinaires de 2020 se chiffrent à 102 millions d'euros au lieu des 125 869 000 € prévus — une différence de 23,6 millions d'euros. L'EIDE représente 12 millions d'euros.*
*Erny Muller se demande à quoi peut servir un budget extraordinaire si les chiffres sont tellement erronés. La COVID-19 n'explique pas tout.*
*Pour les socialistes, le budget extraordinaire 2021 est aussi excessivement optimiste. D'ailleurs, monsieur Ulveling a confirmé que le collège échevinal voulait revoir les chiffres à la baisse.*
*Le budget 2020 se clôture avec un excédent de cinq-millions d'euros malgré le coronavirus. La bourgmestre a dit que cette bonne situation financière est due à la politique prudente de ces dernières années.*
*Erny Muller rappelle que le LSAP faisait partie de la majorité. Avec monsieur Bertinelli, il a contribué à de nombreux projets réalisés en 2020. Il en est fier. Il mentionne l'école internationale, le Hall O, l'entrée du centre sportif, le LIHPS, le centre sportif de Niederkorn, la salle de sport d'Oberkorn, l'école du Woiwer, la maison relais d'Oberkorn, l'école du Mathendahl, l'école du Bock, le développement urbain, le projet de logement Gravity…*
*Pour conclure son analyse de 2020, Erny Muller tient à revenir sur les défis liés à la COVID-19.*
*Le confinement a été caractérisé par de la solidarité et du respect. La*

Bei de Recetten, déi virgesi waren, par rapport zu deenen, déi effektiv realiséiert gi sinn, ass d'Differenz 25,2 Milliounen.

Wou kommen déi Posten hier? Déi Differenz? Ma dat ass éischtens duerch de Préfinancement vun der EIDE: 13,3 Millioune manner, well de Projet nach net esou wäit evoluéiert ass. An dat selwecht fir dat neit Polizeigebai: 1,3 Milliounen. D'Subventioun vum LIHPS hu mer sechs Milliounen d'lescht Joer net kritt. Mee mir kréien dann natierlech dëst Joer am Exercice 2021 15,5 Milliounen.

De Campus scolaire Bock: 2,6 Milliounen. Deen ass a Verzuch. EIDE: 20 Milliounen. Mee do hu mer 18.790.000 Euro kritt. Dat sinn 1,2 Millioune manner. Eis Fro: Ass domadder den Dekont vum Lycée provisoire ofgeschloss? Ass dat deen exakte Chiffer, dee mer da kréien, déi 18.790.000 Euro?

D'Depensen am Budget initial 2020. Virgesi waren 125.869.000 Euro. Realiséiert am Rectifié sinn 102 Milliounen. Dat gëtt ëmmerhin eng Differenz vun 23,6 Milliounen, déi manner investéiert goufen. Hei fanne mir bei der Analys praktesch de Géigepad, well mer dat jo nach net u Recettë contrebalancéiert hunn, déi figuréieren och net hei. Do ass ee grousse Posten, wéi d'École primaire EIDE mat ronn 12 Milliounen.

Aner Projeten, ech ziele se net all op, si manner evoluéiert wéi virgesinn. Allgemeng muss ee sech d'Fro stellen, wat d'Opstelle vun engem Budget extraordinaire wäert ass, wann d'Chifferen esou wäit ofwäichen. Et war natierlech e Covid-Joer, wou och Projeten hannendra komm sinn. Mee dat erklärt net alles.

Mir fannen dee selwechten Zenario am Budget 2021 erëm, deen eiser Meenung no am Service extraordinaire immens optimistesch opgestallt ass. Dat huet den Här Ulveling confirméiert, doduerch dass e seet: „Mer versichen nach eng Kéier, déi Zomm erofzesetzen". Ech kommen herno vläicht nach eng Kéier kuerz drop zréck.

Schlussendlech schléisst de Budget 2020 mat engem Boni présumé vu ronn fënnef Milliounen of, trotz enger schwiereger Situatioun bedéngt duerch de Covid. Dir, Madamm Buergermeeschter, hat dat versicht esou ze erklären, dass an deene leschte Joren eng gutt a virsiichteg Gemengegestioun hei zu Déifferdeng gemaach gouf. Ech erlabe mer, dann och d'LSAP ze erwänen, déi wärend véier Joer un dëser Gestioun bedeelegt war, an och nach eng Kéier op den enormen Impakt vun der Gemengefinanzreform fir eis Gemeng hinzeweisen.

Och wëll ech drop agoen, dass am Exercice 2020 eng ganz Partie Projete figuréieren, un deenen d'LSAP, an ech selwer als verantwortleche Bauteschäffen, an och den Här Bertinelli als Sportschäffe maassgeeblech dru bedeelegt waren. A wou ech och e bësse stolz drop sinn. Ech wëll der e puer zitéieren: déi international Schoul, de sougenannte Lycée provisoire, déi international Primärschoul, wou ech mat un de Pläng geschafft hunn, den Hall O mat den Alentouren, den neien Agang fir d'Sportshal op der Säit vum LIHPS, de LIHPS oder d'Sportsfabrick selwer, déi nei Sportshal zu Nidderkuer, déi schonn a Betrib ass, d'Plange vun der Sanéierung vun der Uewerkuerer Sportshal, den Ausbau vu Maison-relaisen, der Schoul um Woiwer, eng nei Maison relais zu Uewerkuer, d'Sanéierung vun der fréierer Villa – e wierklech gelongene Projet.

D'Pläng vun der Mathendahlschoul a Maison relais ware quasi fäerdeg. Doduerch war et méiglech, eng éischte Kéier eng Schoul zesumme mat engem neie Quartier ze realiséieren. Och d'Sanéierung an den Ausbau vun der Bockschoul hate mir scho mat Architektebüroen analyséiert. An net zulescht ass mam Architekten- an Investorewettbewerb de Grondstee geluecht ginn, net nëmme fir e weidere Meilesteen an eiser Stadentwécklung, mee och fir de Gravity-Logementsprojet. An ech kéint esou weiderfueren.

Ech kann awer d'Analys vum Joer 2020 net ofschléissen, ouni op déi grouss Erausfuerderung fir eis Stad mam Covid-19 anzegoen.

Déi Zäit wärend dem Confinement war gepräägt vu grousser Solidaritéit a Respekt. D'Madamm Buergermeeschter ass an enger Oplëschtung op all d'Mesuren agaangen, déi an dëser kritescher

Zäit säitens der Gemeng an d'Liewe geruff goufen. Besonnesch ass deene sougenannte vulnerabele Leit gehollef ginn.

Majoritéit an Oppositioun hunn un engem Strang gezunn. Zesumme si Moossnamen ergraff ginn. Zum Beispill d'Noloosse vun zwee Méint Loyer fir d'Commercen an d'Betriber, déi a Gemengegebailechkeeten ënnerbruecht sinn. Mir begréissen, dass mer haut nach eng Kéier ee Mount Loyer noloossen, haaptsächlech fir d'Horesca-Betriber, déi jo leider erëm hu mussen zoumaachen.

Och un déi lokal Veräiner ass geduecht ginn. Hei kënnen Ausfäll vun Organisatiounen existenzbedrolech sinn. Et ass e konkreet Konzept entstane fir d'Sportsveräiner, fir déi aner Veräiner, zum Beispill déi kulturell, déi jo hiren Ausfall u Recettë sollten der Gemeng matdeelen. Mir wollten den zoustännege Schäffe froen, wou dësen Dossier drun ass a wat déi kulturell Veräiner sech erwaarde kënnen.

Mir si leider elo erëm an engem änlechen Zenario, wann och net grad esou schlëmm, op d'mannst wat d'Geschäfter ubelaangt. Mir maachen eis reell Gedanken iwwer eise lokale Commerce, speziell iwwert d'Gastronomie an d'Hotellerie. Hei musse vu Säite vun der Gemeng nach ganz staark Efforte gemaach ginn, fir d'Post-Covid-Relance unzekuerbelen. Soss riskéiere mer bleiwend Schied. Net zum Virdeel fir eis Stad. Mir gesinn am Budget 2021, dass eng Aktioun virgesinn ass. Ech komme méi spéit nach drop zréck.

D'Eropsetze vun der Allocation de solidarité ëm den duebele Betrag, nämlech 680.000 Euro, ass eiser Meenung no eng noutwendeg Aktioun gewiescht, fir eiser Populatioun bei coronabedéngte finanziellen Ausfäll ënnert d'Äerm ze gräifen. Awer net nëmmen dofir.

Ech notzen d'Geleeënheet, fir säitens der LSAP all deenen, déi wärend der Coronakris am Asaz waren – et ware vill Benevollen dobäi –, e grousse Merci ze soen. Dat selwecht gëllt fir eist Gemengepersonal op allen Niveauen.

Ech kéim dann zum Budget 2021. Am Ordinär si Recettë virgesi vun 123 Milliounen, géint Depensë vu 97 Milliounen Euro. Dat mécht eng Differenz vu 26 Milliounen Euro. De sougenannte Boni. Mam presuméierte Boni vun 2020 vu ronn 5,2 Millioune kréie mer e relativ héicht Investitiounsvolumen vun am Ganzen 31,2 Milliounen, deen dann op den extraordinäre Budget kann eriwwergeholl ginn.

D'Recettë si mat 123,5 Milliounen ëm sechs Millioune méi niddreg, wéi dat beim Budget initial 2020 de Fall war. Baséierend op eng ze erwaardend Recette vum Staat vum Fonds de dotation vun 81 Milliounen, dat heescht wuel 5,2 Millioune méi wéi am Covid-Joer 2020 awer nach siwe Milliounen ënnert deem ze erwaardende Resultat bei normaler Konjunktur.

D'Madamm Buergermeeschter huet eis bei der Virstellung vum Budget 2021, déi gepräägt war duerch den Afloss vum neiagestallten Ekonomist, verschidden Zenarien expliziéiert betreffend d'Analys a Bezuch vun de Covid-Konsequenzen an déi vum Staat ze erwaardend Dotatioun bei de Recetten 2021.

Mir als LSAP gesinn dat e bësse méi pragmatesch a baséieren eis op Circulairen, déi mer vum Inneministère zougestallt kruten an déi sécherlech och op Prognose vum Statec berouen an och eventuell Propositioune vum Syvicol.

Ech hat scho vun der Gemengefinanzreform geschwat. Mer wëssen, vu dass d'Bevëlkerungszuel méi staark afléisst, dass mer och kéinte besser ewechkomme bei der Dotatioun 2021 wéi eventuell aner Gemengen, déi net esou staark wuessen.

Op jidde Fall si mir der Meenung, dass an dëser Krisesituatioun soll eng antizyklesch Finanzpolitik bedriwwen an d'Investitiounen héichgehale ginn. Wann dat bedeit, dass mer eventuell mussen op e Prêt zréckzegräifen, wat vläicht awer nach ka revidéiert ginn, jee nodeem, wat fir Projeten ewechgelooss ginn oder zréckgesat ginn, dann ass dat bei enger aktuell niddreger Zënspolitik nach keen Drama.

Mir kënne feststellen, dass d'Pro-Kapp-Verscholdung op den 31.12.2021 op 2.039 Euro eropgeet. Bei enger geschaten Awunnerzuel vun 29.200. Wat nach an der Limitt ass.

*bourgmestre a énuméré toutes les mesures prises au cours de cette période critique. En particulier, la commune a soutenu les personnes les plus vulnérables.*

*La majorité et l'opposition ont travaillé ensemble – notamment en ce qui concerne l'annulation des loyers pour les commerces et les entreprises pendant deux mois. Erny Muller salue le fait que le secteur de l'Horesca ne payera pas de loyer un mois supplémentaire.*

*Les associations locales ont aussi obtenu de l'aide. Car l'annulation d'un évènement peut leur être fatale. À quoi les associations peuvent-elles s'attendre ?*

*Les socialistes s'inquiètent réellement pour les magasins et le secteur de l'Horesca. La commune doit faire des efforts pour accompagner la relance. Le budget 2021 prévoit une action dans ce domaine.*

*L'allocation de solidarité est doublée. Cette mesure est nécessaire pour aider la population pendant la crise de la COVID-19.*

*Erny Muller profite de l'occasion pour remercier tous ceux qui se sont engagés pendant la crise sanitaire — et notamment le personnel communal.*

*Le budget ordinaire 2021 prévoit des recettes de l'ordre de 123 millions d'euros et des dépenses de 97 millions d'euros. L'excédent de 2020 et 2021 se chiffrerait à 31,2 millions d'euros. Par rapport au budget initial 2020, les recettes sont plus faibles de six-millions d'euros.*

*Compte tenu de la crise sanitaire, la bourgmestre a présenté plusieurs scénarios possibles pour 2021 sur la base des analyses effectuées par l'économiste communal. Les socialistes sont, quant à eux, plus pragmatiques. Ils se basent sur les circulaires du ministère de l'Intérieur. La dotation de l'État reposant sur le nombre d'habitants, Differdange pourrait s'en sortir mieux que d'autres communes à la croissance plus faible.*

*Erny Muller estime qu'il faut maintenir les investissements élevés. Comme les taux d'intérêt sont bas, recourir à un emprunt ne serait pas dramatique. La dette par tête d'habitant va passer à 2039 € le 31 décembre 2021. C'est acceptable.*

*La commune compte investir plus de cent-millions d'euros dans des projets comme l'agrandissement de l'hôtel de ville et le CID. Des investissements sont aussi prévus dans les écoles, les maisons relais, etc. La bourgmestre et monsieur Ulveling ont dit qu'il fallait fixer des priorités. C'est au sujet de ces priorités que les opinions divergent.*
*Erny Muller constate que les dépenses ordinaires continueront de grimper en 2021 pour passer à plus de 97 millions d'euros. Il s'agit d'une augmentation de 11 % par rapport à 2019. Cela s'explique par les nombreux recrutements afin de servir une population de près de 30 000 habitants. Erny Muller espère que l'économiste communal a dressé un plan financier sur cinq ans.*
*Les dépenses ordinaires augmenteront de 4,8 millions d'euros en 2021. Si l'on retranche les couts des organisations culturelles annulées à cause de la COVID-19, on arrive à 4,2 millions d'euros.*
*Cette augmentation s'explique par l'aide aux commerces locaux dans le cadre de la COVID-19. Les socialistes soutiennent ces aides, mais regrettent l'absence d'un concept.*
*Le recensement décennal coutera 150 000 €. La participation au SIACH s'élève à 300 000 €, les frais pour la Capitale européenne de la culture à 550 000 € et l'organisation de Summer Feeling à 40 000 €.*
*Erny Muller salue le travail accompli concernant les archives communales. Tous ceux intéressés à l'histoire de Differdange devraient s'y retrouver.*
*Cent-mille euros sont destinés à l'exploitation du bus sur appel pour les personnes de plus de soixante ans. Ce projet figurait dans le programme électoral du LSAP. Les recettes se montent à 10 000 €. Le tarif par trajet est fixé à deux euros. Erny Muller aurait préféré que le service soit gratuit comme le Diffbus ou Adapto.*
*Les salaires augmentent de 1 987 000 €. Ceux des crèches et des foyers sont remboursés entièrement et ceux des maisons relais sont remboursés à 75 %.*
*Les recettes extraordinaires sont estimées à 81,1 millions d'euros et les dépenses à 112 millions d'euros*

D'Gemeng huet sech mat zwee grousse Projeten, dem Ausbau vum Hôtel de Ville an dem neie CID, fir méi wéi 100 Milliounen Euro engagéiert. Et sinn och nach aner Investissementer, zum Beispill Schoulen, Maison-relaisen a sou weider virgesinn. Dir, Madamm Buergermeeschter, an och den Här Ulveling a senger Funktioun als Bauteschäffen, hu gesot, dass een elo misst Prioritéite setzen. Et ass eebe bei dëse Prioritéiten, wou d'Meenunge vun Iech an der LSAP auserneeginn. Ech kommen am Extraordinär nach eng Kéier heirop zréck.

Weiderhi gesi mer, dass d'Depensen am Ordinär konstant eropginn. 87,6 Milliounen am Rectifié 2019. 92,6 Milliounen am Rectifié 2020 a 97,4 Milliounen am Budget 2021. Dat ass ëmmerhin eng Augmentatioun vun 2019 op haut vun 11 %. Als ee vun de Grënn heifir hutt Dir dat zousätzlecht Personal ugefouert, wat agestallt gouf, fir enger Administratioun an och dem Service um Bierger vun enger Gemeng vun 30.000 Awunner Rechnung ze droen. Mir hoffen, dass eisen Ekonomist e PPF, Plan pluriannuel de financement, fir déi nächst fënnef Joer opgestallt huet a mir anhand vun dësem Dokument feststelle kënnen, wou et higeet.

Ech kéim zréck zur Analys vum Ordinär 2021. E Plus un Depensen, par rapport vum Rectifié 2020 vu 4,8 Milliounen. Wann een dann déi manner Depensë fir kulturell Organisatioune bedéngt duerch de Covid matconsideréiert – ech sinn op 623.000 Euro komm –, da kéime mer op eng reell Differenz vu 4,2 Milliounen Euro.

Wat fir Posten u méi oder neien Depensë fanne mir an dësem Chiffer erëm? Dat sinn éischtens emol 250.000 Euro Aides aux commerces locaux dans le cadre de la pandémie Covid-19. D'LSAP huet schonn a verschiddene Gemengerotssëtzungen drop higewisen, wéi wichteg dës Aiden am Kader vun der Relance commerciale postcovid sinn. E kloert Konzept konnte mir hannert dëser Zomm nach net erkennen. Ass et méiglech, heizou nach zousätzlech Informatiounen ze kréien?

En zweete Posten dat ass Recensement décennal: 150.000 Euro. Mee dee schléit nëmmen all zéng Joer eng Kéier zu Buch.

Dann hu mer e Plus vun 300.000 Euro un de S.I.A.CH. Ech ginn dovun aus, dass d'Entwécklung vun der Populatioun do matafléisst am Ordinären.

Véiertens 550.000 Euro Frais pour Capitale européenne de la Culture 2022. Do mengen ech, geet den Här Hobscheit nach drop an. Mee och do feelen eis méi konkreet Informatiounen.

Dann eng nei Organisatioun, de Summerfeeling mat 40.000 Euro.

Da ginn ech virun. Iwwer verschidde Punkte ginn ech driwwer ewech. D'Bibliothéik, haaptsächlech d'Archiven, wat eng gutt Saach ass, muss ech soen. Eis Archive sinn um gudde Wee, fir eng definitiv Form ze kréien, wou all Bierger, jiddwereen, deen Interessen huet un der historescher Entwécklung vun eiser Stad, sech erëmfënnt.

E Poste vun 100.000 Euro Exploitation Ruffbus fir den Transport vu Personnes 60+. D'Gesamtzomm fir dësen neie Service fir eis Populatioun, deen d'LSAP och an hirem Walprogramm hat an och begréisst, beleeft sech op eng Depense vun 150.000 Euro fir 2021 géintiwwer 10.000 Euro bei de Recetten. De Schäfferot huet den Tarif pro Faart op zwee Euro fixéiert. D'LSAP hätt dëse Service, par analogie zum Diffbus an och dem Adapto vum Staat, wat och e Ruffbus-System ass, gratis gemaach. Dofir eis Fro: Wouduerch begrënnt de Schäfferot den Tarif vun zwee Euro pro Faart?

Dann hu mer nach d'Salairen, déi ëm 1.987.000 Euro eropginn. Wat eng Nettoaugmentatioun vun 1,5 Milliounen Euro ass. Well mer jo fir d'Crèchen an d'Foyeren 100 % erëmkréien a fir d'Maison-relaise 75 %. Duerfir kommen ech op 1,5 Milliounen. Dat war jo dat Argument, wou mer gesot hunn, mir hunn Neiastellungen iwwert déi lescht Joren, wat déi Augmentatioun do da mat sech bréngt.

Elo zum Budget extraordinaire. An engem Sënn méi interessant, well e jo op déi nei Projeten an d'Entwécklung vun der Stad hiweist. Mir hunn en Total u Recettë vun 81,1 Milliounen Euro. Mer hunn en Total un Depensë vu ronn 112 Milliounen. Wat en enorme Chiffer ass. Dat gëtt e Mali propre um Niveau vum Invest vu ronn 31 Milliounen Euro. Deen dann awer géigebalancéiert gëtt

am Exercice ordinaire mat deene 26 Millioune Boni en présumé, dem Boni vum Exercice propre am Ordinär a mat de fënnef Millioune vum Exercice a Boni présumé 2020. Soudass mer e Boni général vun 31.262.000 Euro a Rechnung setzen. A mer kréien en estiméierten Ofschloss, liichte Boni vu 429.000 Euro.

Wat kann een an dësem Budget extraordinaire festhalen? Recetten. Ech fänke u mat de Subsiden. Do ass de Subsid vun 2.145.000 Euro fir den Hôtel de Ville. Dat si 75 % vun deenen eligibele Subside vun zéng Milliounen. Dat heescht, am Ganze kréiche mer do 2.860.000 Euro. Well d'Participatioun 28,6 % ass. Mir hunn also nach eng Nettodepense do ze begläiche vu 27.140.000 Euro. Wat en héije Betrag ass. Eis wonnert et, dass de Staat bei esou engem Projet net méi staark interveneiert.

Dann hu mer den Emprunt vun néng Milliounen, wou mer hoffen, dass mer dee vläicht awer an dësem Exercice nach net brauchen unzepaken. Mee ëmmerhin. E Prefinanzement fir dat neit Policegebai mat 8,5 Milliounen, wat elo endlech ugeet. Fir d'École primaire zéng Milliounen. Dat sinn alles Projeten, wou mer grouss Hoffnung hunn, dass se elo och kënnen ufänken.

Mat de Subventioune vun der Maison relais Mathendahl, dem Gîte zu Lasauvage op der Place Saintignon an deenen neien Haiser an esou weider, hu mer en Droit de superficie nach vun 1,3 Milliounen. Net ze vergiessen, am Logement subventionné kommen d'Effeten och bei de Recettë vum Logementsprojet Gravity, wou mer 7,1 Millioun Euro kréien. Dat ass en Deel vun deene 75 % vum Staat a schonn eng éischt Tranche vun der Revente vun de Logementer: 8,1 Milliounen. D'Subventioun fir den neie CID, 1.200.000 Euro, déi ass an der Explikatioun zimmlech vag nach. Duerfir eng Fro: Ass scho bekannt, wat mer eis kënnen u Subsid fir de CID erwaarden?

En anere Punkt, Vente terrains communaux „Zwëschent Lauterbännen": sechs Milliounen. Wa mer den Akafspräis vun deene verschiddenen Terrainen zesummenzielen, da komme mer op e Montant vun 3.737.280 Euro. Een Terrain vun 30.000 Euro hu mer schonn un d'SNHBM viruverkaaft am Kader vum Lotissement um Péitenger Wee.

Vum Terrain Schoué brauche mer ee gréisseren Deel fir eise CID. Ech war als Schäffe selwer a Kontakt mat de Proprietäre vum Terrain, dee vun der Gemeng kaf ginn ass, fir eng weider Zone économique ze erlaben. An am Kontrakt steet jo och de Passus: Vente dans l'intérêt public. Dofir meng Fro zu dësem Budgetsposten, éischtens: Wéi kënnt de Schäfferot op eng Zomm vu sechs Milliounen? Zweetens: Firwat verkaaft Der dëse fir eis Gemeng extreem wichtegen Terrain betreffend déi mëttel- a laangfristeg Entwécklung op dëser Plaz?

Mir als LSAP sinn der Meenung, dass d'Stad Déifferdeng soll am Besëtz vum Terrain bleiwen an dësen am Kader vun engem Bail de location verlounen. Wéi dat och bei der Zone artisanale et commerciale Haneboesch an och där neier Zon hannert dem Dimmi Si a Soclair de Fall ass.

Wann et néideg ass, soll d'Gemeng heifir e weideren Emprunt ophuelen, dee sech dann automatesch iwwert d'Annuitéiten zréckbezilt. Vläicht geet et och duer mam Budget, dass mer deen Emprunt net brauchen.

Ech erënneren och drun, dass d'Gemeng eng Partie aner Terraine kaaft huet, dat waren der net wéineg, mat enger Depense vun ëmmerhin am Ganze 5.679.000 Euro. Dës Terrainen, ofgesi vun deem engen oder deem aneren, ware meeschtens an der Gréngzon.

Am Pacte Logement hu mer eng Recette vun 1.320.000 Euro ze erwaarden. A Subside fir verschidden aner Projeten. Do ass awer dee gréisste Betrag dee vum LIHPS, der Sportsfabrick wéi se och nach genannt gëtt, vu 15,5 Milliounen. Et ass och wichteg ze wëssen, dass d'Sportsfabrick, de LIHPS elo komplett vum Ministère des Sports, dat heescht dem Staat, iwwerholl gëtt. Wat fir eis eng weider Méiglechkeet ass, Suen ze recuperéieren.

Et gëtt jo eng ganz Partie Projeten, déi mer dem Staat virfinanzéieren. Dat hei ass esou änlech, entre guillemets. Déi awer fir eis Entwécklung vun der Stad enorm wichteg sinn.

*pour un déficit de quelque 31 millions d'euros. Cependant, les excédents ordinaires de 2020 et 2021 se montent à 31 262 000 € pour un boni général de 429 000 €.*
*Erny Muller passe aux subsides du budget extraordinaire. Deux-millions-cent-quarante-cinq-mille euros sont destinés à l'hôtel de ville. Les couts nets pour la commune se monteront donc à 27 140 000 €. C'est un montant important. Erny Muller s'étonne que l'État ne le subventionne qu'à 75 % du montant éligible.*
*Le budget prévoit un emprunt de neuf-millions d'euros. La commune préfinancera le nouveau commissariat à hauteur de 8,5 millions d'euros.*
*Erny Muller mentionne ensuite la maison relais Mathendahl, le gite de Lasauvage et les maisons de la place Saintignon.*
*La Ville de Differdange touchera des subventions pour le projet Gravity à hauteur de 7,1 millions d'euros ainsi que la première tranche de la revente des logements à hauteur de 8,1 millions d'euros. La subvention pour le nouveau CID se monte à 1 200 000 €.*
*La commune va vendre des terrains au lieudit Zwësche Lauterbännen pour six-millions d'euros. Elle en a déjà vendu un à la SNHBM dans la route de Pétange pour 30 000 €. Le prix d'acquisition s'élève quant à lui à 3 737 280 €. Erny Muller rappelle que quand il était échevin, il a participé aux négociations pour l'acquisition de terrains pour le CID. Comment le collège échevinal explique-t-il cette somme de six-millions d'euros ? Pourquoi a-t-il l'intention de vendre un terrain tellement important ? Les socialistes estiment que le collège échevinal devrait le louer et non le vendre. Si nécessaire, la commune n'a qu'à contracter un emprunt.*
*La commune a acheté des terrains pour 5 679 000 € — essentiellement dans des zones naturelles.*
*Les recettes liées au pacte logement sont estimées à 1 320 000 €.*
*La commune récupèrera 15,5 millions d'euros pour la SportFabrick. Cela fait partie des projets que la Ville de Differdange a préfinancés.*

*Erny Muller constate qu'il vient d'analyser la plus grande partie des dépenses et des recettes.*
*En ce qui concerne les dommages et intérêts, Erny Muller mentionne la transformation de l'Aalt Stadhaus et l'incident ayant eu lieu dans le cadre du projet immobilier Nei Déifferdeng. Où en est cette affaire remontant à sept ans?*
*Pour ce qui est des investissements, Erny Muller rappelle que le collège échevinal a prévu des dépenses de l'ordre de 112 millions d'euros.*
*La commune va préfinancer deux projets pour le compte de l'État: le commissariat et l'école primaire. Ces deux projets représentent 18,5 millions d'euros. S'y ajoutent 16 millions d'euros pour Gravity et 8,6 millions d'euros pour le LIHPS — soit 43,1 millions d'euros pour 4 projets. Il reste donc 69 millions d'euros.*
*En ce qui concerne la modernisation de l'hôtel de ville, les socialistes redoutent la centralisation massive des services communaux.*
*Cent-mille euros sont destinés au parking des Hauts-Fourneaux.*
*Le LSAP soutient tous les projets ayant trait aux écoles et aux maisons relais.*
*Pour ce qui est du commissariat, les socialistes ont demandé il y a trois ans qu'il soit préfinancé par la commune. Finalement, les travaux commenceront en 2021.*
*Erny Muller salue les projets dans le cadre du tourisme comme le gite d'hébergement…*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *signale à monsieur Muller qu'il lui reste cinq minutes.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *souhaite revenir sur les points les plus importants.*
*Le budget prévoit une étude de 150 000 € pour le parking du contournement. Erny Muller s'était montré critique lorsque la majorité a voulu remplacer ce parking par un parking sur le site d'ArcelorMittal en 2018. Il avait proposé de construire les deux. Le collège échevinal n'a pas réagi pendant trois ans, mais finalement, il semble s'intéresser à cette proposition. Erny Muller rappelle que ce projet élaboré par l'ancien échevin à la*

Alles, wat ech elo opgezielt hunn, huet ongeféier dee gréissten Deel vun den Depensen oder Recetten ausgemaach, déi dann 81 Millioune waren an elo 73,8 Milliounen, an ass deen Undeel, deen ech analyséiert hunn.

Mir hätten nach eng weider Fro iwwer e Posten ënner 1.890: Remboursements, dommages et intérêts subis par la Ville de Differdange. Et geet hei ëm d'Renovatioun an den Ëmbau vum Ale Stadhaus. Et handelt sech ëm en Incident am Kader vum Immobilieprojet Nei Déifferdeng. Wou ass dës Affär, déi schonn op d'mannst siwe Joer zréckläit, drun?

Da kéime mer zu de Projeten, den Invester an d'Zukunft vun eiser Stad an hire Biergerinnen a Bierger. Erlaabt mer, e puer vun deene grousse Projeten ze kommentéieren.

Am Ganze gi mer 112 Milliounen aus. Zwee grouss Projete gi fir de Staat prefinanzéiert nämlech d'Polizeigebai mat 8,5 Milliounen an dësem Budget an d'École primaire mat zéng Milliounen. Dat heescht, dat sinn am Ganze schonn 18,5 Milliounen, déi mer an de Budget hei afléisse loossen. Fir de Gravity-Wunnprojet ass e Montant vu ronn 16 Millioune virgesinn, an de LIHPS: 8,6 Milliounen.

Déi véier Poste maachen insgesamt 43,1 Milliounen aus. Vun deenen 112 Millioune bleiwen der nach ronn 69. Wat en enorm héije Chiffer ass, deen an engem Joer ze verschaffe wär.

Eis Positioun zu deenen eenzele Projeten. Éischtens: d'Modernisatioun Hôtel de Ville, 3,9 Milliounen. Dir wësst – a mir haten et bei der Ofstëmmung och zum Ausdrock bruecht –, dass et eng massiv Zentralisatioun vun eise Gemengeservicer ass a speziell op dëser Plaz ronderëm den Hôtel de Ville.

Dann Urbanisme: Parking Hauts-Fourneaux, 100.000 Euro. Mir ginn dovun aus, dass dat dee Parking ass, deen nach ëmmer mat ArcelorMittal weider gekuckt gëtt. Campus-scolairen a Maison-relaisen, och nach zwou Zommen: Selbstverständlech, all déi Projeten an d'Entwécklung vun de Schoulen an de Maison-relaisen ënnerstëtzt d'LSAP.

D'Konstruktioun vum neie Polizeigebai, 8,5 Milliounen. Heizou: Dräi Joer ass et elo hier, dass d'LSAP gefuerdert hat, dass dëse Schäfferot – oder deen neie Schäfferot zu dësem Zäitpunkt – dëse fir d'Sécherheet vun eiser Stad wichtege Projet an Eegeregie soll realiséieren, wéi virgesi war am Kader vun engem Prefinanzement, nodeems déi nei Majoritéit, wéi gesot, dëse Projet wollt un de Staat oftrieden. Elo endlech geet et dann 2021 mam Bau un. Wéini de Staat ugefaangen hätt, net drun ze denken.

D'Projeten am Kader vum Tourismus, déi mir begréissen: Dat ass de Gîte hébergement am Kader vum Red-Rock-Trail an d'Renovatioun an d'Transformatioun vun den …

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Här Muller, et bleiwen nach fënnef Minutten.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Jo.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Ech wollt just drop opmierksam maachen.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Ech géif dann op déi wichtegst Saachen zréckkommen. Dat heescht de Parking um Plateau du Funiculaire, Contournement. Eng Etüd vun 150.000 Euro. D'Positioun vun der LSAP: Wéi déi nei Gréng-CSV-Majoritéit de Projet vun engem Parking um Contournement am Budget 2018 opginn hat an en anere Projet um Site vun ArcelorMittal wollt verwierklechen, hat ech scho gewarnt an och vun de Virdeeler vum Parkhaus um Contournement geschwat. Deemools hat ech scho proposéiert, zwee Parkingen ze bauen, een um Contournement an een anerem um Site vun ArcelorMittal, zesumme mat der Entwécklung vum Science Center.

Elo, nodeems dräi Joer näischt geschitt ass, ausser Diskussiounen, gitt Der endlech op dës Propositioun an. Ech erënneren drun, dass déi dräi Koalitiounspartner vun der vireger LSAP-déi gréng-CSV-Koalitioun dësen interessante Projet, deen ech och als LSAP-Bauteschäffen zesumme mam Här Bertinelli als Verkéiersschäffen ausgeschafft hat, an hire Walbroschüre presentéiert hat. De Projet gouf iwwregens och der Populatioun virgestallt.

Den Här Ulveling schwätzt elo vun engem klenge Parkhaus vu 600 Plazen. Wat ongeféier der Capacitéit vun deenen zwee aktuelle Parkingen entsprécht. Als LSAP fuerdere mir, dass de Schäfferot sech bei dësem Projet net nëmmen op en einfacht Parkhaus konzentréiert, mee wéi virgesinn e Parkhaus als urbanistesche Projet mat enger valoriséierter Fassad, enger Ubannung un den Zentrum, Richtung Parc Gerlache an och engem Kappgebai, dat iwwert d'Galerië vun deene verschiddenen Etagë vum Parkhaus direkt ze erreechen ass. A wou Espacen dra virgesi sinn, fir zum Beispill Startuppen an aner interessant Aktivitéiten.

Sollt dëse Projet net an enger Kéier am Budget ze stemme sinn, da recommandéieren ech, trotzdeem e Gesamtkonzept auszeschaffen an dräi Etappen. Éischtens d'Parkhaus, zweet Etapp Espacen an drëtt Etapp Ubannung un de Stadkär.

Dann zu der Montée du Wangert, Haut Wangert: null Euro virgesinn. Dëst ass fir eis en typescht Beispill vu mangelnder Dialogbereetschaft vum Schäfferot mat de Biergerinnen a Bierger. Dir wësst, genee wéi ech, dass de Quartier Wangert an Uwerwangert schwéier zougänglech ass an d'Leit sech suerge maachen, wéi se mat hirem Auto bei hir Haiser kommen. An och wéi se hiren Auto am Quartier kënnen ofstellen. Léisung heifir sinn, wéi an anere Quartieren, wou et mat de Stellplazen happert, sougenannte Quartiersparkingen, déi d'LSAP viru fënnef Joer ugefaangen hat.

Den Amenagement vum Park Terrain AS-Déifferdeng: Hei si mir wierklech enttäuscht, dass et net virugeet. An anere Fäll hu mir vill Milliounen investéiert fir Gebaier zesumme mam Staat. Just hei mat Ponts et Chaussées brénge mer et net fäerdeg, dëse Projet direkt ze realiséieren.

Étude sur la mobilité: Do si mer wierklech gespaant, wéi dat gréngt Konzept soll ausgesinn, wann dann elo d'Autoen aus eisem Stadzentrum weitgehendst solle verschwannen.

Terrain des sports an Halls sportifs: d'Konstruktioun vum Stade athlétisme régional Woiwer. Ech mengen, do ass et interessant ze wëssen, an Dir wësst dat, dass déi 20 Milliounen, déi oft ugefouert ginn, e Bruttochiffer ass, wou sechs Millioune fir e Parkhaus vun 300 Stellplaze virgesi sinn. A wa mer dervun ausginn, dass mer nach eventuell e Subsid vu véier Millioune kréichen, da wieren nach allgemeng zwou Millioune fir dëse Projet ze stemmen, wa véier Gemengen do sollte matmaachen.

Ech kéim dann nach zu de Schoulen. Wa weideren Ausbau virgesinn ass wéi Nidderkuer, da sollte mer eng Étude démographique maache loossen. An och kucken, wéi den Afloss vun der internationaler Schoul op eis Schoulpopulatioun ass.

Ech kéim zum Ofschloss. Am Numm vun der LSAP soen ech dem Gemengepersonal vun der Stad Déifferdeng e grousse Merci fir seng Motivatioun a säin Asaz. Et si si, déi dëse Budget mat Liewe fëllen, sief et um Niveau vum CID, eisen administrative Servicer op der Gemeng selwer souwéi eise Structure-d'accueilen.

Elo awer d'Konklusioune vun der LSAP zum Budget rectifié 2020 a Budget initial 2021. D'LSAP war wärend véier Joer am Schäfferot, vun 2014-2017, maassgeeblech un der Ausféierung vun enger Partie grousse Projete bedeelegt. Projeten, déi sech am Budget 2020 wéi och nach am Budget 2021 erëmspigelen. Eng Partie vun neien Initiative kënne mer op kee Fall matdroen. Mir denken hei un de Projet vun der zentraliséierter Gemengeverwaltung nieft dem aktuellen Hôtel de Ville. Och hätte mir d'Prioritéiten anescht definéiert a wären d'Projete méi zügeg ugaangen. Beispill heifir sinn dat neit Policegebai an de Parking um Contournement – déi wäre schonn am Bau – an d'Kärsanéierung vun der Uewerkuerer Sportshal, fir nëmmen dës ze nennen.

*circulation socialiste, monsieur Bertinelli, figurait dans le programme électoral de l'ancienne majorité et a été présenté à la population.*
*Monsieur Ulveling parle désormais d'un petit parking de 600 places. Les socialistes exigent un véritable projet urbanistique avec une belle façade, un raccordement au centre en direction du parc Gerlache et un bâtiment accessible à travers les différents étages du parking. Ce bâtiment pourrait accueillir des startups et d'autres activités intéressantes. Si un tel projet ne peut pas être réalisé en une seule fois, Erny Muller suggère de le réaliser en trois phases : le parking, les espaces et le raccordement.*
*Le projet de la montée du Haut-Wangert est le parfait exemple du manque de dialogue entre le collège échevinal et les citoyens. Ce quartier est difficilement accessible et les riverains se demandent comment arriver à leurs maisons sans voiture. C'est pourquoi les socialistes préconisent des parkings de quartier.*
*Erny Muller se dit déçu que l'aménagement du terrain de l'AS n'avance pas.*
*En ce qui concerne la mobilité, Erny Muller se demande à quoi ressemblera le concept écologiste quand les voitures devront disparaitre du centre-ville.*
*Les 20 millions d'euros que doit couter le stade d'athlétisme sont un chiffre brut comprenant un parking de 300 places. Si on y ajoute un subside de quatre-millions d'euros, Differdange n'aurait plus à payer que deux-millions d'euros.*
*Quant aux écoles, Erny Muller demande une étude démographique avant d'agrandir les établissements.*
*Pour conclure, Erny Muller remercie le personnel communal pour son engagement. C'est le personnel qui remplit ce budget de vie.*
*Les socialistes ont fait partie de la majorité de 2014 à 2017 et ont participé à la planification de projets que l'on retrouve dans les budgets de 2020 et 2021. Mais ils ne peuvent pas soutenir certaines initiatives comme la centralisation de l'administration communale. Ils auraient également fixé des priorités différentes, comme le commis-*

*sariat, plusieurs parkings ou le développement durable du site des Hauts-Fourneaux avec la machine à gaz et le Science Center. La halle des soufflantes fait partie du patrimoine industriel de la ville. Elle aurait pu accueillir des évènements dans le cadre d'Esch2022. Le collège échevinal ferait bien d'avancer dans ce projet.*
*Erny Muller regrette que les écologistes differdangeois ne demandent pas à leur ministre de prolonger le tracé du tram de trois kilomètres pour arriver à Differdange.*
*En ce qui concerne les soins et le HPMA, il est important pour les socialistes de décider ce qu'il adviendra des bâtiments.*
*Erny Muller répète que le LSAP soutient toute une série de projets et qu'il les approuvera. Cependant, les socialistes sont opposés à d'autres points et n'approuveront donc pas le budget rectifié 2020 et le budget 2021.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *constate que malgré les éléments externes défavorables, le collège échevinal a l'intention de continuer à investir. Bien entendu, il faut aussi veiller à faire des économies. C'est pourquoi il faudra reporter quelques projets. C'est la bonne approche. Évidemment, les chrétiens sociaux auraient préféré que tous les projets soient réalisés. Mais la dotation de l'État et l'impôt commercial vont baisser de 14 millions d'euros. La situation n'a pas l'air de s'améliorer et la commune pourra être contente si elle ne finit pas par toucher moins encore.*
*D'un autre côté, la Ville de Differdange doit investir dans l'école du Bock, le CID et l'hôtel de ville, des projets essentiels. Ils seront financés en partie à travers un emprunt.*
*Jerry Hartung insiste sur le fait qu'il faut éviter de tomber dans une spirale des dettes qui forcerait la commune à contracter un emprunt tous les ans pour réaliser ses projets. Car alors, les dépenses ordinaires incompressibles augmenteraient et la commune ne pourrait plus compter sur des excédents de 24 millions d'euros. Avec comme conséquence qu'elle ne pourrait plus investir autant.*

De Parking souterrain ënnert der Mandela-Plaz nieft dem Ale Stadhaus hätte mir prioritär ugepaakt.

Fir d'Kulturhaaptstad 2022 vermësse mir eng nohalteg Entwécklung um Site Hauts-Fourneaux mat der Groussgasmaschinn respektiv dem Science Center an och der Hall des soufflantes. Dës Hal ass déi, déi ee vum Contournement aus gesäit an eebefalls e Patrimoine industriel vun eiser Stad duerstellt. Hei hätte scho Veranstaltungen am Kader vun 2022 stattfanne kënnen. Mir maachen op jidde Fall eng dréngend Opfuerderung un de Schäfferot, fir dës Projete virunzedreiwen.

Wat Är Visioune betreffend der Mobilitéit ubelaangt, stëmmt et eis traureg, dass nodeems de grénge Minister den Tram bis op Bieles ugekënnegt huet, seng gréng Kolleeginnen a Kolleegen hei zu Déifferdeng net vun hirem Minister verlaangen, den Tracé vum Tram ëm dräi Kilometer ze erweideren an dëse bis zur drëttgréisster Stad vum Land, nämlech Déifferdeng, fueren ze loossen.

Wat déi zukünfteg medezinesch Versuergung vun eiser Stad an och déi vun de Gebailechkeeten, dem HPMA, ubelaangt, sou wäert de Groupe interfractionnel zwëschent de Parteien am Januar 2021 seng Aarbecht ophuelen. Et ass wichteg, dass mir am kommende Joer eng méi konkreet Virstellung kréien, wat den HPMA a seng Zukunft ugeet.

Aus deenen erwäänte Grënn, wou mir, wéi gesot, fir eng ganz Partie Projete wuel sinn an déi och wäerte matstëmmen, mee awer nach a verschiddene Punkten diametral opposéiert sinn zu der Majoritéit, stëmmt d'LSAP de Budget rectifié 2020 an de Budget 2021 net mat. Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Ech soen Iech och villmools merci, Här Muller. Da wier et elo um Här Hartung.

**JERRY HARTUNG (CSV):**

Merci. Madamm Buergermeeschtesch, Dir Dammen an Dir Hären, trotz de finanziellen Aboussen duerch déi ganz extern Ëmstänn, ginn d'Investissementer fir Déifferdeng am virgestallte Budget vun der Buergermeeschtesch an dem Schäfferot héich gehalen. Natierlech muss hei an do gekuckt ginn, fir anzespueren, verschidde Projete leider zréckgesat oder finanziell Mëttel generéiert ginn. Dat ass déi richteg Approche. A mir als Déifferdenger CSV sti vollst hannendrun.

Natierlech hätten och mir léiwer gehat, wann all d'Projeten, déi mer virgesinn haten, géifen ëmgesat ginn. Mee wéi mer virun zwou Woche matgedeelt krute bei der Presentatioun vum Budget, kréie mer 2021 sécher ronn 14 Millioune manner iwwert d'Dotation de l'Etat an den Impôt commercial eran.

Mëttlerweil sinn zwou Woche vergaangen. D'Situatioun huet sech leider net verbessert a mer kënne frou sinn, wa mer duerno net nach manner Sue vum Ministère de l'Intérieur kréie wéi erwaart. Et gëtt souguer gefaart, datt mer beschtefalls 2023 eréischt nees op den Niveau vun 2019 géifen zréckkommen, wéinst deem ganzen Impakt vun der Coronapandemie op d'Ekonomie.

Gläichzäiteg si mer awer och an der Situatioun, dass mer grouss Investissementer mussen tätegen, wéi den Neibau vun der Bockschoul, de CID an den Ausbau vun eisem Stadhaus. Dës dräi grouss Projeten, déi mer schonn all zesummen diskutéiert an duerno gestëmmt hunn, sinn eng Noutwendegkeet. Och wann en Deel iwwer eng Schold muss finanzéiert ginn.

Mer mussen awer oppassen, datt mer net an eng Scholdespiral kommen. Wat géif heeschen, datt mer all Joer nei Scholde missten ophuelen, fir eis Projeten ze finanzéieren. Dës géif mat sech bréngen, datt am ordinäre Budget d'Schold mat den Zënsen, déi zréckzebezuele wären, géif steigen. Nieft de Personalkäschten, déi all Joers eng mechanesch Hausse kennen an den Onkäschte fir den Entretien vun alle Gebailechkeeten. An déi inkompressibel Ausgaben esou géifen eropgoen, mam Risiko, datt mer eisen ordinäre Boni vu ronn 24 Milliounen am Joer laangfri-

steg net hale kéinten an esou riskéiere géifen, ëmmer manner Suen ze hunn, fir ze investéieren.

Dofir begréisse mer, datt den Här Ulveling sot, datt hien ënner anerem dës dräi Projeten nach eemol op de Leescht huele géif, fir ze kucken, wat wierklech an de Projeten néideg a wou nach Aspuerpotenzial wär. Natierlech muss gekuckt ginn, wou ee sënnvoll aspuere kann. Well wann een duerno eppes misst nobauen, nobesseren, hätte mer näischt gewonnen. Au contraire, géif et just méi deier.

Mir denken, wann hei an do vläicht nach déi eng oder aner Millioun kéint agespuert ginn, géif dat der Stabilitéit vun eise Gemengefinanzen hëllefen.

Et ass awer och richteg a mengen Aen, datt de Schäfferot decidéiert huet, fir keng Austeritéitspolitik ze maachen, mee Invester ze tätegen an dëser schwiereger Zäit, mat dem Zil, d'Konjunktur unzekuerbelen. Et ass grad elo wichteg, positiv no vir ze kucken, Investissementer héich ze halen, datt d'Ekonomie weider dréit an d'Aarbechtsplaze beschtméiglech gesëchert sinn, fir datt déi sanitär Kris keng ekonomesch Kris mat sech bréngt – oder besser gesot, datt op d' mannst den negativen Impakt op d'Ekonomie net ze grouss gëtt.

Datt mer dës Approche vum héijen Invest kënnen ëmsetzen, muss een dobäi soen, datt dës just duerch den uerdentlechen Ëmgang an d'Gestioun vun de Gemengefinanzen aus de leschte Jore méiglech ass. Vun dëser Majoritéit, awer – dat gouf virdrun och richtegerweis ugemierkt – och vu virdru schonn.

Punkto Schold, do musse mer elo néng Millioune léine goen. Dëst ass net gutt, stellt awer zum Gléck keng gréisser Hürd fir ons Gemeng duer, well mer ons Schold an de leschte Jore gutt zréckgefuer hunn. Zudeem hu mer ons Infrastrukturen a Schoss gehalen an a vill Kapital investéiert. Ee Wäert, dee mer elo nach hunn a mer souguer zousätzlech Recetten am Ordinär generéieren.

Ech denken do zum Beispill un all d'Wunnenge fir de soziale Wunnengsmaart oder d'Commercen am Kader fir eng attraktiv Geschäftswelt zu Déifferdeng. Wou mer zum engen eppes Guddes fir ons Bierger bewierkt hunn a wat zum aneren eng Kapitalanlag fir d'Gemeng duerstellt. Oder Terrainen, wou mer elo zum Beispill duerch de Verkaf vu munchen Terraine ronderëm den neie CID, déi, amplaz iwwer e Bail de location verlount sollte ginn, elo un de Commerce, deen dropkënnt, verkaf ginn, esou sechs Milliounen erauszéien, fir eeben aner Projeten am Budget ze bezuelen. Doriwwer eraus behale mer nach d'Reserv vun deenen dräi Milliounen, wa mer kuerzfristeg wéilten e wichtegen Terrain, ee Commerce oder eng Immobilie fir de soziale Wunnengsmaart kafen.

Zum Budget rectifié: Jo, do koume munch Saachen duerch de Confinement a Verzuch, déi 2021 nogeholl ginn. Wat natierlech mat sech bréngt, datt dës Posten an de Budget eriwwer ginn.

Wichteg ass, datt mer Subsiden ufroen a kréien, déi ons zegutt stinn. Wéi zum Beispill bei de Baute vu Schoul a Sport. Et ass luewenswäert, datt no laangem Asaz vum Schäfferot fir eise Kulturprogramm am Ale Stadhaus, de Kulturministère ons hei d'selwecht behandelt wéi vill aner Kulturhaiser. Merci dofir.

Vermësse maache mer awer weiderhin de Subsid fir eisen Diffbus vum Transportministère. Huet et soss ëmmer geheescht, mer kéinte kee kréien, mat der Ausried datt eisen Diffbus gratis ass, si mir dovunner ausgaangen, datt mer awer zënter dem 1. Mäerz dëst Joer, wou de ganzen ëffentlechen Transport gratis gouf, dësen zegutt hätten.

Anscheinend, seet den Transportministère elo, mer hätte kee Subsid zegutt, well et sech ëm eng privat Buslinn handelt. Pardon, eisen Diffbus ass kloer en ëffentleche Bus. Fir jiddereen zougänglech. E gëtt jo och ënnert mobilitéit.lu gefouert. Interessanterweis kréien d'Stad Diddeleng an Esch awer e Subsid fir hire Citybus, well hiren iwwert den T.I.C.E. leeft. An dat ka jo och keen Argument sinn, schliisslech gëtt de ganzen RGTR iwwer privat Busentreprisen, ënner anerem déi selwecht wéi eisen Diffbus, ofgewéckelt.

Hei schwätze mer vu schätzungsweis enger hallwer Millioun Euro all Joer, déi mer misste kréien an déi den Transportminister ons net wëll ginn. Dofir

*Pour cette raison, Jerry Hartung soutient ce qu'a proposé monsieur Ulveling, c'est-à-dire de vérifier où dans ces projets des économies sont possibles. Réussir à épargner l'un ou l'autre million d'euros serait bénéfique pour les finances communales.*

*D'un autre côté, le collège échevinal a raison de ne pas se lancer dans une politique d'austérité. Il est important d'aller de l'avant pour faire tourner l'économie et préserver les emplois. Il faut éviter que la crise sanitaire ne se transforme en crise économique. Que les investissements restent élevés est dû essentiellement à la bonne gestion des finances communales au cours des dernières années.*

*Le collège échevinal compte contracter un emprunt de neuf-millions d'euros. Ce n'est pas un véritable problème, car la commune maitrise son endettement. En plus, elle a investi dans les infrastructures, ce qui génère des recettes ordinaires. Jerry Hartung mentionne les appartements et les locaux de commerce que la commune loue. Il cite aussi la vente de terrains autour du nouveau CID, qui rapportera quelque six-millions d'euros. La commune dispose aussi d'une réserve de trois-millions d'euros pour acheter un terrain, un commerce ou un bien immobilier spontanément.*

*En 2020, plusieurs projets ont pris du retard à cause du confinement et seront réalisés en 2021.*

*La Ville de Differdange touche des subsides pour les bâtisses, l'école et le sport. Il était temps que le ministère de la Culture traite l'Aalt Stadhaus comme les autres centres culturels. Jerry Hartung regrette en revanche que le gouvernement ne verse pas de subside pour le Diffbus. Au départ, le ministère des Transports justifiait sa décision par le fait que le Diffbus était gratuit. Mais désormais, tous les transports en commun le sont. Le nouvel argument est que le Diffbus est exploité par une société privée. Or le Diffbus est un bus public, accessible à tous et intégré à mobilitéit.lu. En plus, Esch et Dudelange ont droit à un subside pour le Citybus du TICE. Et le RGTR est entièrement géré par des entreprises privées. Il est tout de même question d'un*

*demi-million d'euros que la Ville de Differdange mériterait.*
*L'agrandissement de l'hôtel de ville et la construction d'un nouveau CID étaient devenus essentiels pour améliorer les conditions de travail du personnel et offrir un bon service aux citoyens.*
*La commune continue à investir dans les écoles et les structures d'accompagnement. Jerry Hartung mentionne l'école du Bock, le Mathendahl, l'école Saint-Pierre, l'EIDE…*
*En matière de sport, de nouvelles infrastructures seront construites à l'école du Bock. Le centre sportif de Niederkorn est terminé. Le centre sportif d'Oberkorn pourra être refait.*
*Jerry Hartung passe au volet social, où l'on a souvent tendance à vouloir faire des économies en temps de crise. Ce n'est pas le cas à Differdange. La devise de Differdange est de rester solidaire. L'allocation de solidarité a été augmentée et restera élevée l'année prochaine. La commune a aussi pris des mesures pour soutenir les personnes âgées ou vulnérables. Le service Senior Plus a été renforcé et le Dinola a été mis en service.*
*En mars, le collège échevinal a créé un service jeunesse soutenant les jeunes parallèlement au service scolaire et aux maisons des jeunes.*
*En ce qui concerne le logement social, la commune a investi dans 80 appartements dans le cadre du projet Gravity. Ailleurs, d'autres logements sont aussi prévus. La commission du logement ferait bien d'établir des critères permettant de distribuer les logements de manière équitable et dans le respect de la mixité sociale.*
*Jerry Hartung salue la construction d'un nouveau commissariat. Ce chantier n'aura pas de répercussions sur le budget, car les travaux seront remboursés intégralement par l'État.*
*La commune essaye de renforcer le sentiment de sécurité de la population. Jerry Hartung mentionne les services sociaux, l'éclairage et l'éducation de rue sous la gestion de l'office social. Il faut cependant distinguer ceux qui commettent certains actes par ennui ou parce qu'ils font partie d'un groupe de*

wëll ech en Appell un de Schäfferot maachen, energesch nozehaken, bis mer e kréien.

Komme mer zu de Projete fir dat kommend Joer. Mat dem Ausbau vum Gemengenhaus an dem méi wéi laang iwwerfällegen Neibau vum CID, setze mer d'Viraussetzung, datt uerdentlech Aarbechtsbedéngungen an zukünfteg ee gudde Service um Bierger garantéiert ka ginn. Also nëmmen ze ënnerstëtzen.

Eppes, wat ons immens wichteg ass a wou mer och schonn an de leschte Jore vill investéiert hunn, dat sinn ons Schoulen a Betreiungsstrukturen. Zu Uewerkuer gëtt et bei der Bockschoul elo eescht.

Zu Nidderkuer geet et am Mathendahl weider. D'Saint-Pierre-Schoul gëtt renovéiert. Och bei der Grondschoul am EIDE geet et weider. Um Woiwer an zu Nidderkuer muss elo analyséiert ginn, ob mam Wuesstem de Schoulraum an den nächste Joren duergeet oder ob een deemnächst schonn do muss erweideren.

Gläichermoosse gesäit et am Sport aus. D'selwecht wéi zu Nidderkuer, gëtt bei der Bockschoul eng ganz nei Sportsinfrastruktur opgeriicht. D'Nidderkuerer Sportshal ass elo fäerdeg. Soudatt d'Veräiner aus dem Centre sportif heihinner kënnen auswäichen. Soudatt een hei och mat de Renovatioune virukënnt.

Op vill aner Beräicher geet den Här Tempels duerno nach fir d'CSV an, notamment d'Kultur, de Verkéier, d'Ëmwelt an d'Informatik. Soudatt ech zum Schluss méi intensiv op d'Soziales an d'Sécherheet kann agoen.

Et huet een oft an esou Krisen, wa muss gespuert ginn, datt de roude Stëft gäre beim Sozialen ugesat gëtt. Do gesi mer, datt dat bei eis net de Fall ass. Zum Gléck. Ech sinn immens frou, datt dat net gemaach gëtt. Bei eis ass d'Devis: weidermaachen a solidaresch sinn. Grad elo. D'Allocation de solidarité goung gutt erop a soll och d'nächst Joer héich bleiwen.

Besonnesch an der Kris huet d'Gemeng vill Mesurë geholl gehat, fir ze hëllefen, zum Beispill den eeleren oder vulnerabele Leit hir Akeef maachen. Den Dinola gouf an d'Liewe geruff, de Service Senior Plus gouf opgestockt, fir datt och si genuch personell Ressourcen hunn, fir géint déi sozial Isoléierung am Alter ze agéieren. Grad an enger Zäit wéi elo.

Fir déi Jonk stinn och vill Projeten am Budget. Mëtt Mäerz dëst Joer gouf zum Beispill e Service Jeunesse geschaaft, deen nieft onsem Schoulservice, eise véier Jugendhaiser, dem Jobcenter eng zousätzlech Ulafstell fir déi Jonk an hir Elteren ass, fir onkompliziéiert Ënnerstëtzung, Berodung an noutfalls Begleedung ze kréien. All dës Initiative si luewenswäert.

An de soziale Wunnengsmaart gëtt weider vill investéiert, mat notamment den 80 Wunnengen am Projet Gravity. Et ass awer och Wunnraum op anere Plaze virgesinn. An dësem Kontext sollt een d'Logementskommissioun vläicht domadder befaassen, fir, wéi beim Projet Gravity, sech Gedanken ze maachen iwwer Krittären, wéi een eng objektiv gerecht Verdeelung kéint virgesinn am Sënn vun der sozialer Mixitéit.

Zum Schluss kommen ech net laanscht d'Theema Sécherheet an eiser Stad. Mir si frou, datt ee weidere groussen Invest hei zu Déifferdeng, de Bau vum neie Policegebai, elo ka lassgoen. Dësen Invest huet weider keng Repercussiounen op onse Budget, well mer d'Sue jo um Enn vum Chantier integral vum Staat erëmkréien. An deen iwwer ee separaten Emprunt finanzéiert gëtt.

Selwer mécht d'Gemeng och vill fir d'Sécherheet a fir d'Sécherheetsgefill vun eise Bierger. Zum Beispill ons sëlleg Sozialservicer, verschidde Plaze gi besser beliicht oder de Projet vun de Streetworker, deen amgaang ass mam Office social opgebaut ze ginn. Wat wierklech immens wichteg fir eng Stad wéi Déifferdeng ass.

Et muss een awer differenzéieren tëscht Leit, déi aus Langweil an aus enger Gruppendynamik eraus Akte maachen, déi net an der Rei sinn, an ee mat Hëllef vun engem Streetworker dës kann anescht kanaliséieren, beschtméiglech och dëse Leit kann hëllefen oder Leit, déi hei sinn, fir absichtlech illegalen Aktivitéiten nozegoen. Wou och ee Streetworker näischt dogéint ka maachen.

Viru ronn zwee Joer hate mir hei ee Budget gestëmmt fir eng Patrull vun enger privater Sécherheetsfirma, déi dann elo ronn zënter annerhallwem Joer hir Toure mécht, fir deem entgéintzewierken an de Leit hiert Gefill vu Sécherheet ze stäerken. Dat, en attendant, datt onst Policekommissariat endlech mat zousätzlechem Personal opgestockt ginn ass.

De Policeminister hat virun e puer Méint annoncéiert, datt massiv misst rekrutéiert ginn an an den nächsten dräi Joren op nationalem Plang jeeweils 200 nei Poliziste sollten agestallt ginn. Déifferdeng krut och zougesot, d'nächst Joer nei Poste bäizekréien. Dëst wär jo insgesamt eng gutt Saach. Well et héiert een ëmmer erëm vu Bierger, zum Beispill, datt si an der Nuecht bei der Police ugeruff hätten, fir eppes ze mellen an d'Police aus Personalmangel net iwwerall kéint hifueren.

Och wëlle mir, datt ons lokal Police Zäit soll hunn, fir Patrullen duerch ons Stad kënnen ze maachen. Also och preventiv kéint schaffen.

Wa meng Informatiounen awer elo stëmmen, dann ass just virgesinn, fir déi Poste vu Polizisten, déi an d'Pensioun ginn, mat neien ze ersetzen. Dat ass net dat, wat mir ënner méi Police verstinn. Och fir 2022 gëtt anscheinend just vu Stagiairë rieds, déi bäikommen. Mee wann déi no ronn 20 Woche fäerdeg forméiert sinn, da schéngt et esou, datt si wou anescht wäerten affektéiert ginn. Do freet ee sech dann, firwat ons Police net verstäerkt gëtt.

Ganz interesséiert hunn ech d'Diskussioun an der Stad Lëtzebuerg suivéiert, déi jo och elo op de Wee vun enger privater Sécherheetsfirma gaangen ass. Ech verstinn de Policeminister, dass hien dat net gutt fënnt a seet, datt Preventioun an dësem Beräich eenzeg an eleng der Police sollt virbehale sinn. Mee da froen ech mech, firwat hien als zoustännege Minister dat net ëmsetzt an endlech kuckt, datt genuch Polizisten an onsen an an anere Kommissariater sinn.

Wéi soll eng Police Preventioun maachen, wa se mol net genuch Leit huet, fir all d'Interventiounen ze assuréieren, dat heescht, wann d'Leit uruffen. Wou sinn dann dës Patrullen? Do ass ee Vide. Net nëmmen zu Déifferdeng. An dëse Vide gëtt vun de Gemengen iwwert de Wee vu private Sécherheetsfirmen opgefëllt.

A wann ech d'Zuele kucke vun den Interventioune vun eiser privater Sécherheetsfirma, 1.100 Stéck, am besoten Zäitraum vun annerhallwem Joer. Jo, de Gros si wuel einfach kleng Hëllefstellungen oder kleng Bagatellen, awer 150-mol huet och d'Police mussen dobäikommen. Also wuel och net näischt.

Natierlech hätt d'Statistik besser ausgesinn, wann ons Sécherheetsfirma net do gewiescht wier. Nom Motto: Manner Polizisten um Terrain, manner Interventiounen, ëmsou besser gesäit d'Statistik aus. Mee wëlle mer wierklech eng Sécherheetspolitik, wou mer d'Aen einfach zoumaachen?

Fir mech ass ee Rechtsstaat ee Staat, wou d'Leit net mussen d'Police dauernd ruffen, fir datt si net an hire Fräiheeten ageschränkt sinn an zu hirem Recht kommen, mee e Staat, wou d'Police preventiv Patrulle mécht a selwer agéiert, wa se illegal Handlunge wouerhëlt. Oder eeben a sensibele Stroossen oder bekannte Caféë kuckt, ob alles an der Rei ass an net just dann agéiert, wa se geruff gëtt. Esou géif duerch hir Presenz villes guer net virkommen a wär am Sënn vun engem flotte gesellschaftlechen Zesummeliewen a vun der Preventioun.

E kloren Zäitplang brauch et net nëmme fir d'Opstocke vum Personal, mee och a punkto legal Basis ëmzesetzen. Well änlech am Sand verleeft et mat onsem Projet vun de Kameraen, wou mer ëmmer nees vertréischt ginn, datt dat neit Gesetz fir eng Iwwerwaachung op sensibele Plazen am ëffentleche Raum soll kommen.

Fir d'Lescht huet et geheescht, Enn dëses Joers, spéitstens Ufank nächst Joer. Mir sinn elo Dezember. An dat ass bekanntlech dee leschte Mount vum Joer. Wou ass dann dëst Gesetz? Et ass nach ëmmer näischt en Vue. An d'Gemeng huet vill investéiert mëttlerweil. Et ass alles prett: D'Kabele si längst verluecht, d'Kamerae leien op der Gemeng a waarde just drop, opgehaangen ze ginn. An onsem Budget sti souguer nach 100.000 Euro, well mer et wëllen ausbauen. Mee mer hänken nees bei der

*ceux qui s'engagent dans des activités criminelles.*
*Il y a deux ans, le conseil communal a approuvé une patrouille d'une société de sécurité privée en attendant que le commissariat de police ouvre ses portes. Il y a quelques mois, le ministre de la Police a annoncé qu'il recruterait massivement des policiers au cours des trois prochaines années. C'est une bonne chose, car apparemment, la nuit, la police ne peut pas toujours se déplacer quand on l'appelle.*
*La police doit avoir le temps de patrouiller à Differdange. Or Jerry Hartung croit savoir que seuls les policiers partant à la retraite seront remplacés. Ce n'est pas ce qu'il appelle « plus de police ». Pour 2022, il n'est question que de stagiaires, qui seront affectés ailleurs une fois leur formation terminée. Pourquoi la police n'est-elle pas renforcée réellement ?*
*La discussion à Luxembourg-ville au sujet des entreprises de sécurité privées est intéressante à cet égard. Le ministre de la Police insiste sur le fait que la prévention est une compétence exclusive de la police. Mais pourquoi dans ce cas ne fait-il rien pour renforcer la police ? Comment la police peut-elle faire de la prévention si elle ne peut même pas assurer toutes les interventions ?*
*L'entreprise privée agissant à Differdange est intervenue 1100 fois en un an et demi. Cent-cinquante fois, elle a dû demander le renfort de la police. Bien sûr, les statistiques sont meilleures si personne n'intervient. Mais Jerry Hartung ne veut pas faire l'autruche en matière de sécurité.*
*Dans un État de droit, la police doit patrouiller et faire de la prévention dans les rues et les cafés sensibles. Sa seule présence suffirait à dissuader certains criminels.*
*Le recrutement de personnel n'est pas le seul problème. Le gouvernement repousse sans cesse l'approbation de la loi sur les caméras de surveillance dans les lieux publics. D'abord, il a été question de fin 2020, puis de début 2021. Mais en réalité, rien n'a été fait. En attendant, la Ville de Differdange a investi beaucoup d'argent. Elle dispose des caméras ; elle a fait instal-*

*ler tous les câbles. Le budget prévoit même 100 000 € pour développer le système de vidéosurveillance. Jerry Hartung admire la patience de certains.*
*Il exhorte le collège échevinal à intervenir auprès du ministre de la Police pour exiger un calendrier précis. De cette façon, les communes n'auront plus à recourir à des entreprises de sécurité privées. La Ville de Differdange doit aussi pouvoir mettre en place son système de vidéosurveillance approuvé par le gouvernement.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)**
*constate que les recettes extraordinaires du budget rectifié 2020 sont passées de 83 millions d'euros à 57 millions d'euros. La situation est un peu moins grave quant aux dépenses extraordinaires : 102 millions d'euros au lieu de 126 millions d'euros.*
*François Meisch va se concentrer sur ce qui lui tient le plus à cœur. Le collège échevinal a demandé aux conseillers communaux d'être concis.*
*Les démocrates remercient tous les fonctionnaires ayant contribué à la réalisation du budget ainsi que tous les collaborateurs de la commune, y compris les écoles et les maisons relais. L'année 2020 a été difficile.*
*Le budget est le document le plus important de l'année politique puisqu'il fixe le fonctionnement d'une ville. Plus la ville est grande, plus la responsabilité est conséquente. En tant que troisième ville du Luxembourg, la commune de Differdange gère des sommes importantes. Les dépenses dépassent largement les 200 millions d'euros. Il serait donc irresponsable de ne pas analyser le budget en détail.*
*Un budget doit apporter des réponses aux questions sur l'avenir à moyen et long terme. Dans quelle direction Differdange doit-elle aller ? Comment la commune peut-elle lutter contre le chômage et améliorer la situation sociale ? Differdange doit devenir une ville dans laquelle on peut vivre, travailler et passer son temps libre.*
*Les anciennes friches industrielles accueillent désormais de nouveaux emplois. François Meisch rappelle que des centaines de personnes tra-*

Regierung. Ech bewonneren d'Gedold vu munchen.

Dofir ons Fuerderung un de Schäfferot, fir beim Policeminister ze intervenéieren an hien u seng Zousoen ze erënneren an ee kloren Zäitplang ze erstellen. Da brauche mir, an aner Gemengen, ons keng Gedanke méi ze maachen, fir iwwert de Wee vu private Sécherheetsfirmaen ze fueren. Dat ass jo och am Minister sengem Sënn. A mir brauchen dës net méi hei ze budgetiséieren.

An a punkto Sécherheetsiwwerwaachung op sensibele Plazen, wiere mir frou, wann ons Investissementer, déi mer op Zouso vun der Regierung gemaach hunn, endlech en place kéinte gesat ginn. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Hartung. Da wier et elo um Här Meisch.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Merci. Dir Dammen an Hären aus dem Gemengerot, léif Vertrieder vun der Press, léif Nolauschterer a Lieser, d'Eckdate vum Budget sinn elo bekannt. Wat de Rectifié 2020 betrëfft, fält op, datt d'Recettes extraordinaires vu bal 83 Milliounen am Initial op herno 57 Milliounen am Rectifié gefall sinn. Bei den Dépenses extraordinaires ass et liicht manner krass. Mee trotzdeem 126 Milliounen am Initial an elo 102 Milliounen am Rectifié.

Als Spriecher vun der Demokratescher Partei Déifferdeng huelen ech Stellung zum Budget. Ech konzentréiere mech op déi Punkten, déi eis am meeschten um Häerz leien. Mir krute jo un d'Häerz geluecht, de Bou zäitlech net ze iwwerspanen, wat ech da probéieren unzehuelen.

Am Numm vun eiser Partei wollt ech als Éischt alle Beamte Merci soen, déi um Budget geschafft hunn, alle Leit aus der Administratioun a vun alle Servicer an Déngschter souwéi dem Léierpersonal an de Schoulen. Och den Opfaangstrukture soe mir Merci fir all déi Aarbecht, déi 2020 ënner komeschen an oft schwierege Bedéngunge geleescht gouf a wënschen trotz allem schéi Feierdeeg.

Dat wichtegst Dokument, iwwert dat hei am politesche Joer diskutéiert gëtt, ass de Budget vun der Gemeng. Domadder steet a fält de Fonctionnement vun enger Stad. A wat eng Stad méi grouss ass, wat méi eng grouss Verantwortung heimat verbonnen ass.

Zu Déifferdeng, als drëttgréisst Stad am Land, hu mer follglecherweis zolidd Zomme vu Suen ze geréieren. Wa mer déi ordinär an extraordinär Ausgaben zesummerechnen, komme mer wäit iwwer 200 Milliounen Euro. E gewëssene Seriö ass deemno verlaangt vun eis alleguer. Dat, fir sech mat deem Dokument ze beschäftegen an déi Analys mat beschtem Wëssen a Gewëssen duerchzeféieren. Alles anescht wär onverantwortlech.

An engem Budget erwaart ee sech mëttel- a laangfristeg Äntwerten op Zukunftsfroen. Léisunge fir déi grouss Erausfuerderungen, virun deenen d' Stad Déifferdeng nach ëmmer steet: Wou soll eis Gemeng an deenen nächste Joren an och duerno histeieren? Wéi kënne mer besser op déi sozial Schiflag an eiser Gemeng awierken an den iwwerduerchschnëttlech héije Chômage bekämpfen? Et geet och drëms, alle Kanner gerecht Zukunftschancen ze bidden. Déifferdeng muss sech weider zu enger Stad entwéckelen, wou wunnen, schaffen a Fräizäit méi no beienee réckelen.

Op Industriefrichen, déi brooch louchen, sinn nei Aarbechtsplazen a ganz verschiddene Beräicher entstanen. Bescht Beispill eis Kreativfabrick. Mir hunn enormt Potenzial, wa mer alles richteg upaken. Am Laf vun e puer Jore sinn esou Honnerten nei Aarbechtsplazen entstanen. An déi verschiddenst Startuppen a kreativ Kënschtler hunn a wäerten och weider Déifferdeng kenneléieren an entdecken.

D'Aarbechten um leschte Gebai vun där Kreativfabrick ginn elo an déi definitiv Phas a mir freeën eis elo schonn drop.

Et ass elo de Moment, fir e weidert Standbee vun der Kreativwirtschaft an eiser Gemeng ze plangen an an den nächste Joren entstoenzeloossen. Elo

missten d'Weiche gestallt ginn, fir Déifferdeng och an Zukunft wirtschaftlech op staark Pilieren ze stellen, fir kloerzemaachen, datt d'Gemeng dat als eng grouss Prioritéit gesäit, nei Aarbechtsplazen op hirem Terrain ze schafen. Fir eisen Awunner attraktiv a sécher Aarbechtsplazen ze bidden an déi wirtschaftlech Aktivitéit am Land ze dezentraliséieren. Schaffen a wunne méi no bréngen, dat färdert d'Mobilitéit. Wann eng Majoritéit dee Wëlle kloer dokumentéiert, dann hunn déi ekonomesch Acteure Vertrauen an d'Entwécklung vun enger Gemeng.

D'Geschäftswelt muss mat an déi Diskussiounen agebonne ginn. Mir brauchen zesummen Iddien a Kreativitéit fir d'Beliewe vum Déifferdenger Stadkär. Fir dass déi traditionell Geschäftsstroosse bestoe kënnen, muss mat alle Partner alternativ Konzepter an Iddie fir de Commerce an d'Déngschtleeschtungen ausgeschafft ginn: der Gemeng, de Geschäftsleit, de Proprietären. Mir mussen, an dat kann och mam Comité d'accompagnement économique geschéien, eng Visioun vun der Stadentwécklung an dësem Beräich entwéckelen. Do gouf jo och schonn avancéiert, sech Ufank nächst Joer driwwer auszetauschen. Wat mer positiv gesinn.

Zréck bei d'Finanzen. Vun der Gemengefinanzreform huet d'Stad Déifferdeng bekanntlech profitéiert. Vum Fonds de dotation globale des communes krute mer bis Corona ee gudde Batz méi wéi virun där Reform. D'Gemengeschold ass, trotz ganz zolitten Investitiounen, an de leschten zwanzeg Joer méi wéi iwwerschaubar. Enn 2021 wäerte mer bei enger Pro-Kapp-Verscholdung vun 2.200 Euro landen. Ouni d'Virfinanzementer fir de Staat! Beim Amortissement vun der Schold leie mer bei plus/minus 3,8 % vun den Dépenses ordinaires. De Seuil maximal autorisable ass 20 %. Ass also ganz, ganz an der Rei.

Bei de Paie leie mer duerch dat endlech zousätzlech engagéiert Personal, wat batter néideg war, bei liicht iwwer 50 % vun den Dépenses ordinaires. Dat musse mer awer elo am A behalen, an et sollt net doriwwer eraus goen. Ech hoffen, dass an Zukunft éischter reagéiert gëtt. Wat evitéiert, dass ganz Servicer op der Felg fuere mussen, d'Servicer um Bierger net méi kënnen zu 100 % garantéiert ginn an dat sech dann och negativ op d'Aarbechtskonditioune vum Personal auswierkt. Net ofgebauten Iwwerstonne bleiwen en Theema. Et geet drëm, en héijen Niveau de fonctionnement vun eise Gemengeservicer ze garantéieren, also och um sougenannten Déngscht um Bierger.

Ze betoune bleift, dass mer mëttlerweil, et gouf schonn erwäänt, iwwer eng fënnef Milliounen u Loyer anzéien. Et kënnt eis zegutt, dass déi richteg Weiche gestallt goufen, wat eis elo finanziell eppes bréngt. Ech denken do haaptsächlech un de 1535° Creative Hub.

A punkto Finanzen nach d'Remark, dass bei de Recettes extraordinaires eng ganz Rei Subsiden opgefouert ginn, déi awer mol nach net ugefrot goufen, respektiv wou et net zumindest en Accord de principe gëtt. „Une demande de subsides sera introduite en temps utile“ an aner änlech Formuléierunge fënnt een ëmmer erëm. Finanztechnesch fannen ech dat liicht grenzwäerteg. Da brauch ee sech net wonneren, wann herno am Rectifié d'Recettes ordinaires erëm abriechen.

Fir 2021 si Recettes ordinaires vun iwwer 123 Millioune virgesinn. Trotz Corona-Abousse bei den Dotatioune vum Staat ass dat ganz zolidd. D'Dépenses extraordinaires vu knapp 112 Milliounen, do ass vill Prefinanzement fir de Staat derbäi: d'Policegebai, d'Primärschoul EIDE. Ass scho gesot ginn.

Mir hätten eis gewënscht, dass trotz de krisebedéngten Abousse bei de Recetten, net eng Hellewull Projeten zréckgesat gi wären. Och well d'Suen am Moment quasi näischt kaschten, duerch déi historesch niddreg Zënsen.

Op der grousser Lëscht vu Projeten, déi elo zréckgesat goufen, ass natierlech de Parking nieft dem Kulturzentrum. Wat eis definitiv am meeschten enttäuscht, dass nach ëmmer näischt geschitt. Wuelwëssend, dass mat der Renovatioun vun der Extensioun vun der Gemeng weider zuelräich Parkplazen definitiv ewechfalen a wuelwëssend, dass den ënnerierdesche Parking op der Mandela-Plaz scho virun de Wale mediewierksam der Ëffentlechkeet virgestallt gouf.

*vaillent dans la fabrique créative. Les travaux du dernier bâtiment entrent dans leur phase finale. Le moment est venu de créer un nouveau pilier de l'économie créative dans la commune. La Ville de Differdange doit démontrer que générer des emplois est une priorité. Cela permettrait de donner du travail aux Differdangeois et de décentraliser l'activité économique du pays.*

*Travailler là où l'on vit améliore la mobilité. Si une majorité documente clairement ses intentions, les acteurs économiques lui feront confiance.*

*Le commerce doit être inclus dans les discussions. Il faut des idées et de la créativité pour raviver le centre-ville. La commune devra se concerter avec les commerçants et les propriétaires pour mettre en place des concepts alternatifs. En collaboration avec le comité d'accompagnement économique, le collège échevinal ferait bien de développer une vision du développement urbain.*

*La Ville de Differdange a profité de la réforme des finances avant la crise de coronavirus. Malgré des investissements solides ces vingt dernières années, la dette est maitrisée et se situera à 2200 € par tête d'habitant fin 2021. L'amortissement s'élève à 3,8 % des dépenses ordinaires. Le seuil maximal autorisable est de 20 %.*

*Les salaires se chiffrent à un peu plus de 50 % des dépenses ordinaires. Mais les recrutements récents étaient nécessaires. Les services communaux doivent fonctionner comme il faut et garantir un bon service aux citoyens.*

*La commune perçoit des loyers à hauteur de cinq-millions d'euros. François Meisch mentionne le 1535° Creative Hub dans ce contexte.*

*Les recettes extraordinaires comprennent des subsides n'ayant pas encore été demandés. C'est limite. Dans ces conditions, il ne faudra pas s'étonner si les recettes ordinaires s'écroulent dans le rectifié.*

*Les recettes ordinaires 2021 sont estimées à 123 millions d'euros. Les dépenses extraordinaires devraient s'élever à 112 millions d'euros. Une bonne partie de cette*

*somme est constituée de préfinancements pour l'État.*
*François Meisch regrette que le collège échevinal ait décidé de reporter des projets, car les emprunts ne coutent pas cher en ce moment. Il mentionne notamment le parking à côté du centre culturel. Avec l'extension de l'hôtel de ville, il faudra plus de places de stationnement. François Meisch rappelle que le parking souterrain de la place Nelson-Mandela a été annoncé avant les élections.*
*Le projet du stade d'athlétisme semble abandonné — en tout cas sur le site prévu initialement. Qu'en pensent les communes partenaires ?*
*Plusieurs travaux de voiries ont été reportés. Il faudra faire attention à ne pas oublier la rénovation de certaines écoles.*
*En ce qui concerne le Lommelshaff, qui sert désormais d'espace de stockage pour le CIGL, il est temps d'agir avant que certaines parties ne tombent en ruine.*
*En revanche, les démocrates sont du même avis que le collège échevinal concernant le centre médicosocial.*
*Pour ce qui est de la rue Wangert, le collège échevinal a un différend avec les riverains. Mais qu'en est-il des questions de sécurité ? Sudgaz garantit-il que le réseau de gaz ne soit pas une bombe à retardement ? La commune ne peut-elle pas réaliser des travaux sur la voie publique même si elle n'est pas propriétaire ? Le collège échevinal a-t-il demandé un avis juridique ? La situation du Wangert s'est détériorée pendant plusieurs décennies. Il faut chercher des solutions adéquates.*
*Quant au logement, Gravity est un pas dans la bonne direction. Le collège échevinal doit poursuivre ce genre d'initiatives. Comment compte-t-il trouver davantage de logements abordables et s'assurer que les jeunes aient un lien avec Differdange ? François Meisch propose d'utiliser les fonds provenant des loyers ou bien la réserve de trois-millions d'euros pour investir dans des logements sociaux subventionnés à 75 %. La commune resterait propriétaire et percevrait un loyer. Ce serait plus rentable que de mettre de côté trois-millions*

Mir schéissen eis do an den eegene Fouss. Ech denken un de Bierger hir Gäng bei d'Gemengeverwaltung, ech denken awer och un d'Visiteure vun eisem Kulturzentrum. Fir nëmmen déi ze nennen.

De Liichtathleetikstadion schéngt mer da lo quasi definitiv gestrach. Zumindest op deem Site, wou en an der Diskussioun war. A wou mer elo fir eng Staang Geld de syntheeteschen Terrain erneieren. Ech weess net, awéiwäit déi aner Gemengen, déi um Projet sollten deelhuelen, dat änlech gesinn.

Verschidde Stroosse goufen zréckgesat. Néideg Renovatioune vu Schoulgebaier musse mer oppassen, dass dat net ganz vum Radar verschwënnt. Ech denken do un den Déifferdenger an den Nidderkuerer Zentrum.

Zum Lommelshaff. Wa mer nach weider näischt ënnerhuelen an e just dem CIGL gratis zur Verfügung stelle fir Stockage, da fäerten ech, dass verschidden Elementer, wéi beispillsweis d'Scheier, vum selwen an de Koup falen. Do ass dréngend Handlungsbedarf.

Par contre beim Centre médicosocial an der Groussstrooss deele mer d'Meenung, sech do nach eemol nei ze iwwerleeën, wat Sënn mécht.

Aner Elementer iwwersprangen ech. Awer nach ee Wuert zum Reamenagement vun der Rue Wangert. Kloer gouf et do Differenze mat den Anrainer. Awer wéi gesäit et aus mat der Sécherheet vun de Bierger? Scho viru Jore gouf gesot, et misst dréngend nom Gasreseau gekuckt ginn. Hutt Dir eng schrëftlech Garantie vu Sudgaz, dass hire Reseau am Wangert keng tickend Zäitbomm ass?

Ech hat et scho mol hei ugeschwat gehat, et misst ee juristesch préiwe loossen, ob eng Gemeng kann Aarbechten op der Voie publique maachen, och wa se net Proprietär ass. Besonnesch wann den Zoustand vun der Strooss an dem Reseau esou schlecht ass wéi hei a schlussendlech ee Risiko net kann ausgeschloss ginn. Wann esou een Avis juridique gefrot gouf, bieden ech Iech, dem Gemengerot eng Kopie zoukommen ze loossen. Wann net, da géif ech Iech un d'Häerz leeën, dréngendst esou een Avis an Optrag ze ginn. Ech mengen, d'Situatioun am Wangert ass net méi witzeg.

D'Situatioun ass iwwert d'Joerzéngten esou gewuess. A lo sollt ee sech mat deem néidege Fangerspëtzegefill zesummesëtzen an no där richteger Léisung sichen.

Punkto Logement hate mer jo Jorelaang gestëppelt. A mat Projete wéi dem Gravity, wou mer 80 Appartementer kafen an e gudden Deel an de Locatif geet, ass dat ee Schrack an déi richteg Richtung. Dovunner wäerte mer laangfristeg profitéieren.

Initiativen an deem Beräich musse mer weiderféieren. Awer verschidde Froe sollte mer eis ëmmer erëm stellen: Wéi kënne mer nach méi fir bezuelbaren an attraktive Wunnraum zu Déifferdeng suergen? Wéi kënne mer sécherstellen, datt Jonker hir eegen Zukunft mat der Stad Déifferdeng verbannen? A sou weider.

Mir hunn nach vill méi Potenzial an deem Beräich. Mer kéinten eis laangfristeg finanziell ofsécheren, mat Loyer, deen iwwer Jore géif agezu ginn. Beispillsweis hätt en déi dräi Milliounen am Fonds de réserve sollten a soziale Wunnengsbau investéieren. Dat gëtt zu 75 % staatlech subventionéiert. Da wären et schonn zwielef Millioune gewiescht. Ënnert dem Stréch léich den Invest fir d'Gemeng bei 25 %. Mir géife Proprietär bleiwen an dee komplette Loyer anzéien. Dat wär een exzellenten ekonomesche Schachzuch gewiescht. A sécherlech vill méi rentabel wéi dräi Milliounen als doudegt Kapital ouni Rendit ze parken.

Derbäi kënnt, dass gewosst ass, datt den neie Pacte Logement 2.0 genau esou Investissementer finanziell wäert belounen, an dass een, wéi scho gesot, iwwer Jore Recetten iwwert de Loyer generéiert.

Wann ee quasi néierens méi däerf bauen, da brauch ee sech net ze wonneren, wa wunnen ëmmer méi zum Luxus gëtt. Stéchwuert PAG, Appartementsverbuet, Fassadeschutz a sou weider.

Punkto Logement, als Ofschloss, just nach d'Fro, wou den Dossier vun der Ruin zu Nidderkuer an der Kéier virum Spidol drun ass. Gëtt et do en neie Mo-

ment? Do kéint ee sech flott Konzepter virstellen.

Eng Jugendherberg géif Déifferdeng gutt zu Gesiicht stoen. Ass do eventuell e Lien ze maache mat der Acquisitioun vum Terrain vun ArcelorMittal um Carreau Thillebierg, wou d'Firma Lux-Hygiène sengerzäit täteg war?

Vill Investissementer betreffen d'Schoulen oder d'Maison-relaisen. Dat muss gemaach ginn. Et ass och richteg, manner Gedokters ze maachen a bei der aktueller finanzieller Situatioun op komplett Sanéierungs- respektiv Ausbau- oder Neibauprojeten ze setzen. Beispillsweis de Schoulcampus um Bock, den Neibau Mathendahl, de Prefinanzement vun der EIDE, d'Jongeschoul Nidderkuer mam ganze Reamenagement vun den Alentouren erop bis bei d'Spillschoul an der Rue Saint Pierre, fir nëmmen déi ze nennen.

Déifferdeng Zentrum an d'Nidderkuerer Meederchersschoul sollte mer och esou lues an d'A faassen, hat ech virdru scho kuerz erwäänt.

Am Beräich vum Sport ginn eng Rei noutwendeg Saache gemaach. Wat de Stadion Thillebierg ugeet hoffe mer, dass do net just Fléckaarbechte gemaach ginn, déi am Budget virgesi sinn. Mir hunn de Site mat senger spezieller Tribün schütze gelooss. Da musse mer och elo eis Verantwortung iwwerhuelen. Do sinn zu menger Zäit scho Kakerlaken a Rate ronderëm gelaf.

An der leschter Gemengerotssëtzung hate mer en Devis iwwer 750.000 Euro gestëmmt, fir de syntheeteschen Terrain um Woiwer ze ersetzen. Dee war jo scho länger an engem ganz schlechten Zoustand. Wann een déi Suen investéiert, dann ass de Projet Liichtathleetikstadion als Konsequenz op där Plaz wuel gestuerwen. Mir bedaueren, dass doduerch eis Liichtathleete weiderhi mussen op adequat Installatiounen an Trainingsméiglechkeeten am Kordall verzichten.

Mir freeën eis, dass de Bau vum LIHPS gutt weiderkënnt. Mat der Sportshal niewendrun, déi dréngend muss kärsanéiert ginn, kann et elo endlech lassgoen. Déi nei Sportshal zu Nidderkuer steet als Auswäichméiglechkeet bereet.

Mir hoffen, dass dee ganzen Bausseberäich am Parc des Sports tëscht dem LIHPS, der Turnhal, dem Stadion an dem Hall O 2021 ka ganz fäerdeggestallt ginn.

Schlussendlech gi mer d'Hoffnung net op, dass 2021 um fréieren AS-Terrain, dem Stade Henri Jungers, dann endlech dee laang geplangte Park kann ugeluecht ginn.

Kuerz zur Kultur. Leider ganz kuerz. Kee weess, wéi laang et nach dauert, bis am Kulturberäich an am Événementiel erëm e bëssen Normalitéit méiglech ass. Et bleift just ze hoffen, dass 2021 besser gëtt wéi dëst Joer. Dass de Betrib am Kulturzentrum erëm kann eropgefuer ginn an erëm ëffentlech Fester kënne stattfannen ouni Restriktiounen a sou weider. Ech hoffen, dass mer spéitstens fir d'europäesch Kulturhaaptstad 2022 eng akzeptabel Vitesse de croisière erreechen. An ech hoffen, dass meng Skepsis sech wäert als falsch eraussstellen, betreffend Esch 2022, an dass dee ganze Projet eng nohalteg Plus-value fir eis Gemeng gëtt.

Do spillt dann och den Tourismus eng Roll. Eise Minett Park, fir elo just deen ze nennen, huet sech bis Corona enger grousser Beléiftheet erfreet. Och hei kënne mer just hoffen, dass d'nächst Joer e bëssi Normalitéit zréckkënnt. A wie weess, vläicht kréie mer dann endlech fir d'Europäesch Kulturhaaptstad 2022 ee Centre d'accueil an de Fond-de-Gras – die Hoffnung stirbt zuletzt.

Tourismus allgemeng kéint an enger zweeter Phas och Theema ginn am Comité d'accompagnement économique. Dat, fir dee Punkt mat allen Acteuren agebonnen – dem Geschäftsverband, dem Science Center, dem Minett Park, dem Territoire naturel transfrontalier de la Chiers de l'Alzette – ze diskutéieren.

Eis Bibliothéik an eis Museksschoul hunn am neie Kulturzentrum säit Ufank 2014 en adequat Doheem fonnt. An de Succès gëtt hinne Recht. D'Offer gëtt adaptéiert an ausgebaut. Bei der Museksschoul si mer raimlech elo schonn iwwert d'Limitt eraus. Verschidden alternativ Sitte si schonn an der Diskussioun. De Problem ass awer elo schonn akut.

*d'euros. En plus, le pacte logement 2.0 récompensera précisément ce type d'investissements.*
*François Meisch constate que si on ne peut construire nulle part, on ne peut pas s'étonner que le logement soit un luxe. Il mentionne le PAG et la protection des façades.*
*Où en est le dossier de la ruine de Niederkorn à proximité de l'hôpital ?*
*François Meisch verrait bien une auberge de jeunesse à Differdange. Y a-t-il un lien avec l'achat d'un terrain d'ArcelorMittal sur le carreau Thillenberg ?*
*La commune continue d'investir dans les écoles et les maisons relais. François Meisch mentionne le Bock, le Mathendahl, l'EIDE, l'école de Niederkorn… Le collège échevinal ne doit cependant pas oublier Differdange-centre et l'École des filles de Niederkorn.*
*Pour ce qui est du stade Thillenberg, les démocrates espèrent que le collège échevinal ne se contentera pas de bricolage. Il a fait protéger le site et la tribune. Désormais, la commune doit prendre ses responsabilités. François Meisch se souvient de rats et de cafards quand il y jouait.*
*Sept-cent-cinquante-mille euros sont destinés au terrain synthétique du Woiwer. Cela signifie que le projet du stade d'athlétisme est mort à cet endroit. Les démocrates regrettent que les athlètes ne puissent pas s'entrainer dans la vallée de la Chiers.*
*François Meisch salue la construction du LIHPS. Le centre sportif d'Oberkorn doit être assaini. Il espère que le stade Henri-Jungers sera enfin transformé en parc.*
*Personne ne sait comment va évoluer la situation culturelle. François Meisch espère qu'on aura retrouvé une vitesse de croisière acceptable pour Esch2022.*
*Le tourisme jouera un rôle important. Le Minett Park fonctionnait bien avant le coronavirus. Pourvu que la normalité revienne rapidement. Et peut-être même que le centre pour visiteurs sera construit à temps pour Esch2022.*
*Le comité d'accompagnement économique pourrait aborder la question du tourisme en incluant l'ACOMM, le Science Center, le Minett Park, le TNT…*

*Le centre culturel abrite la bibliothèque et l'école de musique depuis 2014. Désormais, l'école de musique manque de place. Des sites alternatifs sont en discussion.*
*François Meisch se souvient que quand il travaillait à la commune, il était déjà question de la rénovation de l'église de Lasauvage. Il est content que ce chantier touche à sa fin et se dit impatient de voir comment l'église sera utilisée.*
*Les projets avec les villes jumelées sont tombés à l'eau à cause de la crise. Il était question de créer un comité des villes jumelées ou une commission du jumelage. François Meisch espère que cela n'a pas été oublié. Pour faire vivre un jumelage, il faut du travail et un budget.*
*En ce qui concerne la sécurité, il est question depuis longtemps d'un bâtiment adéquat et fonctionnel pour la police. Les démocrates saluent le préfinancement par la commune du nouveau commissariat sur le parking du contournement. Le commissariat sera facilement accessible, adapté aux personnes handicapées et desservi par les transports en commun. En plus, la police sera plus proche de sites à problèmes comme le contournement, le passage vers le centre-ville et le parc Gerlache.*
*Le problème de sécurité dans le parc Gerlache est réel. François Meisch espère que les caméras de surveillance pourront être installées rapidement. Entretemps, le collège échevinal pourrait améliorer l'éclairage du parc. Il en est question depuis des années.*
*Le collège échevinal continuera-t-il de recourir à une société de surveillance une fois les caméras installées ?*
*Le budget alloué aux syndicats est acceptable. François Meisch mentionne toutefois l'agrandissement de la station d'épuration du SIACH.*
*Des fonds sont prévus pour la réparation des trottoirs et des rues. La rue Belair, la rue Pasteur, la rue Pierre-Krier et la rue Pierre-Dupong devraient être traitées en priorité.*
*Pour ce qui est de la mobilité, François Meisch a demandé un comptage des usagers des différentes lignes l'année dernière. Les pannneaux*

Schonn zu menger aktiver Zäit hei op der Gemeng, goufen éischt Devise gefrot, fir d'Renovatioun vun der entweiter Kierch zu Lasauvage. Et freet eis, dass dee Chantier deemnächst kann ofgeschloss ginn. An et däerf ee gespaant sinn op d'Konzept fir déi zukünfteg Notzung.

Beim Theema Jumelage ass krisebedéngt dëst Joer alles an d'Waasser gefall. Wat 2021 machbar ass, muss nach ofgewaart ginn. Fir eis sechs Jumelagë mat Liewen ze fëllen, war an d'A gefaasst ginn, ee Partnerschaftsveräin oder Comité des jumelés avec Differdange oder eng Commission de jumelage, wéi och ëmmer, ze grënnen. Hoffen, dass dat no der Kris kann ëmgesat ginn. Wann een déi Partnerschafte wierklech wëll mat Liewe fëllen, dann ass dat mat Aarbecht verbonnen a mat Budget. Dee sollt ee sech ginn, fir déi grenziwwergräifend Frëndschaften tëscht Veräiner, Bierger, Verantwortlechen a sou weider, ze fërderen. Hoffen, dass dat sech spéitstens am Budget 2022 zréckspigelt, wa konkreet Iddie bis ausgeschafft sinn.

Ganz kuerz Remark punkto Sécherheet. Säit Jore lafen Diskussiounen a Planungen, dass d'Police en adequat Gebai mat funktionelle Raimlechkeeten accessibel an ugebonnen un den ëffentlechen Transport sollt kréien. Wéi bei verschidden anere Projete begréisse mer, dass d'Gemeng de Prefinanzement mécht vum neie Policegebai um Parking Contournement. Doduerch gewanne mer vill Zäit a mir suergen derfir, dass eis Bierger e bessere Service gebuede kréien. Duerch dat neit Gebai wäert d'Police ganz aner Méiglechkeete kréien, wäert accessibel sinn, behënnertegerecht ageriicht, no um ëffentlechen Transport a sou weider. Also alles, wat am Moment net de Fall ass.

Dann ass d'Police och méi no bei Problemfäll wéi dem Parking Contournement selwer, dem Passage eriwwer an de Stadzentrum an och beim Stadpark. Am Parc Gerlache feelt et effektiv un allem a punkto Sécherheet, dat wësse mer alleguer. Ech hoffen, dass duerch dat neit Gesetz, wat soll zäitno kommen, endlech Kamerae kënnen am ëffentleche Raum opgestallt ginn. Bis dohinner sollt ee wéinstens d'Beliichtung am Park verbesseren. Doriwwer schwätze mer och schonn eng Rei Joren. An et geschitt awer näischt. Ganz zur Freed vun etleche gelungene Gestalten, déi do hiert Onwiesen dreiwen.

An deem selwechte Kontext ass den Invest ze nennen, dee mer fir de Gardiennage respektiv d'Surveillance vun den elo just genannte Plazen ausginn. Do ass d'Fro, ob dat nach weiderleeft nom Installéiere vun de Kameraen an den aneren techneschen Installatiounen, déi geplangt sinn.

Ganz kuerz zu de Syndikater. Do sinn d'Budgeten an eventuell Augmentatiounen dës Kéier am Rahme vum Tolerabele bliwwen. Ausser natierlech den Ausbau vun der Kläranlag beim Syndikat S.I.A.CH.

Wéi all Joer sinn eng Rei vun Investitioune geplangt fir Instandsetzungsaarbechten, dat fir Trottoiren oder Reprofilage vu Stroossen. Verschidde Stroosse sollte ganz op de Leescht geholl ginn, wou et wierklech Zäit gëtt, ënner anerem d'Rue Belair, d'Rue Pasteur, d'Rue Pierre Krier, d'Rue Pierre Dupong, fir nëmmen déi ze nennen. Ech mengen, dogéint ka kee sinn. Virun allem, wann och all d'Reseaue materneiert sollte ginn.

Problemquartier Wangert hat ech virdru schonn erwäänt.

Punkto Mobilitéit kommen elo punktuell divers Saachen. D'lescht Joer an och d'Joer virdrun hat ech op dëser Plaz schonn e Comptage gefrot betreffend déi deemools nei Linne vum Diffbus. Ech widderhuelen déi Demande heimat. Et wär interessant, déi Zuelen ze kréien.

Am Budget steet „Étude générale sur la mobilité". Wat kënnt do an de Cahier des charges stoen? Wat erwaart ee sech dovunner?

Punkto Mobilitéit si sécherlech gutt Usätz am Budget: déi nei digital Panneauen op de Bushaltestellen. Sollte se da richteg fonctionéieren, géife se de Bierger d'Aufgab sécher méi einfach maachen. Ee vun de ganz wichtege Vëlosweeër misst ganz fäerdeg ginn. Divers Fuerer brauche sech dann net méi a Liewensgefor ze bréngen, fir zum Beispill vun Déifferdeng op Nidderkuer.

E Parkleitsystem ass u sech eng gutt Saach. D'Installatioun steet schonn eng Zäitchen. Reegelméisseg ginn awer ganz komesch Saachen do affichéiert. Hoffen, datt do eng technesch Léisung zäitno ka fonnt ginn.

Mir begréissen doriwwer eraus, datt am gewinnten Ëmfang an de soziale Beräich investéiert gëtt. Aarbechtslosegkeet, Aarmut, Kannerbetreiung, Inklusioun a Chancëgläichheet sinn nëmmen e puer vun de Schlagwierder, déi an dësem Zesummenhang musse genannt ginn. Dass mir vill Leit an eiser Gemeng wunnen hunn, déi keng Aarbecht hunn, déi Dag fir Dag kämpfen, fir eng ze fannen, déi net wëssen, wéi se een Dag iwwert deen anere finanziell iwwert d'Ronne solle kommen, musse mir eis als politesch Verantwortlech ëmmer erëm virun Ae féieren. Besonnesch wann et drëms geet, Iwwerleeungen iwwert d'Zukunft ze maachen an Decisiounen an deem Sënn ze treffen.

Mir an der Gemeng Déifferdeng stinn an der Verantwortung, dass Inklusioun eng Normalitéit am Alldag gëtt, an de Crèchen, Maison-relaisen, Schoulen. Datt déi Kanner duerno als Jugendlecher an Erwuessener d'Chance hunn, dës Inklusioun an hirem Alldagsliewen zu Déifferdeng, sief dat op der Aarbecht, an de Veräiner, am Verkéier, an hirer Fräizäit oder soss enzwousch kënnen ze erliewen. An dëse Beräicher ginn effektiv säit Joren Efforte gemaach, an eis Leit an de betraffene Servicer leeschten do gutt Aarbecht.

Mat der geplangter Renovatioun a mam Ausbau vum Gemengenhaus kréien eis sozial Servicer adequat Raimlechkeeten a besser Aarbechtsbedéngungen. An enger fréierer Gemengerotssitzung hat ech awer schonn erwäänt, mir hätte léiwer eng separat Maison sociale op enger anerer, méi accessibeler Plaz gesinn.

Säit zwee Joer ass et jo esou, datt ee Véierel Prozent vun den ordinären Ausgabe fir e gudden Zweck sollen zur Verfügung gestallt ginn. Ech huelen un, dass mer eis do all eens sinn, dass dat sécher ubruecht ass a Géigenden, wou et engem gutt geet respektiv sou vill besser wéi op anere Plazen.

Eng ganz Rei vu Froe sti fir eis nach am Raum. Ech nennen der e puer am Schnellduerchlaf. Dee geplangte Wandpark zu Uewerkuer. Dovun héiert ee kee Wuert méi. Am Budget ass och elo net onbedéngt eppes ze fannen, wat an deem Kontext an d'A spréngt. Konkreet Fro: Wat leeft do am Moment? Do sti fir d'Gemeng vill Suen um Spill, laut Konventiounen an Engagementer. Oder sinn do, wéi beim Projet Casino op der Déifferdenger Maartplaz, Honnertdausende vun Euro verbrannt ginn?

D'Suppressioun vum PN15, also d'Zuchbarriär tëscht Déifferdeng an Uewerkuer. Wéi realistesch ass dat? Dir steiert op d'Enn vun Ärem Mandat zou. Lo misste sou lues Neel mat Käpp gemaach ginn.

Domadder zesummen hänkt dann och de Projet aus Ärem Koalitiounsaccord, fir e Shared Space an den Zentrum vun Déifferdeng an Nidderkuer anzeféieren. Gëtt dat Walverspriechen nach ageléist oder awer net?

Wat déi viru laange Joren ëffentlech presentéiert Parkhaiser ugeet ass nach ëmmer näischt geschitt. An och am nächste Budget ass net ze erkennen, dass et sollt endlech lassgoen. E grousst Parkhaus an Zesummenaarbecht mat ArcelorMittal net wäit ewech vum Contournement war am Gespréich. Ass awer elo net méi aktuell. Méi e klengt ass awer elo zumindest emol ugeduecht um Contournement. Grad wéi säit Joren an der Diskussioun, ech hat schonn uganks dovunner geschwat, en ënnerierdesche Parking nieft dem Kulturzentrum. Och dat steet erëm an de Stären. Och am Hibléck op dee grousse Chantier beim Gemengenhaus an der Suppressioun vu weidere Parkplazen, gëtt d'Situatioun leider net vum selwe besser.

Masseg Etüde fir Projete stinn am Budget 2021. Verschidde Projete ginn awer lo schonn e puer Jore mat engem klenge Montant pour mémoire oder fir Etüde matgeschleeft. Sou lues freet ee sech, op wat mer bei deenen nach waarden.

Och a virun allem trotz der Coronakris, hätte mer eis e Schrack méi gewënscht. Zumindest gëtt awer elo en neie Service technique, also eisen neie CID, Realitéit am Käerjenger Wee zu

*neaux d'affichage pour les arrêts de bus faciliteraient la tâche des voyageurs. Avec la piste cyclable entre Differdange et Niederkorn, les cyclistes n'auront plus à risquer leur vie.*
*Le système de guidage vers les parkings est une bonne chose. Mais souvent, les informations affichées sont bizarres.*
*La commune continue à investir dans le domaine social et plus précisément dans la lutte contre le chômage, la pauvreté… Les responsables politiques ne doivent pas oublier que de nombreux Differdangeois n'ont pas de travail et ont du mal à joindre les deux bouts.*
*L'inclusion doit devenir une normalité dans les crèches, maisons relais et écoles. Tout le monde doit retrouver cette inclusion au travail, dans les associations, sur la route ou lors de la pratique de loisirs.*
*Les services sociaux vont enfin obtenir des locaux adéquats grâce à l'agrandissement de l'hôtel de ville. Cependant, les démocrates auraient préféré que la maison sociale soit implantée ailleurs.*
*Depuis deux ans, la Ville de Differdange verse 0,25 % de ses dépenses ordinaires à des associations caritatives. François Meisch suppose que tous les conseillers communaux sont d'accord.*
*Il constate que l'on n'entend plus parler du parc éolien d'Oberkorn. Il n'a trouvé aucune référence dans le budget. Où en est-on ? Il y a beaucoup d'argent en jeu à travers les conventions et les engagements. Le collège échevinal a-t-il simplement brulé des centaines de milliers d'euros comme pour le projet du Casino ?*
*Le projet de suppression du PN 15 est-il réaliste ? La fin du mandat approche. Il serait temps d'agir. La promesse électorale d'un shared space dans les centres de Differdange et Niederkorn en dépend.*
*Le collège échevinal a promis des parcs de stationnement, mais rien n'a été fait. Le projet d'un parking sur le site d'ArcelorMittal n'est plus d'actualité. Un parking plus petit pourrait être construit au contournement. Il n'y a pas de nouvelles non plus du parking souterrain de l'Aalt Stadhaus.*

*De nombreuses études sont prévues. Mais certains montants sont reportés d'une année à l'autre. Au moins, le nouveau CID sera construit à Niederkorn.*
*Le ministère de la Culture et le ministère de l'Éducation nationale ont donné leur accord de principe au financement de l'implantation d'un Science Center dans la centrale à gaz. Ce serait exceptionnel pour Differdange. La restauration de la machine à gaz et la rénovation de la halle monumentale constituent une véritable chance pour la ville. Le Science Center pourrait se développer. Ce serait unique dans toute la Grande Région. Le collège échevinal ne peut pas laisser passer cette occasion — d'autant plus que Differdange a une tradition artisanale et un passé industriel. C'est le projet parfait dans une ville comptant la Miami University, une école internationale, LUNEX… Il va attirer des visiteurs à Differdange, qui a désormais beaucoup à proposer, et constitue aussi un investissement dans le futur des jeunes pouvant apprendre de manière ludique des choses qu'ils ne connaissaient pas.*
*Chaque année, le collège échevinal répète qu'il fait tout ce qu'il faut pour le Science Center. Qu'est-ce que cela veut dire concrètement ? Une question parlementaire à ce sujet a d'ailleurs été posée par le CSV à la Chambre des députés — notamment pour savoir si la Ville de Differdange s'était impliquée financièrement. Or le budget ne laisse rien entrevoir.*
*La Ville de Differdange doit s'investir dans la planification de ce projet au lieu d'attendre les décisions. Il s'agit d'un projet coutant des millions.*
*François Meisch répète qu'il est extrêmement content des informations concernant la machine à gaz, la centrale à gaz et le Luxembourg Science Center. Il propose à nouveau d'aller visiter des projets similaires pour en apprendre davantage sur les défis, les opportunités et les chances à venir.*
*François Meisch répète que les démocrates n'auraient pas reporté de projets malgré le coronavirus, car les taux d'intérêt sont historiquement bas. Ils auraient également*

Nidderkuer a kënnt soumat vun där Lëscht erof.

Punkto grousse Luxembourg Science Center a Groussgasmaschinn gëtt et en neie Moment. Déi zwee Ministèren, Kultur an Educatioun, hunn hiren Accord de principe ginn, fir de Projet vun engem Science Center an der Gaszentral finanziell ze begleeden. An hu soumat d'Weiche gestallt, dass fir d'Stad Déifferdeng eng eemoleg Saach kéint Realitéit ginn.

Duerch d'Restauratioun vun der ominéiser Groussgasmaschinn an d'Renovatioun an d'Astandsetzung vun der monumentaler Hal mat uschléissender Implantatioun vum Luxembourg Science Center ergëtt sech fir eis Stad eng ganz grouss Chance. E Science Center an der sougenannter renovéierter Gaszentral kéint sech x-fach vergréisseren an developpéieren.

Zesumme mat ënner anerem der Groussgasmaschinn wär dat eng eemoleg Saach fir déi ganz Groussregioun a géif eise Virstellunge vun enger Zukunftsvisioun gerecht ginn. Dat ass eng grouss Chance fir eis Stad, déi mer eis net däerfen entgoe loossen. Virun allem och an enger Stad mat esou enger handwierklecher Traditioun an enger industrieller Vergaangenheet.

An enger Stad wéi Déifferdeng, mat enger Miami University, mat enger internationaler Schoul mat der LUNEX, mat der Proximitéit zur Uni, do passt dëse Projet wéi d'Fauscht op d'A. Déifferdeng, mat senger industrieller Vergaangenheet, déi an dësem Projet gutt zur Geltung kënnt, kann nëmmen heivu profitéieren. Net nëmme sinn et zousätzlech Leit, déi heihinnerkommen a gesinn, wéi vill Déifferdeng mëttlerweil ze bidden huet, et ass och en Invest an d'Zukunft vun deene jonke Mënschen. Déi hei op eng spilleresch Aart a Weis eppes Neies entdecken an d'Chance kréien, sech fir eppes ze begeeschteren, wat si virdru vläicht nach net esou kannt hunn. A wie weess, herno aus enger Passioun vläicht hire Beruff maachen.

All Joer kréien ech awer hei gesot, d'Stad Déifferdeng géif alles maache fir de Luxembourg Science Center. Ech stelle mer just d'Fro: Wat ass alles? An déi Fro schéngen ech mer net eleng ze stellen. An der Question parlementaire Nummer 2808 vum 14. September dëst Joer stellt d'CSV an der Chamber eng ganz Rei Froen am Kader vum Luxembourg Science Center. Notamment och: Est-ce que la Ville de Differdange s'est impliquée financièrement? Am Budget, wéi mer en hei virleien hunn, ass leider an där Hisiicht näischt virgesinn. Mir als DP Déifferdeng hoffen, dass duerch déi zréckhalend Haltung an der aktueller Majoritéit dës eemoleg Chance net nach verspillt gëtt.

Et stinn elo grouss Froe vun der Planung, vum definitive Konzept, Urbanismus, Sanéierung am Raum. An do muss d'Stad Déifferdeng an Zukunft net nëmme méi einfach mat um Dësch sëtzen, mee sech och konkreet investéieren. An dat heescht net ofwaarden, wat un eis erubruecht gëtt, mee sech konkreet abréngen, wat sënnvoll ass an awer och eiser Gemeng eppes bréngt. Wuelwëssend, dass dat e Millionneprojet ass.

Zu dësem Theema kann ech soen, dass mer extreem, extreem frou sinn iwwert dës Nouvelle betreffend d'Groussgasmaschinn, d'Gaszentral, de Projet grousse Luxembourg Science Center. Wat fir eis en absolutten Highlight fir eis Stad an eis Regioun ka ginn. Mee dat musse mir als Gemengeverantwortlech och endlech verënnerlechen. Ech widderhuele meng Propos, gemeinsam änlech Projete kucken ze goen a sech dovun ee Bild ze maachen, mat Gemengeverantwortlechen, bezüglech Auswierkungen, neien Erausfuerderungen an Opportunitéiten oder Chancë fir eng Stad. Ech kann do gären de Lien maachen.

Als Fazit muss ech festhalen, datt mer trotz Corona eng ganz Rei vu Projeten net zréckgesat hätten, och well d'Sue momentan näischt kaschten an d'Tauxen historesch niddreg sinn. Mir hätten eis Prioritéiten anescht gesat. Et gëtt zwar investéiert, virun allem a Projeten, déi néideg sinn an eng néideg Reaktioun op d'Evolutioun vun eiser Populatioun duerstellen. Mir hätten eis, grad an der aktueller Situatioun, vill weider Impulser gewënscht. Mat all deene Remarken, déi ech opgelëscht hunn, kënne mir als DP Déifferdeng net veräntwerten, esou ee Budget matzestëmmen. Merci. Puh, méi schnell ass et net gaangen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Här Meisch. Dir hätt nach fënnef Minutte gehat.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Hätt ech dat gewosst.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Ech hätt Iech elo gestéiert, well Dir sidd elo genau nach op fënnef Minutten. Villmools merci op jiddwer Fall. An da géif ech elo d'Wuert un den Här Diderich weiderginn.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Gemengerot, fir meng virleefeg lescht Budgetsried an awer och ee Budget pas comme les autres, erlaben ech mir, e bësse méi wäit auszehuelen an en Historique vun der Entwécklung vun de Finanze vun eiser Gemeng ze maachen, zënter där Zäit, dass ech emol am Gemengerot sinn.

Ech war grad an de Gemengerot komm, do stoungen ënnert dem Claude Meisch e puer grouss Infrastrukturprojeten un, déi ech, wéi ech nach net am Gemengerot war, als blo-gréngе Bagger betitelt hat, dee queesch derduerchfiert a villes opwullt, ouni vill Récksiicht op Verloschter. Domadder hat ech ënner anerem d'Privatiséierung vun de Sportsinfrastrukture gemengt, mee och déi sëllege Residencen, déi ongeplangt an allen Deeler vun der Stad d'besteeënd urbanistesch Struktur verännert hunn. D'Lëtzebuerger Land hat deemools vun enger „Turboentwécklung" geschwat.

Obwuel ech a ville Saachen ënnerschiddlecher Meenung sinn a war, muss een dem Claude Meisch an dem ehemolege Schäfferot zougestoen, datt an där Zäit Déifferdeng sech vun enger Ville morte zu enger Stad gemausert huet, déi elo ëmmer méi attraktiv gëtt. Just Leit, déi Déifferdeng nach mat enger groer, dreckeger Stad a Verbindung bréngen, an hir al Biller net aktualiséieren, hunn dat nach net realiséiert.

Och ënnert dem Roberto Traversini, trotz alle Verwerfungen, huet Déifferdeng sech an déi Richtung weiderentwéckelt. De soziale Volet ass méi oder manner konkreet, méi oder manner symbolesch gestäerkt ginn an et si wichteg Noutbremsen, wéi de Schutz vun den Eefamilljenhaiser, gezu ginn. Mee si haten zwou Saache gemeinsam. Éischtens wollte se allen zwee méi wäit wéi de Buergermeeschterstull, an dofir war hinnen net nëmmen all Foto wichteg. An zweetens huet kee vun hinne wierklech decidéiert an aktiv d'Logementsproblematik ugepak.

Ech ka mech nach erënneren, wou de Claude Meisch mir op menger alleréischter Table ronde virun de Walen 2011 wollt kloermaachen, dass de Bau vun de Wunnengen op Arboria immens bezuelbar wär an dee Projet géif weisen, dass Déifferdeng genuch am Logement mécht. De Roberto Traversini hat zwar mol iwwerhaapt ugefaangen, eppes ze maachen, mee ze vill sollt et net sinn. Soss hätten d'Präisser sech wuel wierklech nach stabiliséiert a manner Haiser hätten eidelgestanen, wat och géint eegen Interesse gaange wär.

Ech hat 2010 scho geschriwwen: Eng Entwécklung fir Déifferdeng weiderzebréngen ass gutt a wichteg, wa se net op Privatiséierung zréckgräift a wa se och ökologesch a sozial ass an, virun allem, wa se net zur Verdrängung vun eiser Bevëlkerung, och nach Gentrifizéierung genannt, féiert. Ma genee dat ass geschitt. All Statistike weisen dat. Et brauch ee just d'Präisser ze vergläichen zwëschent Déifferdeng an Esch zum Beispill. Et kann een och eng Deloitte-Etüd kucken. D'Logementspräisser zu Déifferdeng wuessen iwwerproportional schnell a se wuesse jo souwisou queesch duerch d'Land.

Déifferdeng ass massiv gewuess. D'Leit erkennen hir eege Stad zum Deel net méi erëm, am Positive wéi am Negativen. Ma virun allem ka kee méi sech eppes an der eegener Stad leeschten, wann en net grad vill Patrimoine vun der Famill matkritt oder ee richteg décke Verdéngscht huet. De Claude Meisch hat dem Gros vum Gemengerot, bal iwwer all d'Parteien ewech, den Diktum vun der sozialer Mixitéit age-

*fixé d'autres priorités. Le collège échevinal investit, mais essentiellement pour réagir à l'accroissement de la population. Dans ces conditions, le DP ne peut pas approuver le budget.*
*François Meisch plaisante sur le fait qu'il a dû parler très vite.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *lui signale qu'il avait cinq minutes supplémentaires. Elle était sur le point de le prévenir.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *explique que pour sa dernière séance budgétaire, il souhaite revenir sur l'historique du développement financier de Differdange depuis qu'il fait partie du conseil communal.*
*Il se souvient de quelques grands projets d'infrastructure quand Claude Meisch était bourgmestre. À l'époque, Gary Diderich avait parlé d'excavatrice bleu-vert traversant la commune sans tenir compte des pertes. Il faisait allusion à la privatisation des infrastructures sportives, mais aussi aux nombreuses résidences ayant changé le paysage urbain. Le* Lëtzebuerger Land *avait parlé de « développement turbo ». Gary Diderich n'était pas toujours de l'avis du collège échevinal, mais celui-ci a réussi à transformer Differdange de ville morte à ville attractive.*
*Le développement s'est poursuivi sous monsieur Traversini. Le volet social a été renforcé. Les maisons unifamiliales ont été protégées.*
*Monsieur Meisch et monsieur Traversini avaient deux choses en commun : ils ne voulaient pas se contenter d'un poste de bourgmestre et ils n'ont pas été actifs en matière de politique du logement. Monsieur Meisch avait expliqué que les logements d'Arboria étaient abordables. Monsieur Traversini a fait un peu plus, mais pas beaucoup.*
*En 2010, Gary Diderich a écrit que le développement de Differdange était une bonne chose à condition qu'il soit social et écologique, et qu'il ne conduise pas à un embourgeoisement de la population. Malheureusement, c'est ce qui est arrivé comme le démontrent les statistiques. Le prix des logements aug-*

*mente de manière disproportionnée à Differdange.*
*Aujourd'hui, les gens ne reconnaissent plus leur ville et ne peuvent pratiquement plus s'acheter un logement. Monsieur Meisch a imposé le principe de la mixité sociale. Visiblement, le conseil communal ne se montre toujours pas critique à cet égard.*
*Les missions de base ont aussi été négligées parce qu'elles n'attiraient pas l'attention de la presse et des citoyens. C'est pourquoi les collaborateurs communaux travaillent dans des bureaux ou des ateliers trop petits.*
*Le budget 2021 prévoit des investissements dans des infrastructures qui auraient dû être réalisées depuis longtemps. Gary Diderich les soutient même s'il pense que les nouveaux ateliers pourraient couter moins cher.*
*S'il y a une chose que les collèges échevinaux ont réussie, c'est le développement des maisons relais. En revanche, ils auraient pu ouvrir plus de crèches publiques dans les différentes localités. Au lieu de cela, les crèches privées dans des maisons unifamiliales prolifèrent. Le nouveau budget n'y change rien. Il s'inscrit dans la continuité tant pour ce qui est des maisons relais que des crèches.*
*En ce qui concerne l'endettement, Gary Diderich estime que la majorité DP/déi gréng l'a maintenu bas artificiellement en recourant massivement à une ligne de crédit au taux élevé. La majorité déi gréng/ LSAP/CSV s'est montrée plus transparente.*
*Gary Diderich constate que la commune doit systématiquement préfinancer des projets basiques pour l'État — comme un commissariat ou un lycée. C'est un scandale. D'autres communes n'ont pas de problème à obtenir ces infrastructures.*
*Les finances communales se portent bien. Les dettes représentent 50 % des recettes ordinaires. La dette peut passer de 120 millions d'euros à 160 millions d'euros avant que les banques ne réagissent. Le ministère de l'Intérieur tolère quant à lui une dette se montant à 20 % des recettes ordi-*

triichtert. A bei deene meeschte Kolleegen a Kolleeginnen hei am Gemengerot wierkt dëst menger Meenung no nach ëmmer onkritesch un, fir net méi decidéiert an de gréisste Problem vu Lëtzebuerg nom Covid an nom Klima ze investéieren.

De Logement ass awer net dat eenzegt, wat vernoléissegt ginn ass. Och d'Basisaufgabe vun der Gemeng sinn net besonnesch attraktiv fir d'Opmierksamkeet vun der Press oder vun den eegene Bierger oder de bessere Leit, déi een op Déifferdeng wëll kréien, op sech ze zéien. Dofir hunn eis Leit op der Gemeng vill ze laang an ze klenge Büroe respektiv an ze klengen an iwwerliefte Gemengenateliere musse schaffen. An och Retarden a Schoulinfrastrukture sinn net decidéiert genuch opgeschafft ginn.

Domadder sinn ech dann direkt beim Budget 2021. Well et ass an dësem Budget, wou massiv Gelder an déi Infrastrukture gestach ginn, déi direkt begleedend zum Wuesstem hätte misse scho geplangt a laang ëmgesat sinn. Et sinn dann och dës Investissementer, déi ech an dësem Budget ënnerstëtzen. Wann ech och mengen, dass ee bei den Atelieren och mat manner Suen hätt kéinten eppes ganz Guddes maachen. An deem Sënn begréissen ech d'Annonce, dass do nach eng Kéier déi grouss Projeten op de Leescht geholl ginn.

Fir dann awer nach eng weider bonne Note an der Retrospektiv auszeschwätzen: Wann déi vireg Schäfferéit wierklech eppes mat Bravour gemaach hunn, am Verglach mat ville Gemengen zu Lëtzebuerg, dann ass et d'Schafung vu Maison-relais-Plazen. Wa se awer eppes verpasst hunn, wéi all déi aner Gemengen och, dann ass et, net méi ëffentlech Crèchë geschafen ze hunn. Op d' mannst an all Uertschaft zu Déifferdeng misst eng ëffentlech Crèche sinn an adequate Gebailechkeeten, amplaz wéi e Wildwuchs an de Quartieren, meeschtens an Eefamilljenhaiser vu private Gestionnairen opgemaach ze ginn. Dorunner ännert de proposéierte Budget näischt. E bleift an der positiver Kontinuitéit vum Ausbau a vun der Renovatioun vun eise Maison-relais-Strukturen. Awer och an der negativer Kontinuitéit, wat d'Crèchen ugeet. Wou keng nei Impulser kommen.

Zur Verscholdung vun der Gemeng muss een och soen, dass ënner DP/déi gréng probéiert ginn ass, d'Verscholdung kënschtlech klengzehalen, andeems eng enorm Ligne de crédit des Ëftere bis zum Anschlag gezu ginn ass, wat da méi Zënse bedeit huet, fir dann op där anerer Säit eng méi niddreg Pro-Kapp-Verscholdung respektiv eng besser Relatioun zwëschent Annuitéiten a Recette-ordinairen unzeweisen.

Déi gréng/LSAP/CSV hunn dëst duerno lues awer sécher méi transparent gestalt gehat. A lo hu mir dat am Budget kloer virun eis leien. Och mat enger Ënnerscheedung tëscht dem Prefinanzement, dee mir fir de Staat maachen, an de Scholden, déi mir fir Gemengeprojeten opgeholl hunn. Et muss een awer och nach eng Kéier soen: Dass mir systematesch Prefinanzementer fir de Staat mussen huelen, fir Basisinfrastrukture wéi eng Police an e Lycée op Déifferdeng ze kréien, ass u sech schonn e Skandal. Och am Verglach mat anere Gemengen, déi ouni Problem Infrastrukturen an hir Gemeng kréien, ouni musse sech selwer finanziell esou anzesetzen.

Mir stinn, spéitstens zënter der Gemengefinanzreform, gutt do. Eis Scholde si ganz niddreg. Eis Scholde maache ronn 50 % vun eisen ordinäre Recetten aus. D'Alarmglacke bei de Banke géife bei 130 % eréischt schellen. An absolutten Zuele kéinte mir also bis zu 160 Millioune Schold hunn, ier mir ufänken, méi Zënsen drop ze bezuelen. Mir si lo bei plus/minus 120 – nee dat sinn d'Recette-ordinairen.

Dee wierkleche Seuil d'alerte ass awer dee vum Inneministère, wou mir missten un 20 % erukommen, déi eis Scholderemboursementer vun de Recette-ordinairë géifen ausmaachen, fir datt et problematesch wär. Mir sinn awer bei bescheidenen 3,1 %. Et bleift also Sputt. An et ass gutt, dass dee genotzt gëtt an d'Investissementer héichgehale ginn. Ma ech denken, dass dat virun allem an deem Beräich, wou ee finanztechnesch näischt ka falsch maachen, ongenügend ass.

Well sou vill ech begréissen, dass de Budget 2021 Retarde beim Stadhaus, CID a Schoulen upeekt, esou vill bedaueren ech, dass de Budget 2021 net de mindestens 30 Joer laange Retard

beim Logement ugeet. Gravity ass grouss. Gravity ass neien Terrain, op deen d'Gemeng sech begëtt. Mee Gravity ass op alleréischter Plaz – fir mech emol – leider eng verpasste Chance.

Nämlech, dee Moment, wou den Terrain verkaf ginn ass, hate mer déi éischt Chance verpasst. Déi zweete Kéier hate mer eng Chance verpasst, dee Moment, wou eenzel Wunnengen an de Verkaf gaange sinn. An den drëtte Moment war déi inakzeptabel Topegkeet, wou decidéiert ginn ass, Penthaiser u Meeschtbiddend erauszeginn an domadder dem spekulative Logementsmarché fräizeginn. Gravity ass awer besser wéi näischt, mee kann elo net dräi Joer, oder méi oder manner laang, d'Excuse sinn, fir net weider aktiv ze ginn, respektiv sech op zwee, dräi Haiser pro Joer ze beschränken.

Ëmsou méi, datt an dësem Budget 8.180.000 Euro u Recettë geplangt sinn, eeben duerch dee Verkaf vu Wunnengen. Dës Recettë musse menger Meenung no integral reinvestéiert ginn. Dëse Verkaf gëtt mat deem Diktum, deen ech genannt hunn, vun der sozialer Mixitéit, argumentéiert. Obwuel ech nach keen héiere soen hunn, dass an den Aarbechterkolonien net genuch sozial Mixitéit wär oder dass déi mangelnd sozial Mixitéit problematesch gewiescht wär. Hei ass vill méi eng Solidaritéit entstanen.

An ech si scho gespaant, wéi eng Diskussioune wäerte stattfannen, wann am Gravity de Lift vreckt ass. Ob dann all Koproprietäre solidaresch sinn oder deen een op deen anere wäert weisen. Oder bei anere Saachen, déi an enger Koproprietéit alt kënne virkommen. Soit, den Diktum vun der sozialer Mixitéit géif eppes vun all deenen als Kohärenz a Konsequenz verlaangen, dee se vertrieden.

Déi iwwer aacht Millioune missten an all Quartier, an all Strooss investéiert ginn, wou nach keng sozial Mietwunneng ass. Fir Haiser, Appartementer oder vläicht ganz Residencen opzekafen a klassesch oder alternativ Wunnformen ëmzesetzen. Well Dir wësst wuel grad sou gutt wéi ech, datt et vill Stroossen a Quartieren hei an der Gemeng gëtt, wou weeder sozial nach abordabel Mietwunnenge sinn. An dat ass jo Contraire zu deem Diktum vun der sozialer Mixitéit.

Mir hunn elo ee Service Logement. Mir hunn de finanzielle Sputt, wéi ech virdrun erkläert hunn. An all Joer, wou mir méi laang domadder waarden, bezuele mir 10 % méi, fir déi selwecht Wunnengen ze kréien, déi mir elo virun der nächster järlecher Präishausse vu plus/minus mëttlerweil schonn iwwer 10 % manner kéinte scho kafen. Dat heescht, fir dat elo ze maachen, schwätze follgend Facteuren: Dëst Joer sinn d'Wunnengen 10 % méi bëlleg wéi d'nächst Joer, 20 % méi bëlleg wéi dat Joer duerno an 30 % méi bëlleg wéi dat Joer nach méi spéit. An ech kéint esou weiderfueren.

All Joer, wou mir éischter méi sozial Mietwunnengen hunn, kréie mir aus dem Fonds de dotation globale des communes méi Suen. An an Zukunft och vum Pacte Logement 2.0. An iwwregens och, dozou spéider, vum Pacte Climat.

Mir hunn elo eng gesond Finanzlag. Immobilie sinn de séchersten Invest, deen d'Gemeng momentan ka maachen, souwuel fir seng Finanze wéi och fir seng Bierger. Mir wëssen, dass eis Bierger elo musse logéiert ginn, elo sozial Hëllefen an Usproch huelen, an dass all Kand, all Jonken an all Erwuessenen, deem seng Existenz duerch Mal-Logement méi schwéier gëtt, ee méi ass, dee vun eise soziale Servicer muss an Zukunft suivéiert ginn. Firwat d'Leit net elo méi autonom maachen, wa mir et kënnen?

Mir kréie 75 % vum Staat bäigeleucht. Dat wäre bei deenen aacht Milliounen, 24 Milliounen, déi nach emol vum Staat géife kommen. Insgesamt hätte mir e Budget vun 32 Milliounen. Dat sinn, soe mer, 16 bis 20 grouss Haiser. Dat si bis zu 100 Leit, déi kéinten anstänneg a bezuelbar logéiert ginn. Domat wär d'Waardelëscht vun der AIS-Kordall, op d'mannst fir déi, déi zu Déifferdeng ageschriwwe sinn, an zwee Joren opgeschafft.

Dat si potenziell 50 Famillen, deenen hir Kanner besser Chancen hätten, fir hire Wee ze maachen, wéi och den Denis Scuto säin eegene Wee an enger Chronik beschriwwen huet. Dat wär, innerhalb vu 40 Joren, ee finanzielle

*naires. La Ville de Differdange se situe à 3,1 %.*

*Le collège échevinal a raison de continuer à investir. Mais malheureusement, le budget 2021 ne permettra pas de combler le retard de trente ans pris dans le logement. Pour Gary Diderich, Gravity représente surtout des occasions perdues : quand la commune a vendu le terrain ; quand elle a vendu des appartements ; quand elle a pris la décision incroyablement stupide de vendre des penthouses aux plus offrants.*

*Gravity est mieux que rien, mais ce projet ne doit pas servir d'excuse pour ne plus rien faire pendant trois ans. Le budget prévoit 8 180 000 € de recettes pour la vente des appartements. Pour Gary Diderich, ces recettes doivent être réinvesties intégralement. Cette vente est justifiée à travers le principe de la mixité sociale. Mais le conseiller communal rappelle que dans les cités ouvrières, la solidarité était importante. Il se demande comment les colocataires vont réagir le jour où l'ascenseur tombera en panne.*

*En plus, les défendeurs de la mixité sociale devraient se montrer cohérents en investissant huit-millions d'euros dans toutes les rues sans logements sociaux. Car Differdange compte de nombreuses rues dans lesquelles il n'y a ni appartements sociaux ni logements abordables.*

*Désormais, la commune peut recourir à un service du logement et dispose de l'argent nécessaire. Or les prix de l'immobilier augmentent chaque année. Gary Diderich estime que cette année, les appartements coutent 10 % moins cher que l'année prochaine et 20 % moins cher que dans deux ans. En plus, la part differdangeoise du fonds de dotation globale des communes augmente avec plus d'appartements sociaux à louer.*

*Les gens ont besoin d'un logement maintenant. Chaque personne dont le mauvais logement complique l'existence est une personne devant être suivie par les services sociaux. Le moment est venu de les rendre plus autonomes.*

*La subvention de l'État se monte à 75 %. En d'autres termes, 8 millions d'euros deviendraient 32 mil-*

*lions d'euros. Cela représente de 16 à 20 grandes maisons pour quelque 100 personnes. Les enfants de cinquante familles auraient de meilleures chances d'avenir. La commune laisserait un patrimoine aux générations futures au lieu de dettes.*
*Gary Diderich propose donc d'acquérir des immeubles pour 32 millions d'euros au lieu de 3 millions d'euros en 2021. En 2022, la commune pourrait augmenter son propre apport à cinq-millions d'euros. À court terme, l'endettement n'en souffrirait pas. Et à long terme, les finances s'en porteraient mieux.*
*Monsieur Liesch a expliqué qu'une partie des recettes ordinaires proviennent de loyers. Cet argent doit être réinvesti dans le social, l'écologie et l'économie. Monsieur Liesch a également dit que d'autres types d'investissements entrainent des frais de maintenance. Mais le logement engendre des recettes. Si la majorité accepte de modifier le budget en vue d'acquérir des logements pour 32 millions d'euros et d'augmenter les recettes à hauteur de 24 millions d'euros grâce aux subsides de l'État, Gary Diderich approuvera le budget 2021.*
*Comme le conseil communal le voit, Gary Diderich ne baissera pas les bras. Il préfèrerait s'occuper d'autres thèmes comme l'environnement, la mobilité et la biodiversité. Mais les problèmes de logement ne font qu'empirer. Il ne comprend pas pourquoi le collège échevinal n'augmente pas l'impôt foncier sur les terrains à construire.*
*Pour ce qui est du volet social, Gary Diderich s'inquiète du chômage des jeunes, qui a augmenté avec la COVID-19. La majorité ne semble pas y voir une priorité. Il faut plus qu'un Jobcenter et un service de la jeunesse. Le budget rectifié 2020 a été revu à la baisse et seuls 30 000 € sont prévus en 2021. L'initiative Youth & Work propose une offre pour les communes sous la forme de formations et de coaching. Le personnel communal pourrait alors s'occuper d'autres projets. Gary Diderich suggère la création d'un service de soutien scolaire subventionné par la com-*

Gewënn vun eng bis zwou Millioune fir d'Gemeng. Also laangfristeg keng Schold fir d'zukünfteg Generatiounen, mee e Patrimoine, een Atout.

Dat si 16 bis 20 Haiser, déi komplett albausanéiert géife ginn an dat sinn 144 bis 180 Tonnen $CO_2$, déi domadder all Joer kéinten agespuert ginn. An deem Sënn wär et also och am Pacte Climat en Atout. Et géif eis Punkten abréngen, falls den nächste Pacte Climat 2.0 och esou ausgeséich an domadder och d'Gemengekeess positiv beräicheren.

Wa mir also alles drusetzen, 2021 fir 32 Milliounen Immobilien ze kafen, amplaz just fir dräi Milliounen, fir dann eventuell 2022, wann et gutt geet, an deem Zenario wou mer elo just dräi Millioune ginn, fënnef Milliounen ze investéieren, dann hätte mir, duerch d'Virzéie vu mindestens fënnef Milliounen Eegeninvest an deem Beräich, minimum dräi Millioune gespuert, mat deem, wat ech hei proposéieren. An eise Scholderatio géif kuerzfristeg bal net bougéieren. Laangfristeg sech souguer besser stoe wéi de Budget, deen déi gréng/CSV hei proposéieren.

Ech schléisse mech an zwee Punkten dem Georges Liesch un, dee gesot huet, dass eis Recette-ordinairen och eege Recetten hunn duerch d'Loyeren. Dat géif heimat bestäerkt ginn. An dass soll intelligent an nohalteg investéiert ginn. Nohalteg heescht: Soziales, Ëmwelt an Ökonomie mateneen ze denken.

Hien huet och gesot, dass bei aneren Invester Follgekäschte sinn. Beim Logement stinn deene Follgekäschte Follgerecettë géintiwwer. Wann ee mir hei virrechent, wou déi Rechnung do net am Sënn vun eise Bierger opgeet, da stëmmen ech fir dëse Budget. Wann d'Majoritéit averstanen ass, een Artikel fir de Kaf vu Wunnengen ënner 221312 op 32 Milliounen ze héijen, an op där anerer Säit bei de Recetten een Artikel ënner 161000 G bäizesetze vu 24 Millioune Subside vum Staat, stëmmen ech och fir dëse Budget.

Madamm Buergermeeschtesch, léif Kolleegen a Kolleeginnen aus dem Gemengerot, Dir gesitt, ech loossen net labber. Mee gleeft mir, ech wär frou, mech méi mat den Theemen auserneenzesetzen, déi um Ursprong vu mengem Engagement stoungen: der Ëmwelt, der Mobilitéit, der Energie an der Biodiversitéit. Mee d'Situatioun, wat d'Wunnen ugeet, gëtt ëmmer méi aussiichtslos fir ëmmer méi Leit. An d'Covidkris wäert dëst nach verstäerken.

Dowéinst kann ech et och net verstoen, firwat déi aktuell Koalitioun nach ëmmer net d'Grondsteier op bebaubaren Terrainen, déi awer net bebaut sinn an op eidelstoend Wunnengen eropsetzt, wéi Ären eegene Koalitiounsprogramm et awer schwaarz op wäiss ausseet.

Da wëll ech nach op de soziale Volet agoen. Hei mécht mir d'Jugendaarbechtslosegkeet ganz, ganz vill Suergen. Se war zréckgaangen, bis Covid komm ass. An elo ass, grad bei de Jonken, déi schonn a villen aneren Hisiichten aus Solidaritéit ganz vill Aboussen an där Kris mussen astiechen, elo nach do d'Aarbechtslosegkeet ganz staark eropgaangen. Hei gesinn ech leider keng nei Akzenter vun dëser Koalitioun. Kee Saz an all de Presentatiounen.

Trotz Asaz vun eise méi laang besteeënden Jobcenteren an eisem neie Jugendservice, brauch et hei weider Mesuren a Moyenen. Wéi kann et sinn, dass an deem Beräich de Budget am Rectifié erofgeet? Amplaz, dass e wéinst der Kris eropgeet. Wéi kann et sinn, dass dee fir 2021 och just bei 30.000 Euro läit?

Initiative wéi Youth & Work hunn eng besteeënd Offer fir Gemengen a kënnen direkt lassleeën, vu Coaching iwwer Formatiounen, bis Direktvermëttlung. D'Ressourcen, déi da bei eisem Personal fräi géife ginn, kéinten a weider nei Projete fléissen. Zum Beispill misst een onbedéngt eng Formatioun a Vermëttlung mat finanzieller Ënnerstëtzung, jee no Besoin, fir d'Hausaufgabenhëllef fir Kanner a Jonker aféieren. Net jidderee keent een, deen ee kennt. Net all Famill huet de Budget, fir Privatklassen ze bezuelen. An de besteeënden Appui geet net ëmmer duer. D'Schoul eleng kritt d'Ongläichheeten net opgefaangen.

Ech ka mech nach gutt erënneren, dass ee portugisescht Meedche bei meng Mamm schelle komm ass, wéi hatt op der Troisième een Noexame kritt huet am Däitschen. Meng Mamm hat him an der Primärschoul mat der Hausaufgabenhëllef konnten hëllefen, wéi et déi

nach esou gouf. Mee fir deen Effet, un deen d'Meedche sech nach konnt erënneren, an der Primärschoul och nach eng Kéier op Troisième hinzekréien, dat huet si iwwerfuerdert. Mäi Brudder an ech sinn agesprongen. An d'Meedchen ass haut dat, wat et ëmmer wollt ginn: Doktesch. Et ass eis Verantwortung als Gemeng sécherzestellen, datt all Kand an all Jonken deen Appui kritt, deen e brauch, an et net un de Sue scheitert. Dëst misst eng Prioritéit gi vun eise Servicer, hei eng Offer opzebauen.

Wichteg war et dëst Joer, d'Allocation de solidarité no uewen unzepassen. Kuerzfristeg, well d'Regierung se och duerch d'Kris verduebelt huet. Mee et ass och wichteg, laangfristeg dës Hëllef op där Héicht ze halen. An do mussen d'Detailer nach gekläert, ginn, well de Staat d'nächst Joer net méi verduebelt, mee just 10 % dropleet. Wat eeben zur Hallschent de Wäertverloscht duerch d'Netupasse vum Index zënter 2009 opfänkt. Als Gemeng musse mir – an den Ae vun déi Lénk – an eiser Berechnung 30 % vun der nationaler Hëllef fir déi kommunal Hëllef festleeën. An dat ouni bevormundend virzegoen, wéi bei anere Primmen a mat Bongen oder Sonsteges ze fueren. Mir hu jo bei de Bonge fir d'Rentner an d'Rentnerinne gemierkt, wéi wéineg mir kënnen ofsécheren, datt esou Bonge problemlos kënne benotzt ginn.

Well wa mir déi Ongläichheeten ëmmer méi auserneeklaffe loossen, da verstäerke sech och ëmmer méi d'sozial Spannungen. An da gi mir de Symptomer vun der Perspektivlosegkeet net méi meeschter. An dann huele mir privat Security-Firmen, fir eis dat Sécherheetsgefill ze ginn, wat ville Leit feelt.

Ech hat dat vun Ufank u kritiséiert, mee war do zimmlech eleng hei am Gemengerot. Obwuel elo d'Kolleegen aus der Stad souwuel déi an der Majoritéit wéi déi an der Oppositioun, vun deene selwechte Parteien, genee déi nämmlecht Argumenter wéi déi Lénk vertrieden. Wann ech dann och nach vum Minister Kox aus dem Radio gewuer ginn, dass déi privat Sheriffen iwwer hir Befugnisser ewech Gewalt par rapport zu Bierger ausüben, da muss ech soen, dass mir definitiv um Holzwee sinn.

En attendant, datt d'Police verstäerkt gëtt, kënne mir elo schonn, wéi vun der Gemengebeamtegewerkschaft virgeschloen, mat Gardes-champêtres schaffen. Well, jo: Op d'mannst mam Vandalismus, virun allem um Lift, ass e reelle Problem do. Dee wëll ech net verneinen. Mee, neen: D'ëffentlech Hand kann net d'Hoheit iwwert d'Sécherheet a Privathand ginn. Dat muss fir déi Lénk aus dem Budget gestrach ginn. An dee Kontrakt muss schnellstens opgeléist ginn. An ech sinn do ganz op där selwechter Linn wéi de gréngen Policeminister Kox, wéi déi gréng a wéi d'LSAP an der Stad.

Da kommen ech um Schluss nach zu der Mobilitéit an Energie. Bei den Ausschreiwungen an den Acquisitioune vu Gefierer fir d'Gemeng, ass mir opgefall, dass mir bei de klengen Elektroautoen éischter op méi eng deier däitsch Mark zréckgräifen, amplaz op méi eng bëlleg franséisch Mark, dofir awer grad esou performant fir dee Gebrauch, wat mir hei zu Déifferdeng brauchen. Do wollt ech froen, firwat et do dee méi deiere Choix muss sinn? A firwat mir bei de méi grousse Gefierer, Camionnetten an Utilitairen, keng Elektrogefierer gewielt hunn?

Ech ka jo verstoen, datt deen een oder deen anere spezifesche Gebrauch et net erméiglecht, d'Autonomie vläicht net duergeet oder aner Krittären, awer datt dës Upréch bei alle Camionnettë gëllen a wichteg sinn, wollt ech dann awer a Fro stellen. Do ass meng Fro, wat d'Krittäre waren, fir déi Ausschreiwung esou ze maachen, wéi dat gemaach ginn ass.

Wat d'Mobilitéit fir jiddereen an eis wuessend Bevëlkerung ugeet, maachen ech nach eng Kéier den Appell, sou séier wéi méiglech eng preparéiert Diskussioun hei am Gemengerot ze féieren, doriwwer, wéi een d'Mobilitéit ka verbesseren. Et gouf vun Adaptatioune vum RGTR a vum Diffbus geschwat. Et soll eng Etüd gemaach ginn. D'Iddi vum Shared Space bei de Schoule steet am Raum, an et héiert een näischt méi. Et gëtt awer och Iddie bei all de Fraktiounen. An et gëtt och Bierger, déi hir Perspektive kéinte bäidroen. Mee trotz widderhuelter Nofro, tappe mir do weider am Donkelen, wou et soll higoen.

Ech muss mech och der Enttäuschung uschléissen, datt de séieren Tram net bis

*mune pour les familles ne pouvant pas financer des cours particuliers.*
*Il se souvient que sa mère a donné des cours d'appui en allemand à une petite fille portugaise. Des années plus tard, Gary Diderich et son frère ont pris le relai et aujourd'hui, cette fille est médecin. Il est de la responsabilité de la commune de veiller à ce que chaque jeune dispose de l'appui dont il a besoin.*
*L'allocation de solidarité a été augmentée. Gary Diderich souhaite qu'elle reste élevée même après la crise sanitaire, lorsque l'État ne fera plus que l'adapter à l'indice. Il exhorte le collège échevinal à la fixer à 30 % de la subvention nationale, et ce, sans recourir à des bons. Car si les inégalités persistent, les tensions sociales vont augmenter. Le recours à des sociétés de sécurité en est un symptôme. Gary Diderich s'est toujours montré critique à l'égard de la privatisation de la sécurité. Il constate que désormais, les conseillers communaux de la majorité et de l'opposition à Luxembourg-ville avancent les mêmes arguments que lui.*
*En plus, le ministre Kox a expliqué que ces shérifs privés se montrent violents avec les citoyens. La commune ferait bien de recourir à des gardes champêtres en attendant que la police soit renforcée. Gary Diderich admet qu'il existe un problème de vandalisme. Mais les instances publiques ne peuvent pas mettre la sécurité entre les mains de sociétés privées.*
*En ce qui concerne la mobilité, Gary Diderich a remarqué que la commune a l'intention d'acquérir de petits véhicules électriques d'une marque allemande chère. Or les voitures françaises sont tout aussi performantes. Pourquoi ce choix ? Pourquoi le collège échevinal n'achète-t-il pas des camionnettes et des utilitaires électriques ? Même s'il comprend que les véhicules électriques ne s'adaptent pas à tous les usages, il voudrait connaitre les critères de la soumission.*
*Par ailleurs, le conseil communal doit mener une discussion sur la façon d'améliorer la mobilité. Il est question d'adaptations du RGTR et du Diffbus. Le collège échevinal ne parle plus des* shared spaces. *Les*

*autres fractions et les citoyens pourraient faire des suggestions.*
*Gary Diderich se dit déçu que le tram ne passe pas par Differdange. Differdange n'a même pas de vraie gare ferroviaire. Pour se rendre à Luxembourg-ville, un énorme détour est nécessaire. Si le tram est réalisé comme prévu, les Differdangeois devront changer de moyen de transport trois fois pour arriver en ville : le BHNS, le bus ou le vélo jusqu'à Belvaux, le tram jusqu'à la Cloche d'or et éventuellement un troisième moyen de transport pour arriver à la gare au Kirchberg.*
*En outre, Gary Diderich regrette que le TICE n'exploite pas le BHNS. On assiste à une privatisation des transports en commun soutenue par les démocrates et les écologistes. Le Diffbus et le bus sur appel sont aussi gérés par une société privée. Il est temps de changer — ne serait-ce que pour toucher des subventions.*
*Le budget alloué au sport est lui aussi marqué par les privatisations. Pour Gary Diderich, Aquasud doit devenir une piscine publique. Pour ce qui est du stade, qui doit être refait, il démontre que choisir un expert privé implanté à Cologne ne constituait pas une plus-value. La commune dispose-t-elle d'une garantie pour que Strabag règle les frais ?*
*Pour conclure, Gary Diderich tient à remercier particulièrement les éboueurs pour leur engagement tôt le matin ainsi que tous les collaborateurs communaux.*

**ALI RUCKERT (KPL)** *rappelle que lors de la présentation du budget, le collège échevinal a expliqué qu'il était marqué par la COVID-19 avec une baisse des revenus en provenance de l'État et une augmentation des dépenses. C'est une réalité à laquelle la commune doit et devra se confronter.*
*Mais pour le KPL, ni le budget rectifié 2020 ni le budget initial 2021 ne sont des budgets COVID-19, car les excédents sont importants et les dépenses extraordinaires élevées. La dette communale reste basse malgré un emprunt de neuf-millions d'euros en 2021. En plus, une grande partie de l'endettement*

op Déifferdeng soll fueren. Et muss ee rappelléieren, dass mir national an aller Hisiicht d'Stéifkand vun der Mobilitéit sinn. Keng anstänneg Gare, e risegen Ëmwee, fir mam Zuch an d'Stad. D'Zuchlinn laanscht d'Autobunn wär do méi interessant gewiescht fir Déifferdeng, well d'Zich hätte kéinten zu Esch weider op Déifferdeng fueren, ouni ëmzesteigen.

Wann de séieren Tram, esou wéi annoncéiert, realiséiert gëtt, da riskéieren d'Déifferdenger Bierger dräimol mussen ëmzeklammen, fir ouni Ëmwee op verschidde Plazen an der Stad ze kommen. Mam BHNS, dem Bus à haut niveau de service – och nach Tram op Rieder genannt –, mam Bus oder mam Vëlo op Bieles wär déi éischt Statioun. Mam Tram dann op d'Cloche d'Or. An do ass dann nach net kloer: Kann ee mat deem Tram duerchfueren oder net? Dat heescht, et misst een do vläicht och nach eng Kéier ëmklammen, fir op d'Stater Gare oder op de Kierchbierg ze kommen. Dat kann et net sinn.

Och kann et net sinn, dass den T.I.C.E. net den Exploitant soll si vun deem Tram, respektiv vum BHNS. Béid Projete sinn eng Privatiséierung vum ëffentlechen Transport. Eng Privatiséierung, déi vun DP an déi gréng souwuel an der Stad wéi och hei zu Déifferdeng ëmmer ënnerstëtzt ginn ass.

Och fir eisen Diffbus a Ruffbus setze mir op Privatunternehmen, amplaz op Syndikater, an deene mir awer bedeelegt sinn. Dëst muss endlech änneren. Ëmsou méi, well mir dann Urecht op Subsiden hätten, déi mir soss net kréien.

Och am Beräich vun de Sportsinfrastrukturen ass eise Budget nach ëmmer vu Privatiséierunge gekennzeechent. Wat mir weider kritiséieren. Den Aquasud muss erëm a Gemengenhand kommen, soubal et geet. An datt mir elo de Fussballterrain erëm wéinst Feelplanung mussen oprappen, weist, dass ee Private mat sougenannter Expertis eranzehuelen, deen da vu Köln aus eisen Terrain verwalt, keng Plus-value ass a war. Do wollt ech dann och d'Fro stellen, wien dann elo opkënnt fir déi Käschte vun där Feelplanung? Besteet do eng Garantie décennale, déi Strabag do an d'Responsabilitéit hëlt?

Ofschléissend wëll ech haut deene Leit Merci soen, déi ech ganz fréi am Däischtere konnt am Asaz gesinn, déi d'Poubellen eidel gemaach hunn, wéi all Woch. Ech wollt si mol eng Kéier explizitt erwänen. A stellvertriedend, wou ech hinne Merci soen, wëll ech och alle Mataarbechter a Mataarbechterinne vun eiser Gemeng Merci soe fir hiren Asaz am Alldag. An dëst Joer ëmsou méi an der Kris, wou et wichteg war, fir eis Bierger do ze sinn. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Ech soen Iech och Merci, Här Diderich a ginn d'Wuert un den Här Ruckert weider.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Madamm Buergermeeschtesch, Dir Dammen an Dir Häre vum Gemengerot. An der Sitzung vum 25. Oktober, an där de Gemengerot de Budget rectifié vun 2020 an de Budgetsprojet fir 2021 virgestallt kritt huet, huet de Schäfferot vun engem Covid-Budget geschwat an domat verbonnen, dass op där enger Säit d'Einnamen, déi d'Gemeng aus dem Fonds de dotation globale des communes an aus der Gewerbesteier kritt, un de Staat zréckginn, an op där anerer Säit gréisser Ausgaben ufalen, déi d'Gemeng mécht, fir derzou bäizedroen, d'Follge vun der Covidkris zu Déifferdeng méiglechst kleng ze halen.

Dat ass eng Realitéit, mat där mer eis elo an an Zukunft auserneesetze mussen. An der Analys vun der KPL ass awer weeder de Budget rectifié vun 2020 nach de Budgetsprojet fir 2021 e Covid-Budget oder e Krisebudget. Well: Den uerdentleche Budget schléisst an deenen zwee Fäll mat engem héijen Iwwerschoss of. Déi ausseruerdentlech Ausgabe bleiwen héich. Soudass eng ganz Rei vun noutwendegen Investitioune getätegt gi kënnen.

Derbäi kënnt, dass d'Verscholdung vun der Gemeng relativ niddreg bleift. Och dann, wann 2021 en neien Emprunt vun néng Milliounen opgeholl gëtt. Ëmsou méi e groussen Deel vun där Schold drop zréckzeféieren ass, dass d'

Gemeng Projete vun der Regierung virfinanzéiert.

An den Ae vun der KPL hu mer et mat engem Budget an enger Krisenzäit ze dinn. An domat mengen ech net nëmmen d'Covidkris, ma och déi ekonomesch Kris, déi sozial Kris an d'Klimakris. Schonns ee Joer virun der Covidkris, also am Ufank vun 2019, huet e Konjunkturofschwong ugefaangen: d'Pëtrolspräisser si gefall, den Ëmsaz vu ville Betriber ass zréckgaangen, d'Betriber hu manner investéiert, d'Aarbechtslosegkeet huet zougeholl. An eng vun deenen zyklesche Wirtschaftskrisen, wärend deene masseg Kapital zerstéiert gëtt, an ouni déi de Kapitalismus net auskënnt, stoung virun der Dier.

Ech wëll hei extra dorop hiweisen, well dat ganz gär ënnert den Dësch gekiert gëtt an elo gemaach gëtt, wéi wann all déi grouss Problemer op d'Gesondheetskris zréckzeféiere wären. Well dat awer net de Fall ass, wäerten déi kapitalistesch Kris an hir negativ Auswierkungen op d'Ekonomie an all aner gesellschaftlech Beräicher och op d'Gemenge weidergoen. Och wann d'Gesondheetskris eriwwergoe wäert. Wat hoffentlech ganz geschwënn de Fall wäert sinn.

Richteg ass, dass d'Covidkris déi ekonomesch a gesellschaftlech Problemer, déi et virdru ginn huet, wéi an engem Brennglas däitlech gemaach a se nach verschäerft huet. Dat gëllt och fir d'Gemengefinanzen. Zanter laangem kréien d'Gemenge vun der Regierung vill ze wéineg Suen, fir déi ëmmer méi grouss Ausgaben ze erleedegen, déi hinnen zum groussen Deel vum Staat operluecht ginn. Ma well an de Schäfferéit, dorënner och zu Déifferdeng an am Gemengesyndikat, déi selwecht Parteie sëtzen, déi och an der Regierung sinn, gëtt do net deen néidegen Drock gemaach, fir dat ze änneren.

Derbäi kënnt, dass déi Steieren, déi d'Gemenge kréien, fir ze funktionéieren, ze investéieren an hiren Awunner Déngschtleeschtungen unzebidden, zum groussen Deel aus dem Akommes vun de schaffende Leit kommen, déi zwee Drëttel vum Gesamtsteieropkomme bezuelen. D'Kapital awer nëmmen een Drëttel. Dat muss ëmgekéiert ginn.

Awer och zu Déifferdeng ass, fir dass et bei de Steiere méi gerecht zougeet, eng Erhéijung vun der Gewerbesteier iwwerfälleg, déi jo nëmme vu Betriber bezuelt ginn, déi Gewënn maachen. Och d'Aféierung vun enger Spekulatiounssteier, ënner bestëmmte Bedéngungen op eidel Wunnengen an op Bauterrain, deen net genotzt gëtt, wéi d'KPL dat fuerdert, ass noutwendeg. Gëtt bis elo awer nach ëmmer vum Schäfferot blockéiert.

Déi lescht Reform vun de Gemengefinanzen huet un der ongerechter Steieropdeelung tëschent dem Staat an de Gemenge grondsätzlech net vill geännert. D'Fuerderung vun der Kommunistescher Partei, dass de Staat zwee Drëttel an d'Gemengen een Drëttel vum Gesamtsteieropkomme kréie missten, amplaz dass d'Gemenge vill manner kréien, bleift aktuell.

Mir wëssen, dass zu Déifferdeng d'Auswierkunge vun de Follge vun der Gesondheetskris grouss sinn. Och fir d'Geschäftswelt. Duerfir begréisst d'Kommunistesch Partei, dass d'Gemeng eng Rei Initiative geholl huet, déi sech jo och am Budget nidderschloen an déi derzou bäidroen, d'Auswierkunge vun der Kris op d'Geschäftswelt e bëssen ofzefiederen.

Ma och an der Geschäftswelt zu Déifferdeng gëtt et, onofhängeg vun der Gesondheetskris, scho ganz laang eng Kris. Wat besonnesch domat ze dinn huet, dass déi grouss Handelsketten an hir Super- an Hypermarchéen déi kleng Geschäftsleit futti maachen. An domat och derzou bäidroen, den Zentrum vun Déifferdeng auszebludden.

Ech fuerderen de Schäfferot am Numm vun der Kommunistescher Partei op, wärend deenen nächsten dräi Jore keng weider Geneemegunge fir Super- an Hypermarchéen an der Gemeng Déifferdeng ze ginn. Et ass jo net esou, wéi wann d'Kafkraaft vun de Leit matwuesse géif, wann d'Zuel vun de Supermarchéë wiisst. De Géigendeel ass de Fall.

Den Index ass esou manipuléiert ginn, dass e wärend Joren net erfält. A wärend der Coronakris hu vill Déifferdenger Awunner musse Kuerzaarbecht maachen, an dat och elo nach ëmmer. Domat ginn d'Lounkäschte vun de Pa-

*se constitue de préfinancements pour le compte de l'État.*

*Ali Ruckert signale que ce budget est un budget de crise sanitaire, de crise économique, de crise sociale et de crise écologique. Le prix du pétrole s'est écroulé dès le début de 2019. Le chiffre d'affaires des entreprises a reculé. Le chômage a augmenté. Cela signifiait qu'une crise économique cyclique détruisant le capital était sur le point de voir le jour.*

*Ali Ruckert insiste sur ce point parce que maintenant, on fait semblant que tous les problèmes proviennent de la crise sanitaire. C'est faux et c'est pourquoi la crise dans les communes va se prolonger audelà de la COVID-19. Le coronavirus n'a fait que renforcer les problèmes.*

*Depuis longtemps, les communes reçoivent trop peu d'argent de la part du gouvernement, pour lequel elles doivent remplir des missions. Mais les collèges échevinaux ne réagissent pas parce qu'ils font partie des mêmes familles politiques que le gouvernement.*

*En plus, l'argent des impôts, que les communes utilisent pour fonctionner, investir et proposer des services, est prélevé en grande partie auprès des travailleurs.*

*À Differdange, il est grand temps d'augmenter l'impôt commercial, qui n'est versé que par les entreprises. Ali Ruckert exige également une taxe sur la spéculation visant les logements vides et les terrains à bâtir inutilisés. La réforme des finances communales n'a pas changé grand-chose. Les communistes demandent que les communes obtiennent 1/3 de tous les impôts.*

*La crise sanitaire a des conséquences graves sur Differdange — et en particulier sur le commerce. Ali Ruckert salue les initiatives prises dans ce contexte. Cependant, le commerce differdangeois souffre depuis longtemps à cause des grandes chaines commerciales qui saignent le centre-ville. Ali Ruckert exhorte le collège échevinal à ne pas autoriser de nouveaux hyper- ou supermarchés pendant trois ans.*

*Pendant la crise sanitaire, de nombreux Differdangeois se sont retrouvés en chômage partiel. Les patrons ont versé moins de salaires et*

*les chômeurs partiels ont vu leur pouvoir d'achat reculer. Le KPL veut que les personnes en chômage partiel touchent 100 % de leur salaire au lieu de 80 %. Il est évident que le collège échevinal ne peut pas compenser toutes les pertes. Mais il pourrait s'engager à ne pas augmenter les prix et les taxes au cours des prochaines années.*
*Pour ce qui est des investissements, en 2020, ils auraient été revus à la baisse à cause de la pandémie de COVID-19.*
*En 2021, les dépenses extraordinaires sont estimées à 112 millions d'euros. Elles incluent les nouveaux ateliers, l'agrandissement de l'hôtel de ville, des travaux dans les écoles et les infrastructures sportives, et l'acquisition de 80 appartements dans la tour Gravity. Ali Ruckert approuvera ces investissements, qui vont dans le sens des citoyens.*
*Il signale cependant que les dépenses extraordinaires sont gonflées par le préfinancement de projets nationaux comme le commissariat et l'école internationale. Les investissements communaux se montent donc à 93 millions d'euros — 17 % de moins qu'annoncé.*
*(Interruption)*
*Ali Ruckert constate que le budget de l'État s'en trouve soulagé, mais la capacité d'investissement de la commune en souffre — par exemple dans l'enseignement, la voirie, le stade d'athlétisme…*
*Les communistes saluent l'acquisition de 80 appartements dans la tour Gravity même s'ils n'apprécient pas le concept urbanistique.*
*En revanche, Differdange continue de manquer d'appartements à louer. En 2016, la commission des finances avait estimé le manque à 800 appartements. Ce chiffre a probablement augmenté depuis. La construction de logements à cout modéré devrait être la priorité absolue de la commune. Celle-ci devrait créer une entreprise de construction — éventuellement en partenariat avec les communes voisines — et réaliser des projets. Autrement, la situation ne s'améliorera pas.*
*En outre, une taxe sur la spéculation est nécessaire.*
*Ali Ruckert est opposé à la privatisation des services publics. Il men-*

tronen dëst Joer ëm 6 % zréck. Awer och d'Kafkraaft vun deenen, déi Kuerzaarbecht maache mussen. Grad dofir fuerdert d'KPL och 100 % amplaz 80 % Loun fir d'Kuerzaarbechter.

Et ass mer bewosst, dass d'Gemeng Déifferdeng d'Verloschter, fir déi d'Regierungsparteien DP, LSAP an déi gréng verantwortlech sinn, net kompenséiere kann. Ma op d'mannst kéint sech de Schäfferot awer engagéieren, dass déi nächst Jore keng Präis- an Taxenerhéijunge gemaach ginn. Aus Récksiicht op de Réckgang vun der Kafkraaft vun der grousser Majoritéit vun de schaffende Leit.

Wat d'Investitioune vun der Gemeng ugeet, sou ass et ze verstoen, dass 2020, opgrond vun de Follge vun der Covidpandemie, vun deenen ausseruerdentlechen Ausgaben an der Héicht vun 147,8 Milliounen Euro der nëmmen 102 Milliounen, an domat bal een Drëttel manner, duerchgefouert gi konnten.

Fir 2021 sinn ausseruerdentlech Ausgaben an der Héicht vun 112 Milliounen Euro ugekënnegt. Dorënner wichteg Projete wéi de Bau vun neie kommunalen Atelieren, den Ausbau vum Gemengenhaus, Investitiounen a Schoul- an a Sportsinfrastrukturen an de Kaf vun 80 Wunnengen am Gravity-Tower. Dat si wichteg Investitiounen.

Als Vertrieder vun der KPL wäert ech de Kreditter fir dës Projeten och zoustëmmen, wéi d'Kommunistesch Partei dat ëmmer an der Vergaangenheet gemaach huet, wann et drëms gaangen ass, Investitiounen ze geneemegen, déi am Sënn vun eisen Awunner sinn.

Ech muss awer drop hiweisen, dass de Budget vun den ausseruerdentlechen Ausgaben 2021 doduerch opgeblosen ass, dass d'Gemeng staatlech Projeten, d'Policegebai fir 8,5 Milliounen Euro an d'Grondschoul vun der École internationale fir zéng Milliounen Euro, fir de Staat virfinanzéiert. Tatsächlech belafe sech domat déi fir 2021 ugekënnegt kommunal Investitiounen nëmmen op 93 Milliounen Euro. Also 17 % manner.

Op dës Manéier gëtt zwar de Staatsbudget entlaascht, ma gläichzäiteg bleiwen d'Investitiounscapacitéite vun der Gemeng ageschränkt. Dat féiert derzou, dass kommunal Sue fir staatlech Projete blockéiert ginn, wichteg Investitioune vun der Gemeng awer zréckgestallt ginn. Dorënner Investitiounen am Schoulberäich, Stroossenaarbechten an an de Bau vun engem Liichtathleetikterrain. Domadder ass d'KPL net d'accord.

D'KPL begréisst, dass Ustrengungen am Wunnengsbau gemaach ginn. Wat jo och domat zum Ausdrock kënnt, dass d'Gemeng 80 Wunnengen am Gravity-Tower keeft. D'KPL huet dat begréisst. Wat awer näischt drun ännert, dass si der Meenung bleift, dass déi Tierm am Zentrum vun Déifferdeng alles anescht wéi eng landesplaneresch Glanzleeschtung ass.

Trotz deene verschiddene Wunnengsbauprojete vun der Gemeng, gëtt et weider e krasse Mangel u Mietwunnengen zu Déifferdeng. Meng Impressioun ass, dass dëse Mangel haut, vu dass d'Zuel vun den Awunner zanterhier staark zougeholl huet, éischter nach méi grouss ass wéi 2016, wéi d'Finanzkommissioun an engem Bréif un de Schäfferot festgehalen huet, dass 800 Mietwunnengen an der Gemeng feele géifen.

Ganz allgemeng wëll ech dat widderhuelen, wat ech d'lescht Joer schonn zum Wunnengsbau gesot hunn. Fir d'KPL misst op Gemengenniveau dem Bau vu bezuelbare Wunnengen absolutt Prioritéit bäigemooss ginn.

An d'Gemeng misst an Eegeregie, oder an Zesummenaarbecht mat den Nopeschgemengen, eng Baufirma schafen a Bauaarbechter astellen, fir selwer Bauprojeten ze verwierklechen. Ouni dat, gëtt de Wunnengsmangel och an den nächsten 20 Joren nach net behuewen. Als Ergänzung dozou misst endlech eng Spekulatiounssteier op bestëmmten Haiser, déi zënter laangem eidel stinn, an op bestëmmten Terrainen, déi aus Spekulatiounsgrënn zanter laangem Brooch leien, kommen. Wéi d'KPL se zënter 2015 hei am Gemengerot fuerdert.

Ech wëll drun erënneren, dass d'KPL et och kategoresch ofleent, dass ëffentlech Déngschtleeschtungen an Déngschter privatiséiert ginn. Wéi dat an der Ver-

gaangenheet an der Gemeng Déifferdeng deelweis de Fall war. Dat ass de Fall beim Diffbus, beim Recyclingshaff zu Nidderkuer, beim Stadion zu Uewerkuer wéi bei der Schwämm vum Aquasud, wou privat Gesellschafte Profitter maachen op Käschte vun eiser Bevëlkerung. D'KPL bedauert, dass déi Privatiséierunge bis haut net réckgängeg gemaach gi sinn.

Déi Punkten, déi ech grad opgezielt hunn dierfen duergoen, fir kloerzemaachen, firwat ech als Vertrieder vun der KPL am Gemengerot dësem Budgetsprojet net zoustëmme kann. Onofhängeg dervun, dass et de Budget vun de Schäfferotsparteien, de Gréngen an der CSV, ass, déi dëse Budgetsprojet no hiren eegene Virstellungen an hiren eegene Prioritéiten opgestallt hunn. Déi net de Prioritéiten entspriechen, mat deenen d'KPL an d'Wale gaangen ass, an déi se och haut nach huet.

Zu dëse Prioritéiten zielen, dass d'Gemeng däitlech méi Sue fir sozial Ëmverdeelung a fir d'Bekämpfung vun der Aarbechtslosegkeet an der Aarmut zu Déifferdeng ausgi muss.

Dass de Bau vu Mietwunnengen, déi d'Leit och bezuele kënnen, net nëmme weidergedriwwe gi muss, ma dass dem Bau vu bezuelbare Mietwunnengen absolutt Prioritéit ageraumt gi muss. Och duerch d'Grënnung vun enger kommunaler Baugesellschaft.

Dass d'Privatiséierung vu kommunalen Ariichtungen an Déngschtleeschtungen, zum Beispill vum Diffbus, dem Recyclingszenter an dem Aquasud réckgängeg gemaach gi muss.

Dass ganz decidéiert Moossname géint de Verkéierschaos ergraff gi mussen, an dass d'Parkgebüren ofgeschaaft gi mussen, amplaz dass et der ëmmer méi gëtt.

Dass Taxenerhéijungen, fir d'kommunal Déngschtleeschtunge käschtendeckend ze maachen, verhënnert gi mussen an déi nächst Jore keng Erhéijung vun de kommunale Präisser an Taxe virgeholl gëtt. Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Här Ruckert. Ech géif virschloen, wann Der averstane sidd, eng Véierelstonn Paus ze maachen, ier mer dann un déi eenzel Conseillere komme fir hir Stellungnam. Villmools merci fir d'Anhale vun der Zäit. Merci.

(Paus)

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Dir Dammen an Dir Hären, mer géifen elo un déi eenzel Stellungname kommen. An ech géif d'Madamm Wohl bieden unzefänken.

**NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch, fir d'Wuert. Ech wäert op Kultur, Senioren, Soziales a Sport zréckkommen. Dat si véier Theemen, déi breet matenee verflecht sinn. Mat Sport a Kultur kann ee preventiv schaffen. Woumat déi Problemer, déi mer oft nëmme palliativ behandele kënnen, reduzéiert ginn. Ech denken do un d'kierperlech Fitness an un d'Gehier-Fitness am Allgemenge. Als Beispill: Wann e Club, ewéi d'Espérance Differdange, Loisirscoursen ubitt, déi och vu Seniore vun 80+ besicht ginn, da gëtt do mat Sécherheet e gudden Deel u Preventioun vu Chutten, déi oft zu Hospitalisatiounen a bis zu déidleche Komplikatioune féieren, geleescht.

Ech wëll drop hiweisen, dass dës Coursen online respektiv am Vëlospark um Metzkimmert wärend deem ganze Confinement a Semi-Confinement gehale gi sinn. Fir dass e Club dat kann op d'Bee setzen, brauch een natierlech d'Ënnerstëtzung vun der Gemeng.

Am Beräich vun de Senioren, wëll ech d'Wunnengen am Gravity erwänen, den neie Ruffbus Dinola, deen et erlaabt, innerhalb der Gemeng geziilt iergendwou hin ze kommen an och nees ofgeholl ze ginn. A mat deem een och an de CHEM op Esch fuere kann.

Mir begréissen, dass de Budget, deen dëst Joer fir d'Rentnerfeier virgesi war,

*tionne le Diffbus, le centre de recyclage, le stade et la piscine. Des entreprises privées s'enrichissent sur le dos de la population.*
*Tous ces points expliquent pourquoi Ali Ruckert ne pourra pas approuver le budget. De toute façon, il s'agit du budget des écologistes et des chrétiens sociaux. Leurs priorités ne correspondent pas à celles des communistes.*
*Parmi ces priorités figure davantage d'argent dans la lutte contre le chômage et la pauvreté. La construction d'appartements à louer doit devenir une priorité absolue grâce à la création d'une entreprise de construction communale. La privatisation des infrastructures et services publics doit cesser. Le collège échevinal doit prendre des mesures décidées contre le chaos sur les routes et abolir les taxes de stationnement. Les tarifs et taxes communaux ne doivent pas être augmentés au cours des prochaines années.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *propose de faire une pause avant de donner la parole aux conseillers communaux.*
*(Pause)*
*Christiane Brassel-Rausch cède la parole à madame Wohl.*

**NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG)** *souhaite aborder les thèmes de la culture, des séniors, du social et du sport.*
*La culture et le sport permettent de prévenir les problèmes. C'est ce que Nicole Wohl appelle la gymnastique du corps et du cerveau. Ainsi, quand des séniors de plus de 80 ans prennent part à des cours de loisirs, cela diminue les risques de chute, les hospitalisations et les complications fatales qui peuvent s'ensuivre. Pendant le confinement, ces cours ont eu lieu en ligne ou au Metzkimmert. Le club Espérance Differdange a besoin du soutien de la commune.*
*En ce qui concerne les séniors, Nicole Wohl mentionne Gravity et le bus sur appel Dinola, qui permet de se déplacer dans la commune et même aller au CHEM à Esch. Elle salue la distribution de bons de 15 € et de deux tickets pour le bus sur appel afin de remplacer la fête des retraités. Malheureusement, de nombreux évènements ont dû être*

*annulés cette année — d'autant plus que les séniors représentent des personnes à risque. Mais la solidarité a été importante pendant le confinement.*
*Nicole Wohl remercie les clubs sportifs, pour qui le confinement n'a pas été facile, et le service des sports. Le sport représente la cohésion sociale, le fairplay et la rivalité avec des règles. La commune a versé des subsides supplémentaires cette année.*
*En 2018, Differdange a été City of Sport. Nicole Wohl espère que la commune continuera à investir dans le sport. Il est important que les enfants puissent essayer et choisir librement une activité sportive. LUNEX est en train de réaliser une étude pour le compte de la Ville de Differdange pour voir comment les enfants dans les maisons relais pourraient prendre part à des activités dans les clubs sportifs. Il ne faut pas non plus oublier les adultes et les séniors.*
*Nicole Wohl mentionne ensuite quelques grands projets comme le terrain synthétique du Woiwer, la rénovation du stade Thillenberg, le drainage du stade municipal, la rénovation du centre sportif d'Oberkorn et le Luxembourg Institute for High Performance in Sport. Le Bock sera rénové. Un centre sportif sera construit pour l'EIDE. La piste cyclable entre Niederkorn et Differdange sera terminée par l'Administration des ponts et chaussées, mais l'éclairage sera financé par la commune. Le centre sportif de Niederkorn doit encore être inauguré.*
*En ce qui concerne le volet social, Nicole Wohl mentionne la téléalarme, les repas sur roues et l'allocation de solidarité.*
*La culture est frappée de plein fouet par le coronavirus. Differdange sera au centre d'Esch2022 en octobre. Nicole Wohl explique que la pièce de théâtre* Transit *sera jouée au Hall O. Il s'agit d'un groupe de voyageurs attendant leurs valises dans une salle d'attente. Des personnes sortent des valises. L'eau vient à manquer et la situation s'envenime. Ce projet de Guy Geimer n'a pas été retenu par Esch2022, mais le collège échevinal le soutient.*

a Form vu Bonge vu 15 Euro fir lokal anzekafen an zwee gratis Tickete fir de Ruffbus un d'Leit geschéckt ginn ass.

Leider sinn och d'Senioren dëst Joer schlecht ewechkomm. Eng ganz Rei Aktivitéiten, zum Beispill de Speed Dating, vill kulturell Evenementer – ech ka se net all opzielen –, sinn ewechgefall. Déi si an eis leider nach méi schnell alteren dinn an d'Risikofacteure fir Krankheeten am Allgemengen an d'Luucht setzen. Anerersäits ass sech am Confinement schnell a virbildlech ëm d'Seniore gekëmmert ginn. Si konnte mat Akeef fir an d'Apdikt, d'Epicerien, gehollef kréien. Am Numm vun déi gréng soen ech nach eemol e ganz grousse Merci un all d'Benevollen, déi dës wichteg Aufgab iwwerholl hunn.

Am Sport soen ech Merci un d'Veräiner an un d'Benevollen, déi duerch d'sanitär Situatioun a moossnamebedéngt bestëmmt oft d'Flemm kritt hunn. Ech wënschen hinnen, dass déi Flemm nees vergeet an dass se sech nees voll kënnen asetzen. E Merci un de Service des sports, indoor an outdoor. Un all d'Sportler, déi 2020 gemaach hunn, wat se konnten. Am Sport geet et net just drëm, en Titel ze gewanne respektiv ze verléieren, et geet ëm sozial Kohärenz, Fairplay, Rivalitéit mat Reegelen. Dat ass immens wichteg.

Am Kader vun de Subsiden ass séier reagéiert ginn, an d'Stad Déifferdeng huet zousätzlech zum Subsid vum Staat d'Veräiner ënnerstëtzt.

Déifferdeng ass 2018 City of Sports ginn. An et soll net just bei deem Titel bleiwen. Mir wënschen eis, dass weider an de Sport investéiert gëtt. Souwuel an den Ekippesport wéi an den individuelle Sport. Et ass wichteg, dass mer vu Klengem un de Kanner d'Méiglechkeet ginn, fir dee Sport erauszewielen, deen hinne passt, respektiv och einfach deen een oder deen aneren auszeprobéieren.

Zesumme mat der LUNEX ass eng Etüd amgaang, fir ze kucken, wéi d'Kanner aus de Maison-relaisen innerhalb der Woch un den Aktivitéite vun de Sportsclibb deelhuele kënnen. Dat ass mat engem grousse logisteschen Opwand verbonnen. Awer och déi Erwuesse sollen op hir Käschte kommen, ouni d'Senioren ze vergiessen. An et wäerte weiderhin eng ganz Rei Coursen ugebuede ginn.

Grouss Projeten am Sport sinn de syntheeteschen Terrain um Woiwer, dee souwuel vum CSO wéi vun de Schoulen a Maison-relaise benotzt ka ginn. D'Erneierung vum Stade Thillebierg, den neien Drainage vum Fussballterrain Stade municipal, d'Renovatioun vum Centre sportif zu Uewerkuer, fir de Clibb méi Moyenen ze ginn ze trainéieren, de Luxembourg Institute for High Performance in Sports fir Elittesportler. Deen 2021 soll fäerdeg ginn an deen och der Sportsmedezin, der Sportschirurgie soll zougänglech ginn, fir primär a secondaire Preventioun kënnen ze maachen.

Um Bock gëtt renovéiert. D'EIDE kritt e Centre sportif, deen och vu Clibb benotzt ka ginn. Et gi weider Sportsevenementer organiséiert. Ech erwäne just de Steel Run. An d'Vëlospist tëscht Nidderkuer an Déifferdeng. Déi gëtt zwar vu Ponts et Chaussées fäerdeg gemaach, woubäi de Budget vum Éclairage vun der Gemeng gedroe gëtt. A mir sinn all frou, wa mer sou fréi wéi méiglech eng Kéier d'Sportshal zu Nidderkuer richteg aweie kënnen.

Beim Soziale wëll ech den Telealarm, de Repas sur roues, d'Allocation de solidarité, déi an d'Luucht gesat ginn ass, erwänen.

An der Kultur si mer de Moment leider op Entzuch: keen Theater, kee Kino, keng Show, keen hei a keen do. U Projete feelt et awer net. Ech hunn der e puer erausgepickt. Wat Esch 2022 ubelaangt, do steet Déifferdeng ee Mount am Mëttelpunkt. Dat dierft am Oktober sinn. Et ass virgesinn, d'Stéck „Transit“ am Hall O opzeféieren. Eng fräi Adaptatioun vum István Tasnádi sengem Stéck. Et geet ëm e Grupp Leit, déi op der Rees sinn a sech an enger Salle d'attente erëmfannen a waarden. Hiert Gepäck kënnt iwwer Fliissband, an et klamme Mënschen aus de Wallissen eraus. De Mënsch gëtt mat sech selwer konfrontéiert. D'Waasser gëtt knapp. D'Situatioun eskaléiert.

Dëse sécherlech interessante Projet vum Déifferdenger Theater, ënnert der Leedung vum Guy Geimer, ass vun Esch 2022 leider net zréckbehale ginn. Mir sinn awer frou, dass e vum Schäfferot

opgefaange ginn ass an ënnerstëtzt gëtt. Et ass e Stéck fir 40 bis 50 Acteuren. Wou och virgesinn ass, dass e Chouer vun der UGDA drun deelhuele kann.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Madamm Wohl, Dir hutt nach annerhallef Minutt.

**NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG):**

Am Ganze sinn et 27 Projeten, déi vun Déifferdeng ënnerstëtzt ginn. Ech wëll d'Poppespënnchen, d'Harmonie Municipale vun Déifferdeng, d'Museks- an d'Naturschoul vu Lasauvage erwänen. 2021 ass e Fräiliichttheater virgesinn: Déi schwaarz Spann. Et ass mer wichteg, all deene Leit Merci ze soen, déi zum kulturellen, sozialen a sportleche Liewe bäigedroen hunn. An et ass mer ganz wichteg, dass mer net alles wäerten zoubauen. Net ze vill op klengem Raum liewen, fir Hotspotten ze vermeiden. Wichteg, dass mer nach Sonneliicht an eis Stroosse loossen. An dass mer kënnen an d'Natur goen, fir genuch Vitaminn D ze tanken. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Wohl. Dann ass et um Här Altmeisch, wannechgelift.

**GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen an Dir Hären, no dëse villen Zuelen, géif ech praktesch Beispiller annoncéieren. An déi Beispiller sinn d'Ursaach, firwat d'LSAP op verschiddene Plaze mat dësem Budget net kann d'accord sinn.

Sech sécher fillen a senger Gemeng op alle Plazen an zu all Moment steigert d'Liewensqualitéit vun eisen Awunner. D'Sécherheet soll prioritär behandelt ginn. Leider muss d'LSAP Déifferdeng feststellen, dass genau bei dëse wichtegen Aufgabe vill Zäit verluer geet, ouni Resultat. Ouni Diskussioun respektiv Analys vun de Jore virdrun, gëtt de Vertrag mat der Sécherheetsfirma verlängert, jo, souguer ausgebaut. Sécherheet, e raart Theema hei am Gemengerot.

Säit 2019 gëtt um Projet vun den Iwwerwaachungskameraen am Zentrum vun Déifferdeng geschafft. Ronn 100.000 Euro sinn investéiert a weider 100.000 fir 2021 virgesinn. Leider sinn nach keng Biller disponibel. Mir kréien erkläert, Schold wier dat neit Dateschutzgesetz vun 2021. Wier 2019, wéi de Projet gebuer ginn ass, d'Demande agereecht ginn, da wier d'Autorisatioun do. D'Sécherheetsgefill wier verbessert ginn.

An der leschter Woch ass vill an de Medie geschwat a geschriwwe gi vum private Sécherheetsdéngscht, deen an der Stad Lëtzebuerg an zu Déifferdeng am Asaz ass. De Policeminister a vill Juriste schwätze vun enger rechtlecher Grozon, wat d'Kompetenzen an den Zoustännegkeetsberäich vum Sécherheetsdéngscht ugeet. Vun enger schläichender Privatiséierung vun der ëffentlecher Muecht geet rieds. No enger anerer Léisung muss gesicht ginn.

Scho bei der Diskussioun iwwert de Budget 2020 war d'LSAP Déifferdeng der Meenung, dass zwee weider Agents municipaux déi aner a besser Léisung wier. Mir musse wëssen, dass déi Beamte vun der privater Firma e manner grousse Kompetenzberäich wéi eis Agents municipaux hunn. Déi sinn net vereedegt, kennen d'Gemeng an eis Awunner net, ginn oft ausgetosch a schwätze majoritär Franséisch. Wat kee Virdeel fir eis Leit ass.

Agents municipaux bréngen eis méi Stonnen um Terrain bei eise Bierger, méi Flexibilitéit vun der Aarbechtszäit an Aarbechtsplazen. Dëse Virschlag bréngt der LSAP an der aktueller Sécherheetssituatioun vill méi, schaaft zwou nei Aarbechtsplazen, vergësst awer leider de Benefice vun der Firma. 2021 sinn 300.000 Euro virgesinn, fir de Käschtepunkt vun der Sécherheetsfirma ze droen. De gesamte Budget vun eisen eelef Agents municipaux beleeft sech op 730.000 Euro.

De Gemengerot muss de Reportage vum RTL ofwaarden, fir eng Analys vun der Aarbecht vun de Sécherheetsleit gewuer ze ginn. 1.100 Interventiounen, 350-mol Drogen an Alkohol am Spill, an 150-mol ass d'Police geruff

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *signale à madame Wohl qu'il lui reste une minute et demie.*

**NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG)** *signale que 27 projets sont soutenus par Differdange.*
*Elle remercie tous ceux qui sont actifs dans la culture, le sport et le social.*
*Elle souligne enfin l'importance de ne pas tout bétonner en ville.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *ne veut pas revenir sur les chiffres, mais expliquer à travers des exemples pratiques pourquoi les socialistes ne peuvent pas approuver ce budget.*
*La sécurité doit être une priorité absolue. Malheureusement, le collège échevinal perd du temps. Le contrat avec la société de sécurité privée sera prolongé sans qu'il y ait eu un débat. La commune a investi 100 000 € dans des caméras de surveillance. Cent-mille euros supplémentaires sont prévus en 2021. Mais les caméras ne fonctionnent toujours pas faute de lois. Or si la demande avait été introduite dès 2019, le collège échevinal disposerait des autorisations nécessaires.*
*La semaine dernière, les médias ont parlé des entreprises de sécurité actives à Luxembourg-ville et Differdange. Pour le ministre de la Justice et certains juristes, il s'agit d'une zone grise. Il est question de privatisation du pouvoir public. Lors des débats budgétaires de l'année dernière, les socialistes avaient préconisé le recrutement de deux agents municipaux, qui ont plus de compétences que les agents privés. Ceux-ci ne connaissent pas la commune, parlent souvent français et sont remplacés régulièrement. Guy Altmeisch exhorte le collège échevinal à recruter deux agents municipaux au lieu de payer une société privée pour laquelle 300 000 € sont prévus en 2021. Le budget pour les 11 agents municipaux s'élève à 730 000 €.*
*Il aura fallu attendre un reportage de RTL pour savoir ce que font les agents privés. Mais d'où proviennent les chiffres comme 350 interventions pour des problèmes de drogue ou 150 appels à la police ? Selon quels critères, les agents dé-*

*cident-ils si la police doit intervenir ?*
*Le chantier du commissariat commencera en 2021. Le LSAP soutient ce projet à 100 % pour le bien de la police et des citoyens. Une collaboration avec la police locale et régionale est nécessaire pour garantir la sécurité. Le projet du commissariat a été approuvé en 2019, lorsque les socialistes ont mis la pression. Les responsables politiques ne doivent pas ignorer les problèmes. Une discussion au sein du conseil communal est nécessaire.*
*Le comité de prévention parle du développement de la criminalité locale. La police et un membre de la majorité y assistent. Pourquoi les conseillers communaux n'ont-ils pas le droit de savoir ce qui s'y dit ?*
*Les socialistes soutiennent le partenariat avec des éducateurs de rue. C'était une de leurs revendications ignorées pendant longtemps. Il faut chercher le contact avec les gens vivant dans la rue.*
*En ce qui concerne la mobilité, le conseil communal sait parfaitement à quel point la situation sur les routes est lugubre. Il y a des embouteillages. Tout le système risque de s'écrouler. Guy Altmeisch en parle à chaque séance.*
*Le collège échevinal finance des études pour améliorer la mobilité dans le centre, au Fousbann… Le rondpoint de Niederkorn doit être transformé. Des panneaux informatifs seront installés aux arrêts de bus. Le projet du PN 15 est censé avancer. Le budget pour les trottoirs augmente.*
*Guy Altmeisch soutient ces mesures. Mais certaines situations dangereuses ne sont pas traitées, comme l'éclairage public.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *signale à monsieur Altmeisch qu'il lui reste une minute.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *ajoute que le collège échevinal ne veut pas créer des places de stationnement dans les quartiers.*
*Le dialogue avec la commission de la mobilité doit être amélioré.*
*Il faudra analyser les horaires et les trajets du Diffbus.*

ginn. Follgend Froen dränge sech op: Wien deelt déi Chiffere mat, 350-mol Drogen an Alkohol am Spill, 150-mol gëtt d'Police geruff? De Sécherheetsbeamten, ouni spezifesch Formatioun, ouni kloer Rechtslag, laut Legislateur, decidéiert, ob d'Police geruff gëtt oder net. Wouhier weess een do d'Krittären?

2021 start de Bau vum neie Kommissariat. Adequat Aarbechtskonditiounen, ënnerstëtzt duerch eng modern Technik, féieren zu engem gesonden Aarbechtsklima, fuerderen d'Motivatioun a sinn d'Basis vun enger gudder Aarbecht. Och spillt dat Ganzt eng bedeitend Roll bei der Selektioun vun der Aarbechtsplaz, fir Rekrutementer vun neie Beamten. D'LSAP ënnerstëtzt dëse Projet zu 100 % an hofft, dass de Chantier schnell virugeet, zum Wuel vun eise Bierger an de Beamte vun eiser lokaler Police.

Sécherheet garantéieren a verbesseren ass eng wichteg Aufgab vu Politik, an Zesummenaarbecht mat der regionaler a lokaler Police. Ech muss op dëser Plaz drun erënneren, dass, opgrond vun de Verhandlungen an dem Drock vun der LSAP Déifferdeng bei de Budgetsdiskussioune fir d'Joer 2019, dëse Projet vun der Majoritéit an eis ënnerstëtzt ginn ass.

E puermol am Joer si schrecklech Biller an de Medien a Relatioun mat der Sécherheet zu Déifferdeng. Ech ginn net an den Detail. D'Politik däerf net ignoréieren a muss reagéieren. Mir fuerderen eng Diskussioun am Gemengerot iwwert d'Sécherheetslag zu Déifferdeng. An de Reunioune vum Comité de prévention gëtt iwwert d'lokal Entwécklung vun der Kriminalitéit diskutéiert, iwwer Strofdoten, festgestallt duerch eis lokal Police, iwwer Preventioun a sou weider.

Un dëse Sitzungen huele Leit vun der regionaler lokaler Police deel a Membere vun der Majoritéit. Firwat sinn déi Informatiounen tabu fir d'Membere vum Gemengerot? Am Sécherheetsberäich dréit all Informatioun an Diskussioun zur Verbesserung vun der lokaler Situatioun bäi.

D'Zesummenaarbecht mat Streetworker, säit Jore vun der LSAP gefuerdert, leider laang ignoréiert ginn, begréisse mir zu 100 %. Um Terrain de Kontakt an d'Gespréich siche mat Leit, déi d'Strooss als Doheem ugesinn, ass mega wichteg. Hëllef leeschten, Informatioune weidergi vun eise sozialen Ariichtungen, dat hunn déi Leit och verdéngt.

Ech kommen net dolaanscht, fir e puer Wuert iwwert d'Mobilitéit ze verléieren. Ech mengen, ech brauch kengem am Sall Beweiser ze liwweren, wéi düster et op eise Stroossen ausgesäit. En Ausbau ass limitéiert méiglech. An dat Ganzt staut respektiv fänkt un ze kollabéieren. Mount fir Mount maachen ech Iech am Gemengerot op d'Mëssstänn opmierksam, wat meng Stellungnam vun haut immens verkierzt.

Vill Geld an Zäit gëtt an d'Verbesserung vun eiser Mobilitéit gestach. Etüde gi finanzéiert, mam Zil eng Verkéiersberouegung am Zentrum bei de Schoulen um Fousbann, an der Zolwerstrooss an an der Emile-Mark-Strooss ze erreechen. Och de Rond-point zu Nidderkuer soll iwwerduecht ginn. Déi lokal Informatioune betreffend de Bus gi bei den Arrêten installéiert. Um Projet fir de PN15, d'Barriär zu Uewerkuer ze ëmfueren, gëtt weider geschafft. De Budget fir den Ënnerhalt vun den Trottoire gëtt eropgesat.

All déi Moossname begréisst d'LSAP. Leider musse mir feststellen, dass verschidde geféierlech Situatiounen am Budget 2021 vergiess gi sinn. De Budgetsposte fir eis ëffentlech Stroossebeliichtung bleift identesch.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Här Altmeisch, Dir hutt nach eng Minutt.

**GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Also behale mir déi däischter Zebrasträifen an déi däischter Stroossen a Plazen. De Rond-point zu Nidderkuer muss och nach duerhalen. D'Parkplazen an de Wunnquartiere fanne bei der Majoritéit och dëst Joer kee Gehéier. Dialog Schäfferot a Mobilitéitskommissioun muss verbessert ginn. Mam gratis ëffentlechen Transport mussen d'Horairen an d'Trajete vum Diffbus analyséiert ginn.

Laut Schäfferot soll d'Mobilitéitswoch ausgebaut ginn. Ech weess net, bei wiem dee Besoin gebuer ass. D'lescht Joer huet d'Mobilitéitskommissioun prioritär an dräi Sitzungen un der Organisatioun geschafft. D'Resonanz bei der Bevëlkerung war schwaach, sou wéi déi lescht zwee Joer. Verschidden Aktivitéite ware vun zwee bis dräi Leit besicht. D'LSAP proposéiert, an der Kommissioun aktuell wichteg Problemer am Verkéier ze analyséieren, no Äntwerten ze sichen an ze proposéieren.

Zum Schluss proposéieren ech, dass d'Verkéiersreglementer sollen an der Verkéierskommissioun analyséiert a beschwat ginn, ier se an de Gemengerot kommen. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Här Altmeisch. Den Här De Sousa wannechgelift.

**ENG STËMM:**

Den Här Tempels

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Den Här Tempels. Pardon.

**GUY TEMPELS (CSV):**

Ass net schlëmm. Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Dir Dammen an Hären, en net einfacht Joer geet op en Enn. An och d'nächst Joer wësse mir net genau, wou mir histeieren. Keng einfach Situatioun.

Et ass eis wichteg, fir d'éischt eise Fonctionnairen, eisen Aarbechter an deene ville Fräiwëllege Merci ze soen, fir hiren onermiddlechen Asaz wärend dem Lockdown an och duerno.

Ech ginn net komplett an d'Zuele vum Budget an. Ech ginn nëmmen op déi Posten an, déi ech mam Jerry Hartung opgedeelt hunn, aus zäitleche Grënn.

Bei de Baute gouf villes geleescht. Ech wäert net weider un déi färdeggestallten oder déi Projeten, déi amgaang sinn, agoen. Wat eis wichteg schéngt, ass der ganzer Ekipp um zweete Stack Merci ze soe fir hir geleeschten Aarbecht. Bei de Baute gëtt weider vill investéiert. Iwwer 100 Milliounen Euro si virgesinn. Ech hoffen, dass mir dës grouss Investitiounen och an Zukunft nach kënne stemmen. Mir däerfen net vergiessen, dass och fäerdeg Gebaier Käschte verursaachen.

Ech hoffen, dass d'Covidkris och sou séier wäert verdaut gi wéi d'Bankekris. Déi hate mer an zwee Joren duerch. Mee hei hunn ech wierklech meng Bedenken. Dofir wär et gutt, verschidde Saache vun der Prioritéitelëscht ze huelen an ze iwwerdenken, wéi zum Beispill de Liichtathleetiksterrain, de Medico, de Parking Haneboesch, d'Strooss um Wangert a verschidden anerer, wou een a Rou kucke soll, wéi ee genau virgeet. An och den Dialog soll net vergiess ginn.

Vill Projete sollen 2021 an Ugréff geholl ginn: d'Bockschoul zu Uewerkuer, déi renovéiert gëtt, de CID, den Ëmbau oder den Ubau vum Stadhaus. D'Policegebai, wat eis ganz urgent schéngt, gëtt ugefaangen oder soll ugefaange ginn. Mir hoffen, dass mer an Zukunft personaltechnesch vläicht Opstockunge kënne kréien, wat sech bestëmmt positiv op d'Sécherheet zu Déifferdeng géif auswierken.

De Park um Terrain AS wäert elo, no laangem Hin an Hier, gemaach ginn. Dat wäert e flotten Eck um Fousbann ginn. Och un eis Verstuerwe gouf geduecht. Schonns iwwer e puer Jore ginn all d'Kierfechter op de Leescht geholl an iwwerschafft. Ee Parking provisoire soll an de Woiwerwise gemaach ginn.

An Zukunft misste mer do e Gesamtkonzept ausschaffen, wéi dee Quartier spéiderhi sollt ausgesinn a wou mer och kéinte vläicht e puer Käschten aspueren. Schlussendlech soll dann och elo e Parking op de Contournement kommen. Op d'mannst ass mol een Deel virgesinn. E puer flott Iddie sinn ugeschwat ginn, wéi dat spéider kéint ausgesinn. An den Zentrum muss drun ugebonne ginn. Dat ass wichteg.

Verschidde Saachen däerfe mir net vergiessen, an et mussen déi richteg Decisioune geholl ginn, wat mir do genau

*La semaine de la mobilité sera développée. Il en a été beaucoup question dans la commission de la mobilité. Malheureusement, cette année, cet évènement a suscité aussi peu d'enthousiasme que les années précédentes. Les socialistes proposent que la commission s'occupe de problèmes importants.*
*Guy Altmeisch ajoute que les règlements d'urgence devraient être traités par la commission de la circulation.*

**GUY TEMPELS (CSV)** *constate que 2020 a été difficile et que l'on ne sait pas dans quelle direction 2021 ira. Il tient à remercier les employés communaux et les bénévoles pour leur engagement pendant le confinement.*
*Il ne va pas revenir sur les chiffres pour des questions de temps.*
*En ce qui concerne les travaux de construction, il salue le travail de l'équipe du deuxième étage. Des investissements de cent-millions d'euros sont prévus en 2021. Guy Tempels signale que les bâtiments génèrent des frais de maintenance une fois terminés.*
*Il espère que la crise de COVID-19 passera aussi vite que la crise des banques. Mais il a des doutes. C'est pourquoi il a fallu revoir certains projets comme le stade d'athlétisme, le centre médicosocial, le parking du Haneboesch ou la rue du Wangert — et tout cela dans le dialogue.*
*De nombreux projets vont être lancés en 2021 : l'école du Bock, le CID, la transformation de l'hôtel de ville, le commissariat… Guy Tempels espère que le nombre d'agents de police va augmenter pour améliorer la sécurité à Differdange.*
*Le parc du terrain de l'AS sera enfin aménagé.*
*Chaque année, des travaux de maintenance sont réalisés dans les cimetières.*
*Un parking provisoire est prévu dans les Woiwerwisen. Le collège échevinal ferait bien d'élaborer un concept concernant ce quartier pour qu'on sache à quoi il ressemblera. Un parking sera aussi aménagé au contournement. Il devra être relié au centre-ville.*

*Certains projets ne peuvent pas être oubliés. Guy Tempels mentionne le Lommelshaff, l'ancien hôpital, l'hôpital de Niederkorn…*
*Les investissements dans le CID seront moins importants qu'en 2020. De toute façon, il n'y aurait pas de place pour plus d'équipement. Au cours des prochaines années, la commune acquerra des bennes, deux camionnettes, une nacelle…*
*Le city manager a du pain sur la planche concernant le commerce. La commune fait la promotion des emplettes locales. Elle doit essayer de mettre en place des concepts complémentaires avec l'ACOMM. La boutique éphémère en est un bon exemple. Par ailleurs, le collège échevinal a annulé trois mois de loyer pour des locaux de commerce.*
*Une parcelle à proximité du CID sera vendue à de petites entreprises. En ce qui concerne la mobilité, Dinola et le Diffbus seront adaptés. Guy Tempels trouve que le tram devrait passer par Differdange. Les pistes cyclables seront développées et de nouvelles stations Vël'OK seront installées. Des bornes électriques permettront de limiter le trafic aux heures de pointe.*
*Plusieurs rues et trottoirs seront refaits. Des travaux de maintenance sont prévus dans les aires de jeux.*
*Pour ce qui est de la sécurité, le collège échevinal attend la nouvelle loi permettant d'installer des caméras de surveillance. Le nouveau commissariat améliorera les conditions de travail de la police. La commune doit continuer à faire pression pour obtenir plus d'agents. L'éclairage DEL sera développé.*
*L'écologie a moins souffert de la COVID-19 que d'autres domaines. Mais la sècheresse de 2020 a frappé les arbres. L'équipe des arbres devra prévoir un système d'arrosage des arbres automatique. Le collège échevinal prévoit aussi d'acheter un tracteur pour l'arrosage.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *signale à monsieur Tempels qu'il lui reste une minute.*

**GUY TEMPELS (CSV)** *rappelle que le nouveau pacte climat va entrer en vigueur.*

wëlle maachen. Zum Beispill de Lommelshaff, dat aalt Spidol, wa mer dat bis zréckkréien, an och wat mam HPMA, oder Nidderkuerer Spidol, soll geschéien. Ech mengen, de Leit um zweete Stack wäert d'Aarbecht esou séier net ausgoen.

De CID gëtt, nodeems 2020 relativ vill investéiert gouf – den Här Ulveling hat eis alles opgezielt –, dëst Joer e bëssi gebremst. Et kann een eigentlech bal soen, et kann ee weider näischt uschafen, well am Moment souwisou Plaz feelt. Ech hoffen, dass mer mam neie CID eng besser Situatioun kréien.

Virgesinn ass fir déi nächst Joren: e weidere Müllwon, zwou Camionnettë mat Kipper, een Tieflader fir d'Garagen, een Teleskoplader, eng Nacelle a fënnef Bennen. An op Formatioune fir eist Personal soll méi e groussen Akzent gesat ginn.

Beim Handel, do huet eise City-Manager eng haart Noss ze knacken. Villes gëtt probéiert an an d'Weeër geleet, fir eis Geschäftswelt ze beliewen. „Kaaft lokal" gëtt promouvéiert. Mat der Acomm zesumme gëtt versicht, komplementar Konzepter op Déifferdeng ze bréngen, wéi zum Beispill de Pop-up-Store.

Dëst Joer war et net einfach fir eis Handelsleit. An de gemengeneegene Lokaler gouf zwee Méint Loyer nogelooss – wat eigentlech elo net méi richteg ass, well nach ee Mount bäikomm ass.

Fir de Budget e bëssi besser an den Equiliber ze kréien, ass virgesinn, déi Parzelle beim CID zu Nidderkuer éischter u méi kleng Betriber ze verkafen.

Wat de Verkéier ugeet, solle verschidde schonn etabléiert Projete wéi den Dinola an den Diffbus iwwerschafft an un de Besoin ugepasst ginn. Och d'CSV ass der Meenung, dass dee geplangten Tram misst wa méiglech bis op Déifferdeng kommen. Vëlosweeër gi weider ausgebaut a Vëlosstatioune komme bäi.

Op verschiddene Plaze gëtt un elektresch Bornë geduecht, fir de Verkéier zu Stousszäiten ze berouegen oder nëmme bestëmmte Gefierer duerchzeloossen. Wéi all Joer gi verschidde Stroosse komplett nei gemaach, wéi de Belair. Verschidde Stroosse gi reprofiléiert, d'Trottoire wäerten ënnerhal ginn. D'Spillplaze ginn an der Rei gehalen. An der Cité O ass eng nei virgesinn.

Wat d'Sécherheet betrëfft, waarde mir elo schonn eng gefillten Éiwegkeet op dat neit Gesetz säitens eiser Regierung, dass mir endlech déi Kameraen, déi virgesi sinn, kënnen ophänken.

Wat eis Police ugeet, hoffe mir op eng Besserung, wann endlech dat neit Policegebai fäerdeg ass. Bis dohi sollt ee weider Drock maachen, dass mer méi Personal kéinte bäikréien.

Beim Éclairage public ass virgesinn, elo lues a lues op LED ëmzestellen. Hei kéinte vläicht verschidden Hotspotte besser beliicht ginn.

Zu der Ekologie. Ech géif bal mengen, dass d'Ekologie net esou schlëmm ënnert dem Covid gelidden huet wéi munch aner Beräicher, well mir am Moment d'Klimakris verdrängen. 2020 hate mer et erëm mat enger laanger Dréchent ze dinn. Wat als Folleg hat, dass eis Gemengebeem ferm gelidden hunn. Eis Bamekipp wäert an Zukunft bei neie Projeten drop kucken, dass d'Méiglechkeet geschaf gëtt, d'Beem automatesch ze netzen. Do, wou dat net geet, ass en Ukaf vun engem Trakter fir ze netzen am Budget virgesinn.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Dir hutt nach eng Minutt, Här Tempels.

**GUY TEMPELS (CSV):**

De Klimapakt kënnt. Hei soll sech ëm Ofbau vu verschiddenen Zäregase gekëmmert ginn. D'Projeten Noé-Noah an TNT gi weider ausgebaut an och Solaranlage si virgesinn. De Recyclingszenter muss iwwerschafft ginn. Do mussen d'Tariffer ugepasst gi wéinst Abusen. D'Poubellë solle mat Pucë versi ginn, fir de Floss vum Material besser ze kontrolléieren. Well an der Sidor mierke mer, dass nach 40 % komposéiert Material do erakënnt.

De S.I.A.CH, e ganz wichtege Projet. Do ass ee ganz héije Budget virgesinn. Hei soll d'Gemeng an Zukunft d'Tarif-

fer vum Waasser op de Leescht huelen, well soss kéinte Subsiden ewechfalen.

Bei de Wandmille schéngt et mer eng Katastroph ze sinn. Hei schéngt all Dag iergendwéi am Ministère en anere Mann opzestoen, deen nei Fuerderunge schaaft. Do musse mer kucken, wéi et virugeet.

Elo hunn ech nach d'Kultur. Ech mengen, déi haten e ganz schwéiert Joer ze duerchliewen. Hei sinn e puer Subsiden oder Suen iwwreg, déi mer d'lescht Joer net verschafft hunn. Trotzdeem sinn déi Leit, déi d'lescht Joer engagéiert goufen, op dëst Joer oder op d'nächst Joer reportéiert.

Esch 2022, Gîte rural – déi Saache sinn all gesot ginn. Dat si wichteg Saachen, déi do kënne kommen. Eng Konschtfoire, Summerfeeling si virgesinn. Eis Museksgesellschafte solle méi héich Subside kréien a verdeelt kréien. Do musse mer nach kucken, wéi dat opgedeelt gëtt. Ech hoffen, dass et der Kulturzeen an Zukunft besser wäert goen.

Tourismus – och keen einfacht Joer. Déi gréissten Attraktioun am Minett Park muss gehollef kréien. Et ass net einfach, wann een dat Trauerspill fir de Besucherzentrum gesäit, dee sollt gebaut ginn, wann och hei andauernd aner Fuerderungen entstinn. Et ass wichteg, sämtlech Projeten, déi mer esou hunn, ze ënnerstëtzen an deene virunzehëllefen. Dass mer d'Hotellerie, d'Gastronomie an de Commerce ufeieren.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Ech soen Iech Merci, Här Tempels. An dann ass et un der Madamm Saeul.

**CHRISTIANE SAEUL (DP):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen an Dir Hären, zum Budget rectifié 2020 a Budget initial 2021. Dës Budgete si wuel déi, déi duerch d'Situatioun vum Covid-19 an d'Analen aginn, vu dass kee vun eis weess, wéi a wéini déi momentan Covid-Situatioun endegt. Et brauch ee keng hellseheresch Fäegkeeten, fir ze gesinn, dass d'Dotation de l'Etat fir 2020 a fir 2021 méi kleng wéi virgesinn ausfale géif.

Ab Mee 2020 gouf et Abréch vun iwwer 24,8 % bei der Gewerbesteier an iwwer 17,4 % bei der Dotation de l'Etat. Obwuel Lëtzebuerg 2020 besser resistéiert huet wéi déi meeschten aner Länner an Europa. D'Abousse fir 2021 vun der Dotation de l'Etat géifen e bësse manner dramatesch ausfale wéi 2020, mengen déi Verantwortlech vum Inneministère.

Obwuel d'Recetten an dëser Pandemie abriechen, gëtt de Gemengeninvest fir 2021 héich gehalen. D'Stad Déifferdeng investéiert opgerënnt 112 Milliounen Euro a mécht e Prêt vun néng Milliounen Euro, fir ze equilibréieren. Fir dann do ze sinn, wa se gebraucht ginn.

Am Budget 2021 si grouss Projete virgesinn: d'Modernisatioun vum jëtzege Stadhaus, d'Renovatioun, d'Mise en conformité vun der aler Gemeng an d'Extensioun duerch eng nei Konstruktioun an ugepassten Baussenanlag. Total: 31.215.000 Euro.

De Bau vun den neie Gemengenatelieren. Käschtepunkt vun dësem Gebai 69,3 Milliounen Euro. Deen neie CID kënnt op Nidderkuer hannert d'Garage Collé bis bei d'Gleiser. D'Necessitéit vun dësem Bau war scho laang gewosst. Beim jëtzege CID an der Emile-Mark-Strooss ass et komplett ageengt zënter Enn lescht Joer. E war gebaut gi fir plus/minus 70 Leit. Elo sinn et der bal 200.

En Ausbau oder Ëmbau ass net méiglech wéinst der École internationale, der EIDE, um Site vun der fréierer Hall de la Chiers. An en Deel vum Haff vum CID ass ewechgefall. Dofir huet sech de Bau vun den neie Gemengenatelieren op enger anerer Plaz ugebueden. Et ass virgesinn, alles ze zentraliséieren, net wéi et am Moment ass, op verschiddene Sitten, an optimal Aarbechtskonditiounen an Aarbechtsklima ze schafen. Fir dee Präis soll gebaut ginn, fir e puer Generatiounen auszehalen. Am Abrëll 2021 wäert mam Chantier ugefaange ginn. A wann alles gutt geet, wäert en am Abrëll 2023 fäerdeg sinn.

En anere grousse Projet ass d'Schoul um Bock. De Projet wäert am Total 41.260.000 Euro kaschten. Mir kréien de Projet mat 11,2 Millioune vum Staat

*Le projet NOAH avance. Des installations solaires sont prévues. Les tarifs du centre de recyclage doivent être revus. Les poubelles seront équipées d'une puce.*
*Le collège échevinal devra revoir la tarification de l'eau pour éviter de perdre des subventions.*
*Pour ce qui est des éoliennes, Guy Tempels a l'impression que chaque jour, une autre personne du ministère pose de nouvelles conditions.*
*L'année a été difficile pour la culture. Les spectacles annulés ont été reportés à 2021 ou 2022. Guy Tempels mentionne Esch2022, le gite rural, la foire de l'art, Summer Feeling… Les associations de musique recevront des subsides plus élevés.*
*Pour ce qui est du tourisme, il faut soutenir le Minett Park. Guy Tempels regrette la façon dont est géré le projet d'un centre pour les visiteurs. Les projets touristiques permettent d'aider l'hôtellerie, la gastronomie et le commerce.*

**CHRISTIANE SAEUL (DP)** *constate que personne ne sait pour le moment quand et comment se terminera la crise sanitaire.*
*Il ne faut pas être médium pour comprendre que la dotation de l'État sera revue à la baisse en 2020 et 2021. Dès mai, les revenus liés à l'impôt commercial ont baissé de 24,8 % et ceux liés à la dotation de 17,4 %. Le Luxembourg s'en est mieux sorti que la plupart des pays européens. Apparemment, les baisses de 2021 devraient être moins dramatiques.*
*Le collège échevinal maintiendra les investissements élevés en 2021 avec 112 millions d'euros. Un prêt de neuf-millions d'euros est prévu. Parmi les grands projets figurent la modernisation de l'hôtel de ville pour 31 215 000 € et la construction du nouveau CID derrière le garage Collé pour 69,3 millions d'euros. Le CID actuel est trop petit depuis longtemps. Il a été construit pour quelque 70 personnes, mais en accueille près de 200. Un agrandissement est impossible à cause de l'école internationale. Du côté de l'ancienne halle de la Chiers, une partie de la cour du CID n'existe plus. C'est pourquoi les ateliers communaux doivent*

*emménager ailleurs. L'objectif est de centraliser les activités et d'améliorer les conditions de travail. Les nouvelles bâtisses doivent durer plusieurs générations. Le chantier commencera en avril 2021 et se poursuivra jusqu'à avril 2023.*
*Le projet de l'école du Bock coutera 41 260 000 €. L'État versera une subvention de 11,2 millions d'euros.*
*Le collège échevinal va faire des économies de 111 350 € dans le domaine de l'éducation. Cependant, le budget pour les allocations d'études a augmenté parce que les demandes ont été plus nombreuses que prévu ces dernières années. La commune a payé moins que prévu pour les séjours, qui ont dû être reportés à 2021. L'excédent a été utilisé pour acheter des projecteurs pour les écoles.*
*Des économies ont aussi pu être réalisées pour ce qui est des livres scolaires. Le ministère préconise désormais les photocopies aux manuels. Les sommes allouées aux photocopies augmentent, mais il ne faut plus acheter de livres.*
*La commune achète 80 appartements dans le cadre du projet Gravity pour 40 064 000 €. 60 % des logements seront mis en location et 40 % vendus. Le ministère versera un subside de 15 795 000 €.*
*Christiane Saeul mentionne ensuite le service à l'égalité des chances et le service de la jeunesse. Le festival multiculturel n'a pas eu lieu cette année. Il est prévu en 2021 pour 65 000 €.*
*Le service jeunesse essayera d'inclure les jeunes dans les projets. Le service à l'égalité des chances s'occupera des genres, de l'intégration, de l'accessibilité…*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *signale à madame Saeul qu'il lui reste une minute.*

**CHRISTIANE SAEUL (DP)** *ajoute que 20 000 € sont alloués à la promotion de l'égalité entre les hommes et les femmes et 20 000 € supplémentaires au domaine du handicap et de l'intégration.*
*Le service de la jeunesse disposera de 75 000 € pour le plan communal de la jeunesse. L'objectif est entre autres de définir les attentes des*

subsidéiert. Hei nach e puer Informatiounen zum Budget vun de Schoulen. Och de Schoule gouf an der aktueller Situatioun Rechnung gedroen, an et gouf en Effort gemaach, fir Suen anzespueren. Dobäi konnt e Montant vun 111.350 Euro par rapport zum Budget rectifié 2020 agespuert ginn.

Laanscht eng gréisser Hausse vum Budget vun den Allocation d'études, e Subsid fir Kanner a Jugendlecher, déi am Lycée respektiv oder Uni sinn, si mir awer net komm, well eise Schoulservice déi lescht Joren ëmmer méi Demanden erakritt huet a se de Budget hu mussen adaptéieren.

E gréissere Montant konnt fir 2021 bei de Sejouren agespuert ginn. Well déi vun dësem Joer net stattfonnt hunn, awer déi besteeënd Reservatiounen op 2021 konnte verréckelt ginn. Deemno brauche mer fir d'Sejouren 2021, wa se stattfannen, net esou vill Budget. Mat dësem Iwwerschoss an engem Transfert vu Budget, si Beamere fir d'Schoule kaf ginn. Just for info.

E gréissere Betrag, deen och konnt agespuert ginn, ass um Budget fir d'Schoulbicher. Effektiv ginn de Ministère an och d'Enseignanten ëmmer méi op de Wee, dass Kanner Fotokopië gemaach kréien a keng ganz Bicher méi brauchen. De Montant vum Pabeier a Fotokopiespabeier geet doduerch zwar liicht an d'Luucht, mee op där anerer Säit gi vill Suen agespuert, well vill manner Bicher kaf ginn. Vill kleng Montante gëtt e grousse Montant, deen an dëser aktueller Situatioun agespuert gëtt.

Net ze vergiessen de Projet Gravity-Tower am neien Zentrum vun Déifferdeng. Hei keeft d'Gemeng 80 Logementer mam Theema bezuelbare Wunnraum fir all. Zu engem Total vu 40.064.000 Euro. 60 % dovu si locatif, a 40 % kommen an d'Vente, fir 8.180.000 Euro. Dëse Projet gëtt vum Ministère subsidéiert mat 15.795.000 Euro. Dat si vill Chifferen.

Zum Budget 2021 vun dem Service à l'égalité des chances, Service jeunesse an Espace Wok vum Creative Hub 1535°. De Weekend des cultures, eigentlech Festival Multikulti, ass dëst Joer wéinst Covid-19 ausgefall. Mat der Hoffnung, dëse Festival d'nächst Joer awer kënnen ze realiséieren, ass de Budget mat 65.000 Euro identesch zum leschte Joer bliwwen.

A Kollaboratioun mam Service jeunesse, en vue fir déi jonk Populatioun matanzebannen, ass den Objektiv vun all deenen Domänen am Chancëgläichheetsservice: den Ausgläich vum Ofstand zwëschent Fra a Mann an alle Liewensdomänen. D'Integratioun, dat heescht Barriären zwëschent de Leit ofzebauen an der Kommunikatioun an an de Gewunnechten. Den Handicap, en aktiivt Liewe fir all Persoun an alle Situatiounen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Et bleift nach eng Minutt, Madamm Saeul.

**CHRISTIANE SAEUL (DP):**

Dann hätte mer nach 20.000 Euro Budget fir Projeten am Domän Fra oder Mann, mol den internationalen Dag, d'Sensibilisatiounscampagne, Integratiounsspiller, d'Zesummeliewen, plus 20.000 Euro am Domän Handicap an Integratioun. D'Projete bleiwen u sech déi selwecht. Do kënnt just den Accueil vun den neien Awunner.

Am Budget vum Service jeunesse si 75.000 Euro virgesi fir de Plan communal de la jeunesse. D'Missioun vum Service jeunesse ass, eng Dynamik opzebaue fir all déi jonk Déifferdenger Awunner. Wat kënne mir hinnen ubidden? Wéi ass hir Virstellung? A 35.000 Euro Budget fir d'Frais de fonctionnement vum Service jeunesse. Dat, fir de Budget initial vun 2021.

D'Dotations de l'Etat si jo coronabedéngt zréckgaangen. Doduerch ass déi finanziell Situatioun e bëssi ugespaant an onsécher, an et si Projeten zréckgesat ginn. Mir hätten net all déi Projeten zréckgesat a sécherlech aner Projete gehat. Dofir stëmmt d'Demokratesch Partei de Budget net mat. Ech soe Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Ech soen Iech och Merci, Madamm Saeul. An elo ass et um Här Paulo De Sousa, wannechgelift.

**PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Dir Dammen an Hären aus dem Schäffen- a Gemengerot, ech wollt fir d'éischt emol e grousse Merci soen un all d'Persounen, déi un dësem Budget geschafft hunn. D'Opstelle war sécherlech net einfach. Als Mathematiker hunn ech Zuele selbstverständlech gär. Mee ech wäert Iech haut net vill mat Zuele bombardéieren, well gelangweilt Gesiichter gesinn ech scho genuch an der Schoul.

Den Här Liesch hat kuerz d'Deeler vun de Finanzen erwäänt. Ech wéilt nach e puer Punkte komplettéieren.

Trotz der sanitärer Kris an doduerch ekonomesch Kris, sinn eis Finanze gesond. Dëst gesäit een un zwee Indicateuren, déi den Här Diderich virdru schonn erwäänt hat. De Seuil vun eisen Annuitéite par rapport zu de Recetteordinairen läit bei 3,1 %. Dat ass immens niddreg. Obwuel eis Recetten erofgaange sinn. An de Seuil vun eiser hauseegener Schold par rapport zu eise Recettë läit bei 50 %. Do leie mer ganz niddreg par rapport zu deem, wat erlaabt ass.

Eis aktuell Finanzsituatioun ass gesond. Et kéint ee soen, dass se gesond ass, well mer net vill investéiert haten an de leschte Joren. Mee dat stëmmt net. Si ass gesond, well mer vill investéiert hunn. Duerch eis Investitiounen an de leschte Jore generéiere mir ganz vill nei Recetten. Zum Beispill aus dem 1535° oder duerch Lokatioun vu Gebaier, Haiser, déi a Gemengenhand sinn.

Den Abroch an den Dotatiounen ass net esou grouss wéi bei eisen Nopeschgemengen, well mir méi séier wuesse wéi eis Nopeschgemengen. A souguer méi séier wuesse wéi d'Stad Lëtzebuerg.

All Projet an dësem Budget ass e Projet, deen d'Liewensqualitéit vun eise Bierger erhéicht. Déi soi-disant Nice-to-have-Projete wéi de Liichtathleetikstadion – sorry, datt ech dee muss ernimmen – bleiwe leider op der Streck. Et ass sécher, datt ee mat esou Projeten an d'Press kënnt. Mee dat ass kee Grond, fir Scholden opzehuelen. Obwuel een däitlech ënnert deenen zwee Seuilen, déi ech virdrun ernimmt hunn, läit.

Et ass ee ganz séier an enger Scholdespiral. Et geet duer, wann an enger Strooss e Rouerbroch ass, dann ass direkt eng milliouneschwéier Depense virgesinn. A wann een an enger Spiral ass, an et kënnt een an d'Mëtt, an déi dréit ëmmer méi séier, gëtt et schwéier, fir do erëm erauszekommen.

D'Investitiounen, déi mer déi Jore virdru gemaach hunn, droen hir Friichten. Grad elo an enger Zäit, wou villes onsécher ass. De Statec hat virun enger Woch d'Prognos fir 2021 no ënne revidéiert. Wat sécherlech – dat ass leider dat eenzegt, wat sécher ass – een Impakt op eis Finanzen huet. De Schäfferot scheit awer net, weider ze investéieren. Wéi et och vun der Wirtschaft gefuerdert gëtt.

De Package Schoul/Maison relais, zum Beispill, fir d'Joren 2020/2021 ginn insgesamt 46 Milliounen Euro investéiert. Ech sinn dee Jéngsten heibannen, e puer Méint méi jonk wéi d'Madamm Pregno. Ech rechnen heiansdo nach a Frangen ëm. Dat si bal zwou Milliarden aler Frangen, déi 46 Milliounen Euro. Déi verschidde Schoulen a Strukturen, déi sinn hei oft ernimmt ginn, brauch ech net nach eng Kéier ze erwänen. Déi Sue ginn an d'Zukunft vun eise Kanner investéiert, fir datt si sech a gudden Infrastrukture weiderentwéckele kënnen. An der Educatioun vun de Kanner däerf net gespuert ginn. An dat gëtt an eiser Gemeng net gemaach.

En Deel vun der Erhéijung vun de Personalkäschte vun 2020, ronn eng Véierel Millioun Euro, ass op d'Astellung vu weiderem Personal an de Maison-relaisen zréckzeféieren. Obwuel den Educatiounsministère eng Maximalzuel vun 30 Kanner pro Grupp erlaabt huet, huet d'Gemeng decidéiert, d'Kanner a Gruppe vun zéng ze halen. Dëst minimiséiert de Risiko vun Ustiechungen a vereinfacht den Tracing, am Fall, wou ee Kand aus der Maison relais positiv getest géif. Elo, wou d'Zuel vun den Infizéierte stabil, mee trotzdeem nach

*jeunes. Trente-cinq-mille euros sont destinés aux frais de fonctionnement du service.*
*La dotation de l'État a été revue à la baisse à cause du coronavirus. Il a fallu reporter des projets. Les démocrates auraient fixé d'autres priorités et n'approuveront pas le budget.*

**PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG)** *remercie tous ceux ayant contribué à rédiger le budget. En tant que mathématicien, il aime les chiffres. Mais il va éviter de bombarder les conseillers communaux de chiffres, car il a l'habitude des visages ennuyés à l'école.*
*Les finances communales sont saines malgré la crise économique. Le seuil des annuités se situe à 3,2 % des recettes ordinaires, ce qui est peu. Le seuil de l'endettement communal se situe à à peine 50 % des recettes. En plus, la commune a beaucoup investi au cours des dernières années. Mais ce sont précisément ces investissements qui ont généré des recettes. Par exemple grâce au 1535° ou la location de bâtisses.*
*La baisse des dotations est moins sensible à Differdange que dans les communes voisines parce que la population croît rapidement — même plus vite qu'à Luxembourg-ville. Tous les projets du budget visent à augmenter la qualité de vie des citoyens. Les projets* nice-to-have *ont en revanche été reportés. Il est clair que des projets comme le stade d'athlétisme plaisent à la presse, mais engendrent aussi de nouvelles dettes. Il est facile de tomber dans la spirale de l'endettement. Si par exemple un conduit se casse dans une rue, les frais peuvent se monter à plusieurs millions d'euros.*
*Les investissements des années précédentes portent leurs fruits à un moment où l'insécurité règne. Les finances communales seront impactées, mais le collège échevinal va continuer à investir.*
*Quarante-six-millions d'euros ont été alloués à l'école et à la maison relais en 2020-2021. Il s'agit d'investissements dans le futur des enfants. L'éducation n'est pas le domaine où faire des économies.*

*L'augmentation des frais de personnel en 2020 est due en partie aux recrutements dans les maisons relais. Alors que le ministère de l'Éducation nationale autorisait des groupes de trente enfants, la Ville de Differdange les a limités à dix enfants pour minimiser le risque de contagion.*
*Le logement reste le plus grand souci des Luxembourgeois. L'État a pris des mesures, mais beaucoup de gens ne peuvent toujours pas s'acheter un appartement. Le pacte logement 2.0 exhorte les communes à faire davantage. La Ville de Differdange est pionnière dans le domaine avec Gravity. Elle mettra 76 appartements sur le marché à un prix défiant toute concurrence. Trente-six-millions d'euros sont alloués au projet sur deux ans. La commune a cependant droit à des subsides.*
*La commune est aussi en train d'élaborer un concept avec Numa. Cette action à petit prix aura une incidence sur la qualité de vie des futurs habitants.*
*Le collège échevinal acquerra des terrains et des bâtiments pour 10,5 millions d'euros. La commission du logement n'a pas requis de montant spécifique, mais a suggéré que le collège échevinal profite des bonnes occasions sur le marché.*
*Le chômage est en train d'augmenter en Europe. Les jeunes chômeurs étaient nombreux même avant la crise. Differdange dispose de quatre maisons des jeunes et, depuis mars 2020, d'un service de la jeunesse. Le décrochage scolaire, le chômage et le logement sont les problèmes qui occupent les jeunes. Paulo De Sousa souhaiterait que les différents services collaborent davantage pour éviter les doubles emplois.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *signale qu'il reste une minute à monsieur De Sousa.*

**PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG)** *précise que le Jobcenter devrait travailler plus étroitement avec le service de la jeunesse.*
*La commune recrute temporairement de jeunes chômeurs.*
*Madame Saeul a parlé de l'intégration. Paulo De Sousa espère que le*

héich ass, gëtt weiderhi versicht, d'Gruppen esou kleng wéi méiglech ze halen. Mee d'Ressourcë sinn do begrenzt.

An der momentaner Kris bleift de Logement dat gréisst Suergekand vun de Lëtzebuerger Residenten. Obwuel verschidde Mesurë vum Staat ënnerholl goufen, kënne sech vill Leit nach ëmmer keng Wunneng leeschten. Mam Pacte Logement 2.0, deen d'nächst Joer uleeft, ginn d'Gemengen opgefuerdert, sech mat deem Problem auserneenzesetzen.

D'Gemeng Déifferdeng ass mam Projet Gravity Virreider beim Schafe vu Wunnengen zu engem abordabele Präis. Insgesamt komme 76 Wunnengen, ech huelen déi véier eraus, zu engem Präis, dee sengesgläiche sicht, an deenen nächste Joren op de Maart. Iwwer zwee Jore gi ronn 36 Milliounen an de Projet gepompelt. Sécher kritt d'Gemeng vill Suen duerch d'Subsiden an duerch d'Vente vu verschiddene Wunnengen erëm, mee et muss ee mol déi Suen an d'Hand huelen.

Ervirzehiewen ass och, datt d'Gemeng sech Hëllef freet, fir e Konzept auszeschaffen. NUMA bedeelegt sech, fir datt de Gravity ee Succès ka ginn. Dës Aktioun, mat engem klenge finanziellen Impakt, kann zur Liewensqualitéit vun den zukünftegen Awunner vum Gravity bäidroen.

De Logementsaspekt an dësem Budget ass net nëmmen de Gravity. Insgesamt si 4,5 Milliounen Euro 2021 – a wann ech déi vum Joer virdrun nach mathuelen, sinn et 10,5 Milliounen Euro – fir Acquisitioune vun Terrainen a Gebaier virgesinn.

D'Logementskommissioun huet an hirem Avis fir de Budget kee feste Montant gefuerdert, wéi se dat déi Jore virdrun ëmmer gemaach huet, mee éischter, wa sech eng gutt Geleeënheet bitt um Maart, datt de Schäfferot sollt zouschloen an hei ee räife Projet virstellen. Ech mengen, da géif jiddereen heibannen dee Projet matdroen.

Europawäit ass de Chômage duerch déi aktuell Kris amgaang ze klammen. Scho virun der Kris war de Jugendchômage immens héich. Och hei zu Lëtzebuerg an zu Déifferdeng. Fir eis Jugend hu mir véier Jugendhaiser, wou si u Projeten an Aktivitéiten deelhuele kënnen.

Zanter Mäerz 2020 gëtt et de Service jeunesse, dee complementaire zu de Jugendhaiser ass. Den Décrochage scolaire – dat gesi mer elo nach méi an dëser Covidzäit, wou d'Schüler sech net esou un der Schoul bedeelegen, well se aner Suergen hunn –, de Chômage an de Logement si reell Problemer vun de Jonken. De Service jeunesse ass eng Ulafstell, wou si gehollef kréien.

Ze begréisse wier, wann déi verschidde Servicer méi zesumme géife schaffen, soudatt kéint ee Reseau opgebaut an double Emploi verhënnert ginn.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Dir hutt nach eng Minutt, Här De Sousa.

**PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):**

Okay. Merci. Do denken ech un den Jobcenter, dee méi enk mam Service jeunesse schaffe kéint an de Jonke bei hirer Sich d'Liewe vereinfachen.

D'Gemeng stellt och temporär Jonker an, déi am Chômage sinn, soudatt si eng Beschäftegung hunn a Beruffserfarung kréien.

Eng Minutt. Ganz séier dann. Da maachen ech aus dem Kapp sou séier, wéi ech kann. D'Integratioun. Wéi d'Madamm Saeul erwäänt huet, hoffentlech ass dëst Joer de Weekend des cultures. E Festival, wou sech déi verschidden Associatiounen, déi an der Gemeng liewen, weise kënnen.

Wat mir perséinlech immens wichteg ass, an dat ass dee gréissten Deel, wéi ee sech kann integréieren: Dat ass, wa mer déi Lëtzebuerger Sprooch méi promouvéiere géifen.

Ech hunn eng Schwëster, e bësse méi al, mir haten ëmmer déi Lëtzebuerger Sprooch doheem benotzt. Mir konnten da schwätzen, d'Elteren hunn näischt verstanen. Bis datt si et geléiert haten. Do ware mer e bësse gehäit. Ech fannen, d'Sprooch misst méi promouvéiert

ginn. Da mécht sech d'Integratioun och méi einfach.

Ech sinn naiv. Et hätt mech gefreet bei dësem Budget, wou all d'Parteien heibannen un der Reussite bedeelegt sinn, se géinge mat Jo stëmmen. Ech soen Iech villmools Merci fir d'Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här De Sousa. Dann ass et um Här Hobscheit, wannechgelift.

**PIERRE HOBSCHEIT (LSAP):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Léif Membere vum Schäffen- a Gemengerot, Dir Dammen, Dir Hären, all eenzelnen Euro, dee mer an eis Schoulen an eis Maison-relaisen investéieren ass wichteg a richteg, well et ass en Invest an d'Zukunft vun eise Kanner. D'LSAP begréisst duerfir ausdrécklech, dass d'Aarbechte vun de verschiddenen neie Projeten ufänke respektiv weidergefouert ginn. Wéi zum Beispill um Bock, am Mathendahl oder zu Nidderkuer a bei eiser internationaler Schoul. De Bildungsstanduert Déifferdeng lieft an entwéckelt sech. Dat ass positiv.

Genee sou positiv ass et, dass mer eis Capacitéiten an de Maison-relaisen erweideren. Ech sot awer schonn e puermol op dëser Plaz, dass d'Gebaier am Beräich vun de Maison-relaisen net duerginn. Et muss ee sech och ëm d' Personal bekëmmeren. Erfreet an e bëssen erstaunt zugläich war ech dowéinst, wéi d'Buergermeeschtesch an der Sitzung vum 21. Oktober eis erkläert hat, d'Situatioun beim Personal an de Betreiungsstrukturen hätt sech calméiert.

Ech hoffen, déi Berouegung ass net just pandemiebedéngt, well d'Leit sech dëst Joer vläicht dräimol iwwerleeën, ob si eng sécher Plaz op enger Gemeng opginn. Ech war awer frou, dass e Vertrieder vun deene Grénge mol eng Kéier zouginn huet, dass d'Personalpolitik vun deene Gréngen an dësem Beräich an de leschte Joren alles anescht wéi gutt war.

A wa mer politesch och mol e bësse méi Rou an dëse Ressort kréien a mol e puer Joren hannerteneen déi selwecht Persoun konstant dofir zoustänneg ass, da wäert dat sécher och zu méi enger grousser Stabilitéit féieren, an d'Situatioun wäert sech berouegen.

Ech hat 2017 a menger Ried zur Organisatioun vun de Maison-relaise schonn e puer Propose gemaach gehat an deem Beräich, notamment ee Sondage beim Personal. Gouf esou eppes gemaach, fir erauszefannen, ob d'Leit zefridde sinn? Ass iergendwann vläicht esou eppes geplangt?

Grad fir eis Schoulen a Maison-relaise geziilt weiderzëentwéckelen, sinn Demografie-Etüden enorm wichteg. Duerfir ass et gutt, dass hei nees ugesat gëtt a Suen heifir am Budget virgesi sinn.

Wat d'Jugend ugeet, esou fannen ech et gutt, dass mir weiderhin iwwer eng hallef Millioun Euro u Subsiden am Budget stoen hunn. Dat si gutt investéiert Suen an d'Zukunft vun eise Kanner an eng wichteg Ënnerstëtzung fir déi Jonk an hir Familllen. Ech fannen et awer och wichteg, dass d'Gemeng weiderhin hir Responsabilitéit iwwerhëlt, fir Jonker, déi keng Aarbecht hunn, ze ënnerstëtzen an anzestellen. Notamment am Kader vun engem CAE. An ech hoffen, dass d'Gemeng do weider Efforte mécht a vläicht och Jonker iwwert de CAE eraus eng Kéier fest astellt.

Am Beräich vun de Schoulen an der Ënnerstëtzung fir déi Jonk an hir Famillen hunn ech nach zwou Froen: Gëtt et Iddien, fir méi e staarke schouleschen Appui fir d'Schüler auszebauen, ze garantéieren? Ech wëll mech do dem Här Diderich uschléissen, dass ech awer fannen, dass dat eng gutt Saach wier. A wéi gesäit et mat enger eventueller Zesummenaarbecht mat der Eltereschoul aus, déi och fir vill Famillen eng wäertvoll Stäip kéint sinn?

Eppes, wat mech am Budget e bëssen opreegt, well ech déi Remark hei och scho gemaach hunn, an d'Madamm Saeul huet mer de Gefale gemaach, voll an d'Fal ze tappen, ass d'Denominatioun vum Artikel Plan communal jeunesse. Déi ass nämlech falsch. Dat huet mam Plan communal jeunesse, wat an deem Artikel steet, näischt ze dinn. Ech fannen et ëmsou méi irreführend, well mer jo am Moment konkreet um Jugendkommunalplang schaffen. Duerfir

*weekend des cultures aura lieu en 2021. Pour lui, la meilleure façon de favoriser l'intégration serait de promouvoir la langue luxembourgeoise. Il se souvient que sa sœur aînée et lui parlaient parfois luxembourgeois à la maison, car leurs parents ne comprenaient rien. Jusqu'au jour où eux aussi ont appris la langue.*
*Naïvement, Paulo De Sousa avait espéré que tous les partis approuveraient ce budget réussi.*

**PIERRE HOBSCHEIT (LSAP)** *constate que chaque euro investi dans les écoles et les maisons relais est un investissement dans le futur des enfants. Les socialistes saluent tous les projets dans ce domaine comme le Bock, le Mathendahl ou l'école internationale. Differdange se développe en tant que ville de la formation.*
*La capacité des maisons relais sera étendue. Il faut aussi s'occuper du personnel éducatif. Pierre Hobscheit avait été étonné d'entendre de la part de la bourgmestre le 21 octobre que la situation s'était calmée. Il espère que ce n'est pas dû seulement à la pandémie. Il est content d'entendre les écologistes admettre que leur politique du personnel n'a pas été efficace ces dernières années. Si les éducateurs ne changent plus toutes les années, la situation va se stabiliser et se calmer. En 2017, Pierre Hobscheit avait fait des propositions à ce sujet — notamment la réalisation d'un sondage auprès du personnel. Quelque chose est-il prévu ?*
*Les études démographiques sont importantes pour connaitre le besoin en salles de classe et maisons relais. Le collège échevinal a raison de prévoir des fonds.*
*En ce qui concerne la jeunesse, la commune versera des subsides d'un montant d'un demi-million d'euros. Cet argent est investi dans le futur des enfants et des jeunes.*
*La commune doit continuer à prendre ses responsabilités en recrutant des jeunes en CAE. Elle pourrait les engager définitivement ensuite.*
*Comment le collège échevinal compte-t-il garantir l'appui scolaire ? Comme monsieur Diderich, Pierre Hobscheit trouve que ce se-*

*rait important. Une collaboration avec l'école des parents, qui offre du soutien aux familles, est-elle prévue ?*
*Pierre Hobscheit regrette la dénomination du plan communal de la jeunesse dans le budget. En effet, ce qui est prévu n'a rien à voir avec un plan communal de la jeunesse. Pourquoi cet article figure-t-il au budget ? Où en est le véritable plan communal ?*
*Il faut soutenir les séniors activement. Beaucoup ont souffert pendant la pandémie.*
*En ce qui concerne la communication, Pierre Hobscheit commence par une petite louange. La commune a réagi rapidement à sa remarque concernant le fait que l'ordre du jour des séances communales n'était pas en ligne. Mais c'est déjà tout. Car lors de la dernière période législative, la commune a organisé une séance photo des commissions à la suite d'une de ses remarques. Mais aujourd'hui, les membres des commissions ne figurent que dans une liste sur le site internet. Et le conseil communal ne se voit pas accorder plus d'importance.*
*Cent-mille euros sont destinés à une charte graphique. À quoi servira concrètement cet argent ?*
*Pour la culture, l'année 2020 a été difficile. Les associations culturelles contribuent à dynamiser la ville. Pierre Hobscheit espère qu'elles reprendront leurs activités rapidement après la crise. Esch2022 représente une chance pour Differdange. Il ne faudrait pas que la pandémie impacte cet évènement.*
*En ce qui concerne les transports en commun, la liaison Differdange–Luxembourg-ville est catastrophique. Les écologistes codirigent la commune depuis 18 ans. Le ministre des Transports est écologiste depuis sept ans. Mais les Differdangeois n'en tirent aucun avantage. Ils sont obligés d'aller prendre le train en voiture dans les communes voisines. L'app des CFL conseille d'ailleurs aux Differdangeois de se rendre à Pétange en train et d'y prendre la correspondance vers Dippach. C'est intolérable. Monsieur Liesch a raison de*

verstinn ech net esou richteg, firwat dat nach ëmmer esou do steet. A meng Fro wier: Wou si mer mam Jugendkommunalplang, deem richtege Jugendkommunalplang drun? A wat sinn déi nächst Etappen?

Wichteg fanne mir als LSAP, an dësen Zäiten eis Senioren aktiv ze ënnerstëtzen. Vill Leit hu besonnesch ënnert dëser Pandemie gelidden. Grad hinne sollt eis speziell Opmierksamkeet an Ënnerstëtzung gëllen, andeems mir d'Leit direkt oder mat Aktivitéiten, déi speziell fir eis eeler Matbierger geduecht sinn, ënnerstëtzen.

Dir Dammen, Dir Hären, ech kommen zu engem ganz aneren Theema, der Kommunikatioun. Virop, och dat muss heiansdo sinn, muss ech e klenge Luef ausschwätzen. Op d'Remark a menger Untrëttsried, firwat een den Ordre du jour vum Gemengerot net ëffentlech um Internetsite fënnt, gouf séier reagéiert. Dat ass eng gutt Saach. Merci duerfir.

Vill méi hunn ech dann awer och schonn net ze luewen. Ech erënnere mech gutt, wéi an der leschter Legislatur, no enger Remark vu mir, hektesch opgerüst an ee Kommissiounsfotoshooting organiséiert gouf. Mee dat ass Schnéi vu gëschter. Haut geet eis nees eng einfach Lëscht mat de Kommissiounsmemberen duer an och d'Duerstellung vum Gemengerot op eisem Internetsite seet sou munches iwwert d'Wäertschätzung fir de Gemengerot aus.

Eng Fro hätt ech awer nach an deem Beräich. Et stinn 100.000 Euro am Budget, fir eng Charte graphique ze entwéckelen. Eis Gemeng huet zanter e puer Jore schonn e Logo. Firwat entwéckele mir elo eng Charte graphique? A wat soll mat deenen 100.000 Euro konkreet geschéien?

Dir Dammen, Dir Hären, ech wëll e puer Wuert zur Kultur soen. 2020 war fir d'Kultur an eis Kulturveräiner sécherlech e ganz schwieregt Joer. Mir brauchen eis Kulturveräiner an eis Sportveräiner. Well si suergen derfir, dass Déifferdeng eng lieweg Stad gëtt, an där et sech ze liewe lount, an där ëmmer eppes lass ass. Duerfir hoffen ech, dass si no der Kris nees séier un d'Rulle kommen, an dass mer nees vill Aktivitéite maache kënnen. Och am Hibléck op Esch 2022. Wat u sech eng Chance fir eis Stad ka sinn. An ech hoffen, dass d'Pandemie keen allze grousse Afloss op Esch 2022 wäert hunn.

Dir Dammen, Dir Hären, een Theema, wat mech all Dag perséinlech betrëfft, ass den ëffentlechen Transport hei zu Déifferdeng. D'Zuchverbindung vun Déifferdeng an d'Stad ass eng Katastroph. Zanter 18 Joer gëtt dës Stad vun deene Gréngе matregéiert. Zanter siwe Joren huet dëst Land ee gréngen Transportminister. An als Déifferdenger Bierger mierken ech dovunner strictement näischt. Net ëmsoss maache sech Moie fir Moie vill Déifferdenger Bierger mam Auto op de Wee an eis Nopeschgemengen. Well déi hunn eppes, wat mir an der gréngen Gemeng Déifferdeng leider net hunn. Nämlech eng anstänneg Zuchverbindung an d'Stad.

Ech hunn den Test gemaach, mat engem erstaunleche Resultat. Wann een d'CFL-App freet, wéi ee moies um véierel op siwe vun Déifferdeng aus am séiersten an d'Stad kënnt, da seet d'App engem, dass ee soll op Péiteng mam Zuch fueren an do op den Zuch iwwer Dippech ëmklammen. Ass dat wierklech eisen Usproch un e modernen ëffentlechen Transport, dee mer eise Leit wëllen ubidden? Ech mengen net. Ech mengen, dat kann et net sinn. A wa mer eis Gewunnechte sollen änneren, an do ginn ech dem Här Liesch, hien huet dat virdru gesot, honnertprozenteg Recht, da muss d'Offer awer och do sinn. An déi ass leider net do.

Madamm Buergermeeschter, Dir Dammen, Dir Hären, ech hunn elo e puer Theemen ugeschwat, déi mer besonnesch um Häerz leien. Ech mierke grad, dass ech nach dat eent oder anert Theema hätt kënnen uschwätzen, well ech relativ gutt an der Zäit leien. Mee dat ass awer net schlëmm. Heiansdo solle jo och Leit déi aacht Minutten net komplett ausnotzen.

Wann och weiderhi vill investéiert gëtt, esou kann dës Majoritéit mech net iwwerzeegen. Scho wéi ech nach net Member vum Gemengerot war, hat ech d'Gefill, vill Problemer géifen ignoréiert oder verschlof ginn. No net mol zwee Méint am Gemengerot, muss ech feststellen, dass sech dëst Gefill, op d'mannst bei mir, confirméiert huet.

Duerfir kann ech dëse Budget net matstëmmen. Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Ech soen Iech Merci, Här Hobscheit. An ech kann Iech versécheren, Dir läit tipptopp an der Zäit. Et bleiwen nach genau 38 Sekonnen. Villmools merci.

**PIERRE HOBSCHEIT (LSAP):**

D'Stoppauer ass matgelaf.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Da géif ech d'Wuert elo un den Här Bertinelli weiderginn, wannechgelift.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Madamm Buergermeeschtesch, Dir Dammen an Dir Hären, léif Frënn, wéi et Iech net wonnert, wäert ech iwwert de Sport schwätzen. De virege Schäfferot huet eppes fäerdegbruecht, wat eenzegaarteg am Land war: Mir hunn den internationale Label European City of Sports kritt. Dat huet grouss Viraussetzunge fir eis Stad bedeit. Mir hate sechs Méint wéi verréckt dru geschafft, fir déi Virstellung, déi mer aus Europa kritt hunn, ëmzesetzen, fir datt mer och am Stand wieren, de Label ze kréien. Do ware mer a Konkurrenz mat europäeschen Haaptstied.

An et muss ee soen, datt mer et fäerdegbruecht hunn, dee Label ze kréien. Dee war net nëmme geduecht fir eis Sportler an eis Clibb, mee och fir eis Stad ekonomesch op en anert Standbeen ze stellen. Mat der LUNEX an der Sportsfabrick, Enseignement LIHPS, hat de virege Schäfferot eppes fäerdegbruecht, wat eenzegaarteg hei am Land war. Diskussioune mat auslännesche Sportsuniversitéite wéi Shanghai oder Köln waren um Wee a si gelaf. Mir wollten der Stad Déifferdeng en anert Standbee ginn.

No engem grousse Kampf mat der Stad Lëtzebuerg hu mir et awer fäerdegbruecht, datt de LIHPS op Déifferdeng komm ass an net an d'Coque an d'Stad. Doriwwer si mer haut nach stolz.

D'Iddi vum leschte Schäfferot war, aus enger Stolindustriestad eng Sportsindustriestad ze maachen. Hei sollte mer d'Wichtegkeet op déi national Funktioun vum Sport setzen, mee och fir eis Veräiner a Clibb, déi dovunner profitéiert hätten.

Leider Gottes fënnt een an deem Budget vun dësem Joer näischt méi dovunner erëm.

Ech hat a menger Budgetsried ëmmer vu Courage geschwat. Dat ass an dësen Zäite ganz, ganz wichteg. An de Courage, dee schéngt dësem Schäfferot ze feelen. Duerfir sinn esou vill wichteg Projeten, zemools wat de Sport ugeet, zréckgesat ginn.

D'LSAP hält och drop, datt hei an der Gemeng all Veräin an all Kulturveräin d'selwecht behandelt gëtt.

Eppes, wat der LSAP laang um Häerz louch, dat war d'Sportshal zu Nidderkuer. Do huet eise virege Bauteschäffen exemplaresch geschafft. Hien huet eppes fäerdegbruecht, wat eenzegaarteg hei am ganze Land ass. En huet eng Sportshal dohinner kritt. An ech ruffen all Gemeng op ze probéieren, zu deem Präis, wou déi Hal do entstanen ass, dat selwecht hinzesetzen. Leider Gottes ass säi Plang net bis un d'Enn ëmgesat ginn. Well do war e Shared Space virgesinn. A virun der Sportshal eng Virplaz. Elo steet virun der Hal eng Mauer. Leider Gottes ass dat guer net, wat mir eis als Bauteschäffe virgestallt haten.

An nach muss ee kucken – an dat ass eng Inspiratioun fir deen haitege Bauteschäffen –, sech ze inspiréieren, wat ee mat Suen alles ka maachen. Well wann ee gesäit, wat déi Hal eis kascht huet, a wann een haut de Budget kuckt, wat déi Gebaier eis kaschten, muss ee wierklech soen, e soll sech eng Nues voll huelen.

Wat mer immens Suerge mécht, dat ass déi Séilerou an dee Laxismus, dee mer hunn, fir datt eis al Sportshal zu Uewerkuer soll renovéiert ginn. Ech hat mech viru Méint gefreet, wou ech vill Leit gesinn hunn do stoen, déi geschafft hunn. Mee leider Gottes war een op d'Iddi komm, fir d'Pompelen ausze-

*dire qu'il faut changer nos habitudes. Mais l'offre ne suit pas.*
*Les thèmes qu'il vient d'aborder sont chers à Pierre Hobscheit. Il aurait eu le temps d'aborder d'autres sujets. Mais il n'a pas besoin d'épuiser ses huit minutes.*
*Même si les investissements restent élevés, Pierre Hobscheit a l'impression que la majorité ignore certains problèmes. C'est pourquoi il n'approuvera pas le budget.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *informe monsieur Hobscheit qu'il est dans les temps. Il lui restait 38 secondes.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *rappelle que Differdange est devenue City of Sport sous l'ancien collège échevinal. La commune a travaillé dur pendant six mois pour pouvoir obtenir ce label européen. La concurrence était rude, mais Differdange a réussi. L'objectif n'était pas seulement de soutenir les clubs et les sportifs, mais aussi de renforcer l'économie de la ville. Avec LUNEX et la SportFabrick, l'ancien collège échevinal a réussi quelque chose d'unique dans le pays. Des négociations étaient en cours avec les universités de Cologne et Shanghaï. Finalement, le LIHPS a décidé de s'implanter à Differdange au lieu de Luxembourg-ville. Le collège échevinal voulait faire de l'ancienne ville industrielle une ville du sport. Malheureusement, le budget 2021 néglige totalement ce point.*
*Dans ses discours sur le budget, Fred Bertinelli a toujours parlé de courage. Or il a l'impression que ce collège échevinal en manque. C'est pourquoi il a reporté de nombreux projets.*
*Les socialistes exigent par ailleurs que toutes les associations culturelles soient traitées de la même façon.*
*L'échevin aux bâtisses précédent a réalisé un travail exemplaire concernant le centre sportif de Niederkorn. C'est un complexe unique dans le pays. Fred Bertinelli met au défi quiconque de construire un tel centre sportif pour ce prix. Malheureusement, les plans n'ont pas été respectés jusqu'au bout. Il était notamment question d'aménager*

*un* shared space *et un parvis. Au lieu de cela, un mur a été érigé devant la salle.*
*L'échevin aux bâtisses actuel ferait bien de s'en inspirer pour voir tout ce qu'on peut faire avec l'argent.*
*Fred Bertinelli regrette par ailleurs le laxisme dont fait preuve le collège échevinal concernant la rénovation du centre sportif d'Oberkorn. Il y a quelques mois, il a vu que des travaux étaient en cours, mais malheureusement il ne s'agissait que de remédier à une inondation. L'ancien collège échevinal voulait se laisser deux ans pour la rénovation. Force est de constater que la commune a déjà un an de retard. Fred Bertinelli exhorte la majorité à avancer rapidement dans ce dossier.*
*La salle d'Oberkorn n'a pas non plus été réalisée comme les socialistes le voulaient. Ils n'apprécient ni l'emplacement ni le fait qu'il n'y ait pas de parking. La salle est ouverte la nuit pour les associations, mais elle n'est pas desservie par le bus ou le train. Comment les parents peuvent-ils aller chercher leurs enfants sans places de stationnement ? Le quartier est déjà suffisamment saturé.*
*Dans le budget, rien n'est prévu pour le Fousbann contrairement à ce que le LSAP aurait voulu.*
*L'abandon de la construction de la piste d'athlétisme dénote le manque de courage du collège échevinal. Tout le bassin de la Chiers était d'accord. Il n'y a pas de piste internationale dans le pays. Avec la participation du ministère et des autres communes, l'impact sur le budget aurait été minimal. Le collège échevinal n'a pas l'intention de construire ce stade. Autrement, il n'aurait pas fait aménager un terrain synthétique aussi cher sur place. Fred Bertinelli est convaincu que ce projet est mort.*
*Sans stade d'athlétisme, Differdange ne mérite pas le label de City of Sport. La commune ferait bien de le rendre.*
*Pour réaliser un tel projet, il faut du courage. Les taux d'intérêt sont faibles. La commune aurait pu demander un emprunt.*
*Monsieur Ulveling a dit qu'il faudrait également passer en revue les autres grands projets. Monsieur*

schalten, soudatt d'Hal voll Waasser gelaf ass.

Ech wëll Iech just soen: Mir haten eis annerhalleft Joer bis zwee Joer ginn, fir déi Hal fäerdegzestellen, fir all eis Sportaarten. Wat wierklech e Besoin an eiser Stad ass, fir datt jiddwereee sengem normalen Training kann nogoen an och sportlech weider ka kommen. Mir hu praktesch elo schonn ee Joer Retard. Ech froen an ech hoffen, datt dat schnellstméiglech remediéiert gëtt, an datt et esou schnell wéi méiglech viruggeet. Well do di mer eisem Sport kee Gefalen.

Eng enorm wichteg Aarbecht war och déi Hal zu Uewerkuer. Mee leider Gottes ass se net esou geplangt ginn, wéi d'LSAP et wollt. De Standuert gefält eis net. A wat eis guer net gefält, datt op deem ganze Site net ee Parking virgesinn ass. Ech froe mech, wéi Der dat wëllt maachen, nuets – well déi Hal héchstwarscheinlech fir d'Veräiner nuets op ass –, wou kee Bus a keen Zuch dohinner fiert. Wéi sollen déi Leit dohinner kommen? Oder wéi sollen d'Elteren hir Kanner siche goen, wann Der kee Parking virgesitt? Et ass elo schonn e saturéierte Quartier mat der Schoul Bock, mat der Crèche, mat deene Strukturen, déi do sinn. Guer net vun de Geschäftsleit ze schwätzen, déi do hire Commerce hunn, wou nuets kee bei se kënnt, well déi Plazen ëmmer besat sinn. Et ass fir mech net nozevollzéien, firwat esou eppes wéi dat gebaut gëtt ouni Parkplazen.

Des Weidere bedauere mir, datt am ganze Quartier vum Fousbann näischt geschitt. Mir hate virgesinn, datt dee Quartier, deen am schnellsten an eiser Gemeng wiisst, datt d'Woiwer Schoul, déi Hal, datt do eppes géif geschéien, wat de Sport ugeet. Dat war mol de Wëlle vun der LSAP. Mee ech gesinn do näischt geschéien.

Wat mech awer extreem stéiert – an dat weist, datt Der kee Courage hutt –, dat ass d'Liichtathleetikspist. Et ass net nozevollzéien, datt déi elo net gebaut gëtt. Also dat ass eng Katastroph. Déi ganz Regioun, dee ganze Kordall ass domat d'accord, datt am ganze Land keng international Liichtathleetikspist méi do ass.

An d'Geld, de Budget ka wierklech do d'Roll net spillen. Dat, wat de Ministère eis wollt do bäisetzen, an déi aner Gemengen, déi do matbezuelt hätten, wier op e Minimum am Budget erausgaangen, fir dat ze bauen. De Wëllen ass menger Meenung net do. Wann een esou een deiere syntheeteschen Terrain dohinnersetzt, da wëllt een och deen no e puer Joren net méi ewechhuelen. Well soss géif ee méi e bëllegen dohinnersetzen. Also ass schonn am Hannergedanken – also ech gleewen net méi do drun. Dir misst mech vun anere Saachen iwwerzeegen. Mee fir mech, a mengen Aen, ass e gestuerwen.

An ech wëll Iech just soen, dee steet an deem Label City of Sports dran. Mir hunn dat alles uginn, fir dee Label iwwerhaapt ze kréien. A wa mer dat elo net maachen, dann hu mer dee Label net verdéngt als Gemeng Déifferdeng. Da musse mer en erëm ofginn. Dat ass alles eng Fro, wéi dëse Schäfferot dat maache wëll.

Ech wëll just soen, ech hunn et e puermol gesot, datt et Courage bedéngt, fir dat doten ze maachen. An et soll mir haut kee soen, wou d'Suen näischt kaschten, datt een ekonomesch dat doten net iwwert d'Ronne kritt hätt.

A mir schwätzen hei vu Budgeten an deenen aneren deiere Saachen, déi mer hunn – den Här Ulveling hat jo virdrun och gesot, datt een nach eng Kéier misst nokucken, datt een dat och vläicht méi bëlleg kéint kréien. Ech mengen, den Här Muller hat Iech et gewise bei der Hal zu Nidderkuer, datt ee vill ka maachen. A wann een do Sue spuert, déi kann een dann enzwousch anescht investéieren.

Weider muss ech awer och mengem Kolleeg dem Här Liesch soen – en ass elo net hei –, en hat mir versprach d'lescht Joer beim Budget, mir géifen ni méi iwwert dee Vëloswee zu Nidderkuer schwätzen, zwëschent Déifferdeng an Nidderkuer. Dräi Joer soen ech hei dat selwecht. 400 m ass dee wäit. Ech wollt en eng Kéier maachen, als Sportschäffen. Do hunn ech Nee gesot kritt. Wou den Transportminister fir d'éischt hei zu Déifferdeng war, eis d'Vëlospiste virgestallt huet a gesot huet: „Maacht en net. Mir maachen en".

Elo ass dat geschwë fënnef Joer hier. A mir bréngen et net fäerdeg, dee geféierleche Wee, Avenue de la Liberté, wou nach all Dag Vëloen driwwer fueren, déi 400 m fäerdeg ze maachen. Ech weess net, den Här Liesch hat mer d'lescht Joer versprach, et kënnt net méi zur Diskussioun an där nächster Budgetsried. An hei steet se erëm. Ech hoffen awer elo, datt et fir d'Lescht war. An datt mer dat fäerdeg kréien. Et geet net nëmmen duer, vu Vëloen ze schwätzen, et muss een dann och d'Infrastrukturen dohinnersetzen, datt et dann och fonctionéiert.

Wat ech och e bësse bemängelen, dat ass déi ganz Aarbecht, déi dee virege Schäfferot gemaach huet. Mir hunn andauernd un all deene Site-sportife geschafft, um Thillebierg, Jos Haupert, Nidderkuer, Lasauvage, Woiwer Terrain, mat Leit, deene mer eng Opportunitéit ginn hunn, erëm op den éischten Aarbechtsmaart ze kommen. Mat engem minimale Budget ass do vill fir d'Gemeng gemaach ginn. Dat war eng Win-win-Situatioun, wou all Mënsch dovu profitéiert huet. Mir hunn de Leit eng Aarbecht ginn, déi geschafft hunn. A mir hu se herno op den éischten Aarbechtsmaart bruecht. An all eis Sportsinfrastrukture waren an der Rei.

Ech wëll och soen, datt ech vill Saache vermëssen an deem Budget. Zum Beispill de Fussball. Endlech gëtt da lo, no fënnef Joer Diskussiounen, eisen Haaptstadion renovéiert an de Wuess nei gemaach. An deen Drainage, dee vum éischten Dag un net fonctionéiert huet. D'Preuve war jo do, datt deen Drainage net fonctionéiert huet: Deen éischten Dag hat et esou vill gereent, datt d'Waasser bis an de Parc des Sports gelaf ass. Ech hunn hei eng Fro un de Sportschäffen: Wie bezilt dat? Well mir hu jo do en Uspuerkont bei där Firma. Hei dierfte mir guer näischt bezuelen. Also dat ass op jiddwer Fall kloer. Wann hei ee Frang vun der Gemeng Déifferdeng bezuelt gëtt, muss ech leider soen, datt dat niewent der Plack ass.

Ech kann net alles soen. Ech hat mer villes opgeschriwwen. Zum Beispill, wat de LIHPS ugeet a wéi een Déifferdeng an deenen nächste Joren am Sport kéint – well do kéinte mer wierklech, wa mer un dat gegleeft hätten, wat mer selwer gesot hunn, eng Industrie opbauen.

Ech wëll awer och als fréiere Verkéiersschäffe mäi Kolleeg de Guy Altmeisch ënnerstëtzen. Gemengerot fir Gemengerot seet hien all déi Doleancen, wou et net klappt. Wou mir als Gemeng eis net un d'Gesetz halen. Wou den Här Altmeisch eis dann ëmmer de laange Fanger mécht. Hie mécht méi Aarbecht ganz eleng wéi d'ganz Verkéierskommissioun. Et wäert och duerfir sinn, datt Der elo de President changéiert. Mee op jiddwer Fall soen ech him Merci. Hien huet säi Mandat als Conseiller net geklaut hei an der Gemeng.

Wat ech muss bedaueren: Et gëtt kee Konzept. Net, wat d'nei Busser ugeet. Ech wëll soen, mir haten dräi wichteg Projete fir d'Stad Déifferdeng, dat heescht d'Garen, Zentrum Déifferdeng, Nidderkuer an d'Woiwerwisen. Dovun héiert a gesäit een näischt. Et ass dach net normal, datt Déifferdeng ëmmer esou behandelt gëtt. Mee et muss een och soen, fir esou Saache muss ee sech vill investéieren a vill an d'Stad pilgeren, fir dat och ze kréien.

Datt den Tram net op Déifferdeng kënnt, Dir Dammen an Dir Hären, dat ass e Skandal. Fir mech ass dat e Skandal, datt déi drëttgréisst Stad, ech weess, wat Suessem gekämpft huet, fir deen Tram ze kréien. Mir hätten dat selwecht misste maachen. Dann hätte mir och den Tram kritt. Ech fannen et einfach nëmmen e Skandal, datt guer kee sech …

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Här Bertinelli, Är Zäit ass leider ëm.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Nach e puer Wierder, da sinn ech fäerdeg.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Okay.

*Muller a démontré avec le centre sportif de Niederkorn que l'on peut faire beaucoup.*

*Fred Bertinelli rappelle à monsieur Liesch qu'on lui avait promis l'année dernière qu'il ne serait plus jamais question de la piste cyclable entre Differdange et Niederkorn. Le ministre des Transports a promis il y a cinq ans que l'État réaliserait cette piste. Or les cyclistes doivent encore passer par l'avenue de la Liberté. Fred Bertinelli espère qu'une solution sera trouvée cette année. Car il ne sert à rien de parler de vélos si les infrastructures sont inexistantes.*

*L'ancien collège échevinal a donné la possibilité à de nombreux chômeurs de réaliser des travaux dans les infrastructures sportives comme le Thillebierg ou le stade Jos-Haupert. Il s'agissait d'une situation gagnant-gagnant dont tout le monde profitait. Les frais pour la commune étaient limités et les ouvriers avaient la possibilité de réintégrer le marché de l'emploi.*

*Après cinq ans de discussions, le stade municipal sera enfin refait. Le drainage n'a jamais fonctionné comme il faut. Qui va payer les travaux ? Pour Fred Bertinelli, il est hors de question que ce soit la commune.*

*En ce qui concerne le LIHPS, le collège échevinal aurait pu construire une industrie du sport s'il y avait cru.*

*En tant qu'ancien échevin à la circulation, Fred Bertinelli veut aussi soutenir son collègue, monsieur Altmeisch, qui attire l'attention séance après séance sur les problèmes. Monsieur Altmeisch travaille plus tout seul que toute la commission de la circulation. C'est sans doute la raison pour laquelle le président va changer. En tout cas, merci à monsieur Altmeisch.*

*Fred Bertinelli regrette l'absence de concept concernant les bus. Il est tout le temps question de gares. Mais rien n'est fait. Ce qui arrive à Differdange n'est pas normal. D'un autre côté, il faut s'engager et se rendre en ville souvent pour obtenir des concessions. Il est par exemple scandaleux que le tram ne circule pas à Differdange. Mais Fred Bertinelli sait à quel point Sanem s'est battue pour obtenir le*

*tram. Le collège échevinal de Differdange aurait dû faire pareil.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *signale à monsieur Bertinelli que son temps est écoulé.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *n'a plus que quelques mots à dire. Il laissera de côté certains passages de son discours, ce qu'il regrette. Chaque conseiller devrait pouvoir donner son avis quant au budget.*
*Les conseillers communaux doivent être capables de se remettre en question et ne pas oublier qui les a élus. La mobilité, la culture ou le logement sont là pour les citoyens. Malheureusement, certains partis semblent vouloir imposer leur idéologie par des interdictions et des restrictions. La majorité ne fait que gérer la ville. Elle doit veiller à améliorer la qualité de vie de tous.*
*Fred Bertinelli n'approuvera pas le budget, car il ne contient aucune vision — notamment en matière de circulation. L'argent nécessaire à la réalisation des grands projets aurait pu être utilisé autrement.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *signale à monsieur Bertinelli qu'il a dépassé le temps imparti.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *s'excuse. Il n'en savait rien quand il a écrit son discours.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *demande aux conseillers communaux de laisser dix minutes au collège échevinal avant de répondre aux questions.*
*(Pause)*
*Christiane Brassel-Rausch reprend la séance en commençant par la question de monsieur Meisch concernant le Science Center. Le collège échevinal est ouvert aux propositions de monsieur Didier. Mais il faut rappeler que sans les efforts du collège échevinal précédent, la Ville de Differdange ne ferait même pas partie du groupe de travail. La commune a fait en sorte que le Science Center obtienne les locaux de l'école professionnelle. Elle a également donné son accord à un projet de construction devant le Science Center, mais monsieur*

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Ech wäert dann op dat Lescht agoen, an e puer Saachen dann einfach si loossen. Mee, wat mer extreem wichteg schéngt, dat ass, Iech ze soen, datt – Dir Dammen an Dir Hären, ech hunn elo vill ausgelooss vu menger Budgetsried. Ech fannen et net gutt, datt mer dat an esou enger kuerzer Zäit hei maachen. All Conseiller soll kënne seng Meenung iwwer esou e Budget soen.

Dir Dammen an Dir Hären, ech mengen, dës Budgetsried sollten alleguerten eis Volleksvertrieder, well se jo vun de Leit dobaussen, vun den Awunner gewielt gi sinn, och de Schäfferot – mir sollten eis emol erëm d'Fro stellen, fir wie mer dat heite maachen. Fir mech si Saache wéi Mobilitéit, Kultur, Wunnen, Schaffe fir eis Bierger do. Jidderee sollt sech dat emol nach eng Kéier a Fro stellen.

Leider gëtt et Parteien hei an der Gemeng, déi mengen, si misste mat Verbueter a Restriktiounen hir Ideologien de Leit opdrängen. A mat engem Mooss, dee scho bal affrontéiert ass, hir Politik duerchsetzen. Dir sidd nëmme Gerante vun dëser Stad. An Dir sollt maachen, datt d'Liewensqualitéit vun eise Bierger hei alleguerten héich bleift an ëmmer d'selwecht bleift.

Ech kann deen heite Budget einfach net stëmmen, well e keng Visiounen huet – am Sport scho guer net, am Verkéier iwwerhaapt net. Mat deene ville Gelder, déi Der an déi grouss Projete stécht, hätt ee vill méi kéinte maachen. Mee wéi gesot, ech kann dee Budget hei net matstëmmen. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Bertinelli. Et war elo e bësse méi laang, dat do.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Pardon. Ech wousst dat net, wou ech meng Ried geschriwwen hunn.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

D'Conseillere sinn all duerch. Net, dass ech ee vergiess hätt. Et ass elo genau Véierel vir 12. Gitt eis zéng Minutten. Mir zéien eis zréck, fir op Är Froen ze äntwerten, ier mer dann zum Vott komme vum Budget. Villmools merci.

(Paus)

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Mir fänken u mat der Fro zum Science Center, déi den Här François Meisch gestallt huet. Ech géif soen, dass mer zënter engem Joer dem Här Didier vis-à-vis mat sengem Projet als Gemeng ganz oppen do stinn.

Ech hu mer soe gelooss vun deem Schäfferot virdrun, dass ouni den Asaz vum Schäfferot vun der Stad Déifferdeng, Déifferdeng mol net am Aarbechtsgrupp gewiescht wär. Déifferdeng hätt dann och dofir gesuergt, dass d'Léierbud un de Science Center gaangen ass. An nach guer net esou laang hier huet d'Stad Déifferdeng dem Här Didier den Accord ginn, fir virum aktuelle Science Center eppes gebaut ze kréien, wat hie gär gewollt gehat hätt. Wat hien awer erëm réckleefeg gemaach huet.

Ech wëll am Fong einfach betounen, dass d'Ënnerstëtzung vun der Gemeng Déifferdeng, fir de Science Center op Déifferdeng ze kréien an en och hei ze halen, ganz offensichtlech bekund ginn ass vu Gemengesäit. An et kéint ee jo mol einfach am Viraus schonn huelen, dat Parkhaus, wat gebaut ass, als klengen Apport par rapport zu deem Science Center droen, wann en dann un d'Rulle kënnt. Wann d'Pläng dann definitiv sinn, si mir ëmmer bereet fir matzeschwätzen, wat mir nach als Soutien a weider kënnen do maachen. Well mir sinn eis ganz kloer bewosst, dass dat e Plus ass fir d'Stad.

Mir hate vill Gespréicher mat em, a souguer mat dem Här Minister Meisch a mat der Madamm Tanson, fir ze kucken, ob mer zesummen op dee Wee kéinte goen. De Wëllen ass jiddwerfalls

do. Et muss ee just elo konkreet gesinn, wéi dat kann ëmgesat ginn.

Ech wollt dem Här Hobscheit äntweren op seng Fro iwwert d'Personal vun de Maisons relais. Ech denken, dass et elo e schlecht Joer ass, fir doriwwer ze schwätzen. Ganz einfach, well alles e bëssen duercherneen ass. Ënner anerem och an de Maison-relaisen. Dass mer mat eise klenge Gruppen, déi mer probéieren, coute que coute anzehalen, aus Sécherheet fir eist Personal a fir d'Kanner, dass do elo alles e bësse bouleverséiert ass. Mee dass ech awer nach ëmmer dozou stinn, dass ech mengen, dass et eng gutt Aarbecht ass, déi d'Leit do leeschten. An dass de Va-et-vient minim ass. Wat ech elo vu menger Säit aus ka soen.

Wat d'Zesummenaarbecht mat der Eltereschoul betrëfft, déi leeft schonn. Déi leeft scho vum leschter Joer un. Do waren eenzel Sitten, déi Hëllef gefrot hunn. Mir haten och eng Reunioun mat de Leit aus der Eltereschoul. Notamment Nidderkuer hat domadder ugefaangen. Mir hunn dat elo op deene fënnef Sitte vun der Gemeng. Wann d'Demande do ass vum Personal, da kréie se eng Interventioun mat der Eltereschoul. An am Markenhaus wäerten elo deemnächst reegelméisseg Treffe stattfanne mat der Eltereschoul, fir eeben Theemenowenter, Theemenmoienter oder Theememëtteger, wéi d'Leit et dann arrangéiert, ofzehalen.

Hunn ech eppes vergiess? Ech géif d'Wuert emol weiderginn un den Här Ulveling.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, ech wëll fir d'éischt emol bemierken, dass dat eng ganz flott Diskussioun elo war haut, dass mer wierklech beim Sujet bliwwe sinn.

Wann een u Budgetssitzungen aus der Vergaangenheet zréckdenkt, da war dat vill méi houleux wéi haut. Dofir merci un all Partei, dass mer wierklech net de Mann gespillt hunn, mee d'Saach.

Ech fueren der Rei no. Fir d'éischt den Här Muller. Hien hat mer eng Fro gestallt iwwert den Terrain Lauterbännen. Hien huet gesot, d'LSAP géif deen net verkafen, mee éischter op den Emphyteotiquesmodus iwwergoen. Et waren och nach aner Leit, déi doriwwer eng Fro gestallt hunn.

Den Empyhteotiquesmodell ass sécher schéin a gutt, mee dat ass esou eng Saach, well et weess een nach net, wat dann no 20, 30 Jore geschitt. Wéi gëtt et weidergefouert, wann deen, deen et hat, et net wëllt? An et goufe Verontreiungen oder esou, wéi gëtt dat gehandhaabt? Jee, dat ass e Modell, deen zwar an der Theorie gutt ass, mee vu dass nach kee bis un d'Enn komm ass vum Kontrakt, et weess een net esou richteg, wéi et soll weidergoen.

Dofir hu mer op de Modell gesat, fir et ze verkafen. Et sinn och Leit oder Firmen, déi nëmme wëllen investéieren, well se en Terrain hunn, deen hinnen dann éiweg wäert gehéieren. Dat kann een och verstoen. An ech wëll awer och ganz kloer soen, déi Montanten, déi genannt si ginn, dat si Suen, déi mer natierlech wëlle recuperéieren, ouni – an dat wëll ech betounen –, ouni wëllen do e Gewënn ze maachen. Mee dat sinn och nach Montanten, déi mer mussen investéieren, fir Reseauen a Stroossen ze bauen. Soudass een net einfach ka soen, de Meterkareespräis oder den Arspräis wär ze deier.

De Ruffbus, dat ass fir den Här Mangen. Wat hat ech mer nach opgeschriwwen? De Wangert. Do werft den Här Muller eis mangelnden Dialog vir. Dat muss ech awer leider vun der Hand weisen. Mir hunn déi Leit dräimol gesinn. Mir haten nach e Fonctionnaire dohinnergescheckt, fir bei jiddweree schellen ze goen, fir jiddwerengem dat nach eng Kéier ze explizéieren. Mee et ass einfach net méiglech, mat deenen en Accord ze fannen. Zumindest bis elo net.

An et ass kloer, dass mer natierlech gäre gehat hätten, dat ze maachen. Et gëtt nach en anere Moyen. Mir hunn och do juristesch Avisen. Ech kann Iech déi zoukomme loossen. Den Här Gonderinger hat sengerzäit mam Me Helminger geschwat, wéi een dat kéint ugoen. Mee de Wangert, do ass et esou, dass mer, à ce stade, net kënne virgoen. Ausser et géif een eng Expropriatioun decidéieren. Déi misste mer dann alleguerten hei decidéieren. An da wéisste mer

*Didier a changé d'avis. Par conséquent, la volonté du collège échevinal est manifeste. D'ailleurs, le futur parking sera une plus-value pour le Science Center. Des discussions ont également eu lieu avec monsieur Meisch et madame Tanson.*

*Christiane Brassel-Rausch trouve que ce n'est pas le moment de parler du personnel des maisons relais. La commune tient à conserver des groupes de petite taille par mesure de sécurité envers les éducateurs et les enfants. En tout cas, la personne réalise du bon travail.*

*La collaboration avec l'école des parents fonctionne. Le personnel enseignant peut interagir avec l'école des parents. Des réunions ont lieu régulièrement dans le Markenhaus.*

**TOM ULVELING (CSV)** *souligne le fait que la discussion a été chouette et qu'elle a porté sur le sujet. Cela n'a toujours pas été le cas dans le passé. Tom Ulveling remercie tous les partis de ne pas avoir procédé à des attaques personnelles.*

*Monsieur Muller a posé une question concernant le terrain Lauterbännen. Le LSAP préfèrerait ne pas le vendre, mais le mettre à disposition sous la forme d'un bail emphytéotique. Or le problème de ce type de bail est que l'on ne sait pas ce qui se passera dans vingt ou trente ans. En théorie, le modèle fonctionne, mais aucun contrat n'est encore arrivé à terme. C'est pourquoi le collège échevinal a opté pour la vente. Par ailleurs, certaines entreprises n'acceptent d'investir que si elles sont propriétaires du terrain.*

*En plus, la commune veut récupérer l'argent qu'elle a investi dans les réseaux et les routes — sans faire de bénéfices. Le prix au mètre carré n'est pas trop élevé.*

*Monsieur Muller regrette le manque de dialogue dans le dossier du Wangert. Tom Ulveling rejette cette critique. En effet, la commune a rencontré les riverains trois fois. Un fonctionnaire s'est rendu sur place et a discuté individuellement avec les personnes concernées. Mais il s'est révélé impossible de trouver un accord. Bien entendu, le collège échevinal voudrait réaliser*

*les travaux en question. Il existe d'autres moyens. La commune dispose d'avis juridiques que Tom Ulveling pourra faire parvenir aux conseillers communaux. Monsieur Gonderinger s'est renseigné auprès de maitre Elminger. Le conseil communal pourrait procéder à une expropriation. Mais la procédure serait longue.*
*Monsieur Muller a dit qu'il fallait réaliser une étude démographique concernant les écoles. Le collège échevinal est conscient du manque de salles de classe à Differdange et Niederkorn. Il va faire adapter l'étude faite il y a cinq ans.*
*Le seul point sur lequel Tom Ulveling donne raison à monsieur Muller concerne le parc de stationnement. Mais le collège échevinal n'est pas resté les bras croisés. Des discussions sont en cours entre les services communaux et ArcelorMittal. Le collège échevinal n'est pas satisfait de la solution proposée par ArcelorMittal, car la commune ne pourrait pas construire le parking comme elle l'entend. Des travaux préliminaires seraient nécessaires. Or le directeur de l'usine n'envisage pas de tels travaux avant deux ou trois ans. C'est pourquoi le collège échevinal va construire un parc de stationnement sur un terrain communal dans le cadre d'un projet avec appel d'offres.*
*En ce qui concerne la grande machine à gaz, le collège échevinal a rencontré plusieurs fois monsieur Didier. Celui-ci doit ficeler le Science Center avant que la commune ne puisse intervenir. Il est en train de discuter avec les ministères au sujet du financement. En tout cas, le collège échevinal a clairement dit à monsieur Didier qu'il était conscient de l'importance du Science Center pour Differdange.*
*Monsieur Meisch a suggéré de demander un avis juridique concernant le Wangert.*
*En ce qui concerne les jumelages, Tom Ulveling voulait organiser des réunions, mais cela n'a pas été possible à cause du coronavirus. Il a l'intention de créer une association comme avec Ahlen.*
*Quant à l'éclairage du parc, la bourgmestre et Tom Ulveling ont pris plusieurs décisions et ont commandé des lumières. La livraison*

och, dass dat eng ganz laangwiereg Prozedur wär. Am Moment hu mer nach dovunner ofgesinn.

Schoulen, huet den Här Muller gesot, do misst eng Étude démographique gemaach ginn. Dat ass kloer. Ech hat dat jo och ugekënnegt fir d'Schoulen Nidderkuer an Déifferdeng. Wou mer gesot hunn, mir sinn eis bewosst, dass mer warscheinlech do en Enkpass kréien. Mee dass mer awer fir d'éischt géifen déi Étude démographique upassen, déi mer viru fënnef Joer, mengen ech, gemaach haten, ier mer eng Decisioun géifen huelen, wéi a wat mer géife bauen.

Dat eenzegt, wou ech dem Här Muller Recht ginn a senger Kritik, dat ass mam Parkhaus. Do hu mer effektiv e bëssen am Krees gedréit. Mee dat ass awer net, well mer näischt gemaach hunn oder well mer do keng Decisioun wollten oder konnten huelen. Mir haten e ganze Koup Gespréicher iwwert dee ganze Plateau – déi sinn nach amgaang – mat eise Servicer, mat der ArcelorMittal.

A mir sinn awer do op eemol zur Konklusioun komm, nodeem mer, oder zumindest ech, jorelaang mat hinnen elo verhandelt hunn, dass alles schéin a gutt ass, mee déi Léisung, déi si eis proposéiert hunn, huet eis net Satisfaktioun ginn. Well et einfach net direkt méiglech ass do, wou mir wollte bauen, dat ze bauen. Well do verschidde Saache mussen ewechgeholl ginn. An den Direkter vun der Schmelz huet eis gesot, dass een dat net kéint envisagéiere virun zwee bis dräi Joer. Ech mengen, dat hat ech Iech gesot.

Also et hänkt wierklech net um mangelnden Dialog. Mee ech ginn Iech Recht, et dauert laang. An ech hu ganz kloer gesot, dass de Schäfferot aktéiert huet, dass mer deen éischte Parking wäerte bauen op eisem Terrain. An dass mer do e Projet wäerte maachen, wéi den Här Muller et am Fong verlaang hat, wou niewent Parkplazen och nach aner Saache wäerte stattfannen. An dat wäerte mer als Projet ausschreiwen, wou Leit sech kënne mellen. Mir ginn d'Virgab, a si soen eis, wéi a wou se et wëlle bauen. An da muss ee kucken, wéi een eens gëtt.

Dir hutt och vun der Groussgasmaschinn geschwat. Dir hutt kritiséiert, Här Muller, mir géifen dat net weiderdreiwen. Ech wëll awer soen, complémentaire zu deem, wat d'Madamm Buergermeeschter gesot huet, dass mer schonn e ganz Koup Reunioune mam Här Didier haten, dee jo den Exploitant ass. A mir hänken hannert dem Här Didier. Dat heescht, den Här Didier muss déi ganz Groussgasmaschinn respektiv de Science Center muss hien emol ficeléiert hunn, ier mir kënne soen, wéi mir do kënnen hëllefen.

Den Här Didier ass de Moment amgaang, mat de Ministèren ze kucken, wie wat wëll bäiginn. An en ass amgaang, säi Projet ze ficeléieren. Mir hunn him ganz kloer gesot – an et ass och dat, wat den Här Meisch virdru gesot huet, mir sinn eis der Importenz vun deem Projet Science Center hei zu Déifferdeng an och deene positiv Kollateralschied, déi dat wäert mat sech brénge fir eis Stad, bewosst –, dass mir deem ganz positiv géintiwwer stinn.

Här Meisch, Dir hat geschwat vum Wangert, Avis juridique. Do hunn ech drop geäntwert. Partnerschaftsveräin: Dir wësst, Här Meisch, ech hat schonn zweemol ugesat. Dir waart dobäi. An zweemol war de Covid eis dertëschent komm, dass mer keng Versammlung konnte maachen. Mee dat steet nach op mengem Agenda. Mer kucken, Leit ze fannen, fir e Partnerschaftsveräin ze grënnen, wéi en zu Ahlen besteet. Fir dass vun ënnen erop am Fong dee ganze Jumelage ka wuessen.

Dann ass kritiséiert ginn d'Beliichtung am Park. Net méi spéit wéi virun zwee, dräi Méint waren d'Madamm Buergermeeschter an ech an de Park. Do hate mer verschidden Decisioune geholl. An net méi spéit wéi virun zwou Wochen hu mer e ganze Koup nei Luuchte bestallt. De Problem war, dass mer déi Mauer ënnen och wëllen nei beliichten, déi Luuchten awer net méi disponibel sinn, déi do dra waren. Do hu mer neier musse sichen. Mee mir krute versprach, dass déi Mëtt Januar géife geliwwert ginn. An da kritt dat Ganzt en anert Bild. Och solle verschidde Beem beliicht ginn, soudass dee ganze Park e bësse méi hell gëtt. An dass dat e bësse besser liicht.

Kritik koum vun e puer Säiten iwwert den AS-Terrain. Ech ka mech deem nëmmen uschléissen. Mir hu vun eiser

Säit de Modell proposéiert – ech mengen, et war den Här Meisch, dee gesot huet, bei der Schoul oder beim Policegebai geet et, firwat geet et do net. Hei hu mer et leider net mat engem Ministère ze dinn, mee mat Ponts et Chaussées. An déi waren awer net domat averstane gewiescht. Soudass mer musse waarden, bis si sech dann endlech beweegen. Et ameséiert mech och nullement, well ech fannen et gesäit wierklech schlëmm aus. An dat misst net onbedéngt sinn.

Et war och ugeklongen, dass déi Invester am S.I.A.CH. esou héich sinn. Dir wësst, dass mer do amgaang sinn, eng ganz nei Vergréisserung ze plange vun deem ganzen Areal vum S.I.A.CH. Wat natierlech an d'Geld wäert schloen. Den ursprénglechen Devis war an déi 50 Milliounen ugesat. Elo soll et iwwer 70 Millioune kaschten. Net nëmme fir eis. Natierlech och fir Péiteng, Bascharage a Suessem, well déi och dru bedeelegt sinn. Mee dat ass awer och en Invest an d'Zukunft, dee mer onbedéngt mussen hunn.

Den Här Diderich nach. Den Här Diderich huet sech beschwéiert, dass mir nëmme géifen deier Markenautoe kafen, a mir sollte franséisch Autoe kafen. Ass dat esou? Déi deier Markenautoen, déi Dir ugeschwat hutt, dat si warscheinlech d'Golfen. Mee déi hu mir zu engem bessere Präis kritt, wéi d'Upen, déi mer viru Jore kaf hunn. Dat heescht, een elektresche Golf huet 22.000 Euro kascht. Wann Der e bëssen dorëmmer kuckt, wat esou en Elektroauto haut kascht, da fannt Der net vill, déi do drënner leien.

Déi franséisch Autoen, déi Dir gär hätt, do ass de Problem, dass ee bei verschiddene Fournisseuren ëmmer muss d'Batterie à part kafe respektiv all Mount esou vill fir d'Batterie bezuelen. Dat wollte mer net.

Dir hutt och geschwat vun elektresche Camionen a Camionnetten. Et ass kloer, mir sinn amgaang, alles, wat nëmme méiglech ass, ze kréien. Mat elektreschem Undriff, dat maache mer bei klenge Camionnetten. Ech sinn och elo amgaang ze kucke mat e bësse méi grousse Camionnetten. Mee d'Müllween, esou grouss Camione gëtt et nach net, déi elektresch fueren. Natierlech, elektresch Schüttungen hu mer scho kaf.

Mee ech wëll awer och soen, wa mer elo vu Spuere schwätzen – an ech mengen, dat misst och eng Kéier eng Diskussioun ginn –, en normale Müllcamion kascht ëm déi 300.000, 350.000 Euro. E Müllcamion mat hei a mat do, elektresch, kascht ëm déi 450.000 Euro. Dat sinn awer direkt e ganze Koup Sue méi.

An den elektresche Müllwon huet dee groussen Nodeel, dass en eisen Tour net ganz packt. Dat heescht, mir mussen entweeder d'Tier verkierzen oder mir mussen eng Kéier zréckfueren an erëm lueden. Wat jo och net ganz effikass geschafft ass. Soudass ee muss kucken, wéi een do virgeet. Mee natierlech wäerte mer an Zukunft weider op elektresch Gefierer setzen.

Shared Space ass e puermol hei ugeschwat ginn. De Shared Space hänkt deelweis zesumme mat dem PN15, wou Etüden amgaang sinn. A wa mer deen net realiséiert kréien, da kënne mer och kee Shared Space maachen. Do si mer drun. D'Urbaniste kënnen do besser schwätze wéi ech. Mee et ass esou, dass déi Léisungen, déi de Moment virleien, urbanistesch net ganz flott sinn. Dofir komme mer do och net esou schnell virun, wéi mer gemengt haten.

Dat waren all d'Froen, déi u mech gericht waren. Wann Der nach Froen hutt, kënnt Der déi jo nach duerno stellen. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ulveling. Da géif ech d'Wuert un d'Madamm Pregno weidergинn.

**SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci. Dir Dammen, Dir Hären, léif Buergermeeschtesch, ech wollt et no groussen Theeme regruppéieren, well verschidde Leit jo änlech Froen ervirbruecht hunn. Ech denken, dass et méi sënnvoll ass, Theemen ze regruppéieren, wéi Nimm ervirzehiewe mat de jeeweilege Froen.

*devrait avoir lieu mi-janvier. Les arbres seront aussi éclairés, ce qui améliorera l'image que donne le parc.*
*Plusieurs conseillers communaux ont critiqué le projet du parc de l'AS. Tom Ulveling rappelle que les discussions n'ont pas lieu avec un ministère comme pour le commissariat ou l'école internationale, mais avec l'Administration des ponts et chaussées. La commune doit prendre son mal en patience. En tout cas, Tom Ulveling regrette cette situation.*
*Les investissements dans le SIACH sont importants à cause de l'agrandissement du site. Le devis initial se montait à cinquante-millions d'euros. Entretemps, il est question de 70 millions d'euros. Mais il s'agit d'un investissement dans le futur.*
*Monsieur Diderich a regretté que la commune n'achète que des voitures chères au lieu de voitures françaises. Tom Ulveling suppose que monsieur Diderich fait référence aux Golfs, que la commune a achetés pour 22 000 €. C'est un prix normal pour une voiture électrique. Dans le cas des voitures françaises, il faut acheter la batterie à part. En ce qui concerne les véhicules plus grands, la commune a acheté des camionnettes, mais il n'existe pas encore de gros camions électriques. En ce qui concerne les camions de ramassage des ordures, ceux électriques coutent 450 000 € au lieu de 300 000 €. En plus, ils ne permettraient pas de réaliser un tour de ramassage complet.*
*La réalisation d'un* shared space *dépend du PN 15. Les urbanistes pourraient fournir plus de détails, mais les solutions présentées jusqu'à présent ne sont pas vraiment chouettes. Les choses n'avancent pas aussi vite que prévu.*
*Tom Ulveling pense avoir répondu à toutes les questions.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *va regrouper les thèmes, car les conseillers communaux ont posé les mêmes questions.*

*En ce qui concerne le parc éolien, la commune tourne en rond. Monsieur Liesch fait partie du groupe de travail, car il veut suivre ce projet. Dans son avis, l'aviation a constaté que l'hélice des éoliennes serait trop haute. Mais l'Administration de l'environnement exige une certaine hauteur. Il est question de trois ou quatre mètres. La question qui se pose est de savoir si l'Administration de l'environnement demandera une nouvelle étude si la commune choisit un modèle différent. La situation est difficile parce que les différents acteurs changent d'avis en permanence et le collège échevinal ne sait plus où il en est. Mais de nouvelles réunions sont prévues.*

*Le collège échevinal a demandé des subventions à monsieur Bausch pour le Diffbus. Or monsieur Bausch a refusé, car le gouvernement investit suffisamment dans le transport régional. Le collège échevinal a cependant décidé de maintenir le Diffbus, auquel il a ajouté Dinola pour les personnes âgées.*

*Laura Pregno n'est pas contente que le tram ne passe pas par Differdange. Differdange se trouve au milieu des tracés Luxembourg-Esch et Esch-Pétange. Le collège échevinal s'est plaint, mais il faut savoir que chaque kilomètre de tram coute vingt-millions d'euros. Or la population cible ne serait pas suffisamment importante. De toute façon, le tram mettrait entre quarante et cinquante minutes pour rejoindre Luxembourg-ville, c'est-à-dire autant que le train. Actuellement, beaucoup de Differdangeois vont prendre le train à Pétange ou à Käerjeng. Le collège échevinal a l'intention de rencontrer les CFL pour trouver une solution. Mais les discussions vont être difficiles.*

*Monsieur Bertinelli s'est plaint de la piste cyclable entre Niederkorn et Differdange. Laura Pregno espère qu'il a remarqué que cette piste est ouverte depuis un an. Le revêtement n'est peut-être pas génial, mais les cyclistes n'ont plus besoin d'emprunter l'avenue de la Liberté.*

*Par ailleurs, Laura Pregno signale à monsieur Bertinelli que l'on ne parle plus de trafic, mais de mobilité. D'ailleurs, à l'école, on apprend*

Éischt Theema, wat ech wéilt opgräifen, ass de Wandpark. Do ass et wierklech esou, dass mer e bëssi am Krees dréien. De Georges Liesch ass weiderhin am Aarbechtsgrupp, well hien déi Aarbecht weider suivéiere wëll. A wat fir mech immens flott ass, dass hien dat wëll mat sengem Knowhow weidermaachen. Do ass et esou, dass en Avis vun der Aviatioun komm ass, dass de Rotor ze héich wär. Vun der Ëmwelt muss en awer eng gewëssen Héicht respektéieren. Soudass se sech am Moment net eens sinn. Et spillt sech op dräi, véier Meter of, wat u sech de Knackpunkt ass vun der Dréiung.

Soudass den Aarbechtsgrupp zréck bei d'Ëmwelt geet, fir ze kucken, wa se dann elo géifen en anere Modell auswielen, ob se d'Etüden erëm misste frësch opwéckelen oder ob een déi Etüden, déi gemaach goufen, awer kéint fir dee Modell, deen dann elo besser géif passen, kéint weider benotzen. Dir gesitt also, et ass net esou einfach. Virun allem, wéi den Här Tempels sot, et steet vläicht och do all Dag een aneren op. Mir wëssen et net. Mee mir bleiwen awer do drun. Mir hu reegelméisseg Reuniounen, fir an deem Dossier weiderzekommen. Also et ass kee Stëllstand.

Et gouf no Subventioune gefrot fir den Diffbus. Am Juni dëst Joer hate mer eng Entrevue um Ministère, ënner anerem mam Här Bausch, an haten ausdrécklech no Subventioune gefrot. A mir kruten en ausdrécklechen Nee, et géif net subventionéiert ginn, well de Staat scho genuch Suen an de regionalen Transport géif stiechen. Mir hunn awer decidéiert, well den Diffbus fir eis als Stad wichteg ass, mir e weiderhin oprechterhalen an als Offer fir eis Leit wëlle weider garantéieren. Zousätzlech nach den Dinola offréiere fir eis eeler Generatioun.

Och mir waren erstaunt an net ganz frou ze héieren, dass den Tram laanscht eis fuere géif. Déifferdeng läit, geografesch gesinn, net immens flott. Mer sinn e bëssen an enger Schneis, eng Kéier den Tracé Stad-Esch an eng Kéier den Tracé Péiteng-Esch. Mir leie genau an der Mëtt. Mir hunn eis natierlech direkt manifestéiert, am Genre, wéi dat kéint sinn, dass Déifferdeng net op der Landkaart figuréiert. A mir kruten als Äntwert, dass et net virgesi wier, dee séieren Tram bis op Déifferdeng fueren ze loossen, well e pro Kilometer 20 Milliounen Euro kascht an d'Populatioun cible net grouss genuch wier.

Wann een den Temps de parcours kuckt, herno bis an d'Stad, wäre mer bei 40 bis 50 Minutten. Wat u sech mat enger haiteger Zuchverbindung Déifferdeng-Stad quasi identesch ass. Wat eis méi opportun schéngt, dat ass ze kucken, dass mer eng besser Zuchverbindung an d'Stad kréien, notamment iwwer Péiteng.

Dat ass eppes, wat mer aktuell gesinn, dass vill Déifferdenger op d'Péitenger Gare oder op Käerjeng fueren an do den Zuch huelen, well vun do ass een a 17, 18, 19 Minutten direkt an der Stad. An ech denken, et ass do, wou ee muss uknäppen. Mir hunn éischt Demarchen ënnerholl, fir eis erëm mat der CFL zesummenzesëtzen, fir vläicht op dee Wee ze goen. Mee et ass net esou einfach. Ech mengen, do hat schonn den Här Liesch a senger Amtsperiod méi oft ugeklappt an ass awer op daf Ouere gestouss.

Här Bertinelli, Dir beklot de Vëloswee tëschent Nidderkuer an Déifferdeng. Ech hoffen, dass Der gemierkt hutt, dass deen zënter engem Joer awer a Betrib ass, laanscht d'Schinnen. Also do kann ee fueren. Do kann een trëppelen. An do kann een och mam Vëlo fueren. Jo, de Belag ass net genial, et ass Kräsi. Mee et gëtt en. Dir sot, et géif en net ginn a mir géifen d'Leit iwwert d'Liberté fuere loossen. Dat stëmmt leider net. Ech invitéieren Iech, eng Kéier kucken ze goen. Och ze Fouss ass e ganz flott. Ech maachen en ëfters, wann ech op Déifferdeng ze Fouss trëppelen. Well et ass awer méi flott ze trëppelen, wéi, wéi Der gesot hutt, op der Liberté ze fueren.

Wa mer vu fuere schwätzen a vu Verkéier, wéilt ech Iech och drop hiweisen, dass mer mëttlerweil vu Mobilitéit schwätzen. Dat ass e bësse méi iwwergräifend. Dir schwätzt ëmmer vu Verkéier, Dir Hären. Entretemps si mer awer beim Term Mobilitéit. An net méi spéit wéi gëschter ass hei a menger Boîte, et ass zwar d'privat Boîte, eppes komm: „Zukunftsfeld Mobilität". Fir an der Schoul mat de Schüler opzegräifen. „Abschied von Mustern" ass den

Titel vum éischten Artikel. Fannen ech ganz interessant.

An ech géif Iech invitéieren, Är Musteren e bëssen ze verloossen. Well wann ech hei héieren, wat éiweg kritiséiert gëtt an der Mobilitéit an am sougenannte Verkéier – Dir Hären, Dir sidd vertrueden an der sougenannter Mobilitéitskommissioun. Dir sidd invitéiert ginn, Feedback ze ginn, unzeruffen, wa Saachen net klappen. Mee nee. Dir waart drop, eemol de Mount, Ären Dossier hei opzemaachen an da ratter, ratter, alles ofzeschéissen, wat Iech net passt.

Ech wier frou, wann dat méi konstruktiv géif ginn. Dir sidd invitéiert gi vun der Madamm Di Vita, unzeruffen, wann Iech Saachen opfalen. Maacht dat, wannechgelift. A sieft dach, wannechgelift, konstruktiv. Dass mer kënnen do zesummeschaffen, an engem Dialog vun enger Mobilitéitskommissioun. Wou d'Presidentin elo ophält, en neie President kënnt. Jo, dat stëmmt. Well an där Kommissioun d'Stëmmung net flott ass. Déi ass net flott. Dat hunn ech schonn ëfters héieren. Dass do vill géif kritiséiert ginn an ëmmer erëm op deenen nämmlechte Saache geridde géif ginn. A kee wierklech géif dozou bäidroen, fir dat weider no vir ze bréngen.

Dofir, wannechgelift, gitt mat op de Wee an hëlleft eis, dat flott ze maachen. An haalt op, wannechgelift, andauernd ze kritiséieren. Déi Saachen, déi Dir an Ärer Amtsperiod, wou et dann nach Verkéier geheescht huet, bis 2017 net hikrut. Genau wéi déi Kräizung Route de Pétange/Route de Käerjeng. Wann ech mech net ieren, ass déi ënner Iech, Här Bertinelli, geplangt ginn.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Wat?

**SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Déi Kräizung op der Route de Pétange. Déi ass ënner Iech geplangt ginn?

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Nee.

**SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Nee? Scho virdrun?

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Ech weess näischt dovun.

**SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Dir wësst näischt dovunner. Okay. Et ass egal. Dann halen ech do op. Op jidde Fall, wannechgelift, gitt mat op de Wee, dass mer do e bësse besser kënnen zesummeschaffen. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Pregno. Den Här Mangen, wannechgelift.

**SCHÄFFE ROBERT MANGEN (CSV):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch, fir d'Wuert. Fir d'éischt: Den Tarif vum Ruffbus ass gefrot ginn. Déi zwee Euro, déi hu mer gefrot, fir Abusen auszeschléissen. Datt dat net ze vill benotzt gëtt. Et ass e Service, wou ee bei d'Dier gefouert gëtt. D'Leit gi bei hirer Dier ofgeholl a ginn op d'Plaz gefouert an erëm zréckgefouert. An och fir keng Konkurrenz zu den Taxien an esou ze maachen, wa mer dat gratis géife maachen. Dofir hu mer déi zwee Euro agefouert.

Zu der Sécherheet. Wéi ech virun zwou Woche gefrot hat, Ureegungen ze ginn, hätt ech net geduecht, datt dat esou grouss Welle géif schloen. Ech wëll zwou Bemierkungen am Virfeld maachen. Ech begréissen dat, och wann et net meng Partei ass, datt de Minister Kox hei war a sech d'Lag zu Déifferdeng ugekuckt huet. Ech mengen, dat ass net oft de Fall gewiescht. Ech rechnen him dat héich un, datt e sech, net nëmmen hei, mee och op anere Plazen d'Situatioun um Terrain ugekuckt huet.

D'Sécherheetsfirma, déi mir virun annerhallwem Joer agefouert hunn, berout awer op enger Etüd, déi gemaach ginn ass. Wou eng Kaart vun Déifferdeng opgestallt gi war, wou d'Leit konnte soen, wou se sech net sécher ge-

*aux enfants à voir les choses différemment en termes de mobilité. Laura Pregno invite monsieur Bertinelli à faire de même.*
*Par ailleurs, les socialistes sont représentés à la commission de la mobilité. Le collège échevinal les a invités à téléphoner quand ils constatent un problème. Mais non, ils préfèrent attendre les séances du conseil communal pour tout critiquer. Laura Pregno leur demande de se montrer plus constructifs, d'appeler madame De Vita en cas de besoin et de dialoguer avec la commission de la mobilité.*
*La présidente de la commission va se retirer parce que l'atmosphère est mauvaise. Apparemment, les critiques portent toujours sur les mêmes points, mais personne ne contribue à améliorer les choses. Laura Pregno demande aux socialistes d'arrêter leurs critiques constantes. Il y a des projets que monsieur Bertinelli n'a pas réussi à réaliser quand il était échevin à la circulation comme le carrefour de la route de Pétange et la route de Käerjeng.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *proteste. Ce n'est pas lui qui a planifié ce carrefour.*
*(Interruption)*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *constate que monsieur Bertinelli n'a pas l'air de savoir de quoi il en retourne. Il pourrait malgré tout contribuer à une meilleure collaboration.*

**ROBERT MANGEN (CSV)** *signale que la commune demande deux euros pour le Dinola afin d'éviter les abus. Le Dinola va chercher les gens chez eux et les conduit où ils le souhaitent. Le collège échevinal ne veut pas concurrencer les taxis.*
*En ce qui concerne la sécurité, Robert Mangen salue la visite du ministre Kox à Differdange même s'il appartient à une autre famille politique. Il veut voir la situation sur le terrain.*
*Le recours à une entreprise de sécurité a été décidé à la suite d'une étude indiquant que les gens ne se sentaient pas en sécurité à proximité du parc Gerlache et du parking. L'entreprise de sécurité devait pro-*

*téger l'ascenseur contre le vandalisme et accompagner les gens à travers le tunnel. Ensuite, ses missions ont été élargies à la surveillance des cours de récréation et des parcs. Entretemps, elle s'occupe aussi de la fermeture des aires de jeux le soir.*
*Robert Mangen considère l'entreprise de sécurité comme une pièce du puzzle contribuant à la sécurité à Differdange. La police reste l'acteur principal, mais elle manque de personnel depuis des années. Il faut laisser le temps au gouvernement de recruter des agents et de les former convenablement. Dès que la situation sur le terrain se sera améliorée, la commune n'aura plus besoin d'une entreprise de sécurité.*
*Pour ce qui est des gardes champêtres, leurs compétences doivent être élargies depuis des années. Qu'il en soit de nouveau question est une bonne chose. L'entreprise de sécurité constitue une solution provisoire, le temps que la police se renforce et que les compétences des gardes champêtres soient élargies. Robert Mangen ne pense pas qu'il faille investir dans le recrutement de gardes champêtres si on n'en a plus besoin dans deux ou trois ans.*
*En ce qui concerne l'éclairage, le parc est sombre actuellement. D'un côté, il y a des problèmes techniques, de l'autre certains câbles ne fonctionnent plus. Les travaux sont en cours.*
*Quant aux caméras de surveillance, la commune doit attendre que le projet de loi soit voté. La situation n'est pas idéale, mais les caméras devraient aussi constituer une solution provisoire dépendant de la façon dont la situation va évoluer.*
*Pour ce qui est du centre d'accueil du Minett Park, monsieur Tempels a bien expliqué la situation : les acteurs sont nombreux et il est difficile de trouver un consensus. Cependant, ils semblent avoir compris qu'il faut discuter du futur du Minett Park. Une étude doit être réalisée.*
*Le collège échevinal ne baissera pas le montant de l'allocation de solidarité en 2021. Il faudra discuter avec les commissions pour la suite.*
*Un service dédié au soutien scolaire constitue une bonne idée. Il y a une vingtaine d'années, la femme de*

fillt hunn. D'Haaptplaz war de Park Gerlache. De Parc Gerlache mam Parking, wou se sech onsécher gefillt hunn. Ob dat elo e perséinlechen Déngen ass oder net. Mee et war awer eng grouss Demande do, datt do eng Problematik wär.

Deemools hate mer drop reagéiert als Gemeng an hunn déi Sécherheetsfirma agestallt, fir de Parking mam Lift, wou vill Vandalismus war, ze schützen an och d'Leit duerch den Tunnel ze begleeden. Datt se vum Parking Richtung Zentrum kommen. Dat war u sech déi primär Iddi. Duerno ass et e bëssen ausgeweit ginn, wou se den Tour an d'Schoulhäff maachen, well do Vandalismus war. An och an d'Parken, fir ze kucken, ob alles an der Rei ass. An och owes op d'Spillplazen, wou och vill Vandalismus war. Fir déi dann owes zouzemaachen an de Leit, déi sech dann do befannen, ze empfeelen, datt se sech do eraus beginn, datt se d'Diere kënnen zoumaachen.

D'Sécherheetsfirma ass e Puzzelstéck vun der Sécherheet vun Déifferdeng. Et ass nëmmen een Deel. D'Police ass sécherlech den Haaptacteur. Déi och berechtegt ass fir anzegräifen. Am Moment ass et wéinst dem Manktem u Personal net méiglech. Mee dat ass eng Situatioun, déi awer schonn iwwer Jore besteet. An ech mengen, loosse mer de Politiker an der Stad Zäit ginn, fir Leit anzestellen. Déi musse jo och vernënfteg ausgebilt ginn. Dofir ass déi Sécherheetsfirma nëmmen deelagestallt fir kuerz Zäit. Wann d'Situatioun um Terrain sech erëm berengegt, da brauche mer net méi op déi Sécherheetsfirma zréckzegräifen.

D'Garde-champêtrë sinn opgefouert ginn. Jo, déi kënne mer och asetzen. Mee hei besteet déi selwecht Problematik wéi bei der Police. D'Kompetenze sollte jo och erweidert ginn, scho säit Joren. Dat feelt och. Et ass scho sënnvoll, duerch déi Ureegung vun der Sécherheetsfirma, datt dat erëm belieft gëtt, datt erëm dorunner geschafft gëtt. Ech mengen, wann dat de Fall ass, da kënne mer d'Sécherheetsfirma progressiv ofbauen.

Wéi gesot, d'Sécherheetsfirma gëtt just vorübergehend benotzt. Wann d'Police an d'Garde-champêtren d'Kompetenzen hunn an opgestockt sinn, da brauche mer warscheinlech net méi esou vill Garde-champêtren. Fir elo Suen dran ze investéieren, fannen ech, ass vläicht net sënnvoll, wa mer an zwee, dräi Joer dann net méi mussen op d'Sécherheetsfirma zréckgräifen. Dat ass e finanziellen Aspekt, deen ee muss matbetruechten.

D'Beliichtung huet den Här Ulveling scho gesot. Mir waren op d'Plaz kucken. De Park ass am Moment ganz donkel. Dat läit ënner anerem un technesche Problemer vu Luuchten, déi mer net méi kréien. An u Kabelen, déi duerch d'Fiichtegkeet deelweis net méi funktionéieren. Déi mussen ersat ginn. Dat ass alles um Lafen. An Zukunft wäert sech dat verbesseren.

Kameraen. Jo, dat ass e leedegt Theema. Do musse mer leider drop waarden, datt de Gesetzesprojet gestëmmt gëtt. Datt mer déi kënnen asetzen. Et ass sécherlech keng ideal Léisung. Mee och déi si vorübergehend, bis mer déi aner Problemer gereegelt hunn, sollen déi am Gebrauch bleiwen. Ob déi bleiwen oder net, dat muss een da kucken, wéi d'Situatioun sech am Laf vun der Zäit entwéckelt.

De Centre d'accueil vum Minett Park. Dat ass och eng leedeg Geschicht. Et ass wéi den Här Tempels gesot huet, et si vill Parteien, déi do um Dësch sëtzen, fir ze diskutéieren. A fir dat op e gemeinsamen Nenner ze bréngen, dat ass net ëmmer esou einfach.

Et schéngt awer elo e bëssen esou, wéi wann Asiicht wär, datt mer ons op en Dësch sëtzen, fir iwwert d'Zukunft vum gesamte Minett Park ze diskutéieren. Ech freeë mech drop. Ech waarden dann op d'Resultat vun der Studie, déi mer do geplangt hunn, déi ons dobäi ënnerstëtzt.

Frou sinn ech och iwwert d'Allocation de solidarité, datt dat gutt ukomm ass. Datt mer bei deem Montant bleiwen. Mir mussen an deene verschiddene Kommissiounen diskutéieren, ob mer bei deem Montant bleiwen a wéi vill Prozentsaz mer bäibehale sollen. Deen héijen Taux, dee mer fir dat nächst Joer virgesinn hunn, solle mer jiddefalls bäibehalen, compte tenu vun der ekonomescher Situatioun vun der Covidkris.

Dann ass ugeschwat gi vum Här Diderich a vum Här Hobscheit d'Schoulnohëllef. Dat ass eng interessant Iddi. Ech si gäre bereet, fir do matzemaachen.

Ech wëll just soen, datt virun ongeféier 20 Joer meng verstuerwe Fra mam portugisesche Veräin, e sozial a kulturelle Veräin, schonn esou eppes organiséiert hat. Déi hunn dat privat gemaach. Si hate Schoulmeeschtere gefrot, fir d'portugisesch Kanner ze ënnerstëtzen. Et bestoung eng gewëssen Demande. An et waren och relativ vill Kanner, sou wäit ech mech erënnere kann, déi dat benotzt hunn.

Et war awer du mat der Zäit e bësse verlaf, wou kee sech méi drëm gekëmmert huet. Mee ech fannen et eng interessant Iddi, wann ee vun Zukunft vun de Kanner an der Schoul schwätzt. An et sinn der, déi Problemer hunn, do ass guer keng Diskussioun. Do kënne mer agräifen. Mee dat hei war och eng privat Initiativ oder vun engem Veräin. Ech mengen, wann och aner Veräiner dat géife matiwwerhuelen, kéinte mer dat duerchaus als Gemeng ënnerstëtzen.

Da wollt ech zum Schluss e puer perséinlech Bemierkunge maachen. Ganz kuerz, dat dauert just zwou Minutten. Wéi vu ville Conseillere betount, si mir an enger aussergewéinlecher internationaler an nationaler Kriselag, déi sech op d'Funktiounsweis vun onser Gemeng auswierkt.

A menger Budgetsried virun zwou Wochen hat ech betount, et sollt een dës Gesondheetskris an déi doraus resultéierend sozial an ekonomesch Stéierungen notze fir een Neiufank an onser Gesellschaft. Mir mussen akzeptéieren, datt d'Welt sech geännert huet. Mir wäerten net méi esou weiderliewe kënne wéi gewinnt. D'Weiche fir déi zukünfteg Generatioune ginn oder sollte vun ons nei gestallt ginn.

Leider gëtt dëst Zukunftsanliege wäitgeeënd vun der Oppositioun haut nëmmen zum Deel opgegraff. Eng gesond konstruktiv Kritik ass de Motor vun enger gutt funktionéierender Demokratie. Fortschrëttlech Ureegungen oder Empfeelunge sinn an der üblecher Bemängelung, am Tadel vum Schäfferot an de Majoritéitsparteien ënnergaangen. Déi negativ Ofstëmmung vum Budget ass d'Folleg vun dëser Astellung.

An der Finanzkris virun eppes méi wéi zéng Joer hat een Oppositiounsconseiller de Budget an dëser Gemeng matgestëmmt. Et sollt deemools en Zeeche sinn, fir Solidaritéit ze weise géintiwwer dem deemolegen ekonomeschen Déifpunkt. Haut, wou mir op engem Wendepunkt si vun onser Gesellschaft, ass een enken Zesummenhalt onëmgänglech, fir net ze soen, liewenswichteg.

De jëtzege Schäfferot huet der aktueller Oppositioun oft d'Hand gereecht an och gären hir Virschléi ugeholl. Eng Zouso zu dësem net ze vill ofgespeckte Budget an der Krisenzäit, wär en Zeeche vun enger konstruktiver Zesummenaarbecht gewiescht. Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

### BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Mangen. Här Aguiar, wannechgelift.

### SCHÄFFE PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):

Merci beaucoup, madame, la bourgmestre. Mesdames et messieurs, j'aimerai revenir sur M. Diderich, respectivement M. Hobscheit, qui ont posé des questions en ce qui concerne la jeunesse, respectivement des difficultés scolaires. Le rôle du service jeunesse est justement de prendre soins de ces difficultés et de mettre à disposition des moyens nécessaires, afin de soutenir davantage les jeunes. Les difficultés des jeunes.

J'aimerai rappeler que le service est en place depuis mars 2020. Actuellement, il y a des analyses en cours, afin de développer des projets.

Une première analyse va dans le sens de l'emploi, avec le Jobcenter et le service jeunesse en collaboration avec l'ADEM. Il s'agit d'une étude pour connaitre la situation des jeunes à Differdange. Et une deuxième étude porte sur le soutien scolaire. Nous ne sommes pas les seuls, mais à Differdange, l'échec scolaire est assez présent. Nous analysons la situation avec le ministère de l'Éducation nationale et l'Université

*Robert Mangen avait organisé un service similaire avec une association portugaise. La demande était conséquente et de nombreux enfants profitaient de l'offre. Mais avec le temps, le service s'est essoufflé. Mais l'idée est intéressante, car il est évident que certains enfants ont des problèmes à l'école. L'initiative dont a parlé Robert Mangen était privée. Si des associations étaient disposées à intervenir, la commune pourrait les soutenir.*
*Robert Mangen passe à quelques considérations plus personnelles. La crise actuelle affecte le fonctionnement de la commune. Pour Robert Mangen, il faut profiter de la crise sanitaire et des troubles sociaux et économiques qui s'ensuivent pour mettre en place un renouveau de notre société. On ne pourra plus vivre comme avant. Malheureusement, l'opposition n'a que peu abordé ces questions. Une critique saine est le moteur de la démocratie, mais aujourd'hui, ce sont les reproches qui ont primé. Le refus d'approuver le budget en est la conséquence. Robert Mangen rappelle qu'il y a dix ans, pendant la crise économique, un conseiller de l'opposition avait approuvé le budget. Aujourd'hui, alors que la société est à un tournant, la cohésion est fondamentale.*
*Le collège échevinal a tendu la main à l'opposition et écouté les propositions. Approuver le budget constituerait un signe de collaboration constructive.*

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG)** *rappelle que monsieur Diderich et monsieur Hobscheit ont posé des questions sur les difficultés scolaires. Il signale que le service jeunesse est là pour s'en occuper. Ce service est en place depuis mars 2020.*
*Des analyses sont en cours. Il s'agit notamment de connaitre la situation professionnelle des jeunes, et ce, en collaboration avec le Jobcenter et l'ADEM.*
*L'échec scolaire est assez important à Differdange. La commune veut mettre en place des projets avec le ministère de l'Éducation nationale et l'Université du Luxembourg. Mais avant de lancer des projets, il faut connaitre la situation.*

*Le service jeunesse coopère aussi avec le ministère de l'Éducation nationale et l'Université du Luxembourg en ce qui concerne le plan communal de la jeunesse. L'étude durera 24 mois avec un bilan tous les 6 mois.*
*Le conseil communal des jeunes doit permettre aux jeunes de prendre part à la vie politique.*
*Pour ce qui est du sport, monsieur Bertinelli a dit que la Ville de Differdange pouvait perdre son label de City of Sport à cause du report du stade d'athlétisme. Paulo Aguiar pense quant à lui que le label a été décerné à Differdange grâce aux nombreux clubs sportifs et aux subsides communaux dans le cadre par exemple de Qualité Plus. La commune a aussi soutenu les clubs face à la COVID-19.*
*Paulo Aguiar insiste sur le fait que le collège échevinal ne s'est pas montré laxiste. Il invite monsieur Bertinelli à trouver une seule association prétendant le contraire. Depuis que Paulo Aguiar est échevin, la commune n'a jamais laissé tomber les clubs. Le collège échevinal œuvre dans la continuité de ce qui a été fait précédemment.*
*En ce qui concerne le stade municipal, la rénovation sera faite dans le cadre du compte de renouvèlement.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *revient sur les propos de monsieur Meisch. Le collège échevinal est disposé à créer un deuxième pilier de l'industrie créative dans le centre-ville. Il a une vision claire du futur développement urbain, mais préfère attendre le résultat des différentes études.*
*En ce qui concerne les dommages occasionnés dans le cadre de Nei Déifferdeng, l'affaire suit son cours au tribunal. Le collège échevinal ne peut rien faire d'autre qu'attendre.*

**PIERRE HOBSCHEIT (LSAP)** *voudrait savoir à quoi serviront exactement les 100 000 € destinés à la charte graphique.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *répond que le service média travaille à la réalisation d'une charte graphique. Ce n'est pas évident, car cela concerne tous les documents*

du Luxembourg afin de mettre l'accent et développer des projets. Nous ne voulons pas non plus mettre en place des projets sans connaitre la situation actuelle à Differdange. C'est ce qu'on fait.

Nous sommes en train d'élaborer le Jugendkommunalplang sous l'impulsion du service jeunesse et de la commission des jeunes. Et nous sommes en train de collaborer également avec le ministère de l'Éducation nationale et l'Université du Luxembourg. Ce projet se déroulera sur 24 mois. On aura un bilan intermédiaire tous les six mois. Le moment venu, vous aurez les rapports respectifs. L'idée d'un Jugendgemengerot est que les jeunes participent activement à la vie active et politique à Differdange.

En ce qui concerne le sport, j'aimerais revenir sur les commentaires et la question de monsieur Bertinelli. Vous avez dit qu'il y avait peut-être une possibilité de perdre le label – de devoir redonner ce label à cause de l'Athleetikstadion, si j'ai bien compris.

D'après mes connaissances, on n'a pas eu le label en raison d'une promesse de l'Athtleetikstadion. C'était grâce à tous les clubs qui sont ici à Differdange ainsi qu'aux subsides qu'on allait octroyer aux différents clubs de Differdange. Chose qu'on a faite. Je rappelle également que dans le cadre des subsides, nous finançons le Qualité+, nous finançons le remboursement de la carte membre pour les jeunes, etc. Dans le cas de la Covid, nous avons soutenu encore une fois nos associations, qui étaient dans une difficulté conséquente. Justement pour répondre au laxisme.

Parce que dans ce cas-là, je vous démontre encore une fois, monsieur Bertinelli, que le laxisme n'a pas eu lieu. Nous avons accompagné chaque fois les associations sportives de la Ville de Differdange. Et, monsieur Bertinelli, si vous trouvez une seule association qui dit que la Ville de Differdange est laxiste par rapport à notre engagement, je vous invite à me l'envoyer et je pourrai éventuellement répondre à ce type d'attaque. Mais encore une fois, depuis que je suis échevin, nous avons toujours accompagné nos associations sportives. Cela va dans le sens de la politique de cette coalition. Nous ne laissons pas tomber nos associations sportives. Il y a un énorme travail qui était fait auparavant. Il y a une continuation. C'est aussi notre vision. Notre vision, c'est de continuer le travail qui était fait auparavant. Et c'est important.

En ce qui concerne votre question sur la rénovation du stade municipal, la seule réponse que je peux vous donner, c'est que cette rénovation sera faite dans le cadre du renouvèlement. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Aguiar. Ech hunn erëmfonnt, wat ech wollt soen. Ech wollt dem Här Meisch nach soen, natierlech gi mer gär mat op de Wee, dass d'Stad Déifferdeng am Zentrum en neit Standbeen an der Kreativwirtschaft kritt. Soubal et méiglech ass a soubal sech d'Saach ergëtt. Ganz gären.

Eng Visioun vun der Stadentwécklung hu mer och. Vu dat mer awer wëlle probéieren – ech mengen, mir hunn Iech et gesot –, dat koherent an iergendwéi an engem Zesummenhang ze maachen, gëtt jo déi Etüd och gemaach. Et sinn elo am Moment vill Etüden, mee mer hoffen, dass se eis an eisen Decisiounen hëllefen, déi richteg ze huelen.

Da war nach gefrot ginn no deene Remboursementer am Interêt vun Nei Déifferdeng. Dee Schued, deen ugeriicht ginn ass, dat ass um Geriicht. Do kënne mir guer näischt maache wéi ofwaarden, wat do gesprach gëtt. Villmools merci.

Här Hobscheit, wannechgelift.

**PIERRE HOBSCHEIT (LSAP):**

Ech hat eng Fro gestallt vun der Charte graphique, déi 100.000 Euro, firwat déi genau sinn. Dorobber hutt Der, mengen ech, net geäntwert.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Vun der Charte graphique weess ech, dass de Service Media amgaang ass, drun ze schaffen. Scho relativ fréi elo an dësem Joer. Mee dat ass anscheinend guer net esou einfach. Et ass eng grouss

Aarbecht, well jo dann all d'Pabeieren an esou … Mee et gëtt dru geschafft. Dat ass dat eenzegt, wat ech Iech ka soen. Ech kann awer gären nach eng Kéier nofroen, wou se dru sinn. Okay? Merci.

Här Diderich, wannechgelift.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

An den Äntwerten ass elo keng Reaktioun op de Logement komm, wou ech e konkreete Virschlag gemaach hunn, déi zwee Budgetsartikelen ze änneren, a virgerechent hunn, dass et fir eis Gemengefinanze besser wär, hei net ze hesitéieren an éischter schnell ze reagéieren. An den Här Mangen huet jo nach eng Kéier den Opruff gemaach, de Budget ze ënnerstëtzen. Ech wär dozou och bereet, wann dann esou Ureegunge géifen opgeholl ginn.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Ech soen Iech elo ganz éierlech, vu menger Säit aus ass dat mir elo ze kuerzfristeg, fir esou eng Decisioun elo am Moment hei, stante pede, ze huelen. Et deet mer leed, ech sinn dofir net bereet. Mir kënnen eis gären iwwerleeën, wéi mer fir d'nächst Joer do virginn. Awer einfach esou kann ech dat net maachen. Wëll ech och net maachen.

Här Bertinelli, wannechgelift.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Ech wëll der Madamm Pregno äntwerten. Et ass mir egal, wéi Dir et nennt. Dir kënnt et Mobilitéit, Verkéier nennen. Fir mech ass dat den Transport oder d'Mobilitéit vun eiser Stad. Wéi Der wëllt. Sidd Der wierklech iwwerzeegt, datt eis Stad esou opgestallt ass, datt de Verkéier oder d'Mobilitéit, wéi Dir et nennt, esou ass, wéi se misst si fir eng Stad vun 30.000 Awunner? Dat war jo d'Fro. Mir hu jo hei Froe gestallt iwwer Saachen, déi net funktionéieren.

Ech fannen et schonn awer bal en Hon, datt Der e Member vum Gemengerot hei praktesch vernennt, datt deen hei am Gemengerot seet, wat am Verkéier net klappt. An hie sollt da selwer op d'Gemeng uruffen. Also mir sinn nach ëmmer an der Oppositioun. A sou wéi ech verstanen hunn, huet d'Oppositioun e gewëssene Rôle ze maachen, an dee schëpfe mir hei voll aus. Souguer méi. Well hie geet all Schantje kucken. Hie geet op all Schantjen. Wou vill Leit net do sinn, ass hien do a bréngt Iech déi Informatiounen, déi Der néierens anescht, menger Meenung no, kritt. An e seet Iech dat. Dat ass dach ganz léif, fannen ech.

A wann Dir elo mengt, e misst dat maachen hors vun engem nächste Gemengerot, fannen ech dat einfach bëlleg. Mir sinn eng Oppositioun. A mir musse weisen, wat mer schaffe fir d'Bierger vun eiser Gemeng, well duerfir si mer heihinner gewielt ginn. Dat emol dozou.

An ech gesinn an Ärem Verkéier oder Mobilitéit – ech gesi kee Konzept do dran. Ech hunn hei ugefaangen als Verkéiersschäffen, do war iwwerhaapt kee Konzept do. Do hu mer eent opgebaut. An et louch vill an den Tiräng, wat nach ze maache gewiescht wär. Ech verstinn net, firwat Der net vu sou Saache profitéiert an dat da maacht. Well mir hu vu Verkéier a vu Geforenzonen hei nach guer net geschwat.

Ech kann Iech soen, dass nach an enger ganzer Rei vu Stroossen immens Geforequelle sinn. Mee Dir däerft hei net Leit ugräifen, well Der Iech e bëssen op de Schlips geträppelt fillt. Dir kënnt et nennen, wéi Der wëllt, kënnt et och anescht nenne wéi Mobilitéit oder Verkéier. Dat ass mir egal. Mee datt mer Iech hei als Oppositioun drop opmierksam maachen, dat ass eist gutt Recht.

Wat de Sport ugeet, Här Aguiar, muss ech awer leider soen, datt et esou ass, wéi ech Iech et gesot hunn. Dir hat mer d'leschte Kéier gesot, wou ech Iech gesot hat, datt um Thillebierg hei an do net géif klappen, Dir hätt den Dag virdru mam President geschwat. An hien hätt Iech gesot, et wier alles an der Rei. En hätt Iech souguer Merci gesot. An dat hat mer awer keng Rou gelooss, soudatt ech en ugeruff hunn. An en huet du gesot, et wier iwwerhaapt net wouer, en hätt Iech dat net gesot. En hätt Iech Merci gesot fir d'Engagement, mee en hätt Iech awer och alleguerten déi Doleancë gesot, déi net klappe géifen um Thillebierg. Dat hat Der mer

*de la commune. Christiane Brassel-Rausch veut bien se renseigner.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *constate que le collège échevinal n'a pas commenté les remarques sur le logement. Or, il a fait une proposition concrète. Monsieur Mangen a demandé à l'opposition d'approuver le budget. Gary Diderich le fera si le collège échevinal accepte sa proposition.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *ne peut pas prendre une telle décision aussi rapidement. Mais elle veut bien réfléchir à la façon de procéder l'année prochaine.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *se fiche pas mal que l'on parle de mobilité ou de transport. Madame Pregno croit-elle vraiment que Differdange, une ville de 30 000 habitants, dispose de la mobilité qu'il lui faut ? Fred Bertinelli condamne le sarcasme avec lequel madame Pregno traite les critiques de l'opposition. L'opposition a un rôle à tenir et les socialistes en profitent. En plus, le conseiller communal en question se donne du mal pour aller contrôler tous les chantiers. C'est une bonne chose. Madame Pregno voudrait qu'il lui en parle personnellement. Mais l'opposition doit montrer aux citoyens le travail qu'elle réalise.*

*Par ailleurs, Fred Bertinelli ne décerne pas vraiment de concept de mobilité. Or il avait réalisé tout un travail préliminaire. Il ne faut pas oublier que certaines routes restent dangereuses.*

*Madame Pregno ne peut pas attaquer les conseillers communaux parce qu'elle se sent bousculée. Elle peut parler de mobilité ou de trafic, peu importe. Mais l'opposition a le droit d'attirer l'attention sur les problèmes.*

*Pour ce qui est du sport, la dernière fois monsieur Aguiar a expliqué qu'il avait parlé au président au sujet du Thillenberg et que celui-ci s'était montré satisfait. Or cela ne correspond pas à la réalité. Le président a remercié monsieur Aguiar pour son engagement, mais il a aussi mentionné ce qui ne marche pas au Thillenberg. Les clubs sportifs doivent pouvoir s'entrainer dans*

*des infrastructures adéquates. Le président a confirmé qu'il avait remercié monsieur Aguiar, mais qu'il lui avait aussi adressé une liste de doléances.*
*Fred Bertinelli était sceptique, car à en croire les propos de monsieur Aguiar, le président avait forcément menti à quelqu'un. Bref, il a appelé le président qui lui a confirmé qu'il s'était plaint auprès de monsieur Aguiar.*
*Pour ce qui est du label City of Sport, les personnes responsables sont restées à Differdange deux jours. Parmi les critères figuraient le sport pour les handicapés, l'école du sport et un projet pilote avec le ministère. La concurrence était rude. La Ville de Differdange a dû livrer des documents. Si elle ne tient pas ses promesses, elle ne mérite pas le label.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *pense que monsieur Bertinelli a mal interprété ses propos. Elle sait qu'il fait partie de l'opposition et que l'opposition travaille dur.*
*Mais il n'en demeure pas moins que monsieur Bertinelli ne comprend pas la différence entre circulation et mobilité. La mobilité va plus loin parce qu'elle prend en compte les cyclistes, les piétons, les automobilistes…*
*Laura Pregno regrette que monsieur Bertinelli se soit senti agressé. Elle l'a juste invité à ne pas attendre la séance de conseil communal suivante quand il y a un problème sur la route.*
*(Interruption de M. Bertinelli)*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *se doit d'intervenir parce qu'il trouve les débats amers. Car si madame Pregno croit qu'il ne contacte pas la commune entre les séances de conseil communal, c'est qu'elle ne parle pas à ses employés. Il appelle régulièrement monsieur Gonderinger et se rend sur place avec lui. La même chose est vraie pour le service mobilité. Il a téléphoné quatre fois à une demoiselle faisant partie de la commission de la mobilité pour lui expliquer que la signalisation du Wangert est erronée. Les panneaux ont été couverts deux fois avant d'être découverts à nouveau.*

awer net gesot. Dat ass dat selwecht, wat ech Iech gesot hunn. An dorëms geet et jo. Oder net?

Et geet jo drëm, datt d'Veräiner, déi enzwousch trainéieren, dat an enger adequater sportlecher Infrastruktur kënne maachen. Datt en Iech herno vläicht Merci gesot huet, dat maach sinn. Dat huet en och gesot, datt en Iech Merci gesot huet. Mee en hat Iech awer virdrun eng ganz Lëscht vun Doleancen gesot.

Dat hat mer keng Rou gelooss, well entweeder hätt en dann Iech belunn oder en hätt mech belunn. Soudatt ech den Telefon an de Grapp geholl hunn no der Sitzung hei, en ugeruff an en dat gefrot hunn. An en huet gesot: Nee, ech hunn dem Sportschäffe gesot, wat hei net klappt, dat, dat an dat, Internet an hei an do. Dat, fir Iech nëmmen ze soen, datt mer da wëssen, wou mer mat eise Pappenheimer dru sinn. Dir an ech.

An datt dat net sollt drastoe vun der European City of Sports, dat musst Der awer nofroen. Well déi Leit waren zwee Deeg hei. Mir si mat hinnen all Site kucke gaangen. Dat ass opgeschriwwe ginn. A si hu gesot, wat mer maachen. Zum Beispill Sport fir déi Handicapéiert, an datt mer déi Sportschoul wéilte maachen, dee Pilotprojet, dee mer mam Ministère amgaang waren. Dat steet alles do dran. Mir ware mat grousse Stied a Konkurrenz. Soss hätte mer dat och vläicht net kritt.

Also wann Der eppes anescht hutt, da bréngt mer dat, weist mir dat. Mee souvill ech weess, hu mer dat mussen ausfëllen, an dat huet esou musse geschéckt ginn. Mir waren do mat anere Groussstied a Konkurrenz. An duerfir hu mer de Label kritt. Wa mer dat elo net maachen, ass de Label onverdéngt. A bei där Meenung bleiwen ech. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Bertinelli. Madamm Pregno, wannechgelift.

**SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Ech mengen, Här Bertinelli, Dir hutt dat e bëssen an de falschen Hals kritt. Ech si mer natierlech bewosst, dass Dir an der Oppositioun sëtzt. A mat Momenter ass natierlech Oppositioun och eng haart Aarbecht. An Dir maacht déi och ganz gutt. Ech denken awer, dass Der nach ëmmer net verstanen hutt, dass et e groussen Ënnerscheed gëtt tëschent Verkéier a Mobilitéit. Well, wann ech vu Verkéier schwätzen an ech schwätze vu Foussgänger oder vu Mënschen, dann denken ech oft un aner Saachen. Mobilitéit hëlt de Vëlo mat, de Foussgänger an och den Autosfuerer. Dat geet schonn e bësse méi wäit.

Et deet mer leed, wann Der Iech perséinlech ugegraff gefillt hutt. Dat war guer net mäi But vun der Saach. Ech wollt Iech just invitéieren, dass, amplaz ze waarden, bis e Gemengerot ass – well deen ass jo just eemol am Mount –, dass een dotëscht jo kann uruffen, an da kënne mir direkt schalten an da kënne mir direkt d'Saache verbesseren. Esou hunn ech dat gemengt. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Här Altmeisch, wannechgelift. An dann den Här Aguiar.

**GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Ech muss zwar elo vehement agräifen, well elo fänkt et awer un, e bësse batter ze ginn heibannen. Also wann Dir mir virwerft, ech géif mech net mellen zwëschent de Gemengeréit, dann hutt Dir kee Kontakt mat Ären Employéen. Wann Dir mir virwerft, ech géif engem Här Gonderinger, ech nennen en dann nominell, net uruffen a mat him op d'Plaze goen, dann hutt Dir kee Kontakt mam Här Gonderinger.

Wann Dir mir virwerft, ech géif net an de Service Mobilitéit vun der Gemeng uruffen, da verstinn ech guer näischt méi. Véiermol hat ech eng Joffer um Telefon, déi och Member ass an der Mobilitéitskommissioun, fir hir ze erklären, dass d'Beschëlderung am Wangert falsch wär. Zweemol sinn déi Schëlter zougehaange ginn an erëm opgedeckt ginn. Wann Dir mir virwerft, dass dat net positiv ass fir d'Verkéiers- oder d'Mobilitéitsentwécklung zu Déiffer-

deng, da verstinn ech näischt méi. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Altmeisch. Här Aguiar, wannechgelift.

**SCHÄFFE PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madame la Bourgmestre. Monsieur Bertinelli, je proposerai à l'avenir que nous puissions peut-être parler au téléphone. Parce que vous avez certaines informations, j'en ai d'autres.

Ce que je peux vous assurer à ce jour, c'est que j'entends les doléances que les associations ont faites dans ce cadre-là. J'essaie toujours de subvenir à leurs besoins. Et effectivement, s'il manque internet, s'il manque du ménage ou autre chose, je pense que les associations doivent me contacter. Ou bien le service de sports, qui fait un excellent travail. Ils essaient toujours de subvenir aux besoins des associations. Nous essayons de faire de notre mieux. Et ils font aussi de leur mieux.

Maintenant si vous avez d'autres associations, là, je vous invite également, dans le cadre d'une communication transparente, à me téléphoner, monsieur Bertinelli, et je serai la première personne à prendre en considération les doléances de l'opposition et de nos Sportsveräiner. Ça, je le ferai.

Pour le label, encore une fois, je vais vérifier s'il y a une promesse concernant le stade d'athlétisme, comme vous le dites. Si c'est le cas, je retirerai tout ce que j'ai dit. Mais je vais le vérifier, bien évidemment. Puis, je vais revenir ici au conseil communal et je vais prendre position. Merci beaucoup.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Dir Dammen an Dir Hären, ech soen Iech villmools Merci fir de liewegen Austausch. Et ass nach Gespréichsbedarf do. Wat mer begréissen. Ech géif awer elo soen, wann Der averstane sidd, komme mer zum Vott vum Budget.

**GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:**

Mir fänken u mam Budget rectifié vun 2020. Duerno huele mer de Budget 2021. A mir fänke mat der Madamm Wohl Nicole un.

*Le conseil communal arrête avec 11 voix oui et 8 voix non le budget rectifié de l'exercice 2020.*

An dann de Budget 2021.

*Le conseil communal arrête avec 11 voix oui et 8 voix non le budget initial de l'exercice 2021.*

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Deen Exercice hu mer hannerun eis bruecht. Ech wëll Iech matdeelen – ech weess net, inwiefern Der et scho wësst –, dass de Moien en Accident am 1535° geschitt ass. Do ass e Sangle gerass. Et sinn dräi Leit blesséiert ginn. Een huet e Bee gebrach, een ass um Kapp verletzt, deen ass an d'Spidol. Do wësse mer net, wat en huet. An een um Mond. Dat sinn déi Informatiounen, déi mir hunn. Méi kënne mer Iech am Moment net soen. Just, fir dass Der et net onbedéngt aus der Zeitung gewuer gitt. Dat ass de Moien am 1535° geschitt.

Da géife mer zum Punkt 3b kommen. Oder? Nee, 3a an 3b. Wann Der d'accord sidd, huele mer de Punkt 3a an 3b zesummen. Elo hunn ech meng Blieder vertässelt.

(Ënnerbriechung)

Dat sinn d'Renovatioun vum Schoulhaff an den Daach vum 1535°. Här Ulveling, wannechgelift.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Ech géif mam Creative Hub ufänken, dem 1535°. Do hu mer en Devis vu

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG)** *propose à monsieur Bertinelli de discuter au téléphone. Car visiblement, ils ne disposent pas des mêmes informations.*
*Paulo Aguiar essaye de subvenir à tous les besoins des associations. Mais s'il y a des manquements, il faut que les associations le contactent ou qu'elles contactent le service des sports. La commune fait de son mieux. Si monsieur Bertinelli dispose d'autres informations, il peut lui téléphoner. L'échevin prendra en considération toutes les doléances des associations et de l'opposition.*
*En ce qui concerne le label, Paulo Aguiar vérifiera si la commune a fait une promesse quelconque au sujet du stade d'athlétisme. Si c'est le cas, il retirera tout ce qu'il a dit. Il prendra position lors d'un prochain conseil communal.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *remercie les conseillers communaux pour ces échanges. Il reste du pain sur la planche, mais le moment est venu de voter le budget.*
*(Votes)*
*Christiane Brassel-Rausch informe le conseil communal qu'un accident est survenu au 1535° ce matin. Trois personnes sont blessées : l'une à la tête, l'autre à la jambe et la dernière à la bouche. Pour le moment, la bourgmestre n'a pas plus d'informations.*
*Elle passe au point 3a.*

**TOM ULVELING (CSV)** *propose de traiter les points 3a et 3b ensemble.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *ne retrouve plus ses papiers.*
*(Interruption de M. Ulveling)*
*Christiane Brassel-Rausch précise qu'il est question de la cour de récréation et du toit du 1535°.*

**TOM ULVELING (CSV)** *explique que le devis pour le 1535° se monte à 626 000 €.*

*La corniche est en train de s'effriter. C'est dangereux. Ensuite, le toit doit être isolé à cause des fortes chaleurs en été. L'isolation fera 3200 m2. Un échafaudage de 3800 m2 sera installé autour du bâtiment, ce qui explique le prix. Malheureusement, le toit ne peut pas supporter une installation photovoltaïque.*
*Le deuxième devis concerne la cour de récréation de l'école Prince-Henri. Lorsqu'il pleut, l'eau coule dans le bâtiment. La cour est pleine de trous. Après sa rénovation, la commune y installera une aire de jeux. Les enseignants ont fait une proposition il y a quatre ans. Il faudra voir avec eux si elle est encore à jour. Le devis se chiffre à 150 000 €. Les travaux seront réalisés en concertation avec les enseignants — tout du moins en ce qui concerne les jeux.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *va prendre position concernant le Creative Hub et monsieur Hobscheit concernant l'école Prince-Henri.*
*Qu'il y ait un problème d'isolation thermique est su. Ce problème ne concerne pas seulement le bâtiment A, mais aussi le bâtiment C. Erny Muller suppose que l'investissement est nécessaire, car en été, il fait trop chaud, et en hiver, il fait trop froid. Mais qu'en est-il du bâtiment C ? Le collège échevinal a-t-il évalué la situation ?*
*Les socialistes sont conscients de l'importance du Creative Hub et veulent qu'il soit étendu. Mais il faut relativiser les choses. Le conseil communal sait tout ce qui a été investi dans ce projet. Or, il n'y a pas de retour sur investissement. Les loyers ne suffisent même pas à payer les frais de fonctionnement. Erny Muller ne veut pas faire une critique, mais dire les choses comme elles sont. D'autres loyers rapportent plus. Mais le 1535° est une initiative de la commune pour soutenir l'économie créative.*

**PIERRE HOBSCHEIT (LSAP)** *se réjouit du fait que la cour de récréation de l'école Prince-Henri soit réaménagée et que les enfants pourront s'y amuser. Il salue les investissements de 45 000 € dans une aire*

626.000 Euro, deen an zwee Deeler opgedeelt ass. Éischtens déi Corniche, déi laanscht dat Gebai geet, déi bréckelt. Do fält heiansdo e Stéck erof. Wat geféierlech ass. Déi gëtt ewechgeholl, an dat gëtt et colmatéiert.

An dat Zweet ass, den Daach ass net méi dicht. Wéinst der Hëtzt, déi am Summer am Gebai entsteet, muss en thermesch isoléiert ginn. Zousätzlech dozou Assurancen an Honorairen. Fir e Montant vu 626.000 Euro. Ech wëll soen, dass den Daach 3.200 m² Isolatioun beinhalt. An et muss eng Stee vun 3.800 m² ronderëm d'Gebai opgeriicht ginn. Dofir ass et deelweis esou deier.

Wat d'Photovoltaikanlag ugeet, do hu mer gesot kritt, dass den Daach dat leider net géif aushalen. Soudass een dann do keng kéint maachen.

Deen zweeten Devis ass e bësse méi eng eeler Geschicht, fir de Schoulhaff an der École Prince Henri nei ze maachen. Dir wësst, wann et reent, dass vill Waasser an d'Gebai leeft an dann immens Pill zréckbleiwen. Dee ganzen Haff ass och voller Lächer. Dee gëtt nei gemaach. Duerno wäerte Spiller opgeriicht gi fir d'Kanner.

Mir hunn eng Virgab vun den Enseignanten, déi ass scho véier Joer al. Déi wäert elo revidéiert ginn. Mer kucke mat hinnen zesummen, ob dat, wat se viru véier Joer gefrot hunn, nach ëmmer dat ass, wat se elo gären hätten. An da kréie si natierlech e puer Spiller dohinnergesat an natierlech och um Buedem déi Saache gemoolt, déi se gär hätten.

Et ass en Devis vun 150.000 Euro. Dat wäert dann zesumme mat den Enseignanten ausgeschafft ginn. Also zumindest, wat d'Spiller ubelaangt. Wou se sollen hikommen a wat se gären hätten. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Här Muller, wannechgelift.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Ech huelen zum Bâtiment A vum Creative Hub Stellung. Den Här Hobscheit wäert kuerz op d'Prince Henri agoen. Wann Der wëllt, géif ech ufänken an hie géif direkt virufueren.

Mir wëssen alleguer, dass e Problem besteet mat der thermescher Isolatioun vun deene Gebaier. Well ech schwätzen net nëmme vum A, och vum C. Dat hei ass jo elo e richtegen Invest, well d'Temperaturen am Summer ze héich sinn an am Wanter warscheinlech ze niddreg a mer do e reelle Problem hu vun der Ambiance, fir an deenen Espacen do ze schaffen. Ech wollt froen: Wéi ass et mam C? Hutt Der dat och schonn ënnersicht? Kënnt do eng änlech Prozedur op eis zou?

An dann hätt ech nach allgemeng eng Stellung. Ech wëll hei eng Kéier kloerstellen, dass ech perséinlech, an och eis Partei selbstverständlech, dee Creative Hub als eng ganz wichteg Institutioun fir eis Gemeng ugesinn. An déi et och verdéngt, ausgebaut ze ginn.

Op déi aner Manéier wëll ech awer relativéieren. Mir gesi jo, wat mer dran investéieren. Mer hate jo schonn eng Kéier gesot, dass mer kee Return on Invest hunn. Mee dat huele mer jo och a Kaf. An dass mer och, contrairement, wat hei gemengt ginn ass zum Loyer – dee geet mol net duer, fir d'Fonctionnementskäschten ze decken. Ech wollt dat eng Kéier nëmme just einfach esou soen. Dat soll keng Kritik sinn. Mee dat ass esou. Op anere Plaze kréie mer wuel vill Loyer eran. Mee hei ass eng Initiativ vun eiser Gemeng a Richtung vun der Kreativwirtschaft. An dat ass och gutt esou. Domadder hunn ech alles gesot zu deem Punkt.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Wann ech Iech richteg verstanen hunn, ginn ech d'Wuert direkt weider un den Här Hobscheit. War dat esou gemengt? Här Hobscheit, wannechgelift.

**PIERRE HOBSCHEIT (LSAP):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, ech wëll Stellung huelen zu der Schoul Prince Henri. Mir fannen et ganz flott, dass de Schoulhaff elo nei amenagéiert gëtt an

eis Kanner esou optimal Méiglechkeete gebuede kréien, fir sech auszetoben. Och wann dat austoben den Ament, mat all de Restriktiounen, sécherlech ze kuerz kënnt. Mir begréissen als LSAP, dass 45.000 Euro fir eng Spillplaz virgesi sinn. Mir droen dësen Devis natierlech och mat.

Ech wollt awer vun der Geleeënheet profitéieren, fir allgemeng e puer Wuert zu eise Spillplazen ze soen, well ech selwer ganz vill mat mengem Bouf op Spillplazen ënnerwee sinn. Ech wollt dem Här Ulveling mat op de Wee ginn, well hien derfir zoustänneg ass, dass mer vläicht heiansdo mol Spillplazen, déi mer gebaut hunn, no enger gewësser Zäit reevaluéieren. Dat heescht kucken, ob d'Spillplazen, sou wéi mer se geplangt hunn, eigentlech gutt sinn an adaptéiert si fir d'Besoine vun de Kanner.

E Beispill, wat ech wollt nennen, ass d'Spillplaz uewenaus an der Hiel zu Nidderkuer. Do, wou et erageet Richtung Minett Park Fond-de-Gras. Dat ass u sech eng ganz flott Spillplaz. Mee si huet awer verschidde Feeler. Well ech stelle fest, dass et fir kleng Kanner onméiglech ass, do op d'Spiller eropzekommen. Op déi grouss Rutschban eropzekommen, dat ass bal net ze maachen. Mäi Bouf geet ni eleng op d'Rutschban. Ech muss ëmmer mat. An och mat erofrutschen. An och fir mech ass dat ëmmer eng grouss Erausfuerderung.

Duerfir mengen ech, wär et awer flott, no enger gewësser Zäit eis d'Spillplazen unzekucken an ze kucken, ob een do net vläicht kann norüsten. An deem heite konkreete Fall wär et zum Beispill eng besser Trap, déi et méi einfach géif maachen, op déi Rutschban erop- an erofzekommen. Dat just als klenge Gedanken, deen ech wollt mat op de Wee ginn. Well wann ee schonn eng flott Spillplaz huet, da soll déi och fir eng méiglechst grouss Zuel vu Kanner ouni Problem ze benotze sinn.

Den Devis stëmme mer, wéi gesot, ganz gäre mat. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Hobscheit. Här Ulveling, wannechgelift.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Ech wollt dem Här Muller äntweren. Et sinn zwou Saachen ugesprach ginn: éischtens d'Isolatioun, zweetens de Loyer. Bei der Isolatioun ass et esou, dass mer zwee Problemer hunn, an deene Gebaier iwwerall. Dat eent ass Etancheitéit. Déi ass hei net méi gutt. Dat heescht, et reent op Plazen eran. An dat anert ass d'Isolatioun. An dësem Gebai maache mer dat elo, well mer déi zwee Problemer beieneen hunn. Do fänke mer mat deem un.

An dat anert ass natierlech och ze kucken, wéi mer mat dem Bâtiment C weiderginn, och mat enger eventueller Isolatioun. Et ass schonn dru geduecht ginn, mee dat scheitert ëmmer erëm dann un den Devisen oder un den Déngen, dass een eventuell géif eng Aart Volete maachen. Also, fir dass keng Luucht erakënnt. Et sinn nach e ganze Koup Saachen à l'étude. Mee et ass wouer, dass et am Summer deelweis déck an déi 30 Grad a verschiddene Raim sinn.

De Loyer hutt Der ugeschwat. Do si mer och amgaang ze kucken. Do hate mer nach virun e puer Deeg eng Diskussioun, fir ze soen, dat war alles geduecht fir Pop-up. A fir Leit eng Chance ze ginn, mat bëllegem Loyer unzefänken. Mee wann awer Leit bis fënnef, sechs Joer dra sinn a mëttlerweil eng gutt Firma duerstellen an och e gudde Chiffre d'affaires maachen, da misst een och kënnen eng Kéier driwwer schwätzen, ob een deene Leit, wann ee se gär do behält, net och vläicht en anere Loyer misst da froen. Well dann de But primaire net méi ginn ass.

Mee dat war dee ganze Problem vun deem ganze Site. Dat hate mer jo och schonn hei diskutéiert. Dass mer gesot hunn, de Problem ass am Fong, dass déi Firmen, déi sech elo gutt developpéieren do, déi Plaz net hunn, fir sech do wierklech kënnen auszedeenen. A mir hu leider bei eis net vill Saachen, déi mer de Leit kéinten ubidden, fir dass se hei bleiwen. Ech soen ëmmer, et ass wéi

*de jeux. Les socialistes approuveront le devis.*
*Pierre Hobscheit fréquente souvent les aires de jeux avec son fils. Monsieur Ulveling ferait bien d'en réévaluer quelques-unes après quelque temps. Il faut se demander si elles sont encore adaptées aux besoins des enfants. Pierre Hobscheit mentionne l'aire de jeux du lieudit Hiel à Niederkorn en direction du Minett Park. C'est une belle aire de jeux, mais les petits enfants n'arrivent par exemple pas à monter sur le toboggan. Pierre Hobscheit doit y accompagner systématiquement son fils. Et même pour lui, ce n'est pas évident.*
*C'est pourquoi il demande à monsieur Ulveling de vérifier les aires de jeux après quelques années et de les compléter le cas échéant. Il suffirait d'un escalier plus adapté pour monter sur le toboggan. Quand on dispose d'une belle aire de jeux, il faut veiller à ce que tous les enfants puissent en profiter.*

**TOM ULVELING (CSV)** *revient sur les propos de monsieur Muller.*
*Le problème concernant les bâtiments du 1535° est double : l'étanchéité et l'isolation. Le bâtiment A est prioritaire. Pour ce qui est du bâtiment C, l'isolation est nécessaire. Mais les devis sont trop élevés. Le collège échevinal procède à des évaluations. Des volets pourraient constituer une bonne solution. Mais il est vrai qu'en été les températures dépassent les 30 °C dans certaines salles.*
*Quant aux loyers, le collège échevinal en a discuté il y a quelques jours dans le cadre des boutiques éphémères. Il s'agit de donner une chance aux commerçants d'ouvrir un magasin à petit prix.*
*En revanche, au bout de quelques années, si les affaires vont bien, la commune devrait pouvoir leur demander un peu plus. Le problème du 1535° est qu'il n'y a pas assez de place pour les entreprises souhaitant s'agrandir. Et malheureusement, Differdange n'a pas grand-chose à leur proposer. Tom Ulveling tire un parallèle avec le football. Les enfants s'entrainent durement et lorsqu'ils deviennent bons, ils vont jouer ailleurs.*

*Pour ce qui est des aires de jeux, la Ville de Differdange reçoit chaque année un label de sécurité. Le problème est le suivant : quand une nouvelle cité voit le jour, de nombreux petits enfants y emménagent. Puis, ces enfants grandissent et les jeux ne sont plus adaptés à leurs besoins. Tom Ulveling va réfléchir à la question. Mais s'il fallait remplacer les jeux au fur et à mesure que les enfants grandissent, la commune n'arrêterait jamais.*

**GUY TEMPELS (CSV)** *est content d'apprendre que les enseignants et les enfants ont leur mot à dire concernant les aires de jeux. Il signale que sur l'aire de jeux près du Vesquenhaff, un jeu tombe en ruine. Il faudrait le remplacer.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *passe au vote des deux devis.*
*(Votes)*
*Christiane Brassel-Rausch passe au point 4a. Il s'agit d'une convention entre 24 communes, dont Differdange et l'association Lëtzebuerg Alzheimer. Differdange avait demandé trois lits ; elle en obtiendra deux.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *se demande si on n'aurait pas dû investir dans le sud. Car les patients seront éloignés de leurs familles. Et en plus, cela coute cher.*
*La ville d'Esch par exemple a préféré ne pas réserver de lits afin de créer quelque chose dans le sud. Le collège échevinal en a-t-il discuté avec d'autres communes dans le cadre du Prosud ?*
*En principe, Gary Diderich n'est pas contraire à la convention. Les lits ne sont pas nombreux et il faut soutenir les familles concernées.*

am Fussball: D'Kanner ginn trainéiert, trainéiert, trainéiert. Duerno, op eemol, si se gutt an da gi se an en anere Club an d'Nopeschduerf spillen.

Dat anert, wat den Här Hobscheit gesot huet. Dir wësst, dass mer all Joer de Label vu séchere Spillplaze kréien, dass do alles ëmmer nogekuckt gëtt. Et ass natierlech richteg, wat Der sot. Wann eng nei Cité opgeriicht gëtt, da gi mer dovun aus, dass vill kleng Kanner do sinn. An da ginn déi Kanner méi grouss. An da sinn déi Spiller net méi ganz adaptéiert un déi kleng Kanner. Ech huelen dat gär mat. Dass mer kucken, ob mer dat kënne maachen. Mee da si mer dauernd amgaang, op- an ofzerichten. Mee, dat ass dann eeben esou. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ulveling. Här Tempels, wannechgelift.

**GUY TEMPELS (CSV):**

Ech soen och eppes Klenges zu de Spillplazen. Ech profitéieren dann elo mol, fir kënnen eppes ze soen. Ech si frou, dass ech gewuer gi si vum Här Ulveling, dass d'Schoulpersonal oder d'Kanner hir Doleancë kënne soen, wat d'Spillplazen ubelaangt.

Ech hunn awer och nach eng Plaz – et ass mer scho méi laang opgefall –, uewen um Bierg beim Vesquenhaff, do schéngt ee Spill baufälleg ze sinn. Dat ass einfach mat engem Bändchen ofgespaart. Menger Meenung no wär et vläicht besser, et einfach ewechzehuelen, ier wierklech ee sech do richteg wéideet. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Tempels. Wa keng Wuertmeldung méi do ass, da komme mer zum Vott, wann Der averstane sidd, dass mer déi zwee Devise kënnen zesummen ofstëmmen. Da komme mer zur Ofstëmmung vun deenen zwee Devisen zesummen. Merci.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le devis relatif aux travaux d'aménagement coworking et isolation de la toiture du 1535° Creative Hub – bâtiment A.*

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le devis relatif au réaménagement de la cour, et au reprofilage et à l'aménagement d'une aire de jeux à l'école Prince-Henri d'Oberkorn.*

Merci. Da si mer um Punkt 4a. Do geet et ëm eng Konventioun, déi d'Gemeng Déifferdeng, mat 24 anere Gemengen, mat der Associatioun Lëtzebuerg Alzheimer ënnerschriwwen huet. Mir hate se schonn hei virgestallt. Mir haten dräi Better gefrot, mir hunn der zwee kritt. Wa keng Froen dozou sinn, kënne mer direkt zum Vott iwwergoen.

Här Diderich, wannechgelift.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Ech hätt d'Fro, ob keng Alternativen am Süde méiglech wären. Respektiv ob een net méi Suen hätt kéinten an déi Richtung investéieren. Well dat ass awer e wäite Wee fir Familljenangehöreger, wann een dann do eng Plaz huet. An dat kascht eis jo och elo net näischt. Ech weess op alle Fall mol vun Esch, dass déi éischter op dee Wee gaange sinn, dass se soen, si reservéieren do keng Better a probéieren éischter ze ënnerstëtzen, dass am Süden esou eppes entsteet. An ech wollt an deem Sënn nofroen, ob innerhalb vum Pro-Sud, oder anerwäerts zwëschent de Gemengen am Süden, vläicht eng Ofsprooch geschitt ass, en Austausch geschitt ass. Déi Nofro ass mer scho wichteg.

Prinzipiell ënnerstëtzen ech dat. Mir wësse schonn, dass déi Better net onbedéngt op ee waarden, an dass et wichteg ass, dass mer Familljen, déi am Fall sinn, kënnen ënnerstëtzen, dass se schnell eng Léisung fannen. Op där anerer Säit, laangfristeg mengen ech awer, dass et fir d'Famillje méi flott wär, wa mer esou Strukturen am Süde géife

kréien, respektiv esou Unitéiten innerhalb vun de besteeënde Strukturen ausgebaut ginn. Um Woiwer gëtt jo en neit Haus gebaut. Ass do näischt an deem Sënn virgesinn? Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Diderich. D'Madamm Wohl, wannechgelift.

**NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG):**

Ech wollt just soen, dass mir als déi gréng dat ënnerstëtzen, dass zwee Better prioritär fir Déifferdenger Bierger am Fong geholl reservéiert ginn. Et ass esou, dass en Ausbau do gemaach gëtt. Dee wäert dann 2023 fäerdeg sinn. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Wohl. Här Hobscheit, wannechgelift.

**PIERRE HOBSCHEIT (LSAP):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Den Här Diderich war e bësse méi séier. Ech wollt am Fong genau déi selwecht Remark maache wéi hien. Wann ee sech ukuckt, wéi eng Gemengen do matënnerschriwwen hunn, da mierkt een, dass et effektiv relativ wéineg Gemengen aus dem Süde sinn. An de logesche Grond ass effektiv, dass Ierpeldeng, wourëm et hei geet, net grad ëm den Eck ass.

Duerfir kann ech mech dem Här Diderich nëmmen uschléissen, dass et awer vläicht interessant wier, och am Interesse vun deene betraffene Leit an hire Famillen, fir mëttel- bis laangfristeg ze kucken, ob et net méi wäit hei ënnen, soen ech emol, méiglech wär, esou eng Struktur ze schafen. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Hobscheit. Här Mangen, wannechgelift.

**SCHÄFFE ROBERT MANGEN (CSV):**

Et si scho Strukturen an de Fleegeheimer dran, wou déi Leit och betreit ginn. Dir hutt Recht, et ass wäit. Mee wann een, wéi ech och, an där Situatioun war, da sidd Der frou, datt Der egal wou e Bett kritt hei am Land. Wa méiglech net am Ausland, well dat gëtt nach aner Problemer. An de Goldknapp, dat ass eng vun deenen éischte Strukturen, déi ugefaangen hunn. D'Leit si wierklech optimal betreit.

An et ass och, fir de Leit aus eiser Gemeng d'Méiglechkeet ze ginn, dohinner ze kommen. Mee sécherlech musse mer an Zukunft och kucken, hei am Süden änlech Strukturen ze kréien. Mee et läit oft och erëm um Personal an un de Raimlechkeeten, fir dat ze maachen. A bis een dat geplangt huet, dauert et e bëssen. An hei hate mer de Virdeel, datt déi ugebaut hunn, an datt mer ons do konnten uschléissen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Mangen. Madamm Saeul, wannechgelift.

**CHRISTIANE SAEUL (DP):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Ech fannen dat heite schonn eng ganz gutt Saach. Et ass effektiv net, einfach Mënschen doheem ze halen, déi Alzheimer hunn oder dement sinn.

Dass esou Plaze rar sinn, wann ee se brauch, oder et eng laang Waardezäit gëtt, ass bekannt.

Ech wollt froen: Déi Participation unique vun 90.000 Euro pro Zëmmer, pro Bett, déi ass dann effektiv unique. An déi Leit, wann déi bis do sinn, bleiwen déi jo do a mussen och hire Loyer bezuelen, nenne mer et esou?

(Ënnerbriechung)

Dat heescht, déi 90.000 Euro pro Bett oder pro Zëmmer, déi sinn unique a gi bei d'Frais généraux vun der Gemeng geschriwwen. An d'Leit, déi anzéien, vun der Gemeng Déifferdeng, wat immens flott jo dann ass, dass se eng

*Mais à long terme, les familles préfèreraient sans doute profiter de structures dans le sud. Le collège échevinal n'a-t-il rien prévu au Woiwer ?*

**NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG)** *soutient la convention grâce à laquelle deux lits sont réservés pour les Differdangeois. La structure est en train d'être agrandie et sera prête en 2023.*

**PIERRE HOBSCHEIT (LSAP)** *voulait faire la même remarque que monsieur Diderich. En regardant la convention, on se rend compte que peu de communes du sud la signeront. L'explication est logique : Erpeldange n'est pas la porte à côté. Comme l'a dit monsieur Diderich, il serait intéressant pour les familles et les patients de disposer d'une structure dans le sud à moyen ou long terme.*

**ROBERT MANGEN (CSV)** *répond qu'il existe déjà des structures accompagnant les patients. Ce n'est pas la porte à côté, mais quand on a connu la situation comme lui, on est bien content de trouver un lit dans le pays au lieu d'aller à l'étranger.*
*Goldknapp est une des premières structures du genre. L'accompagnement des patients est optimal. Certes, il faudra prévoir des structures semblables dans le sud. Mais en attendant, il convient de profiter de l'agrandissement de Goldknapp.*

**CHRISTIANE SAEUL (DP)** *apprécie ce projet, car il est difficile de garder des patients déments ou atteints de la maladie d'Alzheimer à la maison. Les lits dans les structures sont rares et les listes d'attente longues.*
*Christiane Saeul demande si la participation de 90 000 € par chambre est unique. Elle suppose que les patients devront payer un loyer.*
*(Interruption)*
*Christiane Saeul répète que la participation de 90 000 € est donc unique. Les habitants de Differdange emménageant dans la structure payeront un loyer normal.*
*(Interruption de M. Ulveling et discussions)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *précise que la commune a réservé deux lits sans plus. En revanche, elle n'a rien à voir avec le dossier médical. Les patients devront payer pour leur séjour.*

**CHRISTIANE SAEUL (DP)** *remercie la bourgmestre pour les explications. (Vote)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *passe à un avenant d'une convention avec la commune de Pétange et le Minett Park Fond-de-Gras.*

**ROBERT MANGEN (CSV)** *rappelle qu'il avait mentionné une somme fixe pour le soutien du Minett Park Fond-de-Gras lors des débats budgétaires. Le conseil d'administration du Minett Park a demandé aux communes de calculer leurs participations sur la base du nombre d'habitants, car l'argent ne suffit plus. La participation se porterait désormais à 3,5 € per habitant et par commune.*
*Robert Mangen profite de l'occasion pour remercier le ministère de la Culture, qui a versé un subside unique de 7 000 € dans le cadre de la COVID-19. Les communes de Differdange et de Pétange soutiennent par ailleurs le Train 1900 et la Minièresbunn par une aide ultérieure. Sans cette aide, les deux trains ne pourraient bientôt plus circuler. De toute façon, il faut se rendre compte du fait que les moyens financiers à disposition du Minett Park ne suffisent plus.*

Chance hunn, fir do en Zëmmer ze kréien, déi bezuelen hiren normalen …?

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Jo.

**CHRISTIANE SAEUL (DP):**

Okay. Merci.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Et ass einfach, fir sech anzekafen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

D'Gemeng huet sech am Fong zwee Better reservéiert.

**CHRISTIANE SAEUL (DP):**

Reservéiert.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Sans plus.

**CHRISTIANE SAEUL (DP):**

Sans plus.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

An de Rescht, den Dossier médical, domadder hu mir näischt ze dinn. An dat, wat d'Leit sur place fir de Séjour selwer bezuelen, do hu mir och näischt mat ze dinn.

**CHRISTIANE SAEUL (DP):**

Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Gär geschitt.

Ech denken, da kënne mer zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la convention conclue entre l'Association Luxembourg Alzheimer ASBL et 25 communes luxembourgeoises.*

De Punkt 4b ass en Avenant vun der Konventioun vun de Gemenge Péiteng an Déifferdeng mam Minett Park Fond-de-Gras. Ech géif dem Här Mangen d'Wuert ginn.

**SCHÄFFE ROBERT MANGEN (CSV):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. An der Budgetsried virun zwou Wochen hat ech jo eng fix Zomm genannt fir d'Ënnerstëtzung vum Minett Park Fond-de-Gras. A mir hunn am Conseil d'administration vum Minett Park d'Gemenge gefrot, well et geet finanziell net méi op déi nächst Joren, ob een déi Hëllef net kéint un d'Awunnerzuel bannen. An do hu mer 3,5 Euro pro Awunner pro Gemeng gefrot, fir e bësse finanzielle Sputt ze kréien. Dat ass u sech déi Konventioun, déi mer hei hunn.

Ech wëll dem Staat, dem Kulturministère Merci soen. Si hunn de Minett Park dëst Joer mat engem eemolege Subsid vu 7.000 Euro ënnerstëtzt wéinst der Coronaproblematik. D'Gemenge Péiteng an Déifferdeng ënnerstëtzen déi zwou Bunnen, den Train 1900 an d'Minièresbunn och mat enger eemoleger Hëllef.

Dir gesitt an den Ënnerlagen, et gouf e relativ groussen Ausfall vun deenen zwou Bunnen. Wa mer déi net géifen ënnerstëtzen, iergendwa géife se net méi kënne fueren. An deem Sënn wär ech frou, wann Der ons kéint ënnerstëtzen, datt mer d'finanziell Mëttelen e bëssen opstocken. Quitte, datt ee sech bewosst muss sinn, och wann aner Strukturen elo dohinnerkommen, datt dat mat de finanzielle Mëttel net duergeet. Datt mer an Zukunft och nach eng Kéier mussen driwwer diskutéieren, wéi mer do virginn.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Mangen. Här Muller, wannechgelift.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Mir ënnerstëtzen dem Här Mangen säi Virschlag. Ech war selwer véier Joer an deem Verwaltungsrot, wann een esou ka soen, ech soe mol an deem Grupp, mat dobäi. Deen eng ganz wichteg Roll spillt, net nëmme fir eis Vergaangenheet, wat d'Exploitatioun vum Minerai ubelaangt, mee allgemeng am Tourismus, och duerch déi zwee Zich, den Train 1900 an d'Minièresbunn. Wat eng grouss Attraktivitéit bei de Leit dobaussen huet an iwwert d'Grenzen eraus.

Deemools hunn ech scho gesinn, dass et net géif oder knapps géif duergoe mat deem Bäitrag, dee mer als Gemenge leeschten. Mir waren zwar schonn eng Kéier an d'Luucht gaangen. Mee Dir hutt et richteg vermierkt, et geet och drëm, et muss méi professionell nach geschafft ginn. D'Ufuerderunge vun de Leit ginn ëmmer méi grouss. A mir wëllen och déi Visibilitéit vun deem Park ëmmer méi wäit ausgrenzen, dass et wierklech en Unzéiungspunkt fir eis Regioun an déi zwou Gemenge gëtt.

Mir sinn op jidde Fall ganz d'accord, fir dat unzehiewen. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Muller. Här Liesch, wannechgelift.

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Merci fir d'Wuert. Mir kënnen eis nëmmen dem Här Muller senge Wierder uschléissen. Mir gesinn effektiv, wat eng Professionaliséierung bruecht huet. An deene leschte Joren ass do wierklech e gudde Programm ausgeschafft ginn. Et ass fäerdegbruecht ginn, déi Acteure beieneenzebréngen a Saachen zesummen ze organiséieren. Och wann, wéi den Här Mangen seet, et net ëmmer esou einfach ass, wann ee vill Acteuren huet. Mee ech mengen, e mécht do awer eng ganz gutt Aarbecht, fir dat ze probéieren.

No baussen hi muss ee soen, dass de Fond-de-Gras e Pôle d'attraction ass. An duerfir si mer absolutt dofir, fir och e bësse méi Kapital an dës ASBL ze pompelen. Well mer all dovunner wäerte profitéieren.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Liesch. Da komme mer zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le premier avenant à la convention entre les communes de Pétange et Differdange, et l'ASBL Minett Park Fond-de-Gras.*

Merci. Am Punkt 5a geet et ëm d'Adaptatioune vum Organigramm, mat engem Avis vun der Salariatsdelegatioun an engem Avis vun der Fonctionnairesdelegatioun. Et handelt sech ëm sënnvoll Adaptatiounen, op déi ech nach wäert zréckkommen. Mee fir eng Kloerstellung ginn ech ganz kuerz d'Wuert un den Här Ulveling.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Jo, ech wëll kloerstellen, a mengem Service Bauten, do hutt Der gesinn, dass mer elo Hoch- und Tiefbau hunn. Déi Servicer, hei um Scheema si se wuel opgezielt, do, wou se elo de Moment stationéiert sinn. Dat aus praktesche Grënn.

Mee et ass ganz kloer, Hoch- und Tiefbau, dat gehéiert zesummen. An dat misst am Fong an enger Rei stoen. Mee vu dass et jo awer zwee verschidde Sitte sinn, hu mer gesot, da loosse mer dat elo mol de Moment esou. Mee ech wëll ganz kloer soen, dat gehéiert alles zu iwwergeuerdnete Bauten. An et ass eebe just elo esou duergestallt, fir dass ee weess, wou een déi Leit erëmfënnt, wann ee se sicht. Merci.

**ERNY MULLER (LSAP)** *soutient la proposition de monsieur Mangen. Il a lui-même fait partie du conseil d'administration pendant quatre ans. Il signale que le Fond-de-Gras joue un rôle important dans la préservation de l'histoire de Differdange, mais aussi en ce qui concerne le tourisme.*
*Le Train 1900 et la Minièresbunn jouissent d'une grande attractivité au-delà des frontières.*
*Déjà à l'époque, Erny Muller avait remarqué que les moyens financiers ne suffiraient pas. Le parc doit fonctionner de manière plus professionnelle. Les attentes des gens grandissent. En plus, la Ville de Differdange veut renforcer la visibilité du parc dans toute la région.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *se rallie à ce que vient de dire monsieur Muller. Le parc a été professionnalisé et un bon programme a été mis en place. Les nombreux acteurs ont réussi à organiser des évènements même si cela n'a pas toujours été facile comme l'a souligné monsieur Mangen.*
*Le Fond-de-Gras reste un pôle d'attraction. C'est pourquoi les écologistes sont d'accord pour augmenter la participation financière. La Ville de Differdange en profitera.*
*(Vote)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *passe à des adaptations de l'organigramme. Les conseillers communaux disposent de l'avis de la délégation des salariés et de la délégation des fonctionnaires.*

**TOM ULVELING (CSV)** *signale que le service des bâtisses est subdivisé en deux parties dans le schéma pour des raisons pratiques : bâtiments et travaux publics. Mais elles font partie d'un tout. Le schéma permet de mieux comprendre qui fait partie de quel service.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *annonce la création d'un poste d'employé communal A2 pour le city management. Elle rappelle que le city manager n'est pas un fonctionnaire non plus. Le service est transversal et s'occupera de plus en plus de la coordination du TNT à la place du service écologique.*
*Le 1535° va recruter un salarié administratif B1 et un salarié C2.*
*(Interruption)*
*Christiane Brassel-Rausch confirme qu'il s'agit d'un C1. Ces créations de poste sont dues à un congé sans solde et à un départ. Tous les postes du 1535° sont occupés par des salariés.*
*La commune prévoit de recruter des remplaçants pour maisons relais et foyers de jour en vue de l'ouverture de l'école du Mathendahl. Une fonctionnaire A2 est remplacée par un poste de salarié CCT comme cela est habituel dans le secteur de l'éducation.*
*Dans le département technique, un poste d'employé communal A2 est transformé en poste d'employé communal B1. Il sera occupé par un employé C1 disposant des diplômes nécessaires.*
*Deux postes D1 sont créés pour les services de régie, cellule administrative. Il s'agira d'employés communaux au lieu de salariés.*
*Le préposé a droit à deux contremaitres. Une création de poste est donc nécessaire.*
*(Interruption)*
*Christiane Brassel-Rausch confirme qu'il s'agit de la voirie.*
*Dans le département des sports, un poste d'employé communal B1 est transformé en fonctionnaire B1. Il s'agit de l'ancien poste de monsieur Maurice Lentz. Le responsable du service des sports a demandé un congé sans solde.*
*La bibliothèque compte un départ à la retraite. Le poste ne sera plus occupé.*
*L'école de musique compte 35 salariés. Six postes de salariés seront transformés en postes d'employés.*
*Pour le moment, deux postes sont vacants dans le département informatique. Un troisième va s'y ajouter. Christiane Brassel-Rausch signale que ce service a été énormément sollicité au cours des huit derniers mois.*

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ulveling. Da komme mer op den Organigramm ze schwätzen. Fir de City-Management ass eng Création de poste Employé communal A2. Firwat en Employé communal? De City-Manager ass jo och net Fonctionnaire. Et ass en transversale Service, dee mat ville Saachen ze dinn huet. Deen ënner anerem och elo ëmmer méi wäert de Lien mam TNT maachen. Deen da vum Service écologique ewechgeholl gëtt. An e wäert sech och an aner europäesch Projeten aschaffen. Dofir d'Decisioun fir en Employé communal, wat awer vläicht net grad esou rigid ass wéi e Fonctionnaire.

Am 1535° e Salarié administratif B1 an eng Création de poste vun engem C2.

**ENG STËMM:**

C1.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

C1. Ech gi schonn duercherneen. Dir wësst jo, do hu mer ee Congé sans solde an een Depart. Beim Congé sans solde, do bleift de Poste jo. Dofir musse mer en neie kreéieren. Dat gëtt dann awer e Salarié. An déi aner Madamm, déi ass jo nach esou laang do. A fir déi ze remplacéieren, musse mer och en neie Poste kreéieren. An dat gëtt och e Salarié. Domadder hätte mer an enger koherenter Linn all d'Posten am 1535° mat Salariéë besat.

Maison relais, Foyer de Jour, do sinn e puer Rerserveposten drënner. En vue vun der Ouverture Mathendahl natierlech. Transformation de poste vun engem Fonctionnaire A2 an e Salarié CCT. Dat ass eng responsabel Madamm, déi gaangen ass. An et geet jo drëm, fir déi Leit am edukative Secteur éischter an de CCT ze kréien. Educateurs diplômés an Auxiliaires de vie, déi gläiche sech plus ou moins aus. En vue, wéi gesot, vum Mathendahl.

Am Département technique, Hochbau, wéi den Här Ulveling gesot huet, do gëtt en Employé communal A2 ëmgewandelt an en Employé communal B1. Domadder kréie mer en Employé, deen elo am C1 ass an deen d'Diplomer huet, an da kënne mir him de B1 ginn.

Département Service de régie, Cellule administrative, dat sinn zwee Posten, déi an enger Artisanskarriär sinn. Déi sinn am D1, maachen awer administrativ Aarbecht. Si ware bis elo Salarié a géifen dann Employé communal ginn.

De Preposé, deen huet d'Recht op zwee Viraarbechter. E Meeschter plus zwee Viraarbechter. Dofir muss eng Création de poste gemaach ginn.

**ENG STËMM:**

An der Voirie.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

An der Voirie. Pardon. An der Voirie. Jo, et steet och do. Ech hunn et net gesinn. Am Département des sports, do ass et d'Transformatioun vun engem Employé communal B1 an e Fonctionnaire B1. Ass dat dem Maurice Lentz säi Posten? Jo, et ass deen. Dat ass e B1, deen nach fräi ass, deen nach net supprimeiert ginn ass. Deen huele mer elo eriwwer an den Département des sports, wou mer jo herno déi nei Kandidatin wielen. Well dem Responsabele vum Service des sports säi Posten – deen huet jo Congé sans solde ugefrot –, dee gëtt gehalen.

Uff, ech kréien et nach op d'Rei.

Bibliothèque municipale. Do ass eng Suppression d'un poste vun engem Här, deen an d'Pensioun geet. Dee Poste gëtt net méi weider besat.

An der Musekschoul hu mer am Ganze 35 Posten, Salariéen. Dovunner gi sechs als Employéë fir d'éischt kreéiert an da gi se besat. An déi verschwannen dann herno aus de Salariéen eraus.

Département informatique, do hu mer en Employé communal C1. Well mer am Moment zwee vakant Posten hunn. An et kënnt nach een derbäi. Onkloer ass, wéini dee besat gëtt. A vu dass et e Service ass, dee virun allem elo déi lescht – also en huet ëmmer gutt geschafft, mee ech soen Iech, déi lescht

aacht Méint war deen Dag an Nuecht gefuerdert. Also do brauche mer Leit. Dat ass de Service technique.

An den Département des ressources naturelles ass dann hei an dësem Organigramm definitiv suppriméiert.

Dat ass alles, wat ech Iech heizou ka soen. Här Hobscheit, wannechgelift.

**PIERRE HOBSCHEIT (LSAP):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Virop begréissen ech, am Numm vun der LSAP, dass mer virun allem am Beräich vun eise Betreiungsstrukture massiv Poste schafen. Mir brauchen déi Posten am Sënn vun eise Kanner. A mam Wuesstum vun eiser Populatioun ass et wichteg, dass mer do och norüsten.

Grad esou wichteg ass et, dass mer e kloer strukturéierten Organigramm hunn. Wéi et och am Gesetz iwwert d' Gestion par objectif virgesinn ass. D'LSAP huet sech, wéi mer eis déi Nott ugekuckt hunn, aus där Dir och elo grad zitéiert hutt, Madamm Buergermeeschter, Froe gestallt.

Virop beim Poste vum City-Manager. Dir hutt elo vill driwwer geschwat, firwat et en Employé gëtt. Wat eis méi interesséiert ass: Firwat eng Karriär A2? Well mir hunn eis gefrot, ob dat soll e Poste ginn, deen de City-Manager éischter, soen ech elo mol, administrativ ënnerstëtzt. Do hu mer eis d'Fro gestallt, ob dann net e B1 duergaange wier. Oder gëtt dat éischter e Posten, dee méi strateegesch Aarbecht soll maachen? An do hu mer eis da gefrot, firwat een dann net direkt um Niveau A1 usetzt.

Mir hunn eis och gefrot, Dir hutt d'Erklärung elo e bësse ginn, ob een net fir d'éischt hätt sollen eng éischt Evaluatioun vun der Aarbecht vum City-Manager, en éischte Bilan maachen, ier een e weidere Poste schaaft. Dat war just eng Fro, déi mer eis gestallt hunn.

An Dir hutt och elo eng Erklärung ginn, firwat mer am Département travaux neufs beim Poste quasi, soen ech elo mol, en Downgrade maache vum A2 op e B1. Dir hutt d'Erklärung ginn, firwat. Ech froe mech awer trotzdeem, ob dat net, wann een en A2-Posten huet, dat ass, souwäit ech informéiert sinn, zum Beispill en Ingénieur-Technicien, also um Niveau A2, ob et da sënnvoll ass, dee Poste vum A2 op de B1 erofzesetzen. Dat an engem Departement, wou d'Aarbecht jo bestëmmt net wäert manner ginn.

Wéi gesot, mir begréissen awer insgesamt, dass mer e kloren Organigramm hunn. A vill Posten och elo mat dësem Organigramm haut hei schafen. Mir stëmmen dat mat. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Hobscheit. Här Hartung, wannechgelift.

**JERRY HARTUNG (CSV):**

Merci. Dir Dammen an Dir Hären, am Organigramm gesäit een, datt d'Gemeng weider vill Leit astellt. Ons Gemeng wiisst. Parallel dozou mussen ons Servicer wuessen, fir e gudde Service fir eis Leit ze assuréieren.

A verschiddene Servicer waren ons Leit op der Felg gedréit. Dat wësse mer. Wat och esou am Avis vun der Delegatioun ervirgeet. D'Leit hu musse vill Iwwerstonne maachen. An dofir si mer elo frou, datt dës Servicer opgestockt ginn.

D'lescht Joer gouf gekuckt – bon, déi Leit déi sinn zwar elo schonn agestallt –, ons Ekipp duerch Leit mat spezifeschen Ausbildungen ze komplettéieren, fir d'Fonctionnement vun esou enger grousser Gemeng de moderne Gegebenheeten an Ufuerderunge gerecht ze ginn, an datt dat Ganzt optimal leeft. Ech denken do zum Beispill un den Ekonomist am Gemengesekretariat oder de Responsabele fir d'Organisatioun vum Personal.

Déi meescht nei Posten, et ass scho gesot ginn, gi fir d'Services Maisons relais / Foyer du jour geschaf. Dëst ass jo logesch, vu datt mer vill nei Betreiungsstrukture bauen. D'Madamm Buergermeeschtesch huet virdru vun der Maison relais am Mathendahl geschwat, fir der Demande vun eise Bierger nozekommen. Mat den neie Raimlechkeete bidde mer dann och Plaz, fir méi Kanner unzehuelen. An déi musse jo be-

*Le service des ressources naturelles est supprimé de l'organigramme.*

**PIERRE HOBSCHEIT (LSAP)** *salue la création de nombreux postes pour les structures d'accompagnement. La population est en train de croitre.*
*L'organigramme de la commune doit être structuré de manière claire. Les socialistes se posent des questions dans le cadre de la loi sur la gestion par objectifs.*
*Pourquoi le collège échevinal veut-il recruter un employé A2 pour le city management ? Car s'il s'agit de soutenir le city manager administrativement, une carrière B1 aurait suffi. En revanche, s'il s'agit d'élaborer des stratégies, pourquoi ne pas recruter un A1 ? En plus, n'aurait-il pas fallu procéder à une évaluation du travail du city manager avant de créer un nouveau poste ?*
*La bourgmestre a expliqué pourquoi un poste A2 est transformé en B1 dans le service des travaux neufs. Mais un poste A2 peut par exemple être occupé par un ingénieur-technicien. Pierre Hobscheit se demande si cette décision est pertinente.*
*D'une manière générale, les socialistes apprécient cet organigramme clair et l'approuveront.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *constate que la commune continue de recruter. Les services doivent croitre parallèlement à la population. Certains services étaient à bout comme le signale la délégation. Les employés accumulaient les heures supplémentaires. C'est pourquoi les chrétiens sociaux sont contents de ces créations de postes.*
*L'année dernière, l'équipe communale a été complétée par des personnes disposant de formations spécifiques pour garantir le fonctionnement d'une commune moderne. Jerry Hartung pense notamment à l'économiste ou au responsable de l'organisation du personnel.*
*La plupart des nouveaux postes sont destinés aux maisons relais et au foyer de jour. La bourgmestre a mentionné la maison relais du Mathendahl tout à l'heure. Les nouveaux locaux permettront d'accueillir davantage d'enfants.*

*Le CSV approuvera l'organigramme.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *annonce que les écologistes approuveront l'organigramme.*
*Il constate que le service des arbres fait désormais partie de l'organigramme.*
*Il est également important de renforcer le service informatique.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *rappelle que les socialistes étaient contraires au recrutement d'un city manager. C'est pourquoi l'ancien bourgmestre avait promis une réévaluation du city manager au bout d'un an. Cela a été dit dans une séance officielle du conseil communal. Il s'agit d'une promesse du bourgmestre.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *donne raison à monsieur Bertinelli. Mais tout comme pour les maisons relais, la situation est difficile pour le commerce. Par conséquent, il n'est pas évident d'évaluer un travail dans une situation anormale.*
*Christiane Brassel-Rausch sait que de nombreux projets sont en cours. Le travail est conséquent, car le service est jeune.*
*La bourgmestre n'est pas contraire à une évaluation du travail du city manager en ce moment. Mais il faut savoir que l'intérêt d'une telle évaluation en ce moment est limité.*
*(Interruption de M. Bertinelli)*
*Christiane Brassel-Rausch trouve que cela fait du bien à la commune.*
*(Interruption de M. Bertinelli)*
*Christiane Brassel-Rausch réplique qu'il aurait dû le lui dire plus tôt.*
*(Interruption de M. Bertinelli)*
*Christiane Brassel-Rausch répète ce que madame Pregno a dit tout à l'heure : il aurait fallu la prévenir plus tôt.*
*(Interruption de M. Bertinelli)*
*Christiane Brassel-Rausch revient sur la question du recrutement d'un employé communal pour le city management. Il sera question de projets européens, des terrains de Saulnes et d'alimentation régionale.*

kanntlech mat zousätzlechem Personal betreit ginn.

D'CSV stëmmt dësen Organigramm mat. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Hartung. Här Liesch, wannechgelift.

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Merci fir d'Wuert. Mir als déi gréng kënnen deen Organigramm hei och matstëmmen. Villes ass scho gesot ginn. Ech ginn net méi weider drop an.

Ech wollt just ervirhiewen, dass effektiv elo de Service arbre fest verankert ass an eisem Organigramm. Wat eis natierlech freet. Wat och d'Importenz vun dësem Service weist. An och am Service informatique, dass do nach no Hëllef gesicht gëtt, fir d'Ekipp ze verstäerken. Well mer och der Meenung sinn, dass den Informatique an Zukunft nach muss ausgebaut ginn, grad wann et drëm geet, fir Konzepter auszeschaffen. An d'Zukunft gekuckt, brauche mer warscheinlech do nach deen een oder deen anere Posten.

Mee den Organigramm kënne mer esou matstëmmen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Liesch. Här Bertinelli, wannechgelift.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Madamm Buergermeeschtesch, ech wëll nach eng Kéier drun erënneren, datt zu där Zäit, wou de City-Manager gestëmmt ginn ass, d'LSAP deen net wollt matstëmmen. Dir waart net Buergermeeschtesch. Den ehemolege Buergermeeschter hat eis versprach, datt no engem Joer eng Reevaluatioun vum City-Manager géif gemaach ginn, wa mer e géife matstëmmen. An dat sollt dann och am Gemengerot geschéien. Nëmmen zur Erënnerung. Dat ass och aktéiert ginn. Dat war an enger offizieller Gemengerotssitzung. A wou de Buergermeeschter eis dat versprach hat, hate mer zougestëmmt. Ech wëll just drun erënneren.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Bertinelli. Ech äntwerten Iech direkt drop. Natierlech gi mer gär mat op dee Wee. Mee ech denken, genau wéi bei de Maison-relaisen ass et och fir d'Commercë schwéier. Et ass schwéier, an esou enger aussergewéinlecher Situatioun eng Aarbecht ze evaluéieren, déi net normal ass, ënner Gänseféisercher. Déi ausser der Rei ass. Mee gären.

Ech weess, dass vill Projete lafen. Ech weess, dass vill Projeten ugeduecht sinn. Ech weess, dass et enorm vill Aarbecht ass. Well et e Service och ass, deen amgaang ass ze entstoen. Awer gären. Wann de Besoin do ass. Gi mer mat op dee Wee? Ech weess just net, ob et de richtege Moment ass. Wann Dir elo wëllt eng Evaluatioun maache vu senger Aarbecht vun engem Joer, dat wëll awer, mengen ech, elo näischt soen iwwer seng Aarbecht. Wann d'Zäiten erëm, ënner Gänseféisercher, normal lafen, ...

(Äntwert vum Fred Bertinelli net verständlech)

Jo. Mee ech denken, dass en der Gemeng guttdeet. Dat ass dat eenzegt, wat ech Iech ka soen.

(Äntwert vum Fred Bertinelli net verständlech)

Här Bertinelli, ech soen awer elo genau dat nämmlecht wéi d'Madamm Pregno. Sot et e bëssen éischter. Verstitt Der?

(Äntwert vum Fred Bertinelli net verständlech)

Jo. Okay. Wat dat anert ugeet, firwat beim City-Manager en Employé communal, ech hu probéiert, et ze erklären, Här Hobscheit. Dat ass e bëssen am Sënn vun den europäesche Projeten. An och en vue vun den Terrainen zu Zounen, déi mer kaf hunn. Well mer jo do ganz kloer wëllen op d'Alimentatioun goen. Op regional Alimentatioun. Mir

wëlle jo selwer vläicht eng ganz Équipe communale an deem Sënn opbauen. Dofir den Employé. Well de Fonctionnaire einfach ze vill rigid ass.

**PIERRE HOBSCHEIT (LSAP):**

Meng Fro war net, firwat en Employé, meng Fro war, firwat en A2? Firwat setzt Der um Niveau Bachelor un? Mir hunn eis just déi Fro gestallt. Wéi ech scho sot. Ech versti jo elo, dass dat net just ee soll sinn, deen de City-Manager administrativ ënnerstëtzt, mee scho konkreet soll – duerfir hu mer eis d'Fro gestallt: A2, wéi ee Profil huet Iech do virgeschwieft?

Et ass net Employé oder Fonctionnaire. Ënner eis gesot, dat ass mir relativ egal. Mee firwat en A2? Wat hat Der Iech do vun Niveau vun Ausbildung, vu Background vun där Persoun virgestallt? Dat war éischter d'Fro.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Ganz kloer, dass et een ass, dee sech och mat europäesche Projeten auskennt. A wann e sech net géif dran auskennen, op d'mannst d'Fäegkeet huet, fir sech anzeschaffen. Well eis Terrainen zu Zounen hoffentlech Konsequenze kréien, andeem mer do ausschaffen, wann de Buedem bis gepréift ass, wou mer kënnen uplanzen. Wat dann och regional an eis Maison-relaise geet. Wou mer och am Fusilli mat dra sinn, mam TNT. Et ass an där méi globaler Vue.

Merci. Wann et keng Wuertmeldung méi dozou gëtt, komme mer zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les adaptations de l'organigramme.*

Da soen ech Iech villmools Merci a kommen zum 5b, en neit Reglement, wat den Horaire mobile ugeet, de Compte épargne temps, also de CET, an de Congé. Ech denken, Dir hutt dat duerchgelies. Ech wëll net weider drop agoen. Ausser als Remark soen, dass zanter 2012 eist Reglement vum Horaire mobile net méi ugepasst ginn ass. Zanter dem 1. Oktober 2018 awer sinn d'Bestëmmungen iwwert de CET a Kraaft. An eise Règlement communal ass där Situatioun net ugepasst. Also si dréit der Situatioun net Rechnung. Mir géifen dat elo einfach mat dësem Vott nohuelen.

Et sinn e puer punktuell Ännerungen. Eis Leit, grad wéi bei der Fonction publique, kréien 30 Minutte Mëttespaus amplaz eng Stonn. An d'Fonctionnairen, déi samschdes, sonndes oder no 19 Auer, ënner verschiddene Konditiounen, schaffen, déi kréien déi geschaffte Stonnen zu 50 % majoréiert. Awer déi Demande soll ëmmer beim Schäfferot gemaach ginn.

Här Hobscheit, wannechgelift.

**PIERRE HOBSCHEIT (LSAP):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Ech hätt dozou eng, zwou Froen. Virop eng kleng Remark. Wéi ech dat Reglement gekuckt hunn, war fir mech net esou ganz ersiichtlech, wat elo eigentlech alles nei ass. Dat heescht, vläicht kéint een an Zukunft, wann een esou e Reglement op den Ordre du jour setzt, fir déi Leit wéi mech, zum Beispill, déi elo erëm nei am Gemengerot sinn, déi verschidden Entwécklungen net matkritt hunn, vläicht kloer erkenntlech maachen: Wat sinn d'Neierungen an deem Reglement?

Wat mech e bësse stutzeg gemaach huet, d'Delegatioun hat sech jo derfir ausgeschwat, fir d'Amplitude um 6.30 Auer ufänken ze loossen, wéi beim Staat och. De Schäfferot huet dat net zréckbehalen. Ech hu mech gefrot, firwat. Et kann een natierlech soen, d'Gemeng mécht eréischt um hallwer aacht op, firwat sollen d'Leit schonn um hallwer siwen ufänke mat schaffen? Anerersäits soen ech mer awer, dass Leit, déi vläicht net permanent a Kontakt mam Client sinn, an där Stonn tëscht hallwer siwen an hallwer aacht awer scho geschafft kréien, Saache gemaach kréien. Firwat gouf d'Fuerderung vun der Delegatioun net zréckbehalen?

An dann hutt Der d'Mëttegpaus ugeschwat. Firwat war dat net direkt esou virgesinn? Well d'CGFP huet dat als historesch gefeiert, dass d'Mëttespaus

*Le statut de fonctionnaire serait trop rigide.*

**PIERRE HOBSCHEIT (LSAP)** *n'a pas demandé pourquoi le collège échevinal voulait recruter un employé, mais pourquoi une carrière A2. Il se fiche un peu de savoir s'il s'agira d'un employé ou d'un fonctionnaire. Il apparait désormais que cette personne devra faire plus que soutenir le city manager administrativement. Mais quelle doit être la formation de cette personne?*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *répond que le candidat devra s'y connaitre en projets européens ou du moins avoir la capacité d'apprendre.*
*Elle rappelle qu'il sera bientôt possible de cultiver les terrains de Saulnes avec des conséquences sur les maisons relais.*
*La bourgmestre mentionne aussi le projet Fusilli et le TNT.*
*(Vote)*
*Christiane Brassel-Rausch passe au nouveau règlement concernant l'horaire mobile. Ce règlement n'a pas été modifié depuis 2012. Or, le 1er octobre 2018, le compte-épargne-temps est entré en vigueur. La Ville de Differdange doit en tenir compte dans son règlement.*
*Parmi les nouveautés figure le fait que la pause de midi devra durer un minimum de trente minutes au lieu d'une heure. Les collaborateurs travaillant le samedi ou le dimanche, ou le soir après 19 h verront ces heures majorées à 50 %.*

**PIERRE HOBSCHEIT (LSAP)** *n'a pas immédiatement compris ce qui avait changé quand il a lu le règlement. À l'avenir, le collège échevinal ne pourrait-il pas veiller à rendre les changements plus explicites dans le dossier?*
*La délégation a demandé que la journée de travail puisse commencer à 6 h 30 comme à l'État. Le collège échevinal a dit non. D'un côté, il est vrai que l'hôtel de ville n'ouvre qu'à 7 h 30. Mais de l'autre, tous les collaborateurs ne sont pas en contact avec les citoyens. Ils pourraient donc commencer à travailler plus tôt.*
*Pour ce qui est de la pause de midi, la CGFP parle de changement his-*

*torique. Pierre Hobscheit ne veut pas entrer dans cette discussion, mais il se demande pourquoi la délégation a dû faire cette remarque pour que le collège échevinal en tienne compte.*
*Pourquoi les visites médicales ont-elles été limitées à 12 fois par an pour un maximum de 2 heures ? Il est vrai que des exceptions sont possibles.*

**GUY TEMPELS (CSV)** *voudrait savoir si les collaborateurs ont eu recours au télétravail pendant la pandémie. Le télétravail sera-t-il maintenu ensuite ?*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *répète que le règlement n'a plus été adapté depuis 2012. Les modifications sont la conséquence d'une demande de la délégation. Christiane Brassel-Rausch ne sait pas pourquoi les adaptations n'ont pas été faites plus tôt.*
*(Interruption)*
*Le collège échevinal a décidé de ne pas avancer le début de la journée de travail à 6 h 30. À Luxembourg-ville, la situation est différente. Les fonctionnaires veulent éviter les bouchons. Mais à Differdange, il n'y a pas de bouchons à 7 h.*
*En plus, la journée de travail ne comporte que huit heures. Si on raccourcit la pause de midi et qu'on commence à travailler plus tôt, il faudra travailler plus que huit heures.*
*(Discussions)*
*Christiane Brassel-Rausch ne se souvient plus de la deuxième question de monsieur Hobscheit.*

**PIERRE HOBSCHEIT (LSAP)** *rappelle qu'elle porte sur les visites médicales.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *explique qu'en cas de besoin urgent, une solution pourra être trouvée avec les chefs de service.*
*(Interruption de M. Tempels)*
*Christiane Brassel-Rausch signale que les collaborateurs recourent au télétravail de façon massive. Les équipes travaillent en partie à la maison et en partie au bureau. Ils disposent tous de laptops.*
*Actuellement, le télétravail est nécessaire. Plus tard, il faudra voir*

vun enger Stonn op eng hallef Stonn erofgesat gouf. Ob dat elo historesch ass, doriwwer léisst sech ganz gutt streiden. Mee firwat huet d'Delegatioun iwwerhaapt mussen déi Remark maachen, fir dass deem Rechnung gedroe gouf?

An eng lescht Fro: Firwat hutt Der decidéiert, d'Visitte beim Dokter respektiv Kiné op d'Joer gekuckt op zwieleffmol zwou Stonnen ze limitéieren? Ech weess, am Reglement steet, dass Ausnamen duerchaus méiglech sinn. Mee firwat d'Decisioun, dat esou ze limitéieren? Dat waren déi Froen a Remarken, déi ech hat. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Hobscheit. Här Tempels, wannechgelift.

**GUY TEMPELS (CSV):**

Ech hunn eng Fro, déi vläicht e bëssen an de Kader hei passt. Déi konnt ech virdru beim Budget net stellen: Den Teletravail, ass däers vill gemaach gi wärend der Covidzäit? An ass virgesinn oder ugeduecht, vläicht an Zukunft dorobber nach zréckzegräifen? Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Tempels. Här Hobscheit, ech mengen, ech hunn et virdru gesot. Zanter 2012 ass et net méi ugepasst ginn. Firwat mir dat elo maachen? Well et eng Demande war vun der Delegatioun, et endlech unzepassen. Dofir hu mer dat elo eréischt gemaach. Firwat et virdrun net gemaach ginn ass, kann ech Iech leider net soen.

Firwat net hallwer siwen? Well mer als Schäfferot dovunner ausgaange sinn, dass et an der Stad – vu dass jo alles an der Stad zentraliséiert ass, virun allem ganz vill Fonction publique –, dass d'Leit e berechtegte Grond hunn, firwat se um hallwer siwe scho wëllen an der Stad ufänken, fir deem ganze Verkéiersproblem aus de Féiss ze goen.

Wou mer hei awer elo net direkt gesinn, dass e Rush op Déifferdeng moies um siwen Auer ass oder scho vu sechs Auer un. Dat ass ee Grond, firwat mer gesot hunn, dass mer et net um hallwer siwe maachen. An deen aneren ass – ech weess, an der Fonction publique ass dat och, mee den Dag huet da méi wéi aacht Schaffstonnen. Wa mer d'Mëttesstonn kierzen, plus ufänken um hallwer siwen, da kënnt der theoreetesch méi wéi aacht Stonne schaffen.

(Diskussiounen)

Dat sinn d'Grënn, firwat mer bei siwen Auer bliwwe sinn.

Déi aner Fro, Här Hobscheit, war?

**PIERRE HOBSCHEIT (LSAP):**

Dat war déi Saach mat de Visitte beim Dokter.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

24 Stonnen.

**PIERRE HOBSCHEIT (LSAP):**

Genau.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Ganz einfach, well wann et wierklech eescht gëtt, dass d'Servicer, mam Accord vun de Chefs de service, sécher de Leit entgéintkomme wäerten.

Här Tempels, d'Fro vum Teletravail. Vum Confinement u gëtt dee massiv bedéngt. Ganz einfach, well mer eis Ekippen erëm an A- a B-Ekippen opgedeelt hunn, als Gemeng. Dat heescht, een Deel vun enger Ekipp ass doheem a schafft – also déi kënnt Der all Moment uruffen, si hunn och alleguer hir Laptoppen an alles. An déi aner Ekipp ass do.

Den Teletravail ass eng Noutwendegkeet, am Moment. Wéi dat elo virugeet, do muss ee kucken, wéi den Teletravail op nationaler Ebene, vum Gesetz hier, gereegelt gëtt. Mee elo ass en noutwendeg, am Sënn vun der Sécherheet vu jiddwerengem.

Da komme mer zum Vott.

Entschëllegt, nach ganz séier, ech hu vergiess, eppes ze soen. Mer wëllen och bei eise Salariéen de CET aféieren. Awer do kënnt en zousätzlecht Reglement no. Dat wollt ech just nach zum CET bäifügen. Merci.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le nouveau règlement interne relatif à l'horaire mobile, au compte-épargne-temps et aux congés.*

Merci. De Punkt 6a, Règlements communaux, gouf jo mat Ärem Accord erofgeholl, da géife mer direkt zum Punkt 6b kommen. An ech géif d'Wuert un d'Madamm Pregno weiderginn.

**SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Madamm Buergermeeschtesch. Dir fannt virun Iech d'Modifikatioun zum aktuelle Verkéiersreglement vun der Gemeng Déifferdeng. Eng Modifikatioun, déi knapp 30 Säiten huet. Et si siwe Parkings à mobilité réduite bäikomm. Mir kréien do ëmmer ganz vill Demanden eran. Mir hunn e Service handicap, deem ech op dëser Plaz och wéilt Merci soen, deen dat zesumme mam Mobilitéitsbüro analyséiert a kuckt, wéi mer deene Leit kënnen entgéintkommen a gegebenenfalls nei Parkplazen anzeechnen. Respektiv wann der schonn do sinn, déi da kënne benotzt ginn.

Da fannt Der eng nei Liwwerzon, déi an der Rue John F. Kennedy wäert entstoen, op der Nummer 55 a 57. Et gëtt eng gemeinsam Liwwerzon geschafen, fir de Restauranten op der Maartplaz wéi och an der Rue Emile Mark entgéintzekommen, dass si bei den aktuelle Problemer, oder soe mer, déi aktuell Erausfuerderunge vun de Liwwerungen a vum Take-Away oder éischter dann Ausliwwerungen, kënnen drop zréckzegräifen. Dat heescht, do wou aktuell déi Parkmetere stinn, géif eng Liwwerzon kommen. Déi Parkmetere réckelen e bësse weider erop op déi entgéintgesate Säit vun der Strooss. D'nämmlecht och am Ufank vun der Rue Emile Mark, do wäert d'Liwwerzon geréckelt ginn.

Da gëtt endlech de Parking vun der Villa Hadir reglementéiert. Ech denken, dass dat och dem Horesca zegutt kënnt, wann do ka méi kloer geparkt ginn an och eis Agente kënnen agräifen a verbaliséieren, wa Problemer sinn.

En anere grousse Punkt, wat scho méi laang an der Diskussioun ass, ass um Plateau Funiculaire. Wann Der laanscht den Akafszenter fuert, war et jo esou, dass Der déi zweet Strooss dann no riets agebéit sidd. Dat ass e bëssen à l'encontre vun deem, wat ee gewinnt ass ze fueren. Mir änneren dat elo esou, dass Der direkt, wann Der eropfuert, kënnt Der riets abéien an am Sens ronderëm dee Parking, deen do tëscht den Haiser ass, kënnt fueren.

Do kommen dann och dräi Kuerzzäitparkplazen hin, fir de Leit entgéintzekommen déi kuerz e klengen Akaf an d'Apdikt maachen, respektiv well d'CNS do ass. Wou jo awer vill Va-et-vient ass a wierklech do déi lescht Zäit, all Kéiers, wann ech um Site war, ech gesinn hunn, dass do „wildes Parken" war. An dat ass wierklech net ganz userfriendly. An et kommen zwou PMRs-Parkplaze bäi.

Op den Terrasses de la ville hu mer e puer Parkplaze mussen ewechhuelen. Dat, well d'Entréeë vun den Appartementshaiser zougeparkt gi sinn, an d'Leit net méi bei d'Trape respektiv mol net méi bei hir Bréifkëschte koumen. Do wäerte mer da Parking résidentiel maachen.

Grad esou, hutt Der och gesinn, dass zu Nidderkuer de Parking résidentiel wäert ausgebaut ginn. Dat war jo u sech dee ganzen hënneschten Deel vun Nidderkuer, Käerjenger Wee, Cité de la Chiers, Mathendahl I an II. Péitenger Wee a Prënzebierg hat nach kee Quartier résidentiel. An der Logik vun der ganzer Gemeng, ass Quartier résidentiel definitiv och hei sënnvoll. Tëschent moies aacht an owes sechs Auer muss mat Disk geparkt ginn, fir déi, déi da keng Vignette résidentielle hunn.

Dat waren déi Haaptpunkten. D'Verkéiersreglement war an der Mobilitéitskommissioun, an déi huet och e favor-

*comment le télétravail sera règlementé au niveau national.*
*Christiane Brassel-Rausch ajoute que le CET sera aussi introduit pour les salariés. Un règlement supplémentaire suivra.*
*(Vote)*
*Christiane Brassel-Rausch passe au point 6a, les règlements communaux.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *explique qu'il est question d'une modification du règlement de la circulation de trente pages.*
*La commune a aménagé sept places de stationnement à mobilité réduite supplémentaires. Les demandes sont nombreuses. Laura Pregno remercie le service du handicap, qui collabore avec le service de la mobilité sur ces questions.*
*Une nouvelle zone de livraison verra le jour au 55-57, rue J.-F.-Kennedy. Une deuxième zone pour les restaurants de la place du Marché et de la rue Émile-Mark est prévue dans la rue Émile-Mark. Elle permettra de répondre aux nouveaux défis que constituent les livraisons à domicile et les commandes à emporter. La zone se situera là, où se trouvent actuellement les parcmètres.*
*Le parking de la villa Hadir va être règlementé. Cela permettra aux agents municipaux d'intervenir quand il y a des problèmes.*
*Sur le plateau du Funiculaire, lorsqu'on roule le long du centre commercial, il y a deux routes sur la droite avec un parking au milieu. Le sens de circulation des véhicules dans ces deux rues va être inversé pour que le tout soit plus logique. Par ailleurs, trois places de stationnement à temps réduit permettront aux gens d'aller à la pharmacie ou à la CNS. Deux places PMR sont aussi prévues.*
*La commune a supprimé quelques places de stationnement dans les Terrasses de la Ville parce que les gens garaient leurs voitures juste devant l'entrée des immeubles. Le collège échevinal prévoit par ailleurs d'introduire le stationnement résidentiel dans le quartier.*
*Le stationnement résidentiel sera étendu à Niederkorn — dans la route de Käerjeng, la cité de la Chiers, Mathendahl I et II, la route*

*de Pétange et le Prënzebierg. Les automobilistes sans vignette devront recourir au disque de stationnement.*
*Le règlement a été avisé favorablement par la commission de la mobilité.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *constate que le règlement de la circulation est modifié. Il s'agit surtout d'aménager des places de stationnement PMR.*
*La zone résidentielle à Niederkorn est étendue.*
*Les socialistes approuvent ces mesures. Cependant, Guy Altmeisch signale que la commission a reçu un texte de trente pages sans autre explication. Il était pratiquement impossible de donner un avis. Il aurait fallu présenter le dossier et tenir un débat.*
*Le Wangert souffre depuis des années de problèmes de stationnement. Pourquoi le collège échevinal veut-il supprimer des places ?*
*Guy Altmeisch regrette que le collège échevinal n'ait pas profité de l'occasion pour règlementer les parcs de stationnement. Car actuellement, un automobiliste pourrait garer sa voiture n'importe où dans les parkings et l'y laisser pendant des années. La police ne pourrait rien y faire. Il faut que le législateur approuve un règlement.*

**NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG)** *admet que les modifications n'ont pas été présentées dans une séance de la commission. Malheureusement, il a fallu annuler la réunion à cause des mesures contre la COVID-19.*
*D'un autre côté, l'ampleur du dossier démontre que le service de la mobilité réalise un travail conséquent. Et de toute façon, les membres de la commission ne pourraient pas vérifier chaque dossier en détail.*
*Par ailleurs, si Jennifer de Vita a envoyé le dossier sans explications, elle a malgré tout précisé qu'elle était disponible en cas de questions.*
*Les écologistes approuveront les règlements.*

abelen Avis ofginn. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Pregno.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Här Altmeisch, wannechgelift.

**GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen an Dir Hären, op ronn 30 Säite gëtt d'Verkéiersreglement geännert, respektiv et kommen nei Situatiounen dobäi. An der Haaptsaach ginn nei Parkplaze fir Leit mat reduzéierter Mobilitéit geschafen. Zu Nidderkuer gëtt d'Zone résidentielle vergréissert a verschidde Liwwerplaze ginn ugepasst.

D'LSAP stëmmt dëse Moossnamen zou, muss awer follgend Bemierkung maachen: 30 Säiten Text. Mat Schëlter ass dat einfach ze verstoen. D'Membere vun der Mobilitéitskommissioun kréien deen Dossier gemailt. Ouni Erklärunge betreffend Detailer an Ursaache vum neie Reglement, solle si en Avis ofginn. Dat ass bal net ze maachen. Esou ee groussen Dossier gehéiert an eng Sitzung mat enger Presentatioun, gefollegt vun enger Diskussioun.

Dann drängt sech nach eng Fro op betreffend dem Wangert. Déi schwiereg Parksituatioun besteet säit Joren. D'Infrastruktur huet net geännert. Wou läit d'Ursaach, fir de Parkraum nach ze reduzéieren, mat zwee Anhalte- a Stationéierungsverbuetsschëlter? Och fannen ech dës Schëlter net am Drénglechkeets- respektiv an der Modifikatioun vum Verkéiersreglement erëm.

Wann ech nach eng Kéier kann op d'Verkéiersreglement zréckkommen, et wär elo de Moment gewiescht, eppes, wat ech des Ëftere gefrot hunn, fir d'Verkéiersreglement unzepassen an dat an de Parkhaiser ze applizéieren. Ech erkläre mech: Alleguer déi Parkhaiser, déi mer hunn, sinn net reglementéiert. Wat soe wëll: Et kann ee sech queesch erastellen, jorelaang drastoen, erausfueren – do ass kee Reglement. Do ka keng Police intervenéieren. Do kann ee sech op d'Handicapéierteplaze stellen.

Sou laang mir dat net am Verkéiersreglement erfaasst hunn a sou laang dat net vum Legislateur guttgeheescht ass, kënne mir do absolutt net intervenéieren, mat eisem Uerdnungspersonal. Et wier de Moment gewiescht, fir dat mat dobäizesetzen. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Altmeisch. D'Madamm Wohl, wannechgelift.

**NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG):**

Effektiv, alleguerten déi Changementer waren net an enger presenzieller Mobilitéitskommissioun. Dat ass kloer. Och war virgesinn, fir iwwert de Parking résidentiel zu Nidderkuer ze diskutéieren. Mir hunn awer leider mussen déi Reunioun ofsoen, well se an engem Raum virgesi war op der Gemeng, wou mer wéinst der grousser Unzuel vu Leit, déi mer sinn, net hätte kéinten ënnert den aktuelle Konditiounen dat maachen. Dofir hu mer dat dunn op déi dote Manéier gemaach.

Anerersäits wollt ech soen: Wann ee kuckt, Här Altmeisch, wéi Dir elo grad gesot hutt, wéi vill Saachen do ze kucke sinn, da gesäit een, wéi vill de Mobilitéitsservice schafft. An ech gesinn eis schwéier, all eenzel Saach do all Kéiers alles mussen ze kucken. Dat schéngt mer awer schwéier realisabel.

Da wëll ech och nach soen, dass mer dat zwar ouni Erklärung, oder mat enger klenger Erklärung, vum Jennifer Di Vita geschéckt kritt hunn, dass et sech awer och disponibel gewisen huet, fir wa mer Froen hätten. Dat wollt ech hei soen.

Mir stëmmen déi Reglementer.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Wohl.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Här Muller, wannechgelift.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Mir schwätze jo elo vum Parking résidentiel Nidderkuer. Et ass mer opgefall, bei der Cité Honsbësch, do besteet dat nach net. Dat ass jo och Nidderkuer. An do ass e klenge Parking, wou eng Dosen Autoe kënne stoen. An dee gëtt zimmlech wëll do besat. Et wär gutt, wann een an enger nächster Etapp géif drun denken, fir och déi Plaz ze reglementéieren. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Muller. Da komme mer zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la modification du règlement de circulation.*

Den nächste Punkt, de 6c, dat ass en neit Terrassereglement. Wat nei ass: D'Terrasse bleiwen d'ganzt Joer op. Mer probéieren, dass se d'ganzt Joer iwwer op bleiwen, just mat verschiddenen Horairen.

Vum 1. Mäerz bis den 31. Oktober kënne se bis 23 Auer op bleiwen. Wat awer net heescht, dass dierf Kaméidi si bis 23 Auer! Well d'Polizeigesetz seet, um 22 Auer muss et roueg sinn. Am Wanter bleiwe se op bis 19 Auer. Wa se am Wanter net gebraucht ginn, mussen d'Leit d'Saachen eranhuelen. Am Summer kënne se se stoeloossen.

Wat och nei ass: D'Autorisatioun muss net méi all Joer frësch ugefrot ginn. Déi geet automatesch weider bis – dat gesitt Der bei der Caducité –, entweeder den Exploitant changéiert, oder …

(Ënnerbriechung)

Also déi leeft virun.

Dann hu mer eng kleng Erliichterung gemaach, wat de Mobilier ubelaangt. Eis ass scho wichteg, dass dee soll uniform a schéi sinn. Mee et gëtt mëttlerweil esou modern, flott Saachen, do hu mer am Fong gesot, „l'apparence devra s'intégrer dans l'architecture du quartier concerné". Dat heescht, do hu mer eng kleng Ouverture gemaach.

Musek dierf dobausse sinn, ëmmer nom Polizeireglement, mat den Dezibel. Déi ganz kleng Terrassen, inférieures à 50 m$^2$, däerfe keng Musek dobaussen. Bei deenen Terrasse supérieures à 50 m$^2$ ass Musek toleréiert, sous respect des dispositions du règlement de police traitant. Dat heescht, et däerf net ze haart sinn. Dat huet schonn eng gewësse Lautstäerkt.

Wéi gesot, d'Autorisatioune si fir allegueren déi Terrassen, déi visiblement op den Espaces publics sinn. Do wäerte mer bei den Taxen nach eng Kéier drop zréckkommen, fir déi Terrassen, déi banne sinn. A well déi Autorisatioun weiderleeft, souwuel wat d'Autorisatioun wéi de Mobilier ugeet, kënnen d'Police oder eis Agenten zu egal wat fir enger Zäit dat kontrolléieren.

Ech erënneren drun, dass mer, ier de Covid war, alleguer de Bistrotiere geschéckt haten, dass se mussen hir Terrasse propper halen, mat den Zigarettestëmp a mam Dreck. Bei engem gudden Deel vun de Bistrotieren ass dat ganz gutt ukomm. Ab den 1. Januar 2021 soll et gëllen. A si hu bis den 1. Mäerz Zäit, fir et ganz ëmzesetzen.

Dat zum Terrassereglement. Här Altmeisch, wannechgelift.

**GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen an Dir Hären, nodeem ech mech mat deem neie Reglement befaasst hunn, stellen ech fest, dass dëst Reglement méi Fräiheete garantéiert bei der Gestaltung vun den Terrasse vun eise Bistroen oder eise Restauranten. Eng flott an attraktiv Terrass dréit zum positive Bild vun eiser Stad bäi. D'LSAP hofft, dass mer an der Gemeng 2021 nach Restaurante respektiv Bistroen hunn, déi vun dësen neie Reglementer kënne profitéieren. Ech soen

**ERNY MULLER (LSAP)** *revient sur le stationnement résidentiel à Niederkorn. Il n'a pas encore été introduit dans la cité Honsbësch. Or dans ce quartier, les automobilistes se garent n'importe comment sur le petit parking. Il faudrait penser à règlementer ce site.*
*(Vote)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *passe au règlement des terrasses. Celles-ci pourront rester ouvertes jusqu'à 23 h du 1er mars au 31 octobre. Cependant, le règlement de police stipule que tout bruit doit cesser à 22 h.*
*En hiver, les terrasses sont ouvertes jusqu'à 19 h.*
*Les autorisations ne doivent plus être demandées tous les ans. Elles sont automatiquement reconduites.*
*(Interruption de M. Ulveling)*
*En ce qui concerne le mobilier, Christiane Brassel-Rausch signale qu'il doit être uniforme et beau. Le règlement stipule que « l'apparence devra s'intégrer dans l'architecture du quartier concerné ».*
*La musique est autorisée à l'extérieur pour les terrasses de plus de 50 m$^2$, mais les décibels permis sont fixés dans le règlement de police.*
*Les autorisations concernent toutes les terrasses dans les espaces publics. La police et les agents municipaux peuvent effectuer des contrôles à tout moment.*
*Avant la pandémie, la commune avait écrit aux cafetiers pour leur demander de garder leurs terrasses propres.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *constate que le nouveau règlement consent davantage de libertés pour l'aménagement d'une terrasse. Il ajoute qu'une terrasse chouette et attractive améliore l'image de la ville. Il espère qu'en 2021, il y aura encore des restaurants et des cafés pour profiter du nouveau règlement.*

*Les socialistes approuveront le règlement.*

**GUY TEMPELS (CSV)** *salue le nouveau règlement. Il espère que la situation va s’améliorer en ce qui concerne les mégots de cigarette devant les portes et sur le trottoir.*
*(Vote)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *passe aux nuits blanches et aux kermesses.*
*(Vote)*
*Christiane Brassel-Rausch passe aux règlements temporaires de circulation.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *signale qu’il s’agit des règlements temporaires habituels pour l’entretien, le bétonnage ou les bennes.*
*Elle mentionne les travaux dans la rue Pierre-Gansen concernant le pont des CFL.*
*L’arrêt de bus du Kondel est déplacé dans l’avenue Charlotte à cause du chantier de la rue Pasteur.*
*Un espace de livraison sera aménagé jusqu’au 20 décembre dans la rue de la Grève-Nationale pour soutenir les restaurateurs face à la COVID-19.*
*(Vote)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *passe à la dénomination de rues et d’arrêts de bus.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *précise qu’il s’agit de cinq arrêts de bus et d’une rue. Les conseillers communaux disposent du rapport du groupe de travail. Laura Pregno remercie toute l’équipe.*

Iech Merci. A mir wäerten dat Reglement stëmmen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Altmeisch. Här Tempels, wannechgelift.

**GUY TEMPELS (CSV):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Mir begréissen dat neit Reglement. A mir sinn och ganz frou iwwert déi Situatioun, déi sech elo hoffentlech wäert verbesseren, mat deene Fumoiren, déi virun der Dier sinn, an deene Kéip Zigarettestëmp, déi heiansdo um Trottoir oder op der Strooss leien. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Tempels. Da géife mer zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide à l’unanimité d’approuver le nouveau règlement sur les terrasses et la charte de bonne conduite y relative.*

De Punkt 6d sinn déi offiziell Fräi Nuechten, Nuit-blanchen, mat de Kiermessen. Ech denken, ech brauch do net vill ze erklären. Da géife mer direkt zum Vott iwwergoen.

*Le conseil communal décide à l’unanimité d’approuver le relevé des nuits blanches officielles pour l’année 2021.*

Dann hu mer de Punkt 6e. Dat si Réglements temporaires de circulation. An ech géif d’Wuert erëm un d’Madamm Pregno ginn.

**SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Madamm Buergermeeschtesch. Dir fannt erëm eng ganz Rei Drénglechkeetsreglementer. Nieft deenen übleche Saachen, déi mer ëmmer erëm erëmfanne vun Entretien, Betonnage, Bennen, si vläicht dräi Reglementer, déi ech wëll ervirhiewen. Dat sinn nach ëmmer Aarbechten an der Rue Pierre Gansen. Wou un der Bréck geschafft gëtt vun der CFL. E leidegt Theema fir de Quartier, mee et muss gemaach ginn.

Dann en Deplacement vun engem Busarrêt duerch de Chantier an der Rue Pasteur. Wou de Busarrêt vun der Kondel an d’Avenue Charlotte deplacéiert gëtt.

An e lescht Reglement. Fir dem Horesca-Secteur, wéinst de Restriktiounen zur aktueller Covidlag entgéintzekommen, maache mer eng Liwwerplaz fir Restauranten, entre guillemets, an der Rue de la Grève Nationale. Bis den 20. Dezember elo mol an éischter Linn. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Pregno. Keng weider Wuertmeldung? Da gi mer zum Vott iwwer.

*Le conseil communal décide d’approuver les règlemente temporaires de circulation.*

De Punkt 7 ass Denominatioun vun de Stroossen a vun eise Busarrêten. An ech ginn d’Wuert weider un d’Madamm Pregno.

**SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Rausch. Et geet hei ëm fënnef Busarrêten an eng Strooss, wou sollen Nimm geännert gi respektiv en neien Numm fonnt ginn. Am Dokument ass de Rapport vum Grupp Stroossennimm. Wou parteiiwwergräifend geschafft ginn ass, fir déi Nimm virzestellen a virzeschloen. An ech géif e ganz grousse Merci un déi Ekipp ginn. An ech ginn och dem Jerry Hartung d’Wuert fir d’Presentatioun vun dësem Rapport. Villmools merci.

**JERRY HARTUNG (CSV):**

Merci. Op Demande vum Schäfferot huet sech de Grupp fir d'Stroossennimm eng éischte Kéier den 23. September gesinn, wou all Partei duerch ee Vertrieder a ganz flotter konstruktiver Zesummenaarbecht Iwwerleeungen an Iddien zu enger gemeinsamer Propos konnt bäisteieren. E grousse Merci un de Service Mobilitéit, deen a gudder Viraarbecht fir ons schonns Dokumenter zu de besteeënde Busarrête preparéiert hat.

No engem Austausch mam Schäfferot huet de Grupp sech de 26.10. nees getraff, wou mir dës Proposen, déi mer haut hei virleien hunn, all unanime approuvéiert hunn.

Bei de Busarrêten hu mer ons Krittäre ginn, datt d'Nimm de Leit sollen hëllefen, sech gutt erëmzefannen – dat läit jo op der Hand – an e Bezuch op aktuell oder historesch Gegeebenheeten, déi an der direkter Noperschaft sinn, sollen hunn.

D'Virschléi fir d'Busarrête si follgend. Ech maachen elo e bësse méi séier. Um Fousbann: „Hansen" géif duerch „Henri Grey" ersat ginn. Ugeleent un d'Cité Henry Grey niewendrun. „Profi" géif duerch „Jugendfabrick" ersat ginn. Vu datt d'Jugendfabrick jo wierklech en Aushängeschëld fir e flott Jugendhaus ass an ënner anerem vill Jonker mam Bus fueren, huet sech dëst fir ons opgedrängt.

Zu Uewerkuer géif „Luna" den Arrêt „Dalscheidt" ersetzen. Den Arrêt läit direkt beim Lunasterrain. Zu Nidderkuer an der Avenue de la Liberté, wou fréier de „WAKO" war an d'Haltestell dësen Numm nach ëmmer hat, soll déi an Zukunft „Honsbësch" heeschen. Am Zentrum an der Grousstrooss war den aktuellen Numm „Fonds de Logement". Do ware mer ons all séier eens, datt mer dësen ëmbenenne wëllen. Dee soll an Zukunft Arrêt „Grousstrooss" heeschen.

Da gouf en Numm fir d'Strooss beim neie CID zu Nidderkuer gebraucht. De Flouernumm konnt ee leider net méi huelen. Et wär soss gären eng Verwiesslung mat der Cité op Lauterbänn komm zu Nidderkuer. An Nimm vu Leit wëlle mer jo evitéieren. Vu datt hei jo den Atelier fir d'Gemeng hikënnt a mer elo schonns soen: „Mir ginn an den Atelier", wor d'Propos noleiend mat Rue de l'Atelier.

Ofschléissend dann nach ze bemierken, datt mer am Hannerkapp hunn, fir déi kommend nei Stroossen eisen zwou neie Partnerstied Ohio a Penzberg, wéi och eisem fréiere Buergermeeschter Nicolas Eickmann ze widmen. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Hartung. Wa keng Wuertmeldung méi do ass, da komme mer zur Ofstëmmung.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les dénominations de rues et d'arrêts de bus.*

Da si mer um Punkt 8, Changementer an eise Kommissiounen. Do ass vun der grénger Partei erakomm, dass d'Madamm Florence Bordez duerch den Här Naim Bouhraoua ersat gëtt an der Logementskommissioun. An dass d'Madamm Nicole Wohl duerch den Här Arsène Schmit ersat gëtt als President vun der Mobilitéitskommissioun. An d'Madamm Wohl bleift awer als Member an där selwechter Kommissioun.

Dann ass dat ugeholl.

*Le conseil communal approuve à l'unanimité des les changements au sein des commissions consultatives.*

Elo géife mer zu de Froe kommen. Fir d'éischt den Här Diderich an dann den Här Bertinelli.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Ech hat déi eng Fro d'leschte Kéier gestallt, Dir hutt d'schrëftlech Äntwerte geschéckt. Vläicht kënnt Der dozou nach e puer Wuert soen. Op jidde Fall ass et esou am Gemengereglement vir-

**JERRY HARTUNG (CSV)** *explique que le groupe de travail s'est réuni une première fois le 23 septembre sur demande du collège échevinal. Chaque parti y est représenté. La collaboration a été constructive. Jerry Hartung remercie le service de la mobilité pour les documents fournis.*
*Le collège échevinal s'est réuni à nouveau le 26 octobre en présence du collège échevinal pour approuver les propositions.*
*En ce qui concerne les arrêts de bus, les noms doivent permettre aux usagers de s'y retrouver. Ainsi, l'arrêt de bus à côté de la cité Henri-Grey s'appellera Henri-Grey, celui à côté de la maison des jeunes s'appellera Jugendfabrick, celui à côté du terrain de football du Luna à Oberkorn s'appellera Luna et celui dans l'avenue de la Liberté, là où se trouvait WAKO, s'appellera Honsbësch. L'arrêt dans la Grand-rue deviendra quant à lui l'arrêt Groussstrooss.*
*Ensuite, la rue menant au futur CID à Niederkorn avait besoin d'un nom. Le groupe de travail ne voulait pas donner le nom d'une personne à cette rue. Finalement, il a proposé le nom de rue de l'Atelier.*
*Le groupe de travail a aussi l'intention de dédier les prochaines rues aux villes partenaires de l'Ohio et de Penzberg et à l'ancien bourgmestre Nicolas Eickmann.*
*(Vote)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *passe aux changements dans les commissions. Pour les écologistes, madame Florence Bordez est remplacée par monsieur Naim Bouhraoua au sein de la commission du logement. Monsieur Arsène Schmit devient président de la commission de la mobilité au lieu de madame Nicole Wohl, qui reste simple membre.*
*(Vote)*
*Christiane Brassel-Rausch passe aux questions.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *souhaite revenir sur une question qu'il a posée la dernière fois et pour laquelle il a reçu une réponse par écrit.*

*Mais avant, il signale avoir introduit plusieurs questions pour cette séance.*
*Le 6 mai, monsieur Meisch a demandé des informations concernant les terrains de Saulnes. En effet, il avait remarqué que ces terres étaient cultivées, mais pas par la commune. La réponse de monsieur Ulveling avait été différente de celles de monsieur Schwachtgen et de madame Pregno. Gary Diderich demande s'il existe un contrat de louage. Y a-t-il eu des modifications au dernier moment comme Gary Diderich l'a entendu ? Pourquoi ?*
*Le conseil communal n'a pas été informé clairement. Monsieur Schwachtgen a expliqué que le contrat de louage arriverait à échéance dans trois ans. Est-ce la vérité ?*
*Le terrain est-il exploité actuellement par le fermier français avec qui le contrat de louage a été conclu ? D'autres agriculteurs sont-ils impliqués ? Car la loi française n'autorise pas la sous-location en agriculture.*
*Gary Diderich se demande aussi s'il n'aurait pas été opportun de planter des fleurs sur cette prairie. Actuellement, il est question de culture de légumes, mais le terrain est énorme. Il fait 55 ha. Or tout le Luxembourg cultive des légumes sur 90 ha.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *remercie monsieur Diderich pour la pertinence de ses questions. Il les a parfaitement organisées. Laura Pregno essayera d'y répondre tout aussi clairement.*
*Il existe deux contrats : le premier avec Orange France jusqu'en 2024 et le deuxième avec la SCEA de la Quarelle portant sur trois ans. Cela explique sans doute les propos de monsieur Schwachtgen rapportés par monsieur Diderich concernant un autre accord. Il s'agit d'un accord tacite. L'homme en question partira à la retraite et n'a donc pas l'intention de continuer à travailler pendant des années.*
*Pour le moment, il n'existe pas de promesses concernant l'exploitation de ces terrains au bout de trois ans.*
*En France, la Société d'aménagement foncier et d'établissement ru-*

gesinn. Also am Règlement d'ordre interne vun eisem Gemengerot.

Elo wollt déi Froen, déi ech schrëftlech fir dës Sëtzung eraginn hat, vläicht kuerz virdroen. De 6. Mee hat de Conseiller Fränz Meisch gefrot gehat, wat mat den Terrainen ass, déi mer kaf hunn zu Saulnes. Een Deel vun deenen 115 Hektar ass jo agricole. Also do kann direkt kultivéiert ginn. 55 Hektar. An dem Här Meisch war do opgefall, dass schonn drop bewirtschaft gëtt, awer net vun der Gemeng.

Do gouf et kontradiktoresch Äntwerte vum Här Ulveling par rapport zu deem, wat den Här Schwachtgen respektiv d'Madamm Pregno gesot hunn. Dofir wollt ech do nach eng Kéier nofroen. An och vläicht d'Pièce kréie vun de Kontrakter, déi do bestinn.

Déi éischt Fro ass: Besti Pachtverträg? Wéi laang daueren déi nach? A sinn déi zwëschent dem Compromis an dem finale Vott nach schnell gewiesselt ginn? Wat mengen Informatiounen no de Fall soll gewiescht sinn. A firwat? A ware mir do au courant, also Dir als Schäfferot? Mir als Gemengerot sinn do, mengen ech, net explizitt driwwer informéiert ginn. Den Här Schwachtgen hat gesot, no dräi Joer, wa mir da prett wären, fir eppes mam Terrain ze maachen, da géif dee Pachtvertrag opgeléist ginn oder da géif en auslafen. Hu mer eng schrëftlech Confirmatioun dovunner? Ass dat wierklech esou?

An dann, well dovunner rieds war, dass am Moment deen Terrain bewirtschaft gëtt, gëtt dee bewirtschaft vun deem Bauer aus Frankräich, iwwert deen de Pachtvertrag leeft? Oder vun anere Baueren? Well no franséischem Recht ass et esou, dass een am Fong keng Sous-Locatioun vun engem Pachtvertrag ka maachen an der Agrikultur. Dofir hunn ech mech dat gefrot.

A finalement: Wär et net méi opportun fir eis, am Kader vun dem TNT, éischter a Richtung Blummewiss ze goen, wéi elo do Monokultur ze planzen? Dat ass an deem Sënn e bësse schued. Quitte, dass ech awer mëttlerweil och weess, dass am Vertrag festgehale soll sinn, dass dat biologesch, ouni mineraleschen Dünger, soll oflafen.

An da wollt ech nofroen, wou d'Aarbechten dru sinn um Terrain. Ob schonn Etüde gemaach gi sinn, fir ze wëssen, wat mer mat deenen Terraine wäerte maachen. Do ass vu Geméisbau rieds gewiescht. Wat awer natierlech och en enormen Terrain ass. Zu Lëtzebuerg gëtt op 90 Hektar Geméis ugebaut am gesamte Land. Wa mir op eemol op 55 Hektar Geméis ubauen, da si mer do jiddefalls ganz vir bäi.

Dat ware meng Froen. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Diderich. Ech géif fir Äntwert d'Wuert un d'Madamm Pregno weiderginn.

**SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci. Merci, Här Diderich, fir déi Froen, déi ganz pertinent sinn a virun allem schéin, och wéi se opgestallt sinn. Well dat ass ganz schéin organiséiert. Ech wäert dann och esou organiséiert probéieren, drop ze äntweren.

Déi éischt Fro, ob et Kontrakter gëtt: Jo, et gëtt der. An direkt op déi zweet Fro, wéi eng dat sinn: Et sinn zwee Stéck u sech. Eng Kéier e Kontrakt mat Orange France, deen eng Durée huet vun 12 Joer. Deen huet ugefaangen 2002.

An deen anere Kontrakt, deen drop ass, dat ass e landwirtschaftleche Contrat de bail mat der SCEA De la Quarelle, déi gesot huet, dass se wäert an dräi Joer ophalen. Dohier kommt Der warscheinlech un deen Accord, wou Der do sot, wat den Här Schwachtgen gesot huet. Dat ass en Accord tacite, well dee Monsieur dann dee Moment wäert an d'Rent goen. Deen huet net wëlles, nach jorelaang weider ze schaffen.

Et gëtt weider keng Promessen, weeder schrëftlecher nach mëndlecher, wien no deenen dräi Joer soll déi Terraine kënne bewirtschaften. Firwat déi nach ëmmer bewirtschaft ginn, ass interessant ze wëssen. Et ass esou, dass a Frankräich, fir kënnen eng Vente vu landwirtschaftlechen Terrainen ze maachen,

gëtt et d'Safer. Dat ass d'Société d'aménagement foncier et d'établissement rural. Déi u sech en A op all déi Handlungen huet. Mir hunn déi Terraine louéiert kaf. An et ass wichteg, dass een déi weider an deem Bail léisst, fir dass d'Safer déi Vente net ka casséieren, seet een op Franséisch, ka futti maachen, andeems se seet, do muss awer nach Landwirtschaft drop gemaach ginn.

Wien däerf op deen Terrain goen a virun allem, wat d'Maschinnen ugeet? Et gëtt e Chemin d'accès, dee mat enger Barriär zou ass. De Schlëssel huet sécherlech de Locataire. Dat ass jo logesch, well dee muss jo och op den Terrain kommen, fir en ze bewirtschaften. Souwäit ech awer weess, huet och nach de Fierschter e Schlëssel an d'Leit vum Roudenhaff, wann ech mech net ieren, well dat de Wee ass, fir bei d'Päerdswisen ze kommen. A mir selwer hunn natierlech och de Schlëssel.

Et ass e bewirtschaften Terrain, dee scho virdru bewirtschaft war. Et gëtt Luzerne fir de Moment drop ugebaut. An et ass u sech de Locataire, deen decidéiert huet, dat drop ze maachen. Dee kann zu all Moment verschidden Aarbechten delegéieren. Awer net souslouéieren. Et ass keng Sous-Locatioun. Mee am landwirtschaftleche Milieu ass et awer Usus, dass een e Stéck vun den Aarbechte sous-traitéiert. Dat heescht, et seet een engem anere Bauer oder et gëtt een engem anere Bauer den Optrag, do zum Beispill ze ernten oder ze séien oder een Deel vun der Aarbecht ze maachen.

Et ass awer ëmmer ganz wichteg, dass een net dee ganzen Zyklus vun engem anere maache léisst. Well no franséischem Recht kéint dann dee Bauer, deen dee ganzen Zyklus eng Kéier duerchgemaach huet, dat heescht de Buedem ëmgedréit huet, geséit huet, geerntet huet, säi Recht op deem Terrain gëlle loossen. Wat hei net de Fall ass.

De Monsieur, deen dat lount, gëtt dat stéckelchersweis weider. Einfach aus deem Grond, well de Monsieur ronn 50 km ze fueren huet bis heihinner. An an där Geschwindegkeet, déi en Trakter zréckleet, ass dat relativ beschwéierlech. A well aner Leit hei aus der Regioun drun interesséiert waren. Well mer klimabedéngt ganz dréche Summeren haten, wou Leit hei an der Géigend net genuch konnten ernten, ware se frou, kënnen do schaffen ze goen an dat dee Moment als Sous-Traitance ze huelen.

Wär et net méi sënnvoll, eng Blummewiss ze maachen? Jo, vläicht. Allerdéngs ass Landwirtschaft e Beruff. An domadder si Leit, déi hir Sue verdéngen. An déi e Stéck vun engem Betrib jo matféieren. Wa Luzerne ugebaut gëtt, dann ass dat jo u sech och Fudder fir Déieren. Soudass dat natierlech och sënnvoll ass. An ech mengen, wéi Der selwer sot, si mer jo en accord mam Bauer, dass hei keng Pestizide benotzt ginn. Et ass zwar Monokultur, jo, mee vu dass keng Pestizide benotzt ginn, fannt Der an der Luzerne nach sou munch anert Gras oder Grieser oder Blummen oder wat och ëmmer.

Wéi eng Mesuren ënnerhëlt d'Stad Déifferdeng, fir ze kucken, wat mat deenen Terraine wäert geschéien? Mir hunn am Moment schonn een Dokument do leien, also een Dossier, wann ech mech net ieren, vun enger belscher Entreprise. Déi gewëllt wär, e Konzept oder eng Analys vun den Terrainen ze maachen, wat ee wou kéint ubauen. A wéi eng Partië vläicht fir deemno wéi eng Zort Geméis oder Getreide méi sënnvoll wären. Mir wollten eis awer net just op een Dokument oder op een Devis baséieren. Mir hätten nach gären e puer aner Offeren. An déi sinn, fir de Moment, nach net do. Dat heescht, de Moment hu mer nach net méi Konkretes wéi elo just deen een Devis um Dësch leien.

Ech hoffen, ech hunn elo op alles geäntwert. A wann net, dann zéckt net, nach eng Géigefro ze stellen. Ech kommen dann nach gär méi explizitt op deen een oder anere Punkt zréck. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Pregno. Den Här Ulveling hat d'Wuert gefrot. An dann den Här Diderich.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Jo, well ech perséinlech ugeschwat si ginn. Ech wëll just kloerstellen, mir hu keng falsch Informatioune ginn oder

*ral surveille toutes les ventes de terrains agricoles. La Ville de Differdange a acheté ces terrains alors qu'ils étaient en location. Ce bail doit se poursuivre pour éviter que la Safer ne casse la vente.*
*Le terrain est accessible par un chemin fermé par une barrière, dont le locataire a sans doute la clé. Par ailleurs, le garde forestier, la commune et les gens du Rouden Haff ont aussi une clé.*
*Il s'agit d'un terrain agricole qui était exploité déjà avant. C'est au locataire de décider ce qu'il souhaite cultiver. Le locataire peut déléguer certaines tâches, mais pas sous-louer le terrain. En d'autres termes, un agriculteur peut demander à un autre agriculteur de cultiver une partie d'un terrain.*
*Le locataire sous-traite le travail parce qu'il habite à cinquante kilomètres et qu'il n'est pas évident de se déplacer en tracteur sur de telles distances. Des agriculteurs de la région étaient contents de pouvoir exploiter ces terrains à cause des étés secs.*
*En ce qui concerne la prairie fleurie, Laura Pregno comprend la remarque de monsieur Diderich. Mais l'agriculture est un métier permettant à des gens de vivre. En plus, la commune dispose d'un accord avec le fermier interdisant l'utilisation de pesticides. Il est vrai qu'il s'agit d'une monoculture, mais à côté de la luzerne, on trouve aussi des herbes et des fleurs.*
*Pour ce qui est de la future affectation de ces terrains, la Ville de Differdange dispose déjà d'un document. Une entreprise belge est disposée à analyser le terrain pour voir ce qu'on peut y cultiver. Cependant, le collège échevinal ne veut pas se contenter d'un seul devis et attend d'autres offres. Mais pour le moment, le premier devis est le seul document concret.*
*Laura Pregno demande à monsieur Diderich de ne pas hésiter à lui poser d'autres questions.*

**TOM ULVELING (CSV)** *rappelle qu'il a été nommé dans la discussion. La dernière fois, il n'a pas fourni de réponse contradictoire.*

*Il a simplement dit qu'en France, il est interdit de rompre un contrat de fermage avec un agriculteur contrairement au Luxembourg. L'agriculteur peut continuer aussi longtemps qu'il en a envie.*
*Pour le reste, le propriétaire du terrain cèdera ses droits à la Ville de Differdange.*
*Tom Ulveling signale par ailleurs que la commune envisage de déposer la terre du site du futur CID sur les terrains en France. Il s'agira de 300 camions de bonne terre pour le maraichage. Cependant, la commune aura besoin de l'autorisation de l'Élysée.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *revient sur les propos de madame Pregno concernant les analyses. A-t-on déjà réfléchi à l'organisation ? Qui s'occupera de l'exploitation ? La commune, des fermiers locaux, le CIGL… ?*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *explique que le collège échevinal a des idées, mais rien de concret. Comme l'a dit monsieur Diderich, le terrain est grand. Il faudra voir quelle partie sera destinée au maraichage et quelle partie à d'éventuels autres projets.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *doit corriger une erreur concernant les changements dans les commissions. Madame Bordez n'est pas remplacée par monsieur Bouhraoua au sein de la commission du logement, mais de la commission sociale.*
*Christiane Brassel-Rausch revient aux questions de monsieur Diderich.*
*(Discussions)*
*Christiane Brassel-Rausch rappelle que monsieur Diderich a posé trois questions la dernière fois. Le collège échevinal a répondu par écrit à la première. Il en reste deux.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *voudrait énoncer les questions.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *n'y voit pas d'inconvénient.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *rappelle que la première question concernait les contrats de bail du SIKOR,*

géigesätzlech Duerstellungen. Ech hu just gesot, dass den Nottär gesot hätt, wann een eng Kéier e Bail a Frankräich huet als Fermier, fir de Fermage, dann ass deen net kündbar. Net wéi hei zu Lëtzebuerg. Wann een hei eppes keeft, da kann een deen no e puer Joer kënnegen. Mee dat ass a Frankräich net de Fall. Dat huet een am Fong à vie. Sou laang een eng Exploitatioun huet an dat och wëll maachen, kann een een net erausgeheien. An dat anert war och eng Fro vun deem Mann, deen eis dat alles verkaf huet, dee seng Rechter dann un eis oftrëtt no deene puer Joren, an da kënne mir dat iwwerhuelen.

Ech wollt awer nach zousätzlech soen, well dat och dozou gehéiert, dass mer amgaang sinn, Iwwerleeungen ze maachen, fir dee gudde Buedem, dee mer beim Ausschachte vum CID kréien, wa mer dee bauen, eventuell do ze deponéieren. Dat sinn ëmmerhin eng 300 Camione Buedem. Well dee Buedem ass relativ schlecht, fir do Maraîchage ze maachen. Dofir wär et eng Iddi, fir dee gudde Buedem do ze entredeposéieren, anstatt dass mer deiert Geld musse bezuelen, fir dass een e fortféiert. Dat si mer amgaang ze kucken. Well fir op franséischem Territoire eppes ze deposéieren, musse mer den Elysée nach froen, ob déi d'accord sinn. Da ass eng Iddi, déi mer hunn, da kéint ee kucken, wann dat méiglech wär, ob een dat mécht oder net. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ulveling. Här Diderich, wannechgelift.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Ech wollt nach nofroen, bei der leschter Fro, do hutt Der iwwert d'Analyse geschwat. Gëtt et Iwwerleeungen, wéi dat organisatoresch vun der Aarbecht hier ze bewierkstellegen ass? Well dat si jo awer enorm Gréissten. Ass et d'Gemeng selwer, déi do ubaut oder sinn et lokal Baueren oder de CIGL? Oder mat wiem gëtt do zesummegeschafft? Dat hat ech mat där Fro gemengt.

**SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Ech huele mer mol einfach d'Wuert, Madamm Buergermeeschtesch. Mir hu scho verschidde Saachen ugeduecht. Et ass awer elo nach guer näischt Konkretes. Vu dass mer net genau wëssen – wéi Dir virdru sot, et ass e groussen Terrain –, wéi vill herno Maraîchage ass a wat vläicht vu Projet sech kann drop entwéckelen. Mer hunn Usazpunkte vun Iddien. Awer mir hunn nach mat kengem Partner konkreet Gespréicher opgeholl.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Pregno. Da géif ech zréckkommen op d'Kommissiounen. Ech muss nach eppes verbesseren, d'Madamm Florence Bordez gëtt net an der Logementskommissioun ersat, mee an der Sozialkommissioun vum Här Naim Bouhraoua ersat. Dat ass falsch notéiert hei. Dat musse mer rektifizéieren. Merci.

An da géife mer op d'Beäntwerte vun Ärer Fro kommen, Här Diderich. Dir hat d'leschte Kéier Froe gestallt. Dass mer Iech eng Äntwert dorobber ginn. Dofir géif ech der Madamm Pregno dann och d'Wuert ginn. Dir hat der dräi gestallt. Eng dovunner ass schrëftlech beäntwert ginn. Dat hutt Der gëschter geschéckt kritt. An da bleiwen der nach zwou ze beäntwerten. Wat mer haut wéilten nohuelen.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Soll ech déi nach eng Kéier stellen oder geet d'Wuert direkt un d'Madamm Pregno?

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Et ass wéi Der wëllt. Stellt se nach eng Kéier, da weess erëm jiddwereen, ëm wat et geet.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Okay. Also déi eng Fro, déi schrëftlech beäntwert ginn ass, dat ass déi vum SIKOR gewiescht, wou Contrat-de-bai-

le waren. Wou ënner anerem déi Persoun, den ehemolege Buergermeeschter, selwer am SIKOR war, wéi decidéiert ginn ass, dass eng ASBL Subside kritt, fir dann de Loyer bei him privat ze bezuelen. D'Äntwerte si jo komm. Ech soe se kuerz. Well am Reglement steet, dass dat soll am Gemengerot stattfannen, wann Dir dat elo net … Dat heescht, do ass d'Informatioun schrëftlech komm, dass do 2.500 Euro Loyer all Mount bezuelt ginn zënter 2012. An dass déi ASBL dann iwwert de Wee vum SIKOR d'Hallschent dovunner bäigeluecht kritt.

A bei deem anere Gebai, do gëtt fir d'Croix Rouge, fir d'Épicerie sociale de Loyer ganz iwwerholl. Dat ass, mengen ech, méi e klenge Loyer.

Ech denken, dass een do muss elo ganz gutt analyséieren, wat mat deenen Informatioune muss geschéien. Well fir mech ass dat kloer en Interessenskonflikt, wat do geschitt ass. An do musse mir als Déifferdenger Gemeng och kucken, wat mir do musse maachen.

Dann zu där anerer Geschicht. Do hat ech gefrot vis-à-vis vun der Garage Collé, déi scho laang besteet, huet de Collé jo eng nei Tankstell gebaut. An zur Käerjenger Säit hin, si Parkplaze gebaut ginn. An déi Parkplaze sinn, ech géif elo soen zwee Drëttel vun der Fläch oder een Drëttel, mee se sinn op jidde Fall net integral op deem Terrain, deen en zur Verfügung gestallt kritt huet. Meng Fro ass: Wéi soll dat gereegelt ginn? Ass eng Enquête gemaach ginn? Vu wéi enger Fläch schwätze mer genee? A wéi reegele mer dat?

An déi lescht Fro, déi ech gestallt hunn, do hunn ech och elo de Fuedem verluer …

#### BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

War et net den Arboretum?

#### SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Nee, den Heliosmart.

#### BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Den Heliosmart.

#### GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

A jo, den Heliosmart. Do hat ech a priori eng Äntwert kritt. Mee vläicht gëtt et elo méi Detailer, wou déi Konstruktioun drun ass. Also firwat do nach ëmmer net ugefaange ginn ass mat Bauen. Dat ass jo elo scho Joren hier, wou d' Spillplaz deplacéiert ginn ass. Mir haten de PAP scho korrigéiert hei. Dat waren d'Froen.

#### BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Diderich. Fir d'Äntwerte ginn ech d'Wuert zügeg un d'Madamm Pregno weider.

#### SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Villmools merci, Madamm Buergermeeschtesch. Wat den Heliosmart ugeet, do ass et esou, dass se an de Startlächer sinn. D'Baugeneemegung feelt just nach, de Certificat de performance énergétique. Wa mer dee bis eraginn hunn, misst d'Baugeneemegung nach Enn dëses Joers erausgoen. Soudass deem weider näischt am Wee steet.

Fir op d'Fro vun Nidderkuer beim Collé zréckzekommen, do ass et effektiv esou, dass eisem Service vun de Baugeneemegungen opgefall ass, dass dee Parking säitlech vun der Waschanlag op Gemengenterrain stéisst. Zwee Drëttel sinn et sécher net. Et beweegt sech éischter am ënneschten Drëttel. Fir awer genau ze wëssen, wéi vill dat ass, gëtt dat genau opgemooss. Fir dass mir dat kënnen dann och lokativ der Garage a Rechnung stellen. Mussen dann och dee Moment berechtegt Bauplänq liwweren an och eng Ännerung vun der Partie graphique vum PAP virhuelen. Dat natierlech alles op hir Käschten. Ech mengen, dat ass genuch Erklärung. Ass dat esou okay? Merci.

*dont l'ancien bourgmestre était le président. Le SIKOR versait des subsides à une ASBL pour payer le loyer d'un local appartenant au bourgmestre. Gary Diderich a reçu une réponse écrite, mais d'après le règlement, la discussion doit avoir lieu au sein du conseil communal. L'ASBL payait un loyer de 2500 € dont la moitié provenait de subsides du SIKOR. Dans d'autres cas, le loyer était payé en intégralité, mais les sommes étaient moins importantes. Gary Diderich y voit un conflit d'intérêts.*
*Pour ce qui est de la deuxième question, il rappelle que le garage Collé a ouvert une station-service en face de la concession. Des places de stationnement ont été aménagées du côté de Käerjeng. Or elles ne se trouvent pas intégralement sur le terrain mis à disposition de Collé. Comment cela a-t-il été réglé ? Le collège échevinal a-t-il ordonné une enquête ?*
*Gary Diderich ne se souvient plus de sa troisième question.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *pense qu'il s'agit de l'arborétum.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *explique qu'elle porte sur Heliosmart.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *se demande pourquoi les travaux n'ont toujours pas commencé. L'aire de jeux a été déplacée il y a des années.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *répond qu'Heliosmaart est sur le point de lancer le projet. Il ne manque plus que le certificat de performance énergétique. Le permis de construire devrait être octroyé à la fin de l'année.*
*Pour ce qui est de Collé, le service des permis de construire a constaté qu'environ un tiers du parking empiétait sur le terrain communal. Il faudra calculer exactement la surface et demander un loyer. Une modification de la partie graphique du PAP est également nécessaire.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *a une question concernant le parking derrière Servior dans la rue Woiwer. Sera-t-il accessible à la population ou est-il réservé à Servior ?*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *répond qu'il n'y a rien de définitif.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *demande si cela n'a pas encore été règlementé.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *répond que non.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *a également une question pour monsieur Aguiar.*
*Il a entendu dire que monsieur Aguiar a autorisé le port du burkini à la piscine. Est-ce vrai ?*

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG)** *répond que Differdange ne veut discriminer personne.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *demande si monsieur Aguiar a donné l'autorisation.*

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG)** *répond qu'il s'agit de discrimination.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *n'est pas de cet avis.*

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG)** *répète que la Ville de Differdange ne fait pas de discrimination basée sur les vêtements. Voilà sa réponse !*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *s'adresse à la bourgmestre. Il estime que la commission de l'égalité des chances doit intervenir parce que les hommes ne peuvent pas aller nager en shorts. Or dans ce cas-ci, on permet de porter tout un costume. Fred Bertinelli n'y comprend plus rien.*
*Une chose est permise et l'autre non. Cela n'a rien à voir avec de la discrimination. C'est une question d'hygiène. C'est pourquoi les burkinis sont interdits presque partout dans le pays.*
*(Interruption)*
*Fred Bertinelli répète que c'est une question d'hygiène. C'est la raison pour laquelle les hommes ne peuvent pas porter de shorts. Mon-*

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Här Bertinelli, wannechgelift.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Ech hätt eng Fro un d'Madamm Pregno zum Parking, dee mer hannert dem Servior an der Woiwerstrooss bauen. Ass deen op fir d'Populatioun aus dem Quartier? Wéi ass dee regléiert? Oder ass dee just fir Servior?

**SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Am Moment ass dat alles provisoresch.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Et ass nach net regléiert?

**SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Nee.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Okay. Dann hätt ech nach eng Fro un den Här Aguiar. Här Aguiar, et ass mer zu Ouere komm, Dir hätt erlaabt, datt an der Schwämm e Burkini kéint gedroe ginn. Do wollt ech Iech froen, ob dat stëmmt.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Här Aguiar, wannechgelift.

**SCHÄFFE PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Mir maachen hei op der Gemeng an am ganze Land keng Diskriminatioun. A fir mech ass et eng Saach vun Diskriminatioun.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Hutt Der dat erlaabt?

**SCHÄFFE PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):**

Dat ass eng Saach vun Diskriminatioun, Här Bertinelli.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Nee. Dat ass keng Saach vun Diskriminatioun.

**SCHÄFFE PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):**

A mir maache keng Diskriminatioun am Kader vu Vêtements, Survêtements. Mir maache keng Diskriminatioun. Dat ass meng Äntwert.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Här Bertinelli.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Madamm Buergermeeschtesch, da verstinn ech net, da musse mer awer eis Kommissioun beméien, déi fir d'Chancëgläichheet do ass. Well mir verbidden awer de Männer, e Boxershort unzedoen, fir schwammen ze goen, deen e bësse méi laang wéi de Knéi ass. An hei erlabe mer, e komplette Kostüm unzedoen, fir schwammen ze goen. Do verstinn ech dat eent an dat anert net méi. Dat eent verbidde mer an dat anert erlabe mer. Dat huet och näischt mat Diskriminatioun ze dinn. Ech hunn extra nogekuckt haut de Moien. Déi meescht Burkinie si verbueden am Ausland, well et eng Hygiène-Fro ass.

Et ass eng Hygiène-Fro. An et huet guer näischt mat Diskriminatioun ze dinn. Absolutt net. Ech wier deen allerleschten, deen dat géif matmaachen. Mee et ass dee selwechte Fall, firwat d'Männer keng länger Schwammbox däerfen undinn. Et huet einfach eppes mat Hygiène ze dinn. Wann dat de Grond wär, an Dir hätt mer dat geäntwert, hätt ech dat och nach verstanen, mee Dir kënnt net op där enger Säit de Leit erlaben, e Burkini ze droen an op där anerer Säit verbitt Der de Männer, e bësse méi laang Schwammboxen unzehunn. Dat ass awer e bësse kontradiktoresch.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Bertinelli. Här Liesch, wannechgelift.

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Ech wëll do just soen, datt den Här Bertinelli do net Recht huet. Et geet genau ëm dat, wat hien elo gesot huet. Just fir déi eng Hallschent mécht en et richteg a fir déi aner Hallschent net. Et geet ëm eng Hygiènesgeschicht. An esou ass et och an de Schoulen. Bei de Burkinien, do gëtt et Schwammburkinien. Dat heescht, dat sinn net Burkinien, wou se vun dobausse mat erakommen an dann domat an d'Waasser sprangen. Sou wéi dat mat Boxershorte gemaach gëtt.

Mee dat si Schwammburkinien. Dat heescht, déi entsprieche wuel dem Hygiènesstandard wéi och der Sécherheet. An dat sinn d'Facteuren, déi gëllen net fir e Boxershort. Wann een an d'Schwämm geet mat enger Schwammbox, déi e bësse méi laang ass an déi e wéineg méi enk uläit, déi awer eng Schwammbox ass, fir ze schwammen, gëtt een zu Déifferdeng an der Schwämm – sinn ech nach ni ëmgedréit ginn, dass ech domadder net dierft an d'Waasser goen. E Boxershort ass e Fräizäitartikel an ass kee Schwammartikel. An do ass genau den Ënnerscheed.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Liesch. Ech denken, mir kucken dat no. An da komme mer nach eng Kéier dorobber zréck. Ech sinn elo net au courant vun de Reegele vum Aquasud. Ech soen Iech Merci. An da géif ech dem Här Diderich d'Wuert nach eng Kéier ginn.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Merci. Dat ass da virleefeg déi leschte Kéier, wou ech d'Wuert wäert ergräifen. No ganzer néng Joer ass et fir mech haut de Moment ze annoncéieren, dass ech fir Enn dëses Joers als Vertrieder vun déi Lénk aus dem Gemengerot demissionéieren, fir nom statutaresche Rotatiounsprinzip vun déi Lénk dem nächste bei eis Plaz ze maachen.

Dëst wäert dem Asaz an der Aarbecht vun déi Lénk am Gemengerot keen Ofbroch maachen. Mee d'Kontinuitéit ass doduerch assuréiert, dass déi Leit, déi am Gemengerot sinn, als Ekipp mat deenen zesummeschaffen, déi an de Gemengerot komme wäerten, respektiv elo an Zukunft, déi am Gemengerot waren.

Ech wëll jidderengem Merci soen, dee mir bei de Walen a wärend mengem Mandat säi Vertraue geschenkt huet a mech a mengem Mandat ënnerstëtzt huet. Merci Iech hei am Gemengerot fir déi kollegial Zesummenaarbecht am Sënn vun eise Bierger. A merci de Mataarbechterinnen a Mataarbechter op der Gemeng, déi sech ëmmer bei all Fro d'Méi gemaach hunn, fir esou gutt a komplett wéi méiglech ze äntwerten.

No där aussergewéinlecher Episod am leschte Joer, vun deem, wat et heescht d'Kontrollfunktioun als Oppositioun – mee wat am Fong och d'Roll vun de Conseillere vun der Majoritéit soll sinn – auszeüben, kommen ech net dolaanscht, op d'Affär vun Interessensvermëschungen a Muechtmëssbräich zréckzekommen. Ech nennen se elo bewosst esou an net no enger Persoun oder no engem Gaardenekipement, well ech aus de Réckbléck vun der Press no engem Joer no där Affär, déi eis all nawell elle geréselt huet, Angscht hunn, datt net all d'Lektiounen aus där Affär gezu ginn.

Hei ass et eeben net nëmmen eng eenzel Persoun an hir Interesse respektiv, nach méi réducteur, ëm en Haische gaangen. Déi ganz Affär huet eis konfrontéiert mat eiser Resistenz als Gemengerot an als Gemengeverwaltung géint d'Vermëschung zwëschent dem Bien commun, dem Interesse vun alle Bierger an dem Interesse vun eenzele Persounen. Déi Affär huet eis Institutiounen, eis Parteien an d'Medien domadder konfrontéiert, wéi ee Rôle a wéi eng Strukture se sech ginn, fir Garant vum Respekt vun eise Gesetzer an demokratesche Prinzippien ze sinn.

De GRECO-Bericht an d'ASBL Stop Corrupt weisen zum Beispill drop hin, datt et zu Lëtzebuerg keng onofhängeg Instanz gëtt, fir géint Korruptioun an

*sieur Aguiar ne peut pas interdire des shorts trop longs aux hommes et permettre aux femmes de porter un burkini.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *concorde avec le fait qu'il s'agisse d'une question d'hygiène. Mais il est question de burkinis pour la nage. Le même règlement vaut dans les écoles. Un burkini pour la nage respecte les règles d'hygiène.*
*Personne n'a jamais dit à Georges Liesch qu'il ne pouvait pas aller nager avec des shorts pour la nage, même s'ils étaient un peu trop longs. En revanche, les boxers dont parle monsieur Bertinelli sont des vêtements de loisir. C'est là que se trouve la différence.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *propose de se renseigner et de revenir sur cette question une autre fois.*
*(Interruption)*
*Christiane Brassel-Rausch dit ne pas être au courant des règles.*

**TOM ULVELING (CSV)** *propose de se rendre à la piscine avec des shorts pour la nage longs pour voir ce qu'ils vont dire.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *annonce qu'il prend la parole pour la dernière fois. Après neuf ans, il démissionne du conseil communal comme le prévoit le principe de rotation de déi Lénk. Cependant, la continuité est assurée parce que ceux qui se retirent collaborent avec les nouveaux membres.*
*Gary Diderich remercie tous ceux qui ont voté pour lui et l'ont soutenu. Il remercie aussi le conseil communal pour la bonne collaboration au service des citoyens. Un merci enfin aux collaborateurs communaux, qui ont toujours essayé de répondre à ses questions de façon complète.*
*Gary Diderich se doit de revenir sur l'affaire des conflits d'intérêt et d'abus de pouvoir. L'opposition mais aussi les conseillers de la majorité doivent exercer une fonction de contrôle. Gary Diderich craint que tout le monde n'ait pas retenu la leçon. L'affaire ne concernait pas une personne ou une maisonnette, mais les résistances au sein de l'ad-*

*ministration communale de ne pas mélanger le bien commun et les intérêts personnels. Les institutions, les partis politiques et les médias ont été confrontés à leurs rôles de garants des principes démocratiques. Certains rapports démontrent que le Luxembourg ne dispose pas d'instances luttant contre la corruption. Differdange n'est pas une exception. Mais seuls certains se font coincer. Il ne faut ni banaliser ni généraliser le problème.*
*L'affaire a permis à Gary Diderich de constater à quel point il est facile de « suivre le chef » au lieu d'analyser une situation de manière objective. Chaque organisation est susceptible de tomber dans une telle dynamique. C'est pourquoi il faut se doter de* checks and balances.
*La rotation instaurée par déi Lénk contribue à souligner que la politique n'est pas une question personnelle, mais une question de convictions et d'engagement pour les citoyens. Gary Diderich est content que le conseil communal ait accepté d'approuver la motion pour le renouveau démocratique il y a un an. Il ne reste plus qu'à mettre en place un code de déontologie pour le collège échevinal et le conseil communal. Gary Diderich maintiendra ses contacts avec le Syvicol pour savoir quels travaux préliminaires ont été réalisés.*
*Il n'abandonnera pas la politique communale, mais se concentrera davantage sur sa section et moins sur les dossiers. S'exprimer sur tous les sujets n'est pas évident quand on est le seul représentant d'un parti au conseil communal.*
*Gary Diderich souhaite au conseil communal de poursuivre une collaboration constructive au service des citoyens et de l'environnement.*
*(Applaudissements)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)**
*remercie monsieur Diderich pour la chouette collaboration depuis un an.*
*Elle rappelle souvent l'importance de débattre dans le respect et la dignité. Elle concorde avec monsieur Diderich : ce qui importe n'est ni la politique ni les personnes, mais une idée. La commune doit être placée devant le reste.*

Interessensvermëschung verbindlech virzegoe mat Konsequenzen. Well Déifferdeng ass jo keng Ausnam. Ech géif soen, just déi eng loosse sech erwëschen an déi aner net.

Allgemeng feelt et, denken ech, u Bewosstsi vu Grenzen tëscht eegenen Interessen an allgemengen Interessen zu Lëtzebuerg. Et gëtt kee Grond, fir et ze banaliséieren. Et ass och kee Grond fir ze soen, dass jiddereen ënner Generalverdacht soll gestallt ginn. Mee vill méi e Grond, fir eis Strukturen ze stäerken.

Et ware schwéier Méint. Fir mech op alle Fall. An ech denke fir déi meescht Bedeelegt. An ech muss soen, et huet mir nach eng Kéier gewisen, wéi schnell een a Parteidynamiken a Follow-the-leader-Dynamike ka verfalen, amplaz faktebaséiert kritesch an all Situatioun „le propre de la politique" an de Virdergrond ze setzen an net dat Perséinlecht.

Ech wëll net behaapten, dass ech oder meng Partei immun ass géint esou Dynamiken. Ech denken, all Organisatioun ass ufälleg dofir. Et weist awer fir mech, wéi wichteg et ass, sech Checks and Balances ze ginn, Bremsen, fir Muechtaccumulatioun. An domadder Strukturen, fir esou Saachen ze prevenéieren.

Domadder schléissen ech de Krees a sinn erëm bei eiser Rotatioun. Ech denken, se dréit dozou bäi, datt et manner ëm d'Persoun geet a méi ëm Iwwerzeegung an Asaz fir eis Bierger. Op deen Asaz fir de Bierger konnte mir eis dann och schnell erëm als Gemengerot besënnen. An et war gutt a wichteg, dass mir amstand waren, d'Motioun fir de Renouveau démocratique ze stëmmen, virun engem Joer.

Eng Hausaufgab bleift an deem Sënn awer nach fir d'Gemeng, fir de Gemengerot: de Code de déontologie fir d'Schäffen- an d'Gemengeréit. Och ouni am Gemengerot ze sinn, wäert ech op jidde Fall d'Kontakter mam Syvicol weiderféieren, fir do ze kucken, wéi eng Viraarbechten et scho gëtt an déi da gegebenenfalls abréngen.

Ech selwer wäert der kommunaler Politik awer net verluer goen. Ech freeë mech, an Zukunft mech méi kënnen op d'Aarbecht an eiser Sektioun ze konzentréieren an u manner Dossieren, dofir méi an der Déift ze schaffen. Et muss ee soen, dass et schonn eppes anescht ass, sech als Vertrieder eleng am Gemengerot zu allen Theemen ze äusseren, wéi wann ee sech dat kann opdeelen op méi Leit. Dat gesot, wënschen ech Iech weider konstruktiivt Zesummeschaffen, fir eis Bierger an eis Ëmwelt. Merci.

(Applaus)

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Här Diderich. Ech wëll deem e puer Wierder derzoufügen. Merci fir déi flott Zesummenaarbecht elo dat Joer, wou mir zesummen hei sëtzen. Et war mer eng Freed. Et war en extrat Joer. Et huet extra ugefaangen am Mäerz, fir mech sou gutt wéi fir d'Leit alleguerten. An ech mengen, mir sinn eis an eppes eens: Och wann ech soen, dass mer sollen oppassen, wéi mer hei matenee schwätzen, an engem gewëssene Respekt, an enger gewëssener Dignitéit – well där anerer gëtt et der genuch mëttlerweil, et gëtt der scho vill ze vill, déi dat net méi maachen –, si mer eis ganz sécher eens, ech perséinlech mat Iech, dass et net ëm d'Leit geet an der Politik, ëm déi eenzel, mee dass et ëm eng Iddi geet. An dass et ëm en Engagement geet.

Am Sënn – ech hat et a menger éischter Ried gesot – eebe vun der Allgemengheet. Dat ass an dësem Fall d'Gemeng. Ech mengen, do si mer eis eens. Wa mer eis och net an alle Punkten eens sinn. Dofir: Oppositioun ass wichteg. Oppositioun bleift wichteg. Mee och an der Oppositioun gëtt et eng Aart a Weis mateneen – den Här Bertinelli huet gesot: „Ech sinn an der Oppositioun, ech hunn do meng Aarbecht ze leeschten". Dat ass och esou am demokratesche Spill. An ech denken, deenen Zäiten, deene mer elo entgéintginn, si kritesch Leit, déi kritesch hannerfroen, ëmmer méi wichteg.

An deem Sënn soen ech Iech nach eng Kéier villmools Merci fir Äert Engagement. Ech wënschen Iech Bonne Chance. A mir freeën eis trotzdeem awer op Ären Nofollger. An als Ofschloss kritt Dir natierlech, wéi déi vill, deenen ech schonn Äddi gesot hunn – op eemol fä-

erten ech, d'Leit géife wéinst menger fortlafen –, och e klenge Kaddo vum ganze Schäfferot.

Da wëll ech just nach zum Schluss dem Bäcker Gerard Merci soen, deen eis de Moie da scho verwinnt huet mat eppes Guddem Séissen, nämlech mat Marzipan. Eis véier Tierm …

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Fënnef.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Pardon, eis fënnef Tierm am Marzipan. Loosst Iech se gutt schmaache fir d'Feierdeeg.

An ech wëll dës ëffentlech Seance ofschléisse mat engem Zitat, dat ech an engem Theaterstéck gesot hunn, deen ass mer haut an de Kapp komm. Et ass e Stéck vum Pol Greisch, wat heescht „Fënsterdall", wou de leschte Saz ass: „Sidd léif mateneen, et gëtt e schroe Wanter".

An deem Sënn awer schéi Feierdeeg.

*L'opposition est importante. Monsieur Bertinelli a dit qu'il fait son travail en tant que membre de l'opposition. Mais il faut tenir compte de la manière. Les personnes à l'esprit critique sont importantes.*
*Christiane Brassel-Rausch remercie monsieur Diderich pour son engagement. Le collège échevinal a prévu un cadeau pour lui.*
*La bourgmestre ajoute qu'il y a du massepain représentant les quatre tours de refroidissement.*

**TOM ULVELING (CSV)** *précise qu'il y en a cinq.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *souhaite conclure la séance par une citation de la pièce de théâtre de Pol Greisch Fënsterdall : « Soyez gentils les uns avec les autres. L'hiver sera rude. »*

# PHOTOGRAPHIEZ LES PLUS BEAUX ARBRES

En partenariat avec les communes, l'Administration de la nature et des forêts vient de lancer un projet d'enregistrement des arbres les plus beaux de l'arrondissement sud.

Vous savez où trouver un arbre qui sort de l'ordinaire ici à Differdange? Ou bien vous vous promenez et vous voyez un arbre remarquable méritant de faire partie de l'inventaire?

N'hésitez pas! Envoyez-nous un e-mail avec une photo géolocalisée de l'arbre, votre nom et votre numéro de téléphone en indiquant le lieu où se trouve l'arbre à : **arbres.remarquables@differdange.lu**.

Vous avez jusqu'au **15 septembre 2021**.

# Je me fais vacciner !

pour
## minimiser
le risque de produire
une évolution grave
de la maladie

pour
## soulager
les hôpitaux et
le système de santé

pour
## protéger
les plus vulnérables et garder
un maximum de personnes en
bonne santé

### Que faire pour avoir le vaccin ?

C'est tout simple :
Quand vous recevrez **votre invitation**,
consultez le site **covidvaccination.lu**
pour prendre rendez-vous.

### Et après ?

**Continuez à respecter les gestes barrières**
afin de vous protéger, ainsi que votre entourage.
Pour toute question, contactez votre médecin
ou pharmacien. Vous trouverez également
plus d'informations sur **covidvaccination.lu**

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Direction de la Santé

# Ech loosse mech **impfen!**

- Fir de Risiko vun engem schwéiere Verlaf vun COVID-19 ze **minimieren**

- Fir ze hëllefen d'Laascht op d'Spideeler an d'Gesondheetssystem ze **reduzéieren**

- **Fir eis Vulnerabelst ze schützen** an e Maximum vu Léit gesond ze halen

## Wat muss ech maache fir mech impfen ze loossen?

Et ass ganz einfach:
Wann dir **invitéiert gitt**,
da gitt op **covidvaccination.lu**
an huelt iech Är Rendez-Vousen

## A wann ech geimpft gouf?

**Respektéiert weider d'Gestes-Barrièren**
fir Iech an Är Matbierger ze schützen.
Bei weidere Froe schwätzt mat Ärem Dokter oder Apdikter oder gitt op **covidvaccination.lu**


LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Direction de la Santé